



DEFUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

2017





LÉIF MATBIERGERINNEN A MATBIERGER,

mir si frou, lech DE FUUSS 2017 kënnen ze presentéieren, deen lech a groussen Zich iwwer dat informéiert, wat vum 26. August 2016 bis den 1. September 2017 an eiser Gemeng geschitt ass.

Mir hoffen, datt dësen DE FUUSS lech gefält a wünsche vill Spaass beim Liesen! Och dëst Joer kënnt Dir DE FUUSS um Smartphone oder um Tablet liesen, wann Dir de QR-Code op der Säit 345 scannt.

Um Cover gesitt Dir de Fiisschen, de Renert. Mat sécherem Bléck kuckt hien eis un, wéi wann hie ganz no bei eis zu Waldbëlleg wier. An dat ass och esou ! Op ville Plazae kann een hie gesinn. Op der Gewan a bis an d'Dierfer eran trauen sech déi Déieren émmer méi no un de Mensch erun. Natierlech riichte si dobäi Schued un, wat ganz iergerlech a bedauerlech ass. Et weist awer och, datt de Fuuss ee wëllt Déier ass a bleift. Op de Säiten 110 bis 112 fannt Dir een Artikel iwwert d'Fiiss am urbane Raum.

Den 190. Gebuertsdag vum Michel Rodange gouf vum 7. bis 23. Juli grouss an der Gemeng gefeiert. Déi schéin **Ausstellung Et war eemol ... zu Waldbëlleg** huet d'Liewe presentéiert, wéi et fréier bei eis wor. A maansgroussen Diorame goufen iwwer 1.100 Fotoen an iwwer 700 Objete gewisen a kommentéiert. Déi goufe gesammelt an an d'Rei gesat vum Jacqueline Penning an Ernest Wagner. Derbäi koum een Deel an der Ausstellung iwwert d'Liewen an d'Wierk vum Michel Rodange, dee vum Marc Barthelemy konzipéiert a realiséert gouf. Em déi 1.250 Visiteuren an deene 16 Deeg Ausstellung weisen, datt trotz Afenhëtzt, déi Ausstellung groussen Uklang fonnt huet. Op de Säiten 267 bis 281 ass e Reportage iwwert de Vernissage vun der Ausstellung vum 7. Juli ze liesen, grad wéi op de Säiten 282 bis 336 iwwer déi aner Manifestatiounen, déi fir den 190. Gebuertsdag vun eisem Nannetts Méchel organiséiert goufen. Déi aacht hëlze Fiiss, déi fir d'Rodange-Feieren am Gemengegaart opgericht goufen, sinn de 15. Juli um Dëppfest fir 17.250 € versteet ginn. Mir wëllen dem Nuno Mafra vun der Natur- a Forstverwaltung ee grousse Merci soen, dee mat enger klenger Motorsee déi Fiiss aus enger aler Eech aus dem Gemengebësch geschnëtzzt huet. Liewen kruten déi Fiiss agehaucht vun eise Schoukkanner, déi doraus ee Batman, eng Prinzessin, e Sportler, e Bauer, e Rockstar, e Fuuss am Frack an a Maansgrësst, e Polizist an e Prisonéier gemaach hunn. Den integralen Erléis vun dëser Stee gëtt

CHÈRES CITOYENNES, CHERS CITOYENS,

Nous sommes enchantés de vous présenter l'édition 2017 du bulletin de liaison de la commune, DE FUUSS (Le Renard) qui vous informe des travaux du conseil échevinal et du conseil communal pendant les derniers douze mois (septembre 2016 à septembre 2017).

Nous espérons que cette publication vous plaira et nous vous souhaitons bonne lecture. Vous pouvez la télécharger en copiant le code QR à la page 345.


Le renardeau, le Renert vous salue en couverture. Son regard serein semble suggérer sa proximité avec la vie rurale à Waldbillig. Il est certain qu'on le voit souvent et qu'il est de moins en moins farouche. Il est regrettable qu'il puisse être nuisible ; il s'agit d'un animal sauvage et non apprivoisé. Les pages 110 à 112 vous informent sur le renard en milieu urbain.

Le 190^e anniversaire de Michel Rodange a été fêté comme il faut à Waldbillig, village natal du poète national. L'exposition Il était une fois ... à Waldbillig du 7 au 23 juillet accueillait quelque 1.250 visiteurs qui y trouvaient plus de 700 objets et plus de 1100 photos colligés par Jacqueline Penning et Ernest Wagner, relatant la vie d'antan dans notre village. La partie de l'exposition dévouée à Michel Rodange était conçue et réalisée par Marc Barthelemy.

Les pages 267 à 336 vous montrent le vernissage de l'exposition ainsi que les autres manifestations organisées dans le cadre de cet anniversaire. Neuf sculptures en bois du renard avaient été réalisées par Nuno Mafra de l'Administration de la Nature et de la Forêt, dont huit furent décorées par les élèves de l'école fondamentale et exposées devant la commune avant d'être vendues aux enchères le 15 juillet lors d'une grande fête villageoise. La recette appréciable de 17.250 euros profite intégralement à l'association Lederwon et à leur travail thérapeutique avec des personnes handicapées.

Lors de la fête officielle le 8 juillet, un panneau d'information sur la biographie de Michel Rodange et une bibliothèque ouverte devant la commune furent inaugurés par Monsieur Xavier Bettel, Premier ministre et le bourgmestre de notre Commune.

gestëft un d'Lederwon A.s.b.l. vu Betzder, déi therapeutesch Aarbecht mat behënner Leit maachen duerch den Asaz vun enger spezieller Kutsch an hire Päerd. Een Informatiounspanneau iwwert de Michel Rodange an eng Bichersail, wou ee sech zu all Zäit ee Buch siche goe kann, respektiv Bicher erastelle kann, hunn d'Feierlechkeeten ofgeronnt.



Rodange-Panneau a Bichersail virun der Gemeng

Déi nei **Internetsäit** ass vum Hierscht 2016 un online. Hei fannt Dir nieft de PAG-Dokumenter, den Drénkwaasseranalysen a villen aneren netzlechen Alldagsinformatiounen och den Imagefilm iwwert eis Gemeng an den elektonesche Raider.

Wat de **politesche Compte rendu** ugeet, fänkt dës Nummer vum DE FUUSS mat der Gemengerotssëtzung vum 29. September 2016 un. Sou ass d'Kontinuitéit vun der Informatioun nom DE FUUSS 2016 garantéiert. De Gemengerot koum am Ganze fir 10 Sëtzungen, 6 Aarbechtssëtzungen a 4 Sëtzungen als Klimateam vum 29. September 2016 bis haut beieneen. De Gemengebudget fir 2017 fannt Dir op de Säiten 56 bis 62 a groussen Zich resuméiert.

Déi al Déngschtwunneng bei der **Maison Relais** gëtt de Moment émgebaut fir der Maison relais déi néideg Plaz fir d'Kannerbetreuung ze ginn, andeems Atelierien an aner



De Chantier vun der Maison Relais - op des Plaz hei kënnt eng pädagogesch Kichen

Le nouveau site Internet est opérationnel depuis l'automne 2016. Vous y pouvez consulter les documents relatifs au Plan d'Aménagement général PAG, aux analyses de l'eau potable ainsi que maintes autres informations concernant la vie communale. Vous y trouvez également un reportage filmé sur notre commune et la version électronique du panneau d'information officiel.

*L'édition actuelle du DE FUUSS contient les **comptes rendus succincts des séances du conseil communal**, en commençant avec celle du 29 septembre 2016 en assurant ainsi la continuité avec l'édition précédente, DE FUUSS 2016. Il y eut dix séances du conseil communal, plus six réunions de travail et quatre réunions du groupe de travail du Klimateam. Les grandes lignes du budget communal sont présentées aux pages 56 à 62.*

*La **maison relais** est en train d'être agrandie ; elle sera adaptée jusqu'au début de l'année 2018 aux nouvelles prescriptions légales en la matière. Il y aura une cuisine pédagogique permettant aux enfants de participer à la préparation des plats. Ce projet reviendra à 897.360,44 euros dont environ la moitié est assurée par un subside étatique.*

Funktionsraim do agericht ginn. D'Maison relais muss bis 2018 un nei staatlech Reegele fir d'Infrastrukturen ugepasst sinn. Et ass deemno genee dee richtegen Zäitpunkt, fir déi Aarbechten ze maachen. D'Aarbechte sinn am gaangen, d'Konventioune mam zoustännege Ministère goufen énnerschriwwen a wann alles weider gutt virugeet, da kéinten déi nei Raim Ufanks 2018 genotzt ginn. Interessant ze ernimmen ass, datt de Projet eng pädagogesch Kiche virgesait. Do können d'Kanner selwer mat Hand upake bei der Zoubereedung vum lessen an dat op eng kandgerecht Aart a Weis. Den Devis vum Projet läit bei 897.360,44€ an ee staatliche Subside vu 438.500 € kann agerechent ginn.



De Chantier vun der Maison Relais vu bannen



Wat d'**Flouerweeër** ugeet, ass de **Verbindungswee téscht der Heenercht an dem Wee „Auf dem Sobel“** fir bei den Drénkwaasserbehälter nei gemaach ginn. Dann ass zu Haler uewen an der Rue Saint Nicolas den Alaf fir d'Reewaasser, dat vum Flouer kénnt, erneiert ginn.



Le **chemin vicinal** reliant la rue Heenerecht à Haller et le réservoir d'eau près du chemin **Auf dem Sobel** a été remis en état. Des drainages pour l'eau de pluie ont également été refaits dans la rue Saint Nicolas.



De Verbindungswee téscht der Heenerecht an dem Waasserbehälter (auf dem Sobel)

Zwou **nei Parkplazen**, wouwun eng fir behennert Leit ass, goufen **am Zentrum vu Chrëschtnech** amenagéiert. Eng Trottoirsverbinung téscht dem Parking vum Fussballsterrain an dem bestoenden Trottoir gouf gemaach.

Sonndes, den 9. Oktober 2016 gouf de **Beieléierpad Waldbëlleg-Chrëschtnech** agewiit um nationalen Dag vun de Beien. Dësen Trëppelwee geet iwwer 4 km vu Waldbëlleg iwwert den *Digrell* duerch Chrëschtnech an iwwert de Wee *Theisgaart* nees laanscht d'GSM-Antenne zréck bei d'Schoul zu Waldbëlleg. Um Wee ginn d'Visiteuren op siwe Panneauen iwwert d'Beien, hir Roll an der Natur an hir Wichtigkeet fir Mënsch an Natur informéiert. Dëse Projet ass e Bestanddeel vun de Beméiunge vun der Gemeng fir d'Stäerkung vun der Biodiversitéit. Am Virfeld vun der Aweiung war Freides, de 7. Oktober um Hentgesbau een Informatiounswend iwwert d'Roll vun der Bei an der Natur. D'Beieleit aus der Gemeng an Émégéigend hunn deen Owend hir Produiten ze schmaache ginn. Op de Säiten 100 bis 104 ass ee Reportage iwwert de Beie-Weekend. Mat de Beieleit aus der Gemeng, der Natur- a Forstverwaltung an der biologescher Statioun vum Naturpark Mëllerdall gouf zu Haler um alen Tipp (genannt: *kleiner Seitert*) eng Parzell amenagéiert, wou Beien ugesidelt goufen a beiefréndlech Uplanzunge gemaach goufen. Leider gouf do scho Vandalismus bedriwwen. Helleft eis wann ech gelift een A op déi Plaz ze halen, fir dem Muttwëll vun Eenzelenen do entgéintziewerken.

Am November 2017 gëtt den "Nationalen Dag vum Bam" dann och bei eis an der Gemeng gehalen. An deem Kader si wieder Uplanzungen do geplant.

An Zesummenaarbecht mat de Beieleit ass geplant fir een **"Abri apicole pédagogique"** bei der Schoul zu Waldbëlleg opzériichten, hannert der grousser Heck. Hei können d'Kanner um Terrain iwwert d'Roll vun der Bei informéiert ginn an um Site gewise kréie wéi ee Beievolek funktionéiert. De Beieleit sief op déser Plaz een häerzeleche Merci gesot fir hir Énnerstëtzung!



D'Beieplaz zu Haler um kleiner Seitert

À **Christnach, près de l'Église, deux places de stationnement** pour voitures, dont une pour personnes handicapées, ont été aménagés ; un nouveau trottoir relie le parking du terrain de football avec le réseau existant.



Déi zwou nei Parkplazen bei der Chrëstnecher Kierch

La **promenade pédagogique des abeilles** reliant sur 4 km Waldbillig à Christnach fut inaugurée le 9 octobre 2016. Le promeneur y est également informé sur les abeilles et leur rôle important dans la nature, dans l'agriculture et le maraîchage. La Commune de Waldbillig s'investit régulièrement au bénéfice de la biodiversité ; les objectifs du projet furent présentés le 7 octobre lors d'une conférence dans la commune. Vous en trouverez un reportage aux pages 100 à 104.

Une parcelle spécialement destinée à l'installation de ruches a été installée à Haller au lieu-dit Kleiner Seitert . Malheureusement, ce projet est déjà devenu la victime d'actes de vandalisme. Veuillez nous aider à veiller à ce site particulièrement voué à l'épanouissement des ruches. Aux environs du même endroit, de nouvelles plantations y seront réalisées lors de la Journée nationale de l'arbre en novembre 2017. Finalement, il est prévu d'installer un abri apicole pédagogique près de l'école à Waldbillig, afin que les élèves apprennent à connaître les abeilles et leur importance pour le milieu naturel et pour l'homme. Un grand merci aux apiculteurs pour leur soutien apporté à ces projets.

Als Pilotgemeng vum Naturpark Mëllerdall sammele mir, zesumme mat der Gemeng Konsdref, Erfarunge fir déi **ökologesch Ëmgestaltung vu verschiddenen éffentleche Flächen** an eiser Gemeng. Leider si mir dëst Joer bei der Uplanzung an eng Drécheperiod gefall, sou, datt déi nei Blummenvielfalt net direkt ze bewonnere war. Mir planzen a gestalten déi Arealer awer net èm, wéi mir just grad mengen. Mir sinn a permanentem Kontakt mat Spezialisten, déi eis am Beräich vun der komplett pestizidloser Gestaltung vun éffentleche Fläche beroden. Mir sammenlen iwwert dee Wee Erfarungen, déi an Zukunft deenen anere Membergemengen aus dem Naturpark och hëllefesollen, d'Biodiversitéit am éffentleche Raum nees ze stärken. Op de Säiten 118 bis 119 gitt Dir méi gewuer iwwert dat Konzept. Et sief dem techneschen Déngscht vun der Gemeng hei een häerzleche Merci gesot, datt en direkt mat op deen neie Wee gaangen ass.



Dat **neit Lokal fir d'Jugend aus der Gemeng** ass den 30. September 2016 ageweit ginn. Op de Säiten 138 bis 141 kënnt Dir ee Reportage dorriwwer liesen.

Och am Sënn vun eiser Ëmwelt an dem Mensch ass de Schutz an d'Verbesserung vun eisem Drénkwaasserresseau an eise Quellen. Am **Dossier „Waasserversorgung“** ass zu Haler de Chantier vun der Erweiterung vum Zentralbasseng vun der Gemeng gutt viru komm. De Chantier fir d'**Réngleitung vun Haler** gouf jo schon an der Saison 2015-2016 ofgeschloss.



Deen neie Waasserbehälter vu baussen (nach ouni Fassade)

En tant que responsables d'une commune pilote du parc naturel Mëllerdall, nous nous efforçons à aménager les espaces publics d'une façon écologique et durable. Malheureusement, cette année, les plantes ont pâti de la sécheresse de sorte qu'il n'y a eu que peu de floraisons. Nous sommes conseillés par des spécialistes dans notre démarche de renoncer aux pesticides. L'emploi de pesticides par les services publics est complètement interdit depuis le 1er janvier 2016. Nos expériences tirées du projet-pilote seront transmises aux autres communes du parc naturel qui en bénéficieront pour contribuer de leur côté à la biodiversité. Les pages 118 à 119 vous informent sur notre concept qui est possible grâce aux efforts des collaborateurs des services techniques de la commune; nous les en remercions.



Les nouvelles localités pour les jeunes de la commune furent inaugurées le 30 septembre 2016. Vous les voyez aux pages 138 à 141.

La protection des sources et l'amélioration du réseau de distribution de l'eau potable sont incontournables tant pour la protection de la nature que pour celle des habitants. Les chantiers y relatifs ont bien avancés. Vous en avez été informés lors des éditions précédentes de ce journal ; aux pages 32 à 37, il y a un bilan intermédiaire de ce qui a été réalisé et des perspectives.



Eng Waasserkummer vu bannen

Nodeems mir lech am DE FUUSS 2013 an 2016 schon iwwert den Drénkwaasserprojet informéiert haten (cf. DE FUUSS 2013, Säiten 18-23, an DE FUUSS 2016, Säiten 22-28), welle mir lech op de Säiten 32 bis 37 e klengen Tëschebilan maachen iwwer dat, wat bis elo am Gesamtprojet realiséiert ginn ass, an zugläich een Ausbléck maachen op déi nächst Etappen. Dee ganze Projet leeft nach ee gutt Stéck iwwert dës Legislaturperiode eraus. Wann alles färdeg ass, steet eis Waasserversuergung um neiste Stand vun der Technik an ass ofgeséchert duerch en zweete Versuergungssystem, wann e Problem entstoe géif. Enn September gëtt deen neien Drénkwaasserbehälter ageweit. Déi 2 nei Waasserkummeren hunn ee Faassungsvermöige vu +/- 520 m³. Deen alen Drénkwaasserbehälter gëtt elo vum Netz geholl a komplett renovéiert, fir herno nees genutzt ze ginn. Um Enn sinn an deene Behälteren +/- 800 m³ Drénkwaasserspäicher disponibel fir d'Versuergung vu Chrëschtnech, Haler a Waldbëlleg ze garantéieren. No de leschten Informationen vum Staat, fänken am Hierscht dëst Joer endlech d'Aarbechten un der Strooss tëscht Haler a Suelbur un. D'Gemeng Ärenzdall an eis Gemeng hu sech beim Staat agesat, fir datt **d'Verbindungsleitung tëscht dem Haler Waasserbasseng an dem fäerdege Basseng Op Firtchen** direkt geluecht gëtt, fir datt d'Leit vu Suelbur, Freckeisen an Iermsdref endlech och mat Mëllerdaller Waasser versuerget kënne ginn.

De 24. Juli 2017 huet de Gemengerot d'Verleeën vun enger neier Haaptwaasserleitung an der Rue de Christnach zu Waldbëlleg gestëmmt, déi 2018 verluecht gi soll. Déi aktuell Leitung, déi **Haaptversuergungsleitung fir Chrëschtnech** ass, läit ganz ongënschteg a bréngt eng Versuergungsgeförm. Déi nei Leitung kritt dann och méi ee groussen Duerchmiesser, wouduerch méi Waasser op Chrëschtnech geliwwert gi kann.

Den ugepasste Projet deen d'**Quelleschutzgebitt an eiser Gemeng** ausweist, dee vum 28. Oktober bis de 26. November 2015 an der Enquête publique war, gouf de Réclamanten, no bal annerhallwem Joer Prozedur (*Analyse vun de Reklamatiounen, Avis vum Staatsrot etc.*), den 31. Mee 2017 zu Bäertref duerch d'Ëmweltministesch virgestallt. Och déi weiderféierend Mesure goufen do virgestallt. De Reglement grand-ducal vum 28. Juli 2017 ass am Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg am n° 750 vum 17. August 2017 publizéiert ginn, an deemno ass d'**Quelleschutzgebitt** zénter dem 21. August 2017 a Kraaft. An deem Kontext huet d'Gemeng vun der Geleeënheet profitéiert fir 4,8340 Ha am Quelleschutzgebitt, Zone 2, ze kafen fir ee Gesamtpräis vun 226.597 € (469 €/Ar).

*Les projets à réaliser dépasseront le mandat de la présente équipe qui prendra fin en octobre ; au terme de toutes les réalisations visées, l'**approvisionnement en eau** se fera dans les meilleures conditions techniques. Il y aura un deuxième réseau qui assurera la distribution en cas de problèmes. Le nouveau réservoir, avec deux bassins à 520 mètres cube, sera inauguré en septembre. L'ancien réservoir sera entièrement rénové et portera ensuite la capacité totale à 800 mètres cube. En cas d'incident majeur sur le réseau d'eau potable*

*La **mise en œuvre des nouveaux circuits d'approvisionnement en eau potable** comprend la remise en état de la rue reliant Savelborn à Haller. La liaison du bassin central de notre commune avec le nouveau bassin à « Firtchen » dans la Commune de la Vallée de l'Ernz est nécessaire, afin d'approvisionner enfin les habitants de Savelborn, Freckeisen et Ermsdorf de l'eau potable en provenance du Mullerthal. Selon les informations récentes de l'Administration des Ponts et Chaussées, la réfection de la rue entre Savelborn et Haller débutera en automne de cette année-ci.*

*D'après la décision du 24 juillet 2017, une nouvelle conduite d'eau sera réalisée dans la rue de Christnach à Waldbillig. En effet, cette conduite approvisionne la localité de Christnach en eau potable. **La nouvelle conduite d'eau potable pour Christnach** est devenue nécessaire pour pallier aux inconvénients et déficiences du réseau actuel.*

*Le projet de règlement grand-ducal portant **création de zones de protection autour des captages d'eau souterraine Schiessentümpel 1, Schiessentümpel 2 et Härebur 1** et situés sur les territoires des communes de Waldbillig et de la Vallée de l'Ernz avait été présenté à Berdorf le 16 octobre 2015. Le 17 décembre 2015, le conseil communal avait émis son avis y relativ. Un groupe de travail comprenant des représentants des communes de Berdorf, Fischbach, Ettelbrück et Waldbillig a travaillé depuis lors sur un catalogue de mesures destinées à prendre effet lorsque la zone protection autour des captages d'eau de notre commune sera officiellement entérinée. En date du 31 mai 2017, la Ministre de l'Environnement a présenté le texte modifié du projet de règlement grand-ducal, suite aux multiples réclamations ayant été introduites dans la procédure publique. Après une année et demi de procédure, le règlement grand-ducal afférent du 28 juillet 2017 a été publié au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg n° 750 en date du 17 août 2017 et est entré en vigueur le 21 août 2017. Le conseil communal a profité dans ce contexte de l'occasion pour acquérir 4,8340 hectares dans une zone très sensible en amont des sources au Mullerthal pour un prix de 226.597 euros (469 euros/are).*

Nieft der Waasserversuergung ass d'**Ofwaasserentsuergung** een zentraalt Thema an eiser Gemeng. De Gemengesyndikat SIDEST huet de Gesamtprojet vun der Ofwaasserentsuergung an eiser Gemeng gestëmmt. Dee Projet gesäit vir, datt zu Chrëschtnech eng nei zentral Kläranlag vun 2.300 Awunnerglächwärter gebaut gëtt. D'Ofwaasser aus dem Mëllerdall a vu Waldbëlleg gëtt iwwert eng Drockleitung an déi nei Kläranlag gepompelt. Zu Waldbëlleg gëtt een neien Haaptkollektér gebaut, déi bestoend Déversoire ginn zou gemaach, an een énnerierdesche Reeniwwerlafbehälter an ee Buedemretniounfilterbecken gi gebaut. Den Oflaf vun der Kläranlag Chrëschtnech gëtt iwwerteng Zousazleitung and'Schwarz Iernz ofgeleet, sou, datt d'Ofwaasserentsuergung keen Impakt op d'Quelleschutzgebitt hu wäert. Mat engem Devis vun +/- 12,15 Milliounen Euro, muss eis Gemeng, no Ofrechnung vun de staateche Subsiden, an deenen nächsten 3 Joer insgesamt 9,6 Milliounen Euro am extraordinäre Budget virgesinn. Mat de Käschte fir den Drénkwaasserreseau ze erneieren an ofzesécheren, an de Käschte fir den neien Ofwaassersystem, stéisst eis kleng Gemeng un hir finanziel Grenzen! Nëmmen iwwert de Wee vu Prête kënnen esou gewalteg Infrastrukturkäschte gedroe ginn. Well eis Gemeng e grousst Quelleschutzgebitt huet, ass dëse Projet absolut prioritar, an ee Strecke vun de Käschten op Laangzäit ass net méiglech. Déi Investissementer mussen direkt a schnellstméigleg gemaach ginn! Wa bëid Groussprojeten bis Enn vun der nächster Legislaturperiode ofgeschloss keinte ginn, da wiere mir gutt viru komm.

Fir d'Ouvrage vum neien Ofwaassersystem realiséieren ze kënnen, huet d'Gemeng missen Terrain kafen. Esou goufen 2 Ha 10 Ar an 23 Ca kaf fir ee Gesamtpräis vun 189.207€ kaf (900 €/Ar). Mir wëllen de Verkeefer Merci soe fir déi onkomplizéiert Verhandlungen! Well mir, wéi virdru gecshriwen, Terrainen an enger sensibeler Zone vum Quelleschutzgebitt kaf hunn, huet missen ee Budgettransfert gemaach ginn. Mir hunn dowéint de gestëmmte Projet vun der **Reewaasserachs zu Chrëschtnech** op 2018 verréckelt. Dee Projet huet zum Zweck, déi aktuell Kläranlag zu Chrëschtnech z'entlaaschten. Hei gëtt d'Reewaasser aus engem Anzuchsgebitt vu 17 Hektar duerch d'Spillplaz am ieweschten Duerf duerch de Wee Theisaart bis an d'Kessléckerbaach ofgeleet. Dee Projet ass deemno just zäitlech verréckelt ginn.


Fir 2018 deen **neien Ofwaasserkollekter zu Waldbëlleg** bauen ze kënnen, lafen den Ament d'Verhandlunge fir déi néideg Droits de passage ze kréien vun de Propriétaires duerch deenen hir Parzell/en dee Kollektér lafe soll. An deem Kontext gëtt am Hierscht/Wanter op 1,3 Kilometer de Laf vun der Waldbélleg Baach gebotzt.

La gestion des eaux usées est tout aussi importante que l'approvisionnement en eau potable. Le syndicat intercommunal SIDEST a accordé le concept proposé par notre commune. Il y aura à Christnach une nouvelle station d'épuration centrale pour 2.300 équivalent-habitants qui accueillera les eaux usées pompées depuis Waldbillig et Müllethal. Les eaux nettoyées seront déversées dans l'Ernz noire par une canalisation spécifique. Les eaux de pluie seront recueillies par des canalisations souterraines spécifiques.

En 2018, un collecteur des eaux usées sera construit à Waldbillig. Les négociations pour le droit de passage avec les propriétaires concernés sont en cours. Dans ce contexte, le ruisseau de Waldbillig sera nettoyé en automne ou en hiver.

Le devis s'élève à plus de 12,15 millions d'euros. La commune doit donc prévoir dans les trois années à venir un total de 9,6 millions d'euros dans son budget d'investissement, déduction faite des subsides étatiques. Ceci constituera une charge financière très importante pour une petite commune comme la nôtre. S'y ajoutent les frais pour des terrains qui ont déjà pu être acquis (2,1023 hectares). Un grand merci aux propriétaires pour les négociations peu compliquées ! Il faudra prévoir des prêts pour le financement de ces importantes infrastructures qui profiteront à longue échéance aux habitants de la commune.

La construction d'un nouveau collecteur d'eaux usées à Waldbillig est prévue pour 2018. Les négociations pour l'obtention des droits de passage afférents sont en cours avec les propriétaires des parcelles concernées. Dans ce contexte, l'Administration de la gestion de l'eau procédera dès que possible (entre octobre 2017 et mars 2018) au nettoyage et au déboisement nécessaire du ruisseau Waldbélleg Baach.



Gesamtplan vum Projet neien Ofwaassersystem fir Waldbelleg-Mellerdall-Chrestnech



Plang fir déi nei Kläranlag zu Chrestnech

Dat sinn intensiv Planungen a Realisatiounen, déi gemaach ginn am Beräich vun der Waasserversuergung an der Ofwaasserentsuergung, zousätzlech zur Ausweisung vum Quelleschutzgebitt. Déi Projeten all zesummen erméiglechen, datt d'Infrastrukture fir d'Waasser an d'Ofwaasser an eiser Gemeng fir déi nächst Generatioun ofgeséichert ginn an um neiste Stand vun der Technik sinn. Et sinn definitiv déi wichtigst Projete fir d'Zukunft vun eiser Gemeng!

Den Ausbau vun der **Brasserie Heringer Millen** ass bis op e puer kleng Detailer ofgeschloss. D'Kitchen an de Stockageraum goufe vergréissert. Ee gekillte Raum fir

Il ne fait aucun doute que les projets en cours relatifs à l'approvisionnement en eau potable et à la gestion des eaux usées constituent à la fois une des plus grandes priorités communales et un défi financier.

La rénovation de la Brasserie Heringer Millen est quasi-terminée. On y a agrandi la cuisine du restaurant, installé une pièce climatisée pour les poubelles et de nouvelles pièces pour le personnel, conformément aux prescriptions légales.

Le conseil communal estime qu'il importe d'investir dans ce site qui est devenu un centre touristique national et interna-

d'Poubelle gouf gemaach an um 1. Stack goufe Personalraim gebaut. D'Gebai ass domadder ugepasst ginn un déi staatlech Virschréften an deem Beräich. De Site vun der Heringer Millen ass zu engem Hotspot vum nationalen an internationalen Tourismus ginn. De Gemengerot ass der Meenung, datt all Invest an de Mëllerdall, an an dee Site, seng Fríichte wäert droen. Deen Ausbau huet am Devis mat 876.873 € zu Buch geschloen. Leider gouf et heifir kee staatleche Subsid. Den Tourismusministère énnerstëtzzt just d'Invester, déi fir den Touristinformatiounscenter gemaach ginn. Dat war och schon esou beim Bau vun der Brasserie. Dat eent ergänzt awer dat anert an duerfir war dësen Invest ee wichtige Schratt. Mir sinn dann och frou, datt deen aktuelle Bedreiber de Bail commercial mat der Gemeng ém weider 9 Joer verlängert huet. Op de Site kënnt onheemlech vill Besuch an dat soll och an Zukunft esou bleiwen!

De Gemengerot huet dann och de 6. Februar 2017 de Projet gestëmmt fir eng **erliefnispädagogesch Spillplaz** um Site vun der Heringer Millen z'aménagéieren. Op der folgender Säit kënnt Dir lech eng Iddi maache vum Detailplang. Dat gëtt net nëmmen eng Spillplaz fir méi kleng a méi grouss Kanner, mee ee *Gesondheetsgaart*, eng **Beweegungswiss fir all Alter**, fir Jonk an Al. Holz, Steen a Waasser, bref, d'Naturelementer aus eiser Géigend spinnen eng zentral Roll bei der Gestaltung vun der Plaz. Dés Plaz wäert eng weider Attraktioun am Mëllerdall ginn, déi a verschiddene Phase realiséiert soll ginn. Den Devis vu 465.215,10 € gëtt mat 157.444 € vum Staat subventionéiert. D'Ëmsetze vum Projet huet ugefaangen. Interessant ass z'ernimmen, datt zu Konsdref eng zweet Plaz nom selwechte Konzept entsteet. Béid Plaze kënnen iwwert e bestoenden Trëppelwee vu bal 3 km ouni Auto erreecht ginn an ergänzen sech deemno ideal.



Den Ubau vum Restaurant Heringer Millen

tional. La commune doit assumer la totalité de la somme investie de presque 900.000 euros ; il n'y a pas de subside de la part du Ministère du Tourisme pour la brasserie mais uniquement pour le centre d'information. Nous nous réjouissons de signaler que le bail commercial avec les gérants du restaurant, connaissant une affluence considérable, a été prolongé pour neuf années supplémentaires avec les gérants actuels.

Le conseil communal a décidé le 6 février 2017 la mise en place d'une **aire de jeux** d'aventure sur le site du Mullerthal qui accentuera l'attractivité du site. Vous pouvez voir le plan du site à la page suivante. Ce **nouvel espace de détente près de la Heringer Millen** ne constituera non seulement une aire de jeux pour de petits enfants et adolescents, mais elle sera destinée à devenir une aire de détente et de mouvement adaptée à tous les âges. L'aménagement sera principalement réalisé par des matériaux naturels de la région comme le bois et la pierre de sable. L'eau y jouera également un rôle déterminant. Le coût revient à 465.215,10 euros et un subside de l'État de 157.444 euros a été accordé. Les travaux ont débuté. L'aire de jeux du Mullerthal sera liée avec une deuxième aire de détente à ériger près du Moulin de Consdorf. Une voie pédestre existante de quelque 3 km reliera les deux sites.



Den 23. Januar 2017 gouf eis Gemeng, nieft aneren, zu lechternach mam **European Energy Award vum Klimapakt** zertifiziéiert an der zweethéchster (50%) vun dräi Kategorien. De Klimapakt ass e staateche Programm, deen d'Gemengen derbäi énnerstëtzzt, méi klimafrendlech an energieffizient ze ginn. An dësem Pakt ginn d'Gemengen a ganz ville Beräicher énnersicht: vun der Raum-Planung, dem Energieverbrauch an der Energieproduktioun, bis hin zu de Fouss- a Vélosweeër, dem éffentleche Verkéierer an der Kommunikatioun an Zesummenaarbecht mat hire Bierger, Veräiner, Schoulen. Fir datt eis Aarbecht nohalteg bleift, muss sech eng zertifiéiert Gemeng all véier Joer engem neien Audit énnerzéien. Nieft der alljärelcher Basisennerstëtzung vum Staat kënnt elo bei der 50%-Zertifizeierung nach e Bonus pro Awunner derbäi. Op de Säiten 86 bis 89 fannt Dir méi Detailer iwwert eis rezent Zertifizierung an iwwert de Klimapakt. Regelméisseg sensibiliséiert de **Superklima-FUUSS (SKF)** am Gemengebulletin iwwert klimapaktelevant Sujeten. Och ginn do Gewënnspiller bei dëse reegelméisseg Sensibiliséierungen organiséiert. Op der Säit 93 hu mir de gléckleche Gewënner hire Präis iwwerreecht.



European Energy Award - 50% Zertifizierung fir eis Gemeng

Déi **al Schoul zu Haler**, wou elo de Precoce dran ass, ass renovéiert ginn. Den Daach, dee schlecht war, gouf erneiert an och d'Fassade ass ausgebessert a frësch ugestrach ginn. Am Hierscht/Wanter ginn dann d'Alentouren direkt hannert dem Gebai nei organiséiert am Senn vun der ökologescher Émgestaltung vum éffentleche Raum.

De **Service Heinzelmännercher** huet sech etabléiert. Zénter dass d'Gemeng Member ass, sinn am Joer 2014, 832 Stonnen Aarbechte bei Leit ab 60 Joer gemaach ginn, 1.212 Stonnen am Joer 2015, fir 2016 waren et 1.196 Stonnen. Vum Januar bis de Juni dëst Joer sinn et schon 534 Stonnen. Wann Dir un deem Service intereséiert sidd, da fannt Dir den Detail op der Säit 128. De **Bummelbus** ass och bei eis etabléiert sät 2012. Am Joer 2015 ass en 1.236 Mol gefuer fir Bierger aus eiser Ge-

*Notre commune a vu s'attribuer, ensemble avec d'autres communes du pays, le **prix européen du pacte climat** qui distingue les innovations remarquables en efficacité énergétique et en développement durable. La démarche est évaluée en continu pour ce qui est de l'aménagement du territoire, la consommation et la production en énergies, les transports publics, la communication, la participation des citoyens. Les pages 86 à 89 informent de cette certification. Le Superklimafuuss agit dans la sensibilisation dans les bulletins communaux distribués régulièrement, avec des jeux et concours dont vous trouvez des photos à la page 93.*



De Filipe Soares kritt vum Staatssekretär Camille Gira de Klimapakt-Auszeichnung fir eis Gemeng

L'ancienne école à Haler qui accueille l'enseignement précoce a été rénovée ; le toit et la façade ont été refaits. Les alentours seront remis en état en automne/hiver, dans le respect évidemment des principes écologiques décrits dans ce qui précède.



De Précoce zu Haler no der Renovatioun

meng, am Joer 2016 1.138 Mol a vu Januar bis Juni 2017 ass en 738 Mol énnerwee gewiescht. Méi Detailer an eng Info iwwert d'Weiderentwécklung vum Service fannt Dir op de Säiten 129 bis 130.

D'Aarbechten un der **Verkéiersreform** sinn ofgeschloss an déi baulech an technesch Mesuren émgesat ginn. No längere Meenungsverschiedenheete mat de Ponts et Chaussées, déi an enger Sëtzung beim Minister Bausch hu misse gekläert ginn, huet de Gemengerot missen Émännerunge maachen, déi net geplangt waren. D'Schëlder an d'Stroossemarkéierung si scho laang gemaach an den 3. August huet d'Commission de circulation de l'Etat d'Receptioun vun den Aarbechte gemaach. Mir hoffen, datt de Minister Bausch seng Approbatioun ginn huet, wann Dir dës Zeile liest. An deem Kader gëtt dann och de Sensibilisierungsprojet „**Mam Superklimafuss ouni Auto an d'Schoul**“ émgesat.

Déi wichtegst nei Mesure sollen dann och am Hierscht an engem Flyer gewise ginn. Dës Reform, déi ee Reglementstext aus den 80'er Joren komplett iwwerschafft huet, ass dringend néideg gewiescht, an ass eise Versuch fir méi Verkéierssécherheet an eiser Gemeng. Mir sinn awer net naiv a gleewen, datt mir d'Verkéiersproblematik definitiv geléist kréien, dat ass net méiglech! Mee d'Zil vun der Reform ass d'Verbesserung vun der haiteger Situatioun. Natierlech wäerten déi verschidden Upassungen och fir verschidde Leit eng Ännérung vun hire Gewunnechte bedeiten, an dat wäert eventuell net jidderengem gefalen. Ouni déi nei Mesure brauche mir awer guer net vu Verkéierssécherheet ze schwätzen. An deem Dossier si mir all gefuerdert! Leider musse mir nach émmer feststellen, datt ze séier gefuer gëtt an och nach ze vill do geparkt gëtt, wou et laut Code de la route verbueden ass. Duerfir gëtt op der Säit 133 nach eng Kéier op déi wichtegst Parkregelen opmierksam gemaach!



Verkéiersreform - neien Iwwergang fir bei de Précoce zu Haler

*Le **service des Heinzelmännercher**, dont notre commune est membre depuis 2012, s'est bien établi dans notre commune. En 2014, 832 heures de travail ont été effectuées auprès de personnes âgées de 60 ans et plus, en 2015 on en comptait déjà 1.212 et en 2016 1.196 heures de travail au service de nos seniors. Pour 2017 jusqu'en juin, 534 heures ont déjà été prestées. En cas d'intérêt à ce service, veuillez consulter le détail à la page 128. Le **busphone Bummelbus** s'est bien établi depuis 2012. En 2015, les citoyens en ont profité 1.236 fois et 1.138 fois en 2016. Jusqu'au 30 juin de cette année-ci, le Bummelbus a déjà assuré 738 trajets pour les citoyens de la commune. De plus amples détails sont décrits aux pages 129 à 130.*

La refonte intégrale du règlement de circulation de la commune a entraîné suite à des divergences de vues entre le conseil communal et l'Administration des Ponts et Chaussées. Alors que les marquages routiers et l'installation des panneaux afférents avaient été achevés dans des délais raisonnables, le conseil communal a dû changer certains points qui ne trouvaient pas l'aval de l'administration prémentionnée. La circulation dans la commune a été même discutée avec le Ministre François Bausch et ceci dans le but de trouver un compromis. Entretemps, la commission de circulation de l'Etat a avalisé le projet et nous espérons que l'accord définitif de Monsieur François Bausch, ministre du Développement durable et des Infrastructures, soit remis à la Commune dans les meilleurs délais possibles. Dans ce contexte sera réalisée une nouvelle mesure en automne visant à inviter les écoliers à emprunter le circuit «se rendre à l'école sans voiture», mesure de sensibilisation du Superklimafuuss.

Les nouvelles dispositions principales seront signalées aux habitants en automne, une fois entrées en vigueur. Elles remplaceront celles des années 80, incomplètes et dépassées par les années et l'augmentation du trafic. Il est nécessaire de veiller à la sécurité et au confort de tous les usagers des voies publiques, même si cela implique que certaines personnes doivent revoir leur comportement au volant. Il est notamment obligatoire de respecter la réglementation lorsqu'on gare sa voiture ; la page 133 informe sur les principales règles à observer dans ce contexte.

An der **Chrëschtnecher Strooss zu Waldbëlleg ass den Trottoir nei gemaach ginn an nei Stroosseluuchte goufen opgeriicht**. Hei huet d'Post de Glasfaserkabel an d'CREOS nei Leitungen ageluecht. Nom Kollektiv-congé geet dee Projet viru bis an d'Halerstrooss erop. De Busarrêt op der Waldbëlleger Kopp fir a Richtung Chrëschtnech ass zevill geféierlech, an ass duerfir weider erof an der Chrëschtnecher Strooss installéiert ginn. Vum Bushaischen op der Kopp gett am Hierscht eng Trottoirsverbindung gemaach fir op de bestoenden Trottoir. Zu Haler kënnt ee Bushaissen hi beim Busarrêt an der Rue du Hallerbach op der Héicht vum Haus n° 42. Soubal d'Autorisatione vum Ëmweltministère a vun de Ponts et Chaussées do sinn, ka mam Propriétaire vum Terrain ee Bail emphythétique fir ee Bushaischen op där Platz énnerschriwwen ginn. Mir hoffen, datt dat nach virun de Wanterméint realiséiert gi kann.



Trottoir a Stroosseluuchten an der Chrëschtnecher Strooss zu Waldbëlleg

De 14. Dezember 2016 huet den Inneminister deen **neie Bebauungsplang (PAG – Plan d'aménagement général)** an de **PAP quartier existant** approuvéiert. Schon den 3. August 2016 hat d'Emweltministesch déi reglementaresch Texter approuvéiert. Och de Règlement sur les Bâtisses, les Voies publiques et les Sites (RBVS) vum 29. September 2016 ass a Kraaft. D'Gemeng Waldbëlleg ass déi 12. Gemeng am Land gewiescht, déi ee PAG en vigueur huet, dee konform mat der aktueller Gesetzgebung ass. De 24. Juli 2017 huet de Gemengerot déi effentlech Prozedur lancéiert fir an enger Modification ponctuelle (MOPO) verschidden Detailer am aktuelle PAG nodréiglech émzeännernen. Dëst, well déi Emännerungen bei der Gesamtprozedur aus Grënn vu lafenden Delaien net direkt gemaach gi konnten. Et geet dobäi ém d'Emklasséierung vu Parzellen aus der Gréngzone an d'Golfzone, ém d'Emklasséierung vun den Hoteller am Mëllerdall aus der Gréngzone an eng Zone de sports et loisirs – zone hôtelière an ém d'Verbesserung vun engem Lach am Tissu urbain existant. Et geet demno geziilt just ém déi eenzel Punkten! All aner Punkte vum PAG a PAP quartier existant bleiwen onverännert!


Den 22. Mee huet de Gemengerot een **neit Offalkonzept** gestëmmt, wat d'Offfallentsorgung nei reegelt. Dëst ass néideg ginn, well dat aalt Reglement vum 28. Oktober 1980 net méi aktuell an och net méi konform mam émgeänerten Offallgesetz vum 21. Mäerz 2012 war. Déi wichtegst Punkte sinn d'Aféierung vum groe 40 Liter-Back an der Aféierung vun der Biotonn, déi sät dem 30. Mee funktionéiert. Och huet d'Gemeng sech den 29. Mäerz 2017 dem Programm **SuperDreckskëscht fir Betriben** ugeschloss an ass am gaangen dee Programm an der Praxis Schrëtt fir Schrëtt émzesetzen.

La rue de Christnach à Waldbillig a été munie de nouveaux trottoirs et réverbères. L'administration des télécommunications et CREOS ont posé le câble optique et de nouvelles conduites. En automne, les travaux continueront jusqu'à la rue de Haller. L'arrêt de bus à Waldbillig en direction de Christnach est actuellement mal situé et sera déplacé. Un trottoir sera installé sur les passages où il n'y en a pas encore.

Un abri de bus sera également construit à Haller, dans la rue de Hallerbach, à la hauteur de la maison n° 42. Les travaux débuteront dès réception des autorisations afférentes de la part des instances étatiques et l'accord du propriétaire du terrain. À cet effet, les conditions d'utilisation d'une partie de parcelle privée seront fixées dans un bail emphytéotique.

Le ministre de l'Intérieur approuva le 14 décembre 2016 le PAG – Plan d'Aménagement général et le PAP - quartier existant. La ministre de l'Environnement en avait déjà fait de même le 3 août 2016. Le règlement relatif aux bâtisses, les voies publiques et les sites (RBVS) est en vigueur. Notre commune est la douzième commune du pays qui obtient un PAG conforme à la législation. Quelques détails en seront modifiés d'après la décision du conseil Communal du 24 juillet 2017, portant sur le terrain de golf, le reclassement de terrains au Mullerthal et un redressement dans le tissu urbanistique actuel.

Le 22 mai 2017, le conseil Communal vota le nouveau concept concernant l'élimination des déchets, afin d'adapter le règlement existant des années 80 aux dispositions de la loi modifiée du 21 mars 2012. Un nouveau modèle de poubelle grise de seulement 40 litres, et une nouvelle poubelle brune (40 litres et 80 litres) pour déchets organiques ainsi que la participation de la commune au programme de tri de déchets pour entreprises SuperDreckskëscht fir Betriben.



Säit dem 15. September 2016 huet d'Gemeng een **neie Bus mat 50 Sätzplazen** an hirem Fuerpark. Dëse Bus huet missen ersat gi, well deen ale „klenge“ Bus andauernd an deier Reparaturen hat. Och war et néideg, fir genuch Schoultransport och an Zukunft assuréieren ze kënnen mat genuch Sätzplazen fir d'Kanner. Deen neie SETRA-Bus huet 230.000 € kascht. Den ale Bus gouf mat agehandelt.

Mat Héichdrock lafen d'Aarbechte fir direkt iwwert dem Pompjeesbau een neie Musekssall anzeriichten. Dëse ge-raimege Sall gëtt ageriicht, fir, datt d'Waldbëlleger Musek an an Zukunft eventuell och de Gesangveräin Sang-Mat Haler-Waldbëlleg do prouwe kënnen. An der Fassade vum Bau gouf deemoools scho virgesinn, fir eng zweet Sortie de Secours maachen ze kënnen, wou d'Leit iwwert eng Baussentrap evakuéiert gi kënnen. Wann dat gemaach gëtt, da kéint an Zukunft dee Sall och fir Concerte vun all Zort oder Auditioune genutzt ginn.

Och fir kulturell Manifestatiounen vun all Zort kann d'**Waldbëlleger Kierch** genutzt ginn, déi duerch eng Decisioun vun der Regierung vum 21. Juni 2017 elo definitiv een **nationaal Denkmal** ginn ass.

Zu Waldbëlleg ass den **Daach vun der Spillschoul** zum Deel nei agedeckt ginn. Zu Waldbëlleg gouf eng **nei Kill-**



Un nouveau bus avec 50 places assises appartient depuis le 15 septembre 2016 à la commune.



Deen neien SETRA-Bus vun der Gemeng

Une nouvelle salle est aménagée au-dessus du hall des pompiers. Elle servira à la fanfare Waldbëlleger Musek et aussi, éventuellement, à la chorale Sang-Mat-Haler-Waldbëlleg. L'installation future d'une deuxième sortie de secours permettra à l'avenir également l'utilisation de cette salle à des fins culturelles de toute sorte comme des concerts, auditions d'élèves de musique etc.



De Chantier vum neie Musekssall

zell an der Morgue ageriicht a versicht ee gedigene Kad-
er do ze maachen. Zu Chrëschtnech gouf d'**Kapellchen**
am ieweschten Duerf um Eck Fielserstrooss mam Réimer-
wee **renovéiert**. Schlussendlech gouf den ale Gemen-
genatelier fir 600.000 € verkaf.

Nieft dem Service vun den Heinzelmännercher an nieft
der Fräizäitoffer vu Jonk an Al vun der Gemeng Waldbël-
leg, kann an Zukunft de Senioren aus eiser Gemeng nach
méi ee breetgefächerte Fräizäitprogramm offréiert ginn.
D'Gemeng huet decidéiert fir deem **neie Club Senior**
zu Jonglënster bázietrieden, deen de Moment op d'Bee
gestallt gëtt. Dat gëtt zesumme realiséiert mat de Ge-
menge Jonglënster, Bech, Konsdref a Betzder.

Léif Matbiergerinnen a Matbierger, u villen Dossieren ass
och nees am vergaangene Joer geschafft ginn. A verschid-
dene Beräicher si mir gutt virukomm, bei anere Projeten
hu mir eis méi virgeholl, wéi mir zäitlech gepackt hunn.
Mat ongebremstem Äifer hu mir versicht, d'Gemeng an
de leschte 6 Joer virunzebréngent. De 26. Juni 2017 war
de Gemengerot ee ganzen Dag beieneen, fir déi aktu-
uell Chantiere kucken ze goen an iwwert de Fortgang
vu lafende Projeten ze diskutéieren. Mir soen alle Con-
seilleren e grousse Merci fir hiren onermiddlechen Asaz,
an déi gutt a fruchtbar Zesummenaarbecht an de leschte
6 Joer! Si alleguer hunn an der auslafender Legislaturperi-
od de Schäfferot net némme beroden, mee si all hu ganz
aktiv matgeschafft an hu Responsabilitéit a verschid-
denen Dossiere gedroen, déi si geleet hunn. An deem
Senn goufen d'Grenzen téscht Schäfferot a Gemengerot
opgeléist an dat enkt Mateneeschaffen an eng perma-
nent Kommunikatioun énnereeneen hunn d'Gemeng viru-
bruecht.

Mir wëllen dorriwwer eraus alle Leit, déi berufflech oder
benevole an der Gemeng oder an de Veräiner schaffen,
ee groussen an häerzleche Merci soen, fir hiren oner-
middlechen Asaz, an déi gutt a fréndschافتlich Zesum-
menaarbecht an de leschte 6 Joer! Si all, a jiddereen a
sengem Beräich, droe permanent derzou bái, eis schéi
Landgemeng virunzebréngent!

Léif Matbiergerinnen a Matbierger, mir wëllen lech of-
schléissend och ee groussen an häerzleche Merci soen,
fir d'Veutrauen an d'Énnerstëtzung, déi Dir eis déi lescht
6 Joer geschenkt hutt! Et war eis eng Freed a mir hoffen,
datt mir d'Responsabilitéit fir d'Geschécker vun eiser Ge-
meng ze leeden an Årem Senn gedroen hunn.

Äre Schäfferot-sortant,
Andrée Henx-Greischer, Serge Boonen
a Jean-Luc Schleich



La très belle église de Waldbillig fut définitivement classée comme Monument national par la décision du Gouvernement en conseil du 21 juin 2017. Elle sert toujours comme église, mais également à des manifestations culturelles.

Le toit de l'école à Waldbillig accueillant l'enseignement préscolaire est en train d'être refait. Au cimetière, il y a une nouvelle chambre froide ; la morgue a été réaménagée. La chapelle à Christnach au coin de la rue de Laroquette et du Chemin des Romains a été rénovée. Le bâtiment de l'ancien atelier communal a été vendu pour 600.000 euros.

Les personnes âgées de notre commune bénéficient déjà du service des Heinzelmännercher, décrit ci-devant, et de l'offre de l'association Jonk an Al. Dorénavant il y aura une possibilité supplémentaire ; la commune de Waldbillig a rejoint le Club Seniors à Junglinster dont l'offre sera conçue par les communes de Junglinster, Bech, Consdorf, Betzdorf et la nôtre.

Chères citoyennes, chers citoyens, de nombreux dossiers ont avancé au prix de maints efforts. D'autres sont en attente ou en planification. Notre équipe a essayé à faire évoluer notre charmante commune rurale au cours des dernières six années. Le 26 juin 2017, le conseil communal s'est déplacé sur une journée entière pour visiter les chantiers et s'informer sur leur état d'avancement. Nous remercions tous les conseillers pour leur dévouement et la bonne collaboration avec

le collège échevinal. Ils nous ont tous non seulement conseillés mais ils ont prêté main forte et assumé des responsabilités dans leurs dossiers. La collaboration étroite, une bonne entente et la communication permanente ont permis de faire avancer notre commune.

Nous tenons à remercier toutes celles et tous ceux qui se sont engagés pour notre commune, fût-ce à titre professionnel ou bénévolement, pour leur collaboration et pour leur collégialité. Chacun a contribué à faire évoluer notre belle commune rurale.

Chères citoyennes, chers citoyens, un grand merci pour votre confiance et pour votre soutien pendant les six années passées. Nous en avons été ravis et nous espérons d'avoir assumé la responsabilité des affaires communales selon vos souhaits.

*Votre collège échevinal sortant
Andrée Henx-Greischer, Serge Boonen, Jean-Luc Schleich*



FOTO | JLS

IN TE RN

INFOS INTERNES

18

DE GEMENGESEKRETÄR NICO SCHLAMMES ASS AN D'PENSIOUN GAANGEN NO 43 JOER EXZELLENTEM DÉNGSCHT FIR D'GEMENG WALDBËLLEG.

Text: L.S. | Fotoen: Denis Dimmer, Nico Schlammes, Ronny Thill

Den 31. Dezember 2016 ass den Nico Schlammes no 43 Déngschtjoer an d'Pensioun gaangen. Den Nico gouf den 8. Februar 1952 zu Hiefenech gebuer, ass bestuet mat der Madame Romaine Turmes, hien ass Papp vu véier Kanner a Bopa vun zwee Enkelkanner. Basketball ass seng sportlech Leidenschaft, an hie war an der Zäit zu Hiefenech och Jugendtrainer. Seng Päerd leien him um Häerz, em déi hien sech mat vill Léift bekëmmert. Iwwerhaapt ass den Nico, nieft senger Fonctioun als Gemengesekretär – kann ee behaapte – Hobbybauer. D'Liewen um Land, an alles wat domadder zesummenhänkt, dat ass seng Welt.

Schon eng Zäitche war bekannt, datt dee Moment eng Kéier komme géif, wou den Nico an d'Pensioun géif goen. Hien hat et de Leit an der Gemeng och schon ugedeit, wéi een op der Foto gesi kann.



D'Gemeng Waldbëlleg ouni den Nico? Dat war eppes, wat déi meeschte Leit, an och mir all an der Administratioun, an an den technesche Servicer, sech net richtege virstelle konnaan a wollten. D'Zäit ass awer verstrach, an den Nico a mir all wossten, datt dee Moment eng Kéier komme géif, säi leschte Gemengerot, dee Mëttwochs, den 21. Dezember 2016 sollt sinn.

Nodeems den Nico während 43 Déngschtjoer an de Gemengerotssätzungen d'Fieder gefouert huet, dobäi 7 Gemengeréit an dräi Buergermeeschteren erliefert huet, sollt et deen Owend fir déi leschte Kéier sinn, wou hien déi Verantwortung iwwerholl huet. Datt déi Situationspezial war, datt se mat Emotiounen opgeluedet war, dat brauch ech hei Kengem ze zielen. An awer, war et wéi émmer: 10 Punkte stoungen op der Dagesuerdnung an den Nico huet, wéi émmer, alles genee suivéiert an déi administrativ Ofwecklung vun den Ofstëmmungen organiséiert. Kee Mensch gëtt gewuer, wat dee Moment an him virgaangen ass. Ech ka mir awer virstellen, datt hien déi Momenter, engersäits nach eng Kéier genoss huet, an, anersäits, versicht huet, net drun ze denken, datt et dee leschte Gemengerot sollt sinn a senger Fonctioun. Op jidder Fall, huet hien sech weider Näischter umierke gelooss.

No där historescher Sëtzung aus der Siicht vun der Gemeng Waldbëlleg, war et kloer, datt mir net all einfach heem goe géifen. Déi ganz Administratioun an de Gemengerot sinn duerno an de Kärespäicher op der Heringer Mille gaangen, wou eis de Lars an d'Marie-Louise Fiebig gutt verwinnt hunn.



Am klengen a gemittleche Kreess souze mir beieneen um Dësch fir dem Nico Merci ze soen!

De 16. Mee 2013 hat de Gemengerot den Ëmbau vun deem Deel aus dem Veräinsbau gestëmmt, wou virdrun d'Pompjeeën énnerbruecht waren. Nodeems déi an hiren neie Bau zu Waldbélieg geplënnert waren am Joer 2015, konnten d'Aarbechten ufänken. Den Ëmbau huet insgesamt 317.000 € kascht, an ee Subsid vu 70.000 € koum vum Staat. De Sall huet elo ee Büro, ee groussen Openthaltsraum mat Fernseh- a Videospillméiglechkeiten, grad wéi ee Kicker, ee Pool-Billard an eng Daartscheif. Am ale Schlauchtuerm vum Pompjeesbau ass eng Toilette énnerbruecht. Ganz frou ass d'Jugend och fir dee grousse Garage notzen ze können, wou si en Atelier hunn fir divers Bastelaarbechten, an eng Platz, wou si hiren traditionelle Fueséchtwon plangen a baué können.

Zénter den 90er Jore war d'Jugend aus der Gemeng an engem klenge Raum iwwert der Garage vum Paschtoueschhaus énnerbruecht. Dat war zwar och ee ganz schéine Sall mat engem gewësse Charme, mee e war net méi zäitgeméiss an huet och net onbedéngt den obligatoresche Sécherheetsnormen entsprach. Ëmsou méi frou war d'Gemeng, datt de Club des Jeunes mat op de Wee vun engem neie Sall gaangen ass. Fir sécherzestellen, datt de Sall fir d'Clubaktivitéiten ideal émgebaut géif ginn, war de Club vun Ufank un bai der Planung an herno bai der Ëmsetzung um Chantier derbäi.


De Veräinbaus zu Chrëschtnech wier elo komplett ausgelaascht wéi de Buergermeeschter sot: "ech géif behaapten, datt sech d'Liewen hei am Veräinsbau bal siwen Deeg op siwen ofspillt. Gesankprouwe ginn hei gehalen, d'Sall um éische Stack an d'Kiche kenne vu Privatleit gelount ginn an och de Senioreverän Jonk an Al huet sät Ufank 2016 säi Versammlungsraum do. Ënnert engem eenzegen Dag sinn hei an dësem Gebai d'Generatione matenee énnerbruecht a können sech begéinen an austauschen."

Als zweete Riedner huet den Architekt Uwe Kramer iwwert den Oflaf vum Chantier geschwat, an ass op verschidde Punkte vum Ëmbau agaangen.

Als souzesoen "déngschteeste Member" war et dunn um Mike Michels vun Haler fir am Numm vum Club des Jeunes d'Wuert ze ergräifen. Op gewinnt eloquent Aart a Weis huet hien de Leit aus der Geschicht vum Veräin verzielt, an huet déi eng an aner Anekdot zum beschte ginn. Eng schéin Iwwerraschung hat de Club des Jeunes sech fir de Mike ausgeduecht, wéi se hien zum Éierepresident op Liefzäit vum Club des Jeunes genannt hunn. Dat huet de Mike sichtlech glécklech gemaach!

Nodeems de Buergermeeschter allen um Chantier bedeilegten Entreprisen ee grousse Merci gesot hat, fir hir gutt Aarbecht, grad wéi den Architekten an Ingenieuren, huet hien allen uwiesende Leit Merci gesot, an dem Club des Jeunes alles Gudden fir seng Zukunft gewünscht mat de Wieder: "Ech wëll alle fréieren an aktuelle Responsabelen ee ganz groussen an häerzleche Merci soen fir hiren Engagement an dësem Veräin, a wënschen där aktuell verantwortlecher Equipe vill Freed am neie Sall, an eng glécklech Hand fir dësen traditiounsräiche Club an d'Zukunft ze féieren."

Traditionell gouf duerno d'Bändchen duerchgeschnidden an de Sall domadder symbolesch un d'Jugend aus der Gemeng iwwerreecht. Beim Patt a bai enger Grillade gouf an de Weekend eragefeiert. An d'Leit déi do waren, hunn sech nees un hir Jugend erënnert gefüllt, wéi bis Owes spéit Kicker, Billard asw. gespillet gouf. En Owend mat der Jugend, een Owend énnert der Jugend, bref, et war einfach némme schéin!



BUERGBRENNEN 2017: „DI HALER LEIT“ ËNNERSTËTZEN EUROPA DONNA MAT ENGEM SCHECK VUN 1.000 €

Text: Annette Klein



Vum Haler Buergbrennen 2017 hunn „di Haler Leit“ den 19. Abrëll den Erléis vun 1.000 € un Europa Donna iwwerrechtfertigt. Dëst Joer e spezielle Merci un all déi drei Matbierger, déi trotz Fiichtegkeet a Keelt sech et net huele gelooss hunn bei der aler Traditioun derbei ze sinn an désen Don erméiglecht hunn.

« AMICALE VUN DE CHRËSTNECHER EEDEMEN » TRAF SICH

Text & Foto: Denis Dimmer



Vor 14 Jahren wurde die « Amicale vun de Chrëstnecher Eedemen » auf Initiative von Pierre Majerus und Aloyse Jacob ins Leben gerufen. Mitglied dieses Freundeskreises können all die Männer werden, die mit einem « Chrëstnecher Meedchen » verheiratet sind. Kürzlich trafen sich die Eedemen wieder zu einem Konventiat, und Pierre Majerus, Aloyse Jacob, Charel Schmit, Patrick Schaack und Luss Kapp hatten für diesen Tag ein anspruchsvolles Programm zusammengestellt. Das Treffen begann mit einer Messe in der Kirche von Waldbillig, die von Pfarrer Robert Kuzwela zelebriert wurde. Der Gottesdienst wurde gesanglich gestaltet vom Gesangverein Waldbillig/Befort/Haller unter der Leitung von Claude Schmit ; Mil Eischen begleitete den Chor an der Orgel. Im « Hentgesbau » in Waldbillig wurden die Teilnehmer von Bürgermeister Jean-Luc Schleich und Schöffin Andrée Henx-Greischer empfangen ehe sie sich zum Mittagessen im Hôtel Kinnen in Berdorf trafen. Dieses erfolgreiche Treffen wurde abgeschlossen mit einer Besichtigung des Aquatowers in Berdorf.

MIR GRATULÉIERE GANZ HÄERZLECH!

Text & Foto: De Schäfferot

96. Gebuertsdag

De 5. August 1921 gouf d'**Madame Sisy Mathes-Ries** von Haler am Mëllerdall als fënneft vu sechs Kanner gebuer. Sie ass d'Duechter vum Här Jean Ries an der Madame Catherine Ernzen. Am Joer 1948 hat d'Madame Mathes-Ries sech mam Här Arthur Weis gebietech vu Breidweiler bestuet, dee leider vill ze fréi am Joer 1955 verstuerwen ass. Am Joer 1957 huet d'Madame Ries den Här Léon Mathes von Haler bestuet.

Madame Sisy Mathes-Ries huet 4 Kanner krit wouvun ee Meedchen 1972 duerch en Autosaccident em Liewe komm ass. Sie huet zwee Enkelkanner.

De Schäfferot huet der Madame Mathes-Ries ganz häerzlech Gléckwünsch fir hire 96. Gebuertsdag iwwerbréngt ge-looss a wünscht hir an hirer Famill all Guddes fir d'Zukunft! Dobäi gouf de Wonsch respektéiert, fir keng offiziell Feier ze maachen.

90. Gebuertsdag

De 24. Abrëll 2017 hat de Schäfferot an de Comité vu Jonk an Al vun der Gemeng Waldbëlleg d'Freed fir mat der **Madame Jeanne Alf-Nilles** an hirer Famill op hiren 90. Gebuertsdag unzestoussen. Bei engem Pättche mat gudde Schnittercher huet d'Madame Alf-Nilles verschidden Anekdoten aus hirem Liewe gezielt.



Madame Jeanne Alf-Nilles as den 13. Abrëll 1927 op Ouschterdag zu Dippech gebuer, sie war dat jéngst vun zwee Miedercher. D'Madame Jeanne Alf-Nilles huet hire Mann Raymond Alf am Hotel Brasseur an der Stad kennegeléiert. Sie hunn sech den 18. August 1951 zu Dippech bestuet, a sie hun dee selwechten Dag Owes zu Haler am Hotel ugefaangen ze schaffen. Sie haten den Hotel an engem schlechten Zoustand iwwerholl, an hu vill geschafft fir aus dem Hotel Alf dee Betrib ze maachen deen iwvert eis Grenzen eraus ganz bekannt war. Mei wei 45 Joer hunn d'Madame Jeanne Alf-Nilles an hire Mann Raymond Alf zesummen am Hotel geschafft, éier si an d'Pensioun gaange sinn.

Madame Jeanne Alf-Nilles an hire Mann Raymond Alf hun eng Duechter, véier Enkelkanner a sechs Urenkelen.

Mir wenschen der Madame Jeanne Alf-Nilles zesumme mat hirem Mann an hirer Famill dat Bescht fir Zukunft an dat bei enger gudder Gesondheet!

90. Gebuertsdag

De 26. Juni 2017 hat de Schäfferot d'Freed fir mat der **Madame Charlotte Huss-Komes** an hirer Famill op hiren 90. Gebuertsdag unzestoussen. Bei engem Pättche mat gudde Schnittercher konnte mir ee puer schéi Momenter mat der Madame Huss-Komes am Krees vun hirer Famill verbréngen.

D'Madame Huss-Komes gouf de 26. Juni 1927 zu Stroosse gebuer. Si wunnt zénter 1946 zu Chrëschtnech an ass 1951 mam Här Ernest Huss vu Chrëschtnech bestuet ginn. Aus hirem Bestietnis goungen dräi Kanner ervir, d'Juliane, de Pierre an de Fernand. D'Jubilarin ka métterweil och op 8 Enkelkanner an op een Urenkel houfreg sinn.

Mir wenschen der Madame Charlotte Huss Komes an hirer Famill dat Bescht fir Zukunft an dat bei enger gudder Gesondheet!



Donneschdes, de 16. Mäerz 2017 um 18.00 Auer am Veräinsbau zu Chrëschtnech

EE BAM FIR ALL NEIGEBUEREN AUS DER GEMENG VUM JOER 2016

Text: L.S. | Foto: Filipe Soares



All Joer kommen traditionell eng Rei Elteren der Invitatioun vun der Gemeng no, fir an enger klenger Feierstonn den Neigebuere vum vergaangene Joer ee Bam z'iwwerreechen.

Och dëst Joer koumen de 16. Mäerz 2017 déi meescht Kanner vum Joergang 2016 mat hiren Elteren bis an de Veräinsbau op Chrëschtnech, wou hinne symbolesch hire Bam, dee si sech virdrun erausgesicht haten, iwwerreecht gouf.

De Schäffen- a Gemengerot huet déi nei Matbiergerinnen a Matbierger an hire Kanner häerzlech Wëllkomm geheesch, an a senger Usproch huet de Buergermeeschter de Kanner all Guddes gewënscht fir hir Zukunft an, datt si, wéi hire Bam, wuessen, grouss a staark gi sollen. Den Elteren huet hie felicitéiert an hinne vill Freed mat hire Kanner gewënscht. Dem Message: „*Et sinn déi ongezielten, wonnerschéi Momenter, déi d'Liewe mat engem Kand sou eenzegaarteg maachen. D'Kanner ginn eisem Liewen ee Sénne, si bréngé Sonn an eis Härzer, si sinn onverglächlech!*“ gouf vun allen uwiesenden Erwuessenen zougestëmmt.

D'Gemeng versicht och weiderhin den Elteren an hire Kanner d'Liewen an eiser Gemeinschaft esou agreeabel wéi méiglech ze gestalten.

De Schäffen- a Gemengerot wënscht allen Neigebuere vum Joer 2016 an hiren Elteren all Guddes fir hir Zukunft, Gléck an Zefrittenheet a virun allem eng gutt Gesondheet!

D'Kanner vum Joer 2016 an déi Beem, déi erausgesicht goufe vun hiren Elteren:

Romy	Cornelius	e Kiischtebam
Charel	Faltz	e Walnossbam
Diego Filipe	Gomes Gameiro	e Kiischtebam
Diogo Miguel	Gomes Gameiro	e Kiischtebam
Romy	Hau	eng Eech
Celina	Mannes	e Kiischtebam
Clara	Marques Valente	e Kiischtebam
Beatriz	Martins da Costa Luena	/
Mya	Moreira	en Nëssert
Charel	Muller	kritt de Bam 2018
Jeff	Muller	ritt de Bam 2018
Marco	Muszalski	e Kiischtebam
Kristian	Nedelchev	e Kiischtebam
André Lou	Schickes	e Kiischtebam
Kirsi	Schockaert	e Kiischtebam
Max	Friedrich	e Kiischtebam
Alex	Dias Hansen	eng Eech



De Weekend vum 31. Mäerz op den 2. Abrëll 2017

LIGHT IT UP BLUE

Text: L.S. | Foto: Fernand Huss



De Weekend vum 31. Mäerz op den 2. Abrëll huet d'Gemeng, wéi am Joer 2016 och, nees bei der Aktioun *Light it Up Blue* matgemaach, an den Hentgesbau, wéi och d'Kierch zu Chrëschtnech blo beliicht.

All Joers den 2. Abrëll ass de Weltautismusdag, dee säit 2008 duerfir do ass, fir d'Leit op der ganzer Welt fir den Autismus ze sensibiliséieren.

Dës Solidaritätsaktioun, un där d'Gemeng Waldbéleg dëst Joer eng zweete Kéier matgemaach huet, ass een Appell fir méi Respekt virun de Rechter vu Mënsche mat Autismus. Dës Aktioun plädéiert fir eng gréisser Participatioun an Integratioun vu Mënsche mat Autismus an eiser Gesellschaft, déi zu enger wierdeger a generéiser Zukunft fir eis all bäidroe géif!

Op Opruff vun der Autisme A.s.b.l., der Fondation Autisme Luxembourg an der Association des Parents de Personnes Atteintes d'Autisme de Luxembourg a.s.b.l. hu mir decidéiert nees bei dëser Solidaritätsaktioun matzemaachen. Eng ganz Rëtsch Entreprisen, Gemengen a Verwaltungen hunn am Land fir dee Weekend hier Gebailechkeeten a bloem Licht presentéiert. Anerer hunn hir Mataarbechter motivéiert sech blo ze kleeden oder duerch eng Fundraising Aktioun participéiert. *L'union fait la force!* Nieft der bloer Beliichtung vum Hentgesbau an der Kierch zu Chrëschtnech huet de Gemengerot een Don op ee gemeinsame Kont vun deenen dräi virdru genannten Organisatiounen iwwerwisen.

SOLIDARITÄT MIT DEM TIBETANISCHEN VOLK!

Text: L.S. | Foto: Filipe Soares

Vom 6. bis zum 13. März 2017 wehte wieder die **tibetanische Landesflagge** vor dem Hentgesbau, vereint mit der luxemburgischen Fahne und der Fahne Europas.

Wie bereits in den Jahren zuvor, folgte die Gemeinde auch dieses Jahr damit dem Appell der *Les Amis du Tibet*, einem Interessenverein, der sich seit Jahrzehnten für die Rechte des durch China unterdrückten tibetanischen Volkes einsetzt. Des weiteren setzt besagter Verein sich ein für die Verbesserung der Lebenssituation der Tibetaner im Exil und für die Verbreitung der tibetanischen Identität und Kultur.

Die Gemeinde setzt mit diesem symbolischen Akt ein Zeichen der Solidarität. **Das Recht auf Selbstbestimmung und Souveränität der Völker, das Recht der Unversehrtheit der Landesgrenzen und die Wahrung der Menschenrechte in allen Ländern sind eine unabdingbare Voraussetzung für den Frieden in der Welt.** Das tibetanische Volk wurde dieser Freiheiten beraubt durch die Volksrepublik China, welche bis heute diesen Akt der Unterdrückung nicht rückgängig gemacht hat.

Jeweils immer während einer gesamten Woche um den 10. März eines jeden Jahres wird die tibetanische Flagge auch in Zukunft vor dem Hentgesbau gehisst werden, verbunden mit dem Wunsch und der Hoffnung, daß China die Unterdrückung des tibetanischen Volkes endlich aufgibt und Tibet das Recht auf Souveränität und Freiheit der Kultur wiedererlangen kann.



Donneschdes, den 22. Juni 2017

NATIONALFEIERDAG 2017

Text: L.S. | Fotoen: Filipe Soares

Wéi traditionell all Joer, hat d'Gemeng all Matbiergerinnen a Matbierger, d'Veräiner an d'Enseignanten mat de Schoulkanner agelueden, fir eist Land an de Staatschef ze feieren um Virowend vun Nationalfeierdag 2017.

Wéi déi Deeg virdru, war ét um Virowend vun Nationalfeierdag schmeier waarm, eng richteg Afenhëtzt! Géint siwen Auer sinn déi interesséiert Veräiner a Leit zu Waldbëlleg bei der Entrée vun der Maison relais beienee komm, wou ee Cortège opgestallt ginn ass, énnert der Leedung vum Pompjeeskommandant. Virop d'Veräinsfändelen, d'Pompjeeën an d'Jugendpompjeeën, d'Waldbëlleg Musek, de Gemengerot an d'Administratioun, Vertriederinnen a Vertrieder vun de lokale Veräiner an Enseignanten a Bierger sinn op d'Tein vun engem feierleche Marsch bis an d'Waldbëlleg Kierch getréppelt, wou den Här Paschtouer Robert Kuzwela an de Gesank Sang mat Waldbëlleg-Haler/Beefort énnert der Leedung vum Här Claude Schmit op de Cortège vun de Leit gewaart hunn.

An der gutt gefällter Kierch, an där et agreeabel kill war, huet de Gesank Sang Mat Waldbëlleg-Haler den traditionellen TE DEUM zu Éieren vun eisem Groussherzog Henri ugestëmmt, duerno ass d'Sonnerie nationale gespilt gi vun der Waldbëlleg Musek. Ofschléissend hunn all d'Leit a Begleedung vum Gesank a vun der Waldbëlleg Musek feierlech déi éischt an déi lescht Strof vun eiser Heemecht gesongen. Et leeft engem all Kéier ee schéine Schudder de Réck erof, wann een héiert, wéi d'Leit alleguer geréiert an houfreg d'Heemecht sangen.

Duerno si vill Leit aus dem TE DEUM, an och nach vill aner Leit, an d'Sportshal op Waldbëlleg komm, wou de Buergermeeschter eng Ried gehalen huet. Et war gutt waarm an der Hal, an et huet schon ee bëssi Disziplin verlaangt, fir nach duerch deen offiziellen Deel an d'Éierungen ze kommen.

De Buergermeeschter huet d'Leit invitíert den Nationalfeierdag bewosst ze feieren. Dat ze feiere wier ubruecht, an dat wier weder nationalistesch ugehaucht, nach populistesch besat. Et dierft een als eegen Natioun feieren – all Lëtzebuerger an all Net-Lëtzebuerger, déi matenee sät Joerzéngte friddlech am Land zesummeliewen. Datt Lët-



zeburg iwverhaapt een eegestännegt an onofhängegt Land wier, wier guer net esou evident gewiescht, wann een op d'Turbulenzen vun der Geschicht kuckt, deenen eist Land ausgesat war: „*Emmer nees war Lëtzeburg een Thema am Denken an am Handele vun de groussen europäesche Muechten. Déi europäesch Geschicht hat nach émmer een direkten Impakt op d'Geschicht vun eisem Land. Et war schlussendlech den 11. Mee 1867 – also viru genee 150 Joer – énnert dem Wëllem III., wou eis Eegestännegkeet an Onofhängegeet am Traité vu London confirméiert gouf.*“ De Bléck an d'Geschicht vun eisem Land wier dann och wichteg, fir de Kontext ze verstoen, an deem sech eist Land entwéckele konnt an zu deem gi konnt, wat et haut ass. „*Ouni den enke Kontakt mat deenen aneren europäeschen Natiounen, ouni déi europäesch Iddi, wou Lëtzeburg vun Ufank un derbäi war, ouni den europäesche Bannemaart, wiere mir haut mat Sécherheet net dat, wat mir sinn.*“

Europa an d'Politik wieren awer generell an enger déiwer Kris. Et dierft een sech och net just domadder zefridde ginn, datt populistesch Parteien déi rezent Wahlen an den Niederlande, an däitsche Bundeslänner an a Frankräich net gewonnen hätten. Nee, et misst ee ganz déifgräifend Froen opgräifen, an als Politik Äntwerten dorop fannen, och wann dat elektoral wéi doe géif. Déi Froen, déi ze stelle wieren: „*wat ass Solidaritéit? Wéi reagéieren op de Wildwuchs vum Turbokapitalismus? Wéi eens ginn mat enger Flüchtlingskris, déi déi gréissen ass zanter dem 2. Weltkrich? Wéi kënne sech an enger globaliséierter Welt grondsätzlech énnerschiddlech Kulturen vermëschten, integréieren, ergänzen a weiderentwéckelen? Wéi begéine mir dem Terrorismus? Wéi garantíiere mir Sécherheet ouni méi Iwwerwaachung? Wéi wäit geet Meenungsfräiheit? Wéi émgoen mat de Reliounen? Wéi kréie mir eng méi gerecht Verdeelung vun de Gidder an de Räichtemer op der Welt hin?*“ Wéi brénge mir et fäerdege, datt de Mënsch – als Mënsch – an dëser schnellieweger Zäit net ze Gronn geet, well en émmer méi iwverfuerdert ass an enger émmer méi reng digitaler Welt? Ee Mënsch ass kee Computer! Wéi soll eis Land wusse? Wéi kënne mir – an haut spiere mer et – derfir suergen, ee globaal Ëmdenken ze garantíieren wat de Schutz vun der Natur an dem Klima ugeet? An iergendeng Kéier kënnt déi existenziell Fro vun de Ressourcen an do uewenop déi vum Waasser.“

D'Politik wier elo gefuerdert, méi, wéi jee, fir op déi dote

Froe konkret Äntwerten ze fannen, well soss wier et just nach eng Fro vun der Zäit, bis awer nees radikal a populistesch Majoritéiten an eiser Demokratie gebild kéinte ginn. Et dierft een awer net op iergendee Politmessias waarden, a vun deem Wonner verlaangen. Nee, d'Gesellschaft misst mathëllefen Äntwerten op déi Froen ze fannen. Et wier ganz geféierlech net drop ze reagéieren, datt radikal Tendenzen einfach Äntwerten op komplex a schwierig Froe ginn, an domadder Leit iwverzeeght kriiten. Et misst een sech all zesummen géint een Ausserneedrifte vun de Gesellschaften stäipen. Sou huet de Buergermeeschter gemengt: „*Ech denken, datt een d'Äntwerten op all déi Froen och an engem europäesche Kontext sichen a fanne muss – an engem Europa, da erauskomme muss aus senger Kris, een Europa, an deem d'Leit neess eng Hoffnung erkennen, amplaz eng Belaaschtung an een iwwerflëssegem Beamtenapparat.*“

De Buergermeeschter ass dann och der Meenung gewiescht, datt Lëtzeburg, duerch seng Eegenaart, duerch seng Geschicht a seng demografesch Struktur een idealen Terrain wier, fir op déi Froen Äntwerten ze fannen an doduerch deenen anere Länner ee Virbild si kéint. Lëtzeburg wier ee Land, wat „*Geschicht an Tradition mat Fortschritt an Innovation verbanne kann*“. Dat hätt eist Land schon dacks bewisen, an et wier nees un der Zäit dat ze maachen. Mir wierte just opgefuerdert, all eng Hand mat unzepaken, an eis fir d'Gesellschaft z'engagéieren. Mir dierften keng Gesellschaft ginn vu rengen Individualisten an Egoisten!

Duerfir huet de Buergermeeschter ganz besonnesch deene Leit ee ganz groussen an häerzleche Merci gesot, déi sech am Benevolat, an de Veräiner, am Pompjees- a Rettungswiesen, an de soziale Beräicher an och soss engagéieren. Hiren ongebremsten Idealismus wier den Nährbuedem, deen elo gebraucht géif ginn, fir des Gesellschaft virunzebréngen, an op all déi wesentlech Gesellschaftsfroen, vun deene riets war, eng Äntwert ze fannen.

Weider ass et am Programm gaangen mat der Éierung vu verdéngschvolle Memberen aus de Veräiner, a vu Leit, déi Landesmeeschter/in an hire Sportaarte gi sinn oder soss grouss Leeschtunge bruecht hunn:

D'Waldbëlleg Musek:

- Insigne fir 5 Joer aktive Member:

Zohra Barthelemy
Cynthia Schintgen
Jil Winandy

- Médaille de mérite en bronze fir 10 Joer aktive Member:

Maud Moulin
Jonathan Sobral
Jang Winandy

- Médaille de mérite en vermeil avec palmette fir 40 Joer aktive Member:

Jacqueline Penning-Van de Maele

Pompjeeën Gemeng Waldbëlleg

Jugendofzeechen:

Bronzemedail (gëtt am Alter vun 9-10 Joer gemaach):
Benny Michels

Sélwermedail (gëtt am Alter vun 12 Joer gemaach):
Max Müller

Jugendflamme 1:

(Jugendflamme ass eng Auszeichnung am Kader vun der Ausbildung vun deenen däitsche Kollegen. Eis Jugendlech hunn dëse Brevet an engem Zeltlager offiziell ofgeluecht)
Max Müller
Gabe Stevens
Daniel Wagner

Jugendflamme 2:

Max Cales
Nadja Colbach
Sven Gräff
Luc Nilles
Jérôme Schiltz
Noah Stevens
Max Wagner

Erwuesse Pompjeeën:

- Bronzemedail fir 15 Joer aktiven Déngscht:
Roland Wagner

- Sélwermedail 20 Joer aktiven Déngscht:
Jonathan Thill
Nicolas Thill

- Goldmedail mat Kroun fir 30 Joer aktiven Déngscht:
Bonarius Bos

Badminton Waldbëlleg

D'Scolaires Ekipp ass Landesmeeschter ginn!

Kim Schmidt (14 Jar):

- Landesmeeschterin bei de Minimes am Eenzel;
- Landesmeeschterin mam Kim Edysson (Jonglënster) bei de Minimes am Doubel;
- Landesmeeschterin am Dammen Eenzel C (et geet vun A-D)

Kim Schmidt an Michèle Havé:

Vize-Landesmeeschterinnen am Dammen Doubel C

Alain Wenner:

Vize-Landesmeeschter bei de Veteranen


Dëschtennis**Sarah De Nutte:**

Last but not least ass et all Joer nees eng Freed fir de Buergermeeschter, fir kënnen d'Sarah de Nutte um Virowend vun Nationalfeierdag begréissen ze dierfen. D'Sarah iwwerzeegt all Saison mat iwwerragende Leeschungen an d'Gemeng ass houfreg esou eng aussergewéinlech Sportlerin ze hunn.

Hei eng Opzielung vum Sarah sengem Palmarès vun der leschter Saison:

- *Landesmeeschterin am Eenzel;*
- *Landesmeeschterin am Doubel an dëst zénter 2010, also schon 8 Mol, mam Tessy Gonderinger;*
- *3. Plaz op de Luxembourg Open ;*
- *Op de leschten Europameeschterschaften zu Budapest ass d'Sarah bis an d'Véirelsfinale am Doubel komm mam Ni Xia Lin. Si hunn d'Bronzemedaille just ém en Hoer verpasst!*
- *Bundesliga an Däitschland: 5. bescht Bilanz vun der ganzer Liga.*





TOURISTCENTER HERINGER MILLEN

AKTIVITÉITEN NET NËMME FIR KANNER

Text & Fotoen: Joyce Petry & Robi Baden



Datt den Touristcenter Heringer Millen am Kader vu Schoulausfluch a Kannergebuertsdeeg ee flotten Animatiounsprogramm ze bidden huet dierft anzwësche bekannt sinn. Mee hutt Dir scho von eisen Offere fir Familljefester, Betriebsausfluch oder gemittlechen Deeg énner Frénn héieren?

Dir kënnt beispillsweis fir Äre Gebuertsdag eng guidéiert Wanderung buchen. Op de Weeér laanscht eis typesch Fielsen a Bächelcher gëtt de Mister Mullerthal (wéi en vun enger Däitscher Zäitschrëft betitelt gouf), de Robi Baden Insidertipps zum Möller dall. Am Bësch erwaart lech ausserdeem een deftege Picknick mat regionale Produite wéi Wéldsalami, frëschem Millebrout a Crémant mat Beforter Cassero.

Méi formell kann een an eisem grousse Kärespäicher am Touristcenter feieren, wou een sech d'lessen vun der Brasserie Heringer Millen ka komme loossen. Je no Feier kann natierlech entsprielich dekoréiert ginn.

Awer och mat Hochzäiten a gréisser Firmenfeiere vu bis zu 350 Persounen hunn mir schonn Erfarunge kenne sammelen. Sou hunn d'láscht Joer beispillsweis déi Däitsch Botschaft vu Lëtzebuerg, Luxspace, an PricewaterhouseCoopers mat enger selleche Gréissten aus Wirtschaft a Politik zu eise Gäsch gezielt. Eise flotten Ausseberäich bitt eng grouss Unzuel u Méiglechkeete fir fir all Feierlechkeet de passenden Amenagement ze kreéieren. Wat de Catering ugeet, do ass vum einfache Barbecue bis hin zum Gala Diner alles méiglech! Kombinéiere kann een dat Ganzt mat flotten Animiatiounen fir d'Kanner.

Fir Är Betriebsfeier kenne mir och gären zousätzlech eng ganz Rëtsch un Team Building Aktivitéiten ubidden. De Body Soccer an d'Klotermauer zielen zu eise Bestseller!

Also zéckt net lech bai eis ze melle wann dat nächst Fest an d'Haus steet. Et gëtt émmer ee Grond fir ze feieren!





E STOPP FIR DE MUPP!

ËM WAT GEET ET?

Et geet drëm all Zorten von Plastiks-Stëpp ze sammelen. Dës Stëpp keeft Valorlux eis of fir **250,00 € PRO TONN.**

Den Erléis vum Verkaf vun dëse Stëpp erméiglecht dann d'**AUSBILDUNG VUN ENGEM BEGLEEDHOND FIR BEHËNNERT LEIT** ze finanzéieren.

Esou eng Ausbildung kascht 13.000,00 Euro, an dofir muss een 52 Tonnen Stëpp oder +/-35.000.000 Stëpp sammelen.

DOFIR MAACHT OCH DIER MAT, A SAMMELT FLÄSSEG STËPP!

Dir kënnt se an der Entrée fir an d'Maison Relais oder an der Sportshal ofginn.

Mir hoffen op är Hëllef kënnen ze zielen a soen am Viraus MERCI

D'Kanner vun der Grondschoul Michel-Rodange

SCH
OU
L

ÉCOLES

CYCLE 4.2.

EISE BESUCH AN DE LYCÉE VUN DIKRECH

Text: Soraya Speidel & Aline Larosch

Mir ware méindes, de 7. Dezember mat eiser Klass zwee Lycéeën op Dikrech besichen. Moies ware mir den Nordstad Lycée kucken (NOSL) a mëttes de Lycée Classique Diekirch (LCD).

Als éischt goufe mir am Nordstad Lycée ronderëm gefouert a krute villes erkäert. Mëttes hu mir dann am Nordstad Lycée giess, mir kruten Nuddelen mat Bolgonaisezoos, Zalot an e klengen Dessert. Et war och nach eng aner Grond-schoul do.

Mëttes si mir eriwwer bei den LCD geträppelt. Mir goufen direkt an d' Bibliothéik gefouert, mir kruten do vill Saachen erkläert. Mir goufen duerch de ganzen LCD gefouert. Géint 3 Auer si mir nees Heem gefuer.

Merci fir den Dag!



CYCLE 3

DER ZERSTREUTE WEIHNACHTSMANNN

Text: Noah, Sam, Fabio P. und Fabio G.

Für den Nikolaus haben wir dieses Jahr das Musical „Der zerstreute Weihnachtsmann“ aufgeführt.

Wir haben viel geübt und es hat uns Spaß gemacht.

Jeder hatte eine tolle Rolle.

Es gaben viele Wichtel, 4 Rentiere, einen Weihnachtsmann, fünf Kinder und einen Mond.

Wir haben alle Eltern eingeladen.

Am Schluss bekamen wir einen großen Applaus.

Als Belohnung bekamen wir vom Nikolaus ein Buch und ein „Boxemännchen“.



CYCLE 4.2.

WEIHNACHTSMARKT 2016

Text: Lynn Marchal & Leyla Barthelemy

Am Weihnachtsmarkt 2016 hatten auch wir, der Cycle 4.2, zum ersten Mal einen eigenen Stand. Mit dem Erlös wollten wir helfen unseren Schulausflug zu finanzieren.

Aus diesem Grund bastelten wir eifrig kleine Weihnachtsgeschenke: Ohrringe aus getrockneten Blumen, verpackt in weihnachtlichen Umschlägen; in Geschenkpapier verpackte Rollen, in denen sich die eine oder andere Überraschung befand; kleine Kugeln aus Cornflakes und Schokolade, die wir liebevoll in kleinen Tütchen verpackt hatten; tellergroße Weihnachtssterne in den verschiedensten Farben zum Aufhängen. Auch die Antistressbälle waren kunterbunt und hatten viele unterschiedliche Gesichter. Am meisten abverlangt hatten uns jedoch die hölzernen Bilder. Wir hatten Nägel eingeklopft, sodass es eine Stern- oder Tannenbaumform ergab und Wolle darum gewickelt. Oft auch waren die Tannenbäume mit Schmuck aus Perlen oder kleinen Glitzersternchen verziert.

In kleinen Gruppen und in verschiedenen Schichten verkauften wir unsere Sachen bis 19 Uhr. Uns allen hat das Basteln und Verkaufen viel Freude bereitet und es ist traurig, dass dies unser letztes Mal war.

CYCLE 1

KLEESCHEN 2016

CYCLE 3

FRANZÖSISCHE SKETCHÉ

Text: Chiara, Karim, Pol und Liz

Zuerst haben wir Gruppen gemacht.
Jede Gruppe hat ein Thema gezogen.
Danach musste jede Gruppe ein Theaterstück zu diesem Thema schreiben und einüben.
Jede Gruppe hat es auswendig gelernt und danach den Klassenkameraden vorgespielt.
Das war witzig und toll.

CYCLE 3

LUXEMBURGISCHE LIEDER UND SKETCHÉ

Text: Sandy, Jessica, Linda, Finn und Marc

Wir haben luxemburgische Lieder und Sketché mit unseren Lehrerinnen eingeübt!
Dann hat das Zyklus 3 dem 5ten und dem 6ten Schuljahr es vorgetragen.
Es hat uns gut gefallen.

CYCLE 4.2

PAUSENAKTIVITÉIT ZIRKUSSHOW

Text: Kevin Richard

Eis Schoul vu Waldbëlleg hat an der Woch vum 16. bis den 20. Januar d' Pausenaktivitéit. Dëst Joer war um Programm eng Zirkusshow virzebereeden a virzeféieren.

Deel geholl hunn d'Joffer Sarah, d'Joffer Martine an d'Joffer Joëlle mam Cycle 1, d'Joffer Laura mam Cycle 2.1, de Schoulmeeschter Mike mam Cycle 2.2 mixte, d'Joffer Claudine mam Cycle 2.2, d'Joffer Isabelle an d'Joffer Malou mam Cycle 3.1 ennert der Leedung vun der Joffer Françoise, d'Joffer Marie-Lou an d'Joffer Nadine mam Cycle 3.2, d'Joffer Manon an d'Joffer Christine mam Cycle 4.1 an d'Joffer Julie mam Cycle 4.2.

Natierlech misst et e Gewënner ginn, an dat war dëst Joer der Joffer Nadine hiren Cycle 3.2. Mee am Allgemenge waren all d'Gruppe gutt an et huet och ganz vill Spaß gemaach.

CYCLE 2, 3 & 4

LIESOWEND 2017

Text: C. S. & N. G. & I. S.

Och dëst Joer hunn d'Responsabel vun der Schoulbibliothéik nees eng flott Aktivitéit fir d'Kanner organiséiert.

D'Schüler hu sech Mëtt Februar op e Liesowend an der Schoul getraff.

D' Kanner aus dem Cycle 4 hunn de Kanner aus de Cyclen 2 an 3 Bicher a Geschichte virgelies. Souwuel de Kanner wéi och den Enseignant'en huet dësen Owend gutt gefall.



CYCLE 3.2, 4.1 & 4.2

KACHATELIER MAM BEN WEBER VUM „GUDDE KASCHT“

Text: S.T.

Am Kader vun der „Semaine de l'Antigaspillage“ huet de Ben Weber am Mäerz e Kachatelier ugebueden, un deem d'Kanner vum C3.2, C4.1 an C4.2 zesumme mat engem Elterendeel konnten deelhuelen.

Et goufe Rezepter ausprobéiert bei deenen ee Reschter ka verwäerten. D' Participanten hate vill Spaass an d'Rezepter ware wierklech lecker.





CYCLE 1

DEN C1 WAR AN D'STAD AN DE MUSÉE

Text: J.N.

Zum Schluss vum Schouljoer hunn d'Kanner aus der Spillschoul en Ausfluch an d'Stad gemaach wou si am Musée de l'histoire de l'art villes vu fréier entdecke konnten, ënnert anerem en Nobau vun der Karelslé vu Waldbëlleg. An engem Workshop sinn egee Biller gestalt ginn an um Wee fir bei de Bus hu se nach d'Monument vum Michel Rodange an dem Renert besicht.



CYCLE 4.2.

ANTI-DROGENTAG IN BEEFORT

Text: Zoé Schmitz & Jana Azzeri

Am 26.05.2017 sind wir, der Zyklus 4.2, nach Beefort in die Jugendherberge gefahren. Dort haben wir am Morgen, zusammen mit den Klassen aus Beefort eine Präsentation von Laurent Goedert über die Gefahren von Drogen besucht. Laurent Goedert hat uns erklärt und gezeigt, welche Drogen es gibt, und welche legal oder illegal sind.

Am Nachmittag, haben unsere Lehrer uns in Gruppen aufgeteilt, weil wir eine Rallye gemacht haben. Wir haben Spiele gemacht und mussten Fragen beantworten. Zum Schluss bekam das Siegerteam einen Preis. Außerdem haben wir auch noch einen Malwettbewerb gemacht und da bekamen die Sieger auch einen Preis. Dann fuhren wir wieder nach Hause. :-)



CYCLE 2

SCHOULGAART

Text: S.T.

Den C 2 huet neess flässseg am Gaart gewuddert a vill Kraut gerappt.

An der Klass hunn d' Kanner Bounen an Ierbessen virgeziicht an duerno an de Gaart geplantz.

Och wann der puer agaangen sinn, sou gesät et aus, wéi wa mir dëst Joer eng kleng Recolte kéinte maachen.

Leider ginn et och Leit, déi d'Aarbecht an d' Installatioun vun de Kanner net èmmer respektéieren. Et si Bounestaange verschwonnen a beim Waasserschloss gouf eng Kescht futti gerappt





SCHÜLERPARLAMENT

BEIM BÜRGERMEISTER

Text: Lucie Massen, Maëlle Da Silva Freitas, Bryan Weis und Ermal Hodza - Cycle 4.1

Am 28. Juni 2017 war das Schülerparlament „Eis Meenung“ zu Besuch bei Jean-Luc Schleich, dem Bürgermeister der Gemeinde Waldbillig. Wir waren im Büro, in dem er arbeitet.

Wir haben viele Fragen gestellt und alle wurden beantwortet. Die Fragen waren zum Beispiel: „Was ist Ihr Beruf?“ oder „Wann wurde die Schule gebaut?“

Außerdem haben wir Apfelsaft bekommen und ein Teilchen, das sehr gut geschmeckt hat. Es war schön, im Büro des Bürgermeisters zu sein. Die Antworten auf unsere Fragen waren sehr interessant und wir haben sogar ein Foto neben der Statue von Michel Rodange gemacht!

Danke Bürgermeister, für diesen netten Nachmittag!



CYCLE 4.1

VERKEIERSGAART MONDORF

Text: Anne-Sophie Luis

Wir, die Klasse 4.1, waren am 2.06.2017 im Verkehrsgarten in Mondorf, wo wir das richtige Verhalten als Fahrradfahrer auf der Straße geübt haben.

Am Anfang lernten wir verschiedene Schilder kennen. Anschließend wurde unsere Klasse in zwei Gruppen geteilt. Die eine Hälfte aßen für die Pause und gingen auf den Spielplatz, die anderen fuhren Fahrrad. Die Fahrräder wurden nach unserer Größe verteilt.

Beim Fahrradfahren wurde uns beigebracht, die Schilder auch zu beachten.

Am Anfang sind wir oft fast zusammengeknallt. Aber niemand hat sich dabei verletzt.

Wir haben natürlich alle einen Helm getragen.



Wir wurden „bewacht“ von einer Polizistin und natürlich unseren Lehrerinnen Christine Kieffer und Manon Bastin.

Wir haben neben einem Restaurant gegessen. Wir hatten alle ein Picknick dabei und uns allen hat es geschmeckt.

Wir hatten viel Spaß.



CYCLE 3

DER SCHULSPORTTAG

Text: Charlotte, Leo, Loriane, Leia & Yannick

Der Zyklus 3 hat einen Schulsporttag organisiert.

Wir hatten Basketball, Volleyball, Walking und Tischtennis.

Der Tischtennisclub aus Haler-Larochette hat uns Tischtennis beigebracht.

Der Basketballclub kam aus Heffingen und hat uns Basketball beigebracht.

Es war sehr cool.



CYCLE 4

EISE SCHOULSPORTDAG AM CYCLE 4

Text: Maurane Moulin & Amélie Huynh

Een schéine sonnegen Dag am Mee ass de Cycle 4 op de Golf zu Chrëschtnech gaangen. Well mir net wäit hu missen goen, si mir natierlech zu Fouss gaangen.

Wéi mir ukomm sinn, hunn d'Jofferen eis a Gruppen agedeelt, an all Grupp krut e faarwegt Bändchen. No all den Erklärungen zum Golfspillen hu mir endlech dann mat den Übungen ugefaangen. Als Exercicer hu mir z.B. geléiert wéi een e Golfschléier hält oder mir hu geléiert wéi ee schéisst... Well de Golf sou spaasseg war, hunn d'Jofferen och matgespillt. All Grupp krut déi verschidden Golfschléier gewisen a gesot wéi se heeschen.

Fir Mëttegiessen konnten mir op d'Terrasse iessen goen. No der grousser Paus huet e ganz gudden Golfspiller eis gewisen, wéi een mat engem Golfschléier ganz wäit schéisse kann. Duerno konnte mir op enger grousser Wiss och probéieren wäit ze schéissen.

No e puer Stonnen konnten mir dann en Tournoi spilen. Mir goufen an zwou Gruppen agedeelt. Déi eng Grupp konnt „putten“, dat ass ähnlech wéi Minigolf spilen, an déi aner Grupp konnt um groussen Terrain spilen. No enger gudder Stonn hu mir da gewiesselt. Den Tournoi huet eis ganz vill Spaß gemaach.

Éier mir gaangen sinn, kruten mir nach e Golfball an eng Kap geschenkt.

Merci all deene Leit, déi eis Golf geléiert hunn! Wann dir Loscht hutt, kënnt dir fir 5€ (Kanner) oder fir 10€ (Erwuessener) en Dag Golf spilen goen. A fir 20 Bäll musst dir nédden 1€ bezuelen.

Merci fir de schéinen Dag!

CYCLE 4.1

EDWARD STEICHEN – THE FAMILY OF MAN

Text: C.K.

De Cycle 4.1 huet eng Ausstellung zum Thema "Edward Steichen – The Family of Man" fir d'Kanner vum Cycle 3.2 an 4.2 gemaach. Nieft interessante Fotoen aus dem Edward Steichen senger Ausstellung sinn och seng Biographie esou wéi selwer gemoolten schwarz-wäiss Biller am Stil vum Steichen senge Photographien gewise ginn.



CYCLE 1

OFKILLUNG AN DER BAACH

Text: J.N..

Bei richteg waarmen Temperaturen kann een d'Schoul och mol an d'Baach verleeën. Hei an der Halerbaach kann ee puddelen, Staudämm bauen, Bulli kachen, Déiererchen beobachten an nach villes méi. A virun allem: et ass eng gutt Erfrëschung!



CYCLE 1

BEIEN

Text: J.N.

En Thema wat d'Kanner aus der Spillschoul dëst Schouljoer faszinéiert huet, wat dat iwwert d'Beien. Vill hunn si driwwer geléiert, gebastelt, gemoolt, gekuckt, geschmaacht..... Den Héichpunkt war e Besuch bei de Beien vum Olga Goedert zu Krëschtnech wou si, am Imkerkostüm, de Beien am Stack konnten nokucken. Och nach dono, émmer wa si an der Gemeng énnerwee waren, hu si Beien entdeckt, schéi Blummewisen an natierlech d'Schélter um Beienentdeckeweéee komentéiert a studéiert.



CYCLE 2

AUSFLUCH VUM C2 OP MUNZEN

Text: M.W.

Déi 3 Klasse vum Cycle 2 hunn hire Schoulausfluch dëst Joer zu Munzen verbruecht.

De 7. Juli sinn d'Kanner mat hire Jofferen an hirem Schoulmeeschter mam Gemengebus op Miersch op d'Gare gefouert ginn. Vun do aus si si mam Zuch bis op Drauffelt gefuer. Do huet schon e Bus op sie gewaart, deen si op Munzen op de Site vun der Robbesscheier bruecht huet.

De ganzen Dag iwwer hunn d'Kanner un eenzelen Atelieren deelgeholl:
D'Kanner hunn sech de Fonctionnement vun enger aler Seeërei ugekuckt oder si hunn e flotten Tour mam lesel geschmaacht.

D'Déieren hunn natierlech och misste gefiddert ginn an d'Kanner konnten d'Déiere vu ganz no erliewen: Kanéngercher, Hénger, Gänsen, Schof, Kéi asw. Souguer an de Schwäistall konnten d'Kanner eran a konnten d'Fierkelcher verwinnen an heemelen.

Eng Kutschfaart mat Schaffpäerd huet och net dierge feelen.

Natierlech ass sou en Dag och ustregend a mécht hongereg. Niewent enger gudder Stäerkung am Restaurant vun der Robbesscheier, huet all Kand sech eng gutt Äppeltäsch an der Bakstuff selwer konnte maachen an dekoréieren. Déi huet natierlech extra gutt geschmaacht.

E schéinen Dag mat ville schéinen Erliefnisser goung leider och erém op en Enn an d'Kanner si mam Gemengebus zréck op Waldbëlleg bruecht ginn.





CYCLE3

AUSFLUG IN DIE STADT LUXEMBURG

Text: Mia, Angie, Lou, Rodrigo & Gil

Wir sind mit dem Bus in die Stadt gefahren.

Nachdem wir ausgestiegen sind, gingen wir zum „Knuedler“.

Mit einer Stadtführerin machten wir eine Rallye.

Danach haben wir ein Geschenk bekommen und sind eine Pizza essen gegangen.

Nach dem Essen spielten wir noch auf dem Piratenschiff.

Das war ein toller Tag.

CYCLE 3.1

AM KANNERDUFERZ ZU MERSCH

Text: Simone Mehlen-Wohl

D'Kommounskanner vu Waldbëlleg soen all deene Leit, di sou léif un si geduecht hun, an een Don un den déieregeschützene pedagogeschen Projet vum Kannerduerf Miersch gemach hun, ee grousse "Merci". Esou sin € 1.210.- zesumme komm!

Den 7. Juli huet dun d'ganz Klass vum Cycle 3.1. mat der Joffer Isabelle Schmitz an e puer Mammen een Ausfluch an d'Kannerduerf op Miersch gemach an d'Kanner sin ganz léif vun der Directrice Mme Brosius empfaange gin.

Si huet hinnen erklärt waat ee Kannerduerf as, wat den déieregeschützene Projet as an wou de Kommounskanner hier gespente Suen investéiert gin. Sou konnten d'Schoulkanner léieren an besser réaliséieren waat mat hierem Don geschitt as an si hun een Abléck an d'Liewen vun engem Kannerduerf kritt.

D'Schoulkanner haaten ee flotten Nomëttag an soen alle Leit Merci déi dozou beigedroen hun fir daat ze erméiglechen.



CYCLE 4.2

REMERSCHEN

Text: Nico Mehlen & Max Müller

Als wir am Montagmorgen an der Schule angekommen waren, stand der Bus bereits parat, schnell noch das Gepäck verstauen und weg waren wir. Nach circa einer Stunde waren wir in Remerschen angekommen.

Da unsere Schlafzimmer noch nicht bereit waren, taten wir unser Gepäck in einen Gemeinschaftsraum und gingen in Badehose nach unten. Dort wartete ein Mann auf uns, der mit uns zu den Baggerweiichern ging. Er hieß Vagi. Am See erklärte er uns, dass wir ein Floß aus Fässern und Holz bauen sollten.

Nach einer Stunde hatten wir ein großes Floß, welches auf dem Wasser schwamm. Wir planschten noch eine Weile im See, dann aßen wir etwas und gingen zu Fuß nach Schengen. In Schengen angekommen bekamen wir ein Eis von der Lehrerin spendiert. Im Europa-Museum in Schengen machten wir ein Paar Aktivitäten und eine Fototallye. Wir haben dabei gelernt, dass das Schengener Abkommen ein Abkommen ist, das bewirkt, dass jeder ohne große Kontrolle über die Grenze innerhalb von Europa (auch Schweiz) reisen kann.

Nach der Fototallye fuhren wir mit dem Bus zur Jugendherberge in Remerschen zurück und aßen dort zu Abend. Danach gingen wir zum „Biodiversum“, wo wir Erklärungen zum Thema Insekten bekamen. Dann durften wir mit den Füßen ins Wasser und probierten mit Netzen und Bechern Fische und Insekten zu fangen. Um 21 Uhr sind wir zur Jugendherberge zurückgegangen und haben unsere Zimmer eingerichtet. Dann mussten wir um 22 Uhr schlafen gehen. Morgens packten wir nach dem Essen alles ein und fuhren ins Museum „A Possen“ in Bech-Kleinmacher. Dort lernten wir wie es früher in der Schule war und wie man Seife macht. Danach stiegen wir wieder zu Pascale in den Bus und fuhren zurück nach Waldbillig.



CYCLE 4.2

SCHWAMMBREVET

Text: Gabe Stevens & Michi Mehlen

E Mëttwoch, de 26. Juni 2017 si mir, de Cycle 4.2 ob Colmar-Bierg schwamme gaangen. D'lescht Joer hu mir all de Bronze-Brevet gemaach an alleguer gepackt. Dëst Joer hu mir de Sëlwer-Brevet gemaach.

Mir hunn dat ganzt 3. Trimester fir dëse Brevet geübt. Mir missten 400 Meter Brasse an 100 Meter um Réck schwammen, an dat énner 20 Minuten. Dann misste mir eng Breet Streckentauche maachen, dat ass wann een eng Breet vum Baseng énner Waasser muss tauchen. Dat huet jidderee locker gepackt. Mee dat war réischt den Ufank, well mir missten nach zwee Reefer vun enger Déift vun zwee Meter erof siche goen. Zum Schluss misste mir nach dräi verschidde Spréng maachen, zum Beispill Kappsprong, Startsprong oder d'Käerz.

Jidderee war frou datt en et gepackt huet. Dái lescht 5 Minutte vun der Schwammstonn si mir gemitterlech ronderëm geschwommen.



CYCLE 4.2

SCHOULFEST 2017

Text: André Dos Santos & Laurent Schaack

Am Ufank vum Schoulfest goufen et flott Spiller. All Klass huet selwer e Spill gemaach. Onst Spill vum Cycle 4.2 huet „Wer bin ich ?“ geheesch.

Wéi d'Spiller am Nomëttag zou gemaach hunn, gouf et eng Zirkusshow. Duerno sinn d'Spiller erëm opgaangen. Eng Stonn méi spéit hat de Cycle 4.2 e Fussballsmatch géint d'Enseignanten. Natierlech huet de Cycle 4.2 gewonnen, mat 12:0. Nom Match sinn d'Spiller net méi opgemaach ginn. Et konnt een némmer nach eppes iessen an drénken.

MAISON RELAIS

MAISON RELAIS

Am Oktober 1994 ass d'Fiissercher a.s.b.l. zu Waldbëlleg gegrënnt ginn, fir de Kanner aus der Gemeng d'Méiglechkeet ze bidden, mat Gläichaltrëgen hir Fräizäit ze verbréngen an déi lëtzebuergesch Sprooch ze léieren.

Am Januar 2007 huet d'Maison Relais fir d'Betreitung vun de Schoulkanner hir Dieren opgemaach an am September vun dem Joer si mir an déi nei Raimlechkeeten am Ubau vun der Grondschoul geplännert.

Dat sinn elo genau 10 Joer hir an fir d'Offer vun der Maison Relais un d'Bedürfnisser vun de Kanner unzepassen an den neien gesetzlechen Virgaben vum Ministère gerécht ze ginn, huet d'Gemeng Waldbëlleg sech engagéiert fir dat fréiert Concierge-Haus bei der Grondschoul émzbauen. Do entstinn Fonktiousreim wéi zum Beispill een Wierkraum, een Snoezelraum (Entspanungsraum) an een Theaterraum.

Déi nei pädagogesch Kichen, déi dann och vun der Précoce, der Spill- an Grondschoul kann an Usproch geholl ginn, erlaabt den Kanner an engem adequaten Kader Liewensmëttel kennen ze léieren an ze verschaffen.

Den 21. Abrëll 2017 ass den éischten Duerchbroch gemaach ginn an de Gemengen- a Schäfferot, d'Memberen vun der A.s.b.l. an déi ganz Equipe vun der Maison Relais freeën sech iech alleguer op enger Porte Ouverte am Fréijoer 2018 bei eis ze begréissen.



Bësch 2016



Findel 2016





Bauerenhaff 2016



Halloween 2016



Kachatelier 2016



Schnéi 2017



Galgembierg 2016



Ouschteren 2017



Beschformatioun Personal 2017




Mëllerdall 2016



Kachatelier 2016



Beschformatioun Personal 2017



Kapla von der Elterevereinigung gesponsert 2017



Rénert-Cup Equipe Fiissercher



Rénert-Cup Equipe Fuuss-ball



Rénert-Cup Equipe Rénernen



Sponsoring T-Shirten Rénert-Cup



D'LASEP

Am September 2004 ass d'LASEP zu Waldbéleg no e puer Joer Ënnerbriechung erëm an d'Liewen geruff ginn. Am Schouljoer 2016-2017 waren 84 Schoulkanner aus dem Cycle 1 - Cycle 4 ageschriwwen.

Eng gesond Liewensweis ass déi bescht Garantie fir eng gutt Gesondheet. Egal wéi al oder wéi sportlech d'Kanner sinn, jiddereen ass an der LASEP wëllkomm. De Sport ass ee wichtegen Bestanddeel am Liewen vun de Kanner, en hëllef hinnen sech ze sozialiséieren an sech ze entwéckelen. D'Kanner léieren spilleresch nei Sportaarten an d'Freed un der Bewegung kennen an d'Leeschtung steet dobäi net am Mëttelpunkt.

Mir stinn lech énnert der Nummer 691 86 09 15 oder 87 88 46-40 téschent 8.00 an 12.00 Auer vun Méindes bis Freides oder énnert lasep.waldbelleg@hotmail.com. fir all Renseignement oder eventuell Aschreiwungen an der LASEP gär zur Verfügung.

Appel un déi lokal Veräiner: Wann dir Zäit an Loscht hutt, ären Sport bei de Grondschoulkanner ze promouvéieren, kënnnt dir eis gär kontaktéieren an déi eng oder aner Kéier an der LASEP laanschtkommen fir de Kanner ären Sport virzestellen!

Après une interruption de plusieurs années, la LASEP a Waldbillig a revu le jour en septembre 2004. Pendant l'année scolaire 2016-2017, le nombre d'enfants inscrits s'est élevé à 84 enfants du cycle 1 - cycle 4.

De façon ludique et dans un cadre plaisant, les enfants apprennent à connaître de nouveaux sports et le plaisir du mouvement et la performance reste secondaire.

Une bonne hygiène de vie est la meilleure garantie d'une bonne santé. Quels que soient l'âge et la condition physique des enfants, tout le monde est bienvenu à la LASEP. Les sport est une composante importante dans la vie des enfants, il les sociabilise et il les aide à se construire.

Pour les inscriptions à la LASEP, contactez-nous au 691 86 09 15 ou au 878846-40 tous les jours entre 8.00 heures et midi du lundi au vendredi, ou écrivez-nous à lasep.waldbelleg@hotmail.com.

Appel aux association locales : En cas d'intérêt, vous pouvez nous contacter pour nous rejoindre lors d'une ou plusieurs séances de LASEP pour promouvoir votre sport.



Lasep-Staff: v.l.n.r eicht Reih: Pauline & Chris, zweet Reih: Joëlle & Claudia

191

V
ER
ÄI
NER

ASSOCIATIONS

BADMINTON WALDBËLLEG | 2016 - 2017

ZU WALDBËLLEG GËTT BADMINTON FIR JIDDWEREEN UGEBUEDEN

Text: Luc Schmidt

Badminton kann zu Lëtzebuerg an 23 Veräiner gespillt ginn. Een dovunner besteet zénter Enn 2012 an der Gemeng Waldbëlleg.

Säit Barcelona 1992 ass Badminton olympesch a boomt virun allem a ganz Asien, mee awer och an Europa an op den anere Kontinenter. D'Spill ass an de leschte Joren däitlech méi athletesch ginn, sou dass d'Spiller/innen net némmer iwwer grouss technesch Fäegkeeten verfüge müssen, mee sie müssen och rasant séier op de Been sinn, èmmerhin kritt de Plumier beim Smash Vitessen vu wäit iwwer 300 Stonnekilometer. De Weltrekord vum Tan Boon Heong aus Malaysia läit bei 493 Kilometer beim Verloossen vun der Raquette. En plus ass eng gutt Grondausdauer verlaangt, di séier an heiansdo laang Bällwiessel ginn un d'Substanz an trotzdem kann ee Spill bis zu enger Stonn dauerent.



Tan Boon Heong



Badminton Waldbëlleg

BADMINTON ZU WALDBËLLEG ...

1. ... fir Hobbysportler

Bekanntlech gëtt «Fiederball» vill op Plagen oder an de Gäärt gespillt. Dat kann een awer och an de Badmintonveräiner maachen.

> Zu Waldbëlleg können Hobbyspiller/innen dënschdes a freides ab 19:00 Auer a samschdes moies ab 10:00 Auer an d'Hal kommen. Hei kréien se gären erkläert, wéi een d'Raquette upaakt a wéi d'Grondschléi (Clear, Drop, Smash) ausgefouert ginn, sou dass no e puer Trainingen flott Bällwiessel a Matcher méiglech sinn, déi zum engen Spaass maachen an zum aneren de ganze Beweegungsapparat op eng spilleresch Manéier trainéieren.

2. ... fir Kanner téscht 6 an 10 Joer

An dësem Alter soll net ze eeseiteg trainéiert ginn. Sport soll Spaass maachen an di gesamt Motorik muss trainéiert ginn. Am Badminton gouf dofir de «Mini-Badminton» agefouert. Hei ginn di Kleng spilleresch lues a lues un d'Raquette erugefouert, mat villen Übungen fir de ganze Kierper. Alles énnner Spillform mat enger Hellewull spezifischen Materialien. Schnellegkeet, Motorik an Ausdauer gi verbessert, wichteg an der haiteger Zäit, wou d'Kanner net némmen an der Schoul vill sätzen, mee och hannert de Spillkonsolen.

> Zu Waldbëlleg ass dësen Training téscht 5 a 6 Auer. D'Kanner, déi an der Maison Relais sinn, können vun do an d'Sportshal kommen a gi nom Training och nees zréck bruecht.

3. ... fir Kanner a Jugendlech, déi gäer Kompetitioun spilleen

Wann d'Kanner de Plumier bis eenegermoosse gutt treffen, hu se oft Loscht, sech mat Gläichaltregen ze moossen. Sie maachen dann eng Lizenz a kënnen souwuel am Jugend-Championnat matspillen wéi och op Turnéier.

> De Badminton Waldbëlleg ass di lescht Saison mat 4 Equippen ugetrueden. Eng Top-Leeschtung hunn d'Scolaires gewisen, wannen sie dach de Scolaires-Championnat a sou sinn sie an hirer Kategorie di Bescht aus dem Land. Sinn di Jonk talentéiert an éiergezeg, kommen sie nach nieft hirem normalen Training op de Fördertraining. Dës zousätzlech 2 Stonne si wichteg fir Spiller/innen mat Ambitionen, well am Badminton vill Stonnen pro Woch muss trainéiert ginn, eleng schon fir di sélleche Grëffer ze verënnerlechen, di varianteräich Schléi ze léieren an 'Deplacement um Terrain ze beherrschen.



Scolaires Waldbëlleg
v.l.n.r.: Julie Moyen, Liam Schmidt,
Michèle Duschang a Maud Moulin

4. ... fir Senioren, déi Kompetitoun spilleren

Och bei den Erwuessenen gëtt ee Championnat ausgedroen. Hei bestinn 5 Divisiounen. Pro Joer gi 6 Masters-Turnéier uechter d'Land organiséiert, wou d'Spiller/innen aus de 4 Kategorien A, B, C an D untrieben däerfen. An als nationalen Héichpunkt vun der Saison di individuell Landesmeeschterschaften.

> Di 1. Waldbëlleger Equipe huet 2016/17 denkbar knapp den Opstig an di 2. Divisioun verpasst, huet se dach am Barragematch 4:4 mat Izeg gläich gespillt, mat allerdéngs dem méi schlechte Sazverhältnis (10:11). Di nächst Saison soll dat da nogeholl ginn. 2 weider Seniors-Equipen spilleren 2017/18 an der leschter Divisioun. Hei komme vill Nowu-essspiller zum Asaz, déi an Zukunft de Verän weider no uewe féiere sollen.

5. ... op engem ganz héijen a souguer professionelle Niveau

Och déi Méglechkeet besteet am Badminton. Di Allerbescht si Profien a sie gesäit een op den Olympiaden, de Welt- an Europameeschterschaften an op villen héich dotéierten Turnéier. Zu Lëtzebuerg huet ee Spiller decidéiert de Sport mam Fiederball professionell ze bedreiwen. De Robert Mann ass zénter engem Joer permanent um professionelle Circuit énnerwee a versicht sech an der Weltranglëschtnennert déi Top 150 ze bréngen.

> Am Waldbëlleger Verän ass eng jonk Spillerin um Wee, sech national an international ee Numm ze maachen. Mat sengen 13 Joer gouf d'Kim Schmidt dës Saison net némme Champion an de Jugend-Kategorien, mee och Champion bei den Dammen C, wat bis dato eemoleg ass. An den europäesche Länner kann hatt mëttlerweil mat de Beschte aus senger Alterskategorie mathalen. D'Kim trainéiert all Dag a wäert den Trainingspensum an de nächste Joren weider ausbauen, an der Hoffnung enges Daags Waldbëlleger a Lëtzebuerg op enger Olympiade ze vertrieben. De Verän hofft, dass en an Zukunft méi Kanner a Jugendlech kritt, déi, wéi d'Kim a säi Brudder Yann, an de Lëtzebuerger Kader opgeholl ginn.



weider Aktivitéiten am Verän

Am Waldbëlleger Verän steet awer och de Spaassfaktor wäit uewen. All Joer gëtt de gréisste Meekranz aus der Gemeng gebastelt, et gëtt gegrillt, et fannen lessan fir eis Equipespiller statt, et gi kleng Turnéier organiséiert, de Verän mëscht mat um Millefest, an sou weider. Di nächst Saison gëtt ee Stage an engem Center Parcs an d'Aa gefasst.

Informatiounen sinn op der Homepage nozeliesen:

www.badmintonwaldbillig.lu

Oder iwwer Telefon ze kréien: **691 821592**

KOMMT A SPILLT BADMINTON!

Trainingszäiten

dënschdes a freides

17:00 – 18:15 Mini-Badminton (ab 3. Schouljoer), Trainer: Luc Schmidt

18:15 – 19:15 Fördertraining fir di Ambitionéiert, Trainer: Luc Schmidt

19:00 – 20:30 Jugend- a Seniorstraining, Trainer: Sina Goli

19:00 – 22:00 Hobbytraining

samschdes

10:00 – 12:00 Jugend-, Seniors- an Hobbytraining, Trainer: Luc Schmidt

Sponsoren: Firma Tavares vun Hiefenech, Firma Entrapaulus vu Wuerm, Molerbetrieb Andreas Thom vu Stadtbriedemes, Débosseleur Mailliet vu Mäerzeg, Firma FBA vu Fëschbech, Firma Forestalux vun Angelduerf

Kim Schmidt - D'Kim op engem héich dotéierten Tournoi an Éisträich, wou et ennert anerem d'Nummer 2 eliminéiert huet.



Meekranz 2017

AÉROMODÉLISTES CHRËSTNECH | 2016 - 2017

AÉROMODÉLISTES CHRËSTNECH

Text: Clement Steffen

Fro u meng Madame : „Wou ass dann Ären Här... ?“

*.... Ma, hien ass fléien !!! op Chrëschtnach ...
duer geet hien nawell dacks, fléien !“*

???

Mat 14 Joer war ech faszinéiert vun der Aviatioun an hu vu mengem Papp wéinst dem gepackte Passageexamen eng "Tipp-Tipp-Anlag" kritt fir mäi klenge Segelfliger, dië just iwwer d'Säiteruder ze steiere war !

Hautdesdaags weess kaum nach Een wat de Passageexamen an och wat eng "Tipp-Tipp-Anlag" ass ?!!! Mä gutt dat war deemols esou ... an et war bestëmmt net vill méi schlecht !

Gléck pur ! Héich an d'Luucht ass dat Dénge gekreest an ech hunn décidéiert ob et géing lénks erëm zréck kommen - oder rietsëm dréie sollt !

Dat sinn ewell 50 Joer hier awer déi Faszinatioun fir d'Aeronautic ass bliwwen !.... a well et esou schéin heesch : "Et ass ni ze spéit fir eng schéi Kandheet ze hunn !" ... sinn ech erëm beim Modellbau gelant, no laange Joren Abstinenz !



Awer mir Oldië veranstalten am Vugelsbësch eng gelleg <quattro staggione> :

Bei Hierschtstierm gëtt méi ruppeg geflunn, bei Keelt a Schnéi gëtt mat laangem Kalzong a mat Schlittschong un dem Fliger geflunn ! Bei Reen brauche mer Stiwwelen a bei schéinem Himmel eng Schéppekaap an e Sonnebrëll ! ...d'Haaptsaach mir fléien !



Wéi dack si mer scho vu matleedege Muppebesëtzer oder Jogger gefrot ginn: „Ass et lech net ze kal, ze fliecht, ze ongemittlech?“

Mat waarme Fangeren a feierroude Baake verziele mir de Passanten da gären, wéi schéin et ass, déi intensiv Gefiller vum Otto Lilienthal, vum Orville Wright a vum Louis Blériot am Klenge bei eisem Projet nozelieren ! ... a fléien nach eng Éiereronn !

Eis Aktivitéit beschränkt sech awer net ausschliisslech op d'Fléien ! Punkt 3 Auer mëttes ass gemengerhand Zäit fir eng Taass Kaffi, eng Schneekegkeet an e gutt Gespräch op der Terrass oder am Chalet ! D'Pist verlaagt intensiv Méi- a Walzaarbechten an de Chalet muss och virum Zant vun der Zaït geschützt ginn !



Op der Generalversammlung vum AMC ginn déi Demarchen do decidéiert a bei guddem Wieder, gemeinsam um Terrain, an d'Realitéit émgesat !

Zum Enn nach den Tracé vun engem Segelflug iwwert dem AMC Terrain !

De Fliger schéckt iwerem fléien d'Telemetriedate vum "GPS – Sensor" un de Sender, dien déi sengersäits op eng SD-Kaart spächert.

Doheem ukomm kann een dann a Rou de Flug analyséieren : d'Héicht, d'Streck, (op der Foto), d'Vitesse, de verbrauchte Stroum, d'Dréizuel vum Motor an och d'Qualitéit vun deem iwwerdroene Signal ! Alles séier interessant a wichteg fir t'Sécherheet !



Bei dësem Flug : Maximal Héicht : 290 m ; Streck : 7,5 km; déi rout Passagë si mat manner wéi 30 km/h geflu ginn, d'Moyenne vun der Vitesse war 39,1 km/h...an dee giele Passage war mat iwwer 70km/h geflu ginn !

E Merci, menger 2ter Heemecht, Chrëschtnech, fir déi flott Hobbyméiglechkeet !

Clément Steffen, genannt "Push"

En zefriidene Modellpilot, Hobbyfotograf a Member vun den Aeromodelisten vu Chrëschtnech !



Familljendag, Summer 2016

TURNVERÄIN "EMMER FITT" | 2016 - 2017

DEN TURNVERÄIN 'ËMMER FITT' CHRËSCHTNECH STELLT SECH VIR MAT SENGE MÉI WI 30 MEMBEREN

Text: Isabelle Koster-Oberlé

Den Turnveräin 'Ëmmér Fitt' Chrëschtnech stellt sech vir mat senge méi wi 30 Memberen.

Mir hunn och dëst Joer vun Enn September 2016 bis Enn Juni 2017 all Méindes geturnt (Normalerweis hu mer während de Vakanze keen Turnen, mee dëst Joer war d'Begeeschterung sou grouss, datt d'Halschend vun de Membere souguer Ouschterméinde komm ass!)

Mir si kee kompetitive Veräin, a kee Member ass énnert dem Zwang fir all Méindes präsent ze sinn. All Alter ass wëllkomm. 1 x pro Trimester hu mer e klenge 'pot d'amitié' nom Turnen. Eis Monitrice ass d'Stéphanie Reiter a säi Remplaçant ass de Charel Hetto, allen zwee vun Hiefenech.

No der Summervakanz fänke mer erëm de 25. September 2017 un an treffen eis all Méindes vun 19.30 bis 20.30 an der Sportshal zu Waldbëlleg. D'Cotisatioun ass 85 Euros d'Joer (80 Euros fir d'Studenten).

Eis Comitésmemberen sinn: Isabelle Koster-Oberlé (Presidentin) Alice Greischer (Sekretärin), Rose Majerus (Caissière), Marion Klein, Claudia Lopes, Elsa Sousa, Stoltz Pina

Fir weider Froen, emailt eis:
isabelle.oberle@education.lu oder
greischa@pt.lu



D'Fotoe weisen eis Memberen beim Turnen a beim Schaffen an der Kaffisstuff, di mer Sondes, de 16. Juli fir d'190 Joer Michel Rodange Festlechkeiten zu Waldbëlleg organiséiert haten.

UERGELFRËNN WALDBËLLEG | 2016 - 2017

KIERCHEMUSEK A VILLERLEE FORMEN

Text: Henry Wickens



Zejoer 2016 hu mir am "De Fuuss" bericht, wéi déi renovéiert Waldbëlleger Kierch agewéit an an engems déi nei Päifenuergel inauguriert ginn ass. Dat war natierlech e ganz wichtegt Joer fir d'Uergelfrënn, déi jo schonn zanter 20 Joeren op dése Moment hi geschafft haten.

Zanter der Aweiung ass d'Uergel och regelméisseg fir d'Sonndesmassen zum Asaz komm, wat natierlech hiren Zweck ass, mä mat der neier Organisatioun vun der Kierch zu Lëtzebuerg ginn d'Massen zu Waldbëlleg, wéi iwwerall a klenge Porkierchen, net méi esou dacks gehalen wéi fréier. Dofir wollten d'Uergelfrënn onbedéngt hëlfelen, Liewen an d'Kierch och ausserhalb vum liturgeschen Kader bréngen. Also hu mir eng Serie vu Concerts Spirituels organiséiert, déi sech dann an der Hierscht/Wintersaison 2016-2017 ofgespillt huet.

No eiser Generalversammlung 2016 – déi e bësse spéider wéi soss, den 21. September gehale ginn ass – stoung dann den éischte vun 4 Concerten um Programm, an zwar de 16. Oktober mam Ensemble Vocal "The Art of Music".

Dësen Ensemble ass 1992 gegrënnt ginn a séngt haupsächlech reliéis Musek aus Mëttelalter a Renaissance énnert der Leedung vum Mick Swithinbank. D'ass net fir d'éischte, dass si hei fir eise Veräin e Concert séngt. Schonn 2003 haten d'Uergelfrënn de Mick a seng Équipe heihin invitierert, fir an der Waldbëlleger Kierch ze sangen. Dës Kéier hu si e Concert am Zeeche vun der Muttergottes gesongen – 'Alma Redemptoris Mater', mat Wierker vun é.A. Josquin Desprez, Palestrina an Tomás Luis de Victoria. De Mick Swithinbank huet och e puer Stécker vum Frescobaldi op der Uergel gespillt. Fir e komplette Wiessel am Stil huet dann eisen zweete Concert an der Serie gesuert, de 26. November mam Éisleker Gospelchouer énnert der Leedung vum Sandra Kringels. Si hunn e ganz flotten a liewege Programm gesonge mat ville Lidder a verschidde afrikanesche Sproochen. Si si begleet gi vun engem klenge Musekensemble an zwee ganz enthouasiasteschen Dänzer. D'Kierch war bal voll, an d'Stëmmung, och nom Concert beim Patt, war exzellent.

Deen drëtte Concert an de leschte vun 2016 war de Chrëschtconcert, deen de Vokalensemble "Intermedii" den 18. Dezember gesongen huet. Dëst ass e Grupp, deen aus deels Profien, deels gudden Amateuren zesummesetzt. Egentlech hu si keen Dirigent, mä als "Primus inter Pares" gëllt den Amerikaner Kerry Turner, deen hei zu Land als Hornist am OPL an als Komponist bekannt ass. Un der Uergel huet de polneschen Organist Robert Kania d'Choralpreludium 'Nun komm der Heiden Heiland' vum J.S. Bach gespillt. Och hei war d'Begeeschterung vum Publikum immens.

Eis Uergel ass jo als Hausuergel entstanen a stoung vun 2004 bis 2015 am Dr. Fritz Dienstbach sengem Keller zu Lollar (Hessen). Nom Of- an erém Opbau zu Waldbëlleg huet sech d'Uergel missen lues a lues un déi nei Konditiounen gewinnen, besonnesch wat Temperatur a Loftflichtegkeet betréfft. Dass d'Uergelbauer vu Lich bei Giessen net all Kéiers den Trajet bis op Waldbëlleg kénne maachen, wann eng kleng Reparatur néideg ass, läit op der Hand.

Also si mir immens zefritten, dass eisen Uergelexpert de Paul Kayser en Uergelbauer hei vir an Däitschland recommandéiere konnt, an zwar den Här Thomas Erz vu Wasserliesch. Hien huet äis zweemol am Wanter 2016-17 depannéiert wann Tasten hänke bliwwen sinn. Anzwëschen huet hien eng ganz gutt Relatioun souwuel mat äis wéi och mat der Uergelbaufirma Förster & Nicolaus zu Lich a mir maachen hei ganz gär Reklamm fir seng Firma.

Am Februar 2017 si mir déi ganz traureg Nouvelle gewuer ginn, dass ee vun den Uergelbauer bei Förster & Nicolaus, den Här Jochen Müller, onerwaart a vill ze fréi gestuerwen ass. De Jochen Müller war souzesoen ee vun de Pappen vun eiser Uergel, well zesumme mam Dr. Fritz Dienstbach huet hien d'Uergel gehollef entwerfen. Aus dem Comité konnt leider keen op d'Begriefnes goen, mä mir hunn eist Bäileed an enger Käertchen un d'Firma ausgedréckt.

Den 12. Mäerz 2017 ass dann e Recital ofgehale ginn mat dräi Organisten aus der Gemeng Waldbëlleg. Dat waren de Roger Recht vu Chrëschtnech, den Alan Carlisle vun Haler an den Henry Wickens vu Waldbëlleg. Gespillt sinn haapsächlech Stécker aus der däitsche Barockzäit, é.a. vum J.S. Bach a vum Buxtehude, plus e puer modern Stécker vu liewege Komponisten.

Am fréie Summer 2017 ass d'Uergel gläich zweemol fir feierlech Geleeënheeten zum Asaz komm, an zwar fir d'éischte den 22. Juni am Te Deum um Virowend vum Nationalfeierdag, an dunn an der Mass den 9. Juli fir den 190. Anniversaire vum Michel Rodange. Bei de Rodange-Festivitétéen vum 8. bis zum 15. Juli 2017 hu mir och mat enger Équipe beim Gedréunksstand gehollef.

An der nächster Saison 2017-2018 ass schonn ee Concert geplant, an zwar de 26. November 2017 ém 17 Auer mam Ensemble Vocal "Ambitus" (lechternach) énnert der Leedung vum Roby Schiltz, mat Uergel spill vun eisem Uergelexpert dem Paul Kayser. Aner Concerte stinn och provisoresh fir 2018 um Programm, z.B. de Chouer vun der Anglikanescher Kierch zu Lëtzebuerg (Ugaangs Januar), den däitschen Organist Thomas Möller (am Fréijoer) an den englesche Chouer The Elysian Singers aus London (am Mee). Wann déi Terminer bis fest stinn, gitt Dir dat gewuer.

De Comité vun den Uergelfrënn sinn: WICKENS Henry, President; MANTRISI Daniel, Sekretär; SCHINTGEN Fons, Keessier; EWERS Marcel; DE NUTTE-HANSEN Martine; a KUZWELA Robert. Keesserevisore sinn SCHMIT Jean-Pierre a BERREND Yolande.

Wann een Intressi huet, am Comité matzemaachen, si mir émmer frou, nei Leit erbäi ze kréien: mellt lech w.e.g. beim President um 621 453252 un.



ELTEREVEREENEGUNG WALDBËLLEG | Dënschdes, de 15. November 2016

GENERALVERSAMMLUNG 2016 ELTEREVEREENEGUNG

Text: De Comité: Mireille Majeres, Chantal Albert, Nathalie Meyer-Chevalier, Jessica Schmitz, Carmen Seyler, Zara De Montigny, Christine Husting, Mireille Mathes, Simone Mehlen-Wohl, Annick Menster, Carole Marbes-Reuter



D'Generalversammlung vun der Elterevereenegung Waldbëlleg ass wéi émmer en Owend wou mir den Akteuren aus onser Schoulkommunitéit, der Gemeng Waldbëlleg an aneren fräiwöllegen Hänn Merci soen. Mir schaffen Hand an Hand mat motivíerte Leit an probéieren esou, d'Schoul an d'Maison Relais ze énnerstëtzen.

An deem Senn organiséieren mir e puer Aktivitéiten, wéi den traditionellen Adventsmaart, "Hëllef him hëllef rich-teg" (en Anti-Gewaltprogramm am Cycle 2.2., Cycle 3.2 an Cycle 4.2.), e Kannerfloumaart, souwéi Ênnerstëtzung beim Schoulfest an der Coupe scolaire zesummen mam Léierpersonal, an natierlech den Antidrogendag. Donieft probéieren mir d' Elterevertrieder ze énnerstëtzen, andeems mir hinnen bei hiren Themenowender hëllefien:

Kanner a Jugendlecher am Internet

Mir soen op dëser Platz dem Carole Wampach an dem Betty Helminger nach eng Kéier Merci fir hir Aarbecht als Kees-sereviseuren!

Zum Schluss sinn mir émmer frou Membere vum Schäffen- an Gemengerot, vum Léierpersonal a vum Schoulcomité, Représentante vun der Maison Relais an och natierlech Elteren op eiser Generalversammlung begréissen ze kennen. Si sënn wéi all Joer invitíert op eisem Kéisowend deelzehuelen. Dëst erméiglecht et eis, en flotten Ofschloss mat vill Austausch mat eisen Gäscht ze hunn.



ELTEREVEREENEGUNG WALDBËLLEG | Freides, den 25. November 2016

ADVENTSMAART VUN DER ELTEREVEREENEGUNG WALDBËLLEG MAT ENGEM STAND VUM CYCLE 4.2.

Text: De Comité: Mireille Majeres, Chantal Albert, Nathalie Meyer-Chevalier, Jessica Schmitz, Carmen Seyler, Zara De Montigny, Christine Husting, Mireille Mathes, Simone Mehlen-Wohl, Annick Menster, Carole Marbes-Reuter

De Freiden 25. November 2016 hu mir eisen traditionellen Adventsmaart um 16 Auer no der Schoul am Schoulhaff ofgehalen. Dofir, léif Kanner, Elteren, Léierpersonal, Personal vun der Maison Relais, Membere vun der Schoulkommissioun, interesséiert Awunner aus der Gemeng, Vertrieder vum Schäffchen a Gemengerot, e grousse MERCI un iech all. Ouni iech all, wier den Adventsmaart net dat wat en as.

Zesummen hun mir e puer flotter Stonne bei engem gudde Schocki, Glühwäin, engem Stéck Kuch oder waarme Wirschtche verbruecht. Natiérlech soe mir iech och Merci dat dir eis duerch de Kaf vun eisen Adventskräntz an Arrangementer sou flott énnerstëtzzt.

Mir waren och frou, dat de Cycle 4.2 rem dobäi war an ob hirem Stand sou muches Flottes, selwer Gebasteltes konnt verkafen, a soumat Sue sammele fir hire Schoulausfluch.

E spezielle Merci geet un de Fernand Huss an seng Equipe, den Théo Moulin, d'Sekretariat vun der Gemeng, de Männer vun eis Comité-Fraen, d'Nadine Dostert, den Erny Meyer, fir hir Héllef virun onsem Maart.

Mir hoffen iech och all ob der nächster Editioun vum Adventsmaart kennen ze begréissen.



ELTEREVEREENEGUNG WALDBËLLEG | Den 13. an 14. Dezember 2016

"HËLLEF HIM & HËLLEF RICHTEG"

Text: De Comité: Mireille Majeres, Chantal Albert, Nathalie Meyer-Chevalier, Jessica Schmitz, Carmen Seyler, Zara De Montigny, Christine Husting, Mireille Mathes, Simone Mehlen-Wohl, Annick Menster, Carole Marbes-Reuter

Säit 2010 organiséiert d' Elterevereenegung Waldbëlleg zesummen mat der Police Grand-Ducal de Programm Héllef him & Héllef richtege, en Anti-Gewaltprogramm am Cycle 2.2., Cycle 3.2 an Cycle 4.2.

Dobäi ginn folgend Themen bannent 2 Stonnen behandelt:

Cycle 2.2.

Verhalensorientéiert Moosnamen bei Gefor (verdäitlecht duerch altersgerecht Rollespiller)

Cycle 3.2.

**Wat ass Gewalt an wéi eng Formen vun Gewalt ginn et? (Doheem, Computerspiller, Internet)
D'Kanner kennen um Kannertelefon 116111 no Héllef froen.**

Cycle 4.2.

Gewalt a seng Konsequenzen fir den Täter a fir d'Affer! Wat erwaard mech am Lycée?

Ziel ass et an der Grondschoul present ze sinn an zwar regelméisseg an den Cyclen 2.2, 3.2 an 4.2. an dat all Schouljoer. Mir soen ee grousse Merci un den M. Laurent Goedert, Commissaire en Chef vum Service Prevention vun der Police. An och nach ee Merci un d'Léierpersonal fir hier Mataarbecht an de Kanner déi hei matgemaach hunn.




FOTO: PIERRE HAAS

ELTEREVEREENEGUNG WALDBËLLEG | Samschdes, den 1. Abrëll 2017

KANNERFLOUMAART

Text: De Comité: Mireille Majeres, Chantal Albert, Nathalie Meyer-Chevalier, Jessica Schmitz, Carmen Seyler, Zara De Montigny, Christine Husting, Mireille Mathes, Simone Mehlen-Wohl, Annick Menster, Carole Marbes-Reuter

Nom 1. Floumaart am Joer 2015, hate mir dann den 1. Abrëll 2017 zu Chrëschtnech am Veräinsbau den 2. Kannerfloumaart organiséiert. An dat war keen Abrëllsgeck.

Ob e selleche Stänn haten och dëst Joer d'Kanner mat hire Familien allerlee Spillsaachen, Vëloen, Bicher, DVDen.... ugebueden. Vill Saache sinn ausgestallt ginn, sou munchedes huet de Besëtzer gewiesselt, oder awer et gouf zesumme mat de Spillsaachen am Sall gespilt.

Och wann de Floumaart net sou extra gutt besicht war, war et awer en flotten a gemittlechen Nomëtten. Zu der Gemittelchekeit gehéiert natierlech och eppes fir den Honger an den Duuscht woufir mir Beschtens gesuergt haben.



ELTEREVEREENEGUNG WALDBËLLEG | Samschdes, den 1. Abrëll 2017

WAS SIND LEGALE UND ILLEGALE DROGEN?

WIE VIELE GIFTSTOFFE SIND IM NIKOTIN?

WAS SIND DIE FOLGEN DIE KRANKHEITEN BEDINGT DURCH DAS RAUCHEN?

WARUM IST DER ALKOHOLKONSUM FÜR JUGENDLICHE BIS ZU EINEM BESTIMMTEN ALTER VERBOTEN?

Text: De Comité: Mireille Majeres, Chantal Albert, Nathalie Meyer-Chevalier, Jessica Schmitz, Carmen Seyler, Zara De Montigny, Christine Husting, Mireille Mathes, Simone Mehlen-Wohl, Annick Menster, Carole Marbes-Reuter



Fir Äntwerten op dës Froen an villes méi ze kréien, waren 52 Schüler aus dem Cycle 4.2 von Waldbëlleg an Beefort den 26.05.2017 um Anti-Drogen Dag zu Beefort. Den Här Laurent Goedert, Commissaire en Chef vun der Police, Service Prévention, huet hinnen moies d'Geforen vun illegalen an legale Drogen méi no bruecht. Fir d'Mëttagessen huet de Jugendherberg Beefort hinnen all eng gutt Spaghetti gekacht fir si fir den Rallye Mëttes ze stäärken. D'Schüler sin an Gruppen opgedeelt gin an fir 2 Stonnen sin si duerch Beefort an d' Emgëigend gaangen. Op verschiddenen Statiounen

hun si missten Froen iwver dat waat si moies geléiert hun beäntwerten an eng Aktivitéit maachen.

Gutt midd an duuschtereg sin si all op eng Ofschlussréception géint 15:00 ukomm. D' Gewënner vum Molconcours a vum Rallye sin ugekënnegt gin. Als Ofschloos huet all Schüler en T-Shirt mam Gewënnerbild drop iwereecht kritt.

Gewënner vum Molconcours:

1. Paulina Oeltges (Beefort)
2. Claudia Martins Da Costa (Beefort)
3. Lena Schmit (Beefort)

Gewënner vum Rallye

- Lena Schmit (Beefort)
- Timo Georg (Beefort)
- Jerome Jade (Beefort)
- Samuel Orr (Beefort)
- Filipa Jacinto Campos (Beefort)
- Nico Mehlen (Waldbëlleg)
- Gabe Stevens (Waldbëlleg)

Mir soen MERCI!

- dem Léierpersonnel vum d' Cycle 4.2 von Beefort an Waldbëlleg
- dem Commissaire en Chef Laurent Goedert
- der Elterevereenegung von Beefort
- der Gemeng Beefort fir all hir generéis finanziell, technesch an administrativ Ennerstëtzung!!

Zum Schluss soen mir den 52 Schüler merci fir hir gudd Aarbecht um Anti-Drogen Dag a mir wünschen hinnen alles guddes am Lycée d'nächst Joer!!



ELTEREVEREENEGUNG WALDBËLLEG I 2016 - 2017

DONS

Text: De Comité: Mireille Majeres, Chantal Albert, Nathalie Meyer-Chevalier, Jessica Schmitz, Carmen Seyler, Zara De Montigny, Christine Husting, Mireille Mathes, Simone Mehlen-Wohl, Annick Menster, Carole Marbes-Reuter

Don vu 500 EUR fir d'Maison Relais

D'Elterevereenegung Waldbëlleg huet der Maison Relais en Don von 500 EUR gemaach. Des Suen ginn gebraucht, fir an deenen neien Raimlechkeeten een Konstruktionsraum anzeriichten an mat Material ze fëllen. D'Kanner hunn lo schéin Holzspillsaachen zur Verfügung, fir kënnen ze bauen an ze gestalten. Sou kennen déi kleng wéi déi grouss Kanner vum Material profitéieren an sech kreativ austoben.

Don von 1400 EUR fir d'Schoulklassen

Och um Enn vum Schouljoer 2016-2017, huet d'Elterevereenegung Waldbëlleg all Schoulklass e puer Sue ginn, fir en Ausfluch oder soss eng Aktivitéit zum Ofschloss vum Schouljoer mat ze finanzéieren. Sou konnt all Klass von der Pré-coce bis zum Cycle 3 sech iwwer 100 EUR an den Cycle 4 sech iwwer 200 EUR extra an hirer Kees freeën. Mir hoffen dësen Don vun am ganzen **1400 EUR** huet all de Kanner an dem Léierpersonal vill Freed gemaach.



ELTEREVEREENEGUNG WALDBËLLEG | Samschdes, de 17. Juni 2017

SCHOULFEST

Text: De Comité: Mireille Majeres, Chantal Albert, Nathalie Meyer-Chevalier, Jessica Schmitz, Carmen Seyler, Zara De Montigny, Christine Husting, Mireille Mathes, Simone Mehlen-Wohl, Annick Menster, Carole Marbes-Reuter



De 17. Juni 2017 ass an der Schoul gefeiert ginn. D'Léierpersonal huet sech flott Spiller fir d'Kanner ausgeduecht, d'Eltere kruten eng Zirkusshow vun allen Schoulkanner presentéiert an d'Elterevereenegung Waldbëlleg war zoustänneg fir den catering op dësem Dag.

VILMOOLS MERCI all deenen Elteren déi sech op dësem Dag engagéiert hunn an eis énnerstëtzzt hunn. Méi wéi 80 Elteren hunn gehollef fir d'Schoulfest 2017 zu engem Erfolleg ze maachen: si waren am Asatz entweder beim Op- an Ofriichten, um Gedréngsstand, beim Grillen, als Hëllef bei de Spiller, beim Backe vun engem Kuch, oder beim zerwéiere vum Kaffi a Kuch.

Ee grousse MERCI geet och un d'Léierpersonal, d'Gemeng an natierlech och un d'Kanner déi mat hiren Elteren a Familljen op d'Schoulfest komm sinn fir zesummen ee flotten Dag ze erliewen.





ELTEREVERTRIEDER WALDBËLLEG

LÉIF ELTEREN, ...

Text: Danielle Mehlen & Chantal Meyers

Well d'Myriam Kremer dëst Jar kee Kand méi am Fonda-
mental huet, huet d'Chantal Meyers-Albert dee Posten
bis Oktober 2017 iwwerholl. Dann ginn nei Walen fir El-
terevertreider organiséiert. Dir kennt eech lo schon den
Datum mierken an mir hoffen ob eng grouss Resonanz !

Den 17. Mee 2017 haten d'Elterevertreider mat der Ën-
nerstëtzung vun der Elterevereenegung an den Fiisser-
cher en Informatiounswend zum Thema „Kanner a
Jugendlecher am Internet, eng nei Erousuerderung fir
Elteren“ organiséiert.

Duerch den Owend huet den Här Jacques Federspiel
(Bee Secure), gefouert.

Bei dësem interessanten an liewegen Virtrag hun d'Elte-
ren ganz vill Informatiounen krit.

Als éischt goufen e puer Explikatiounen zum Internet vir-
gedroen (z.B. wat as http an https, wat geschitt wann mir
bei Amazon bestellen, wou sinn eis Fotoen am Internet,
wéi secher ass a Passwuert ...). Mir goufen gewuer wat
Geforen vun Facebook, Whatsapp, Snapchat, Musically,
... kennen sënn. Déi Haaptfro wär awer „Wat maachen
eis Kanner am Internet ?“ an „Wéi kenne mir eis Kanner
schützen ?“. Oft sinn sech d'Kanner guer net bewosst wéi
eng Risikoën ze aginn. Mobbing, Schlofangel, Datem-
ëssbrauch, Erpressung sënn nämmen a puer Beispiller.
Deemno eng richtege Erousuerderung fir d'Elteren !

Mat Freed kënne mir matdeelen, datt dësen Owend ob
en Neits immens gutt bei deene villen Elteren déi do wa-
ren, ukomm ass.

Bestëmmt ass dësen Erfolleg der Zesummenaarbecht
mat den Fiissercher och ze verdanken!


Hei nach en puer Fotoen vun dem flotten Owend an hof-
fentlech bis d'nächst Joer.



D.T. FIELS-HALER | 2016 - 2017

SAISON 2016/2017

Text: Marco Kimmes



Nach einer hervorragenden Saison 2015/2016, sind Wir froh, dass die ersten 3 Mannschaften ihre jeweiligen Klassen halten konnten, trotz Verletzungsspech. Unsere 4. Mannschaft konnte den Aufstieg perfekt machen und belegte den 3ten Platz in der 4. Division.

ABSCHLUSSTABELLEN DER SAISON 2016/2017 :

	Equipe	Pts	J	V	N	D	F
<u>DT Fiels-Haler 1 – Nationale 2</u>							
1	Éiter-Waldbr. 1	48	18	12	6	0	0
2	Bäerbuerg 1	43	18	10	5	3	0
3	Briddel 1	42	18	8	8	2	0
4	Fiels-Haler 1	39	18	6	9	3	0

DT Fiels-Haler 2 – Division 1

3	Recken 2	41	18	10	3	5	0
4	Wöntger 2	37	18	9	1	8	0
5	Fiels-Haler 2	36	18	8	2	8	0

DT Fiels-Haler 3 – Division 2

5	Mäertert 2	36	18	8	2	8	0
6	Meechtem 3	35	18	8	1	9	0
7	Fiels-Haler 3	34	18	7	2	9	0

DT Fiels-Haler 4 – Division 4

1	Bäerdref 2	42	16	12	2	2	0
2	Biwer 2	41	16	12	1	3	0
3	Fiels-Haler 4	40	16	12	0	4	0

DT Fiels-Haler 5 – Division 5

4	Bäerdref 5	21	9	6	0	3	0
5	Méischedref 4	18	9	4	1	4	0
6	Fiels-Haler 5	18	9	4	1	4	0


DT Fiels-Haler 6 – Division 5

6	Noumer 2	19	9	5	0	4	0
7	Schandel 3	15	9	3	0	6	0
8	Fiels-Haler 5	13	9	2	0	7	0

D.T. FIELS-HALER

SAISON 2017/2018

Text: Marco Kimmes



Seit der Fusion 2013 der Gemeinden Larochette und Waldbillig, spielen die erste und die zweite Mannschaft in Larochette. Die restlichen 5 Mannschaften spielen in Waldbillig. Der Vorstand des DT Fiels-Haler ist zum Entschluss gekommen, dass alle Mannschaften in einer Sportshalle spielen müssen. Nach langen Verhandlungen, werden 2017/2018 alle Mannschaften des DT Fiels-Haler in der Sporthalle in Waldbillig spielen.

Abgänge: Unsere Nummer 1, Thibaut Besozzi wird die kommende Saison nicht mehr für unseren Verein antreten, da unser Sponsor abgesprungen. Er wechselt nach Eiter-Waldbredimus in die BDO-League. Chris Reuter wird unseren Verein ebenfalls verlassen er wird die kommende Saison für Recken spielen.

Neuzugänge: Stephany Luca, Lachambre Fred und Lachambre Marie, alle drei kommen vom DT Reiland. Die drei Neuzugänge werden unsere 4 und 5 Mannschaft sehr verstärken. Schmol Steve, kommt vom DT Vichten und wird unsere 2 Mannschaft verstärken.



Trainer, Christian Kill

Für die kommende Saison 2017/2018 spielen unsere Mannschaften in:

DT Fiels-Haler 1 - Nationale 2

(Vincent Piron A2 - Timoteo Joao A3 – Brunetti Bruno B1 – Kimmes Tim B1)

DT Fiels Haler 2 - Division 1

(Della Schiava Mario B1 – Weis Yves B1 - Montanaro Luciano B2 – Schmol Steve B2)

DT Fiels-Haler 3 - Division 2

(Marquet Daniel B2 – Kimmes Marco B3 – Gaasch Tom B3 – Krier Alain B3)

DT Fiels-Haler 4 - Division 3

(Zuidberg Yannick C1 – Lachambre Marie C1 – Bellwald Romain C1 – Theis Cédric C2)

DT Fiels-Haler 5 - Division 5

(Mota Susanna C2 – Lachambre Frédéric C2 – Kimmes Lee C3)

DT Fiels-Haler 6 - Division 5

(Tossing Romain D1 – Marquet Alissia D1 – Ulveling Patrick D1)

DT Fiels-Haler 7 - Division 5

(Van Oost Alexandra D2 - Schaul Adrien D3 – Livramento Natalina D3)

Unser Trainer Christian Kill, selbstständiger Tisch-Tennis Trainer und C-Lizenztrainer.

Christian, ist unser Trainer seit 2 Jahren. Er lebt für Tisch-Tennis und er ist immer mit Spaß und Freude dabei.

Sein Training, ist sehr anspruchsvoll, sehr knackig, und oft sehr intensiv.

Ab Anfang September beginnt das Training das Training.

Alle Spieler jedes Alters ob Nicht-Lizenzierte, Hobby-Spieler oder Lizensierte sind herzlich eingeladen an einem der vielen Trainings vorbei zu schauen.

TRAINING FÜR KINDER (7 BIS 12 JAHRE): BEGINN 13.09.2017

Wann? Mittwoch

Wo? Sporthalle Waldbillig

Uhrzeit: 17h00 – 18h30

Trainer: Christian Kill

TRAINING FÜR ERWACHSENE: BEGINN : 30.08.2017

Wann? Montag

Wo? Sporthalle Waldbillig

Uhrzeit: 18h30 – 20h30

Trainer: Christian Kill

Einen großen Dank geht noch an unsere beiden Gemeinden Waldbillig und Larochette für die Sporthallen die wir zur Verfügung gestellt bekommen , und auch an unsere Sponsoren für die finanzielle Unterstützung.

Wer unseren Verein unterstützen will kann das auf dem Konto BNP PARIBAS - LU 42 0030 8899 7534 0000 mit dem Vermerk (Sponsor) machen ,denn auch ein kleiner Verein hat viele Ausgaben.

Unser Vorstand sieht wie folgt aus:

Präsident: Kimmes Marco rsformula@hotmail.com

Secrétaire: Tossing Romain meister1001@hotmail.com

Trésorier: Marquet Daniel aldida@pt.lu

Responsable remises des matchs/résultats: Mota Texeira Susanna

Responsable Jeunes: Livramento Natalina

Kontakt : Kimmes Marco : +352 691 45 72 25

CHORALE CHRESCHTNECH | 2016 - 2017

**CONCERT VUN DE CHORALE
CHRËSCHTNECH A NOUMER
AN DER FANFARE IZEG**

Text: Etienne Molitor

Ennert der Leedung vun hirer gemeinsamer Dirigentin an Organistin, der Madame Marie-Josée Wirtgen, hun d'Choralen vu Noumer a Chreschtnech e Concert gesongen de 27.Mee 2017 an der Kierch zu Noumer. Firwat net an der Gemeng Waldbèlleg? De Veräinsbau zu Chrëschtnech wier och flott gewiecht, wa net vergiess gi wier fir de Sall ze reservéieren... D'Sportshaal zu Waldbèlleg wier natirlech eng Alternativ gewiecht, mais de Risiko dat de Chouer an deem grousse Sall géing énnergoen wor zevill grouss. Dunn ass d'Iddi komm fir de Concert zu Noumer an der Kierch ze maachen. Genuch Plaatz (awer net zevill) fir de Gesang a fir d'Musek déi duerno soll spiller an eng Plaatz mat engem schéine Klang. E Festsall niewendrun fir duerno nach e Patt a gesellecher Ronn ze drénken an den Owend auskléngen ze loessen. Och en Thema wor vir de Concert fonnt gin: Lidder iwwert d'Waasser. (Dest d'Thema wor schon am Hierscht 2016 erausgewielt gin, ganz onofhängeg vun deem waat duerno sollt geschéien). Lidder wéi „La mer“ vum Charles Trenet oder „die Moldau“ vum Friedrich Smetana hu natirlech net dierfe feelen.

Zwou jonk Piano-Schülerinnen vun der Madame Wirtgen hun och hiert Kénnen zum Beschte gin. Eng kleng Paus déi de Sängerinnen a Sänger d'Méiglechkeet gin huet fir sech ee Moment ze erbloosen.

Duerno koum nach d'Fanfare Izeg. Énnert der Leedung vun der Madame Lynn Mohr goung et duerch en offiwiesslungsräiche Programm deen och énnert dem Motto Waasser stoung. Vu Georg Friedrich Händel iwwer Henri Mancini a Prince bis zur Zugabe vun Deep Purple. E Concert deen ee souguer konnt vun dobausse matlauscheren konnt.

E grousse Merci geet nach un d'Gemeng Waldbèlleg fir hier Ennerstetzung an Flexibilitéit, och a leschter Minutt. Merci och der Gemeng Noumer, dat mir konnten eise Concert do sangen (a spiller).

An e leschte Merci un den Här L. Muller vu Chrëschtnech fir eis Affiche.



27. Mee 2017
20⁰⁰ Auer
an der Noumer Kierch

Entrée 5 € verbonnen mat engem GRATIS-Patt am Festsall
Fir den klengen Honger an Duuscht ass gesuergt

FC OLYMPIA I 2016 - 2017

FC OLYMPIA CHRISTNACH-WALDBILLIG

Text: Tom Meyers

Léif Leit aus der Gemeng, léif Frénn an léif Memberen vum FCO, wat woer dann lass am leschten Joer beim FCO.

Ons Seniorsequippen hunn net esou gutt ofgeschnidden, ons éischt Equipe senn déi drëttlescht ginn an der 3 Divisioun 2 Bezirk. Ons zweet Equipe senn och déi drëttlescht ginn an der 4 Divisioun Bezirk 2 vun den Reserven. Fir dat Saison 2017/2018 besser lafen soll hunn mir ons verstärkt. An der Persoun vum Janusz Pruchenski kréien mir en neien Trainer an mam Artois Guy en Goalkipstrainer. Folgend néi Spiller kommen fir déi néi Saison bei den FCO spiller; den Artois Glenn vu Berbourg; Thill Ronny vun lechternach; Peeters Daniel vun lerpeldeng; Da Silva Richard (kennt zreck no Transfert temporaire), Dos Santos Fernandes André vu Konsdref; den Baum Pierre, Putz Ben, Schmit Max an Theisen Raoul vun Jonglënster; Schlitz Laurent vun Rouspert; Brito Da Silva Bruno vu Sandweiler; Esmir Cosic vu Wolz.

Leider verloossen ons och e puer Spiller, dëst senn den Von Sayn Wittgenstein Micha op Baastenduerf; den Dos Santos Telmo op Brouch; den Dhamen Gilles a Schmitz Ken op lerpeldeng; den Elsen Jerome op Lëntgen; den Gras Jeff op Rammerech; den Jungblut Frank an den Schaack Claude op Luerenzweiler.



Ons 1 Equipe spillt an der Saison 2017/2018 an der 3 Divisioun 2 Bezirk géint folgend Géigner Daring lechternach, Etoile Sportive Schouweiler, FC Brouch, Tricolore Gaasperech, FC Les Aiglons Dalheim, Etoile Sportive Clemency, FC Noertzange H.F., FC Schengen, FC Kopstal 33.

Onsen Veräin huet fir nächst Joer folgend Equuppen am Championnat ugemellt: 2 Seniorsequippen (ab 16 Joer); 2 Dammenequippen (ab 14 Joer) an der Entente mat US Berdorf-Consdorf an Rouspert; eng Cadetsequipe (Joergäng 2001-2004) an eng Scolairesequipe (Joergäng 2003-2006) an der Entente mat Miedernach; eng Minimesequipe (Joergäng 2005-2007), eng Pouassinsequipe (Joergäng 2007-2008), eng Pupillesequipe (Joergäng 2009-2010) an eng Bambinisequipe (Joergang 2011 an ab 5 Joer).

DU HUES LOSCHT OP FUSSBALL? DÄIN MEEDCHEN ODER JONG HUNN LOSCHT FUSSBALL ZE SPILLEN?

Da mell dech beim Tom Meyers um GSM 691 347 291 oder per Mail meyerstom@gmail.com

Wat woer nach alles lass am letzten Joer beim FCO, am August haten mir dee schon traditionellen TEWES CUP gespillt mat den Equippen vun Baastenduerf, Dikrech, lechternach a Chrëschtnach. Am Oktober woer eist Wëldiessen zu Waldbëlleg an der Buvette mat dem Romain Thielen vun Beefort als Kichechef. Dunn am November haten mir onsen Beaujolais-Owend wou mir och nach en klengen Tournoi fir Härenequippen gespillt hun. Eis Jugendequippen hun um FLF Indoorchampionnat deelgeholl. Am Januar haten mir eis Semaine sportive déi ènnert dem Numm Tavares Cup gespillt ginn ass. Um Millefest woueren mir och präsent, an op den Michel Rodange Feier huet den Fussball och eng Hand mat geplackt.

Folgend Evenementer senn dann nach fir dëst Joer geplangt, den 3, 4 an 6 August as onsen traditionellen Tewes Cup mat den Equippen vun Gilsduerf, Dikkrech, Mertzig a Chrëschtnach. Den 15. Oktober ass eist Wëldfest an den 17. November de Beaujolais Owend, an am Januar hunn mer och erëm den Tavares Cup an der Hall. Als besonnescht ze erwänen ass och elo, dat den FCO en néit Maskottchen huet, op der FUUSSE-Stee zu Waldbëlleg konnt den Fussball den BATMAN (Fuuss) an den Faarwen vum FCO steeen. Dësen wäert dann elo bei den Fussballterrain stoen kommen.



Den FCO muss der Gemeng mat sengem Mataarbechter, an all deenen Fräiwöllegen di èmmer erëm hellefen en groussen MERCI soen, well ouni déi wier et net méiglech all di Aktivitéiten ze hunn.

Esou mir freeën ons op är Ënnerstëtzung, dofir kommt laanscht Matcher kucken, sief et déi kleng oder déi méi grouss. Fir lessen an ze Drénken ass gesuergt. Direkt nieft dem syntheteschen Terrain ass och eng super Spillplaz fir Kanner.





De Comité vum FCO wünscht lech all nach eng schéin Summerzäit, an freeet sech lech op engem Match vun sengen Equippen oder op engem vun sengen Fester begreissen ze können.

Matt beschten sportlechen Gréiss, **de Comité vum FCO.**

SANG MAT WALDBËLLEG-HALER | 2016 - 2017

SANG MAT WALDBËLLEG - HALER

Text: Danielle Baden



D'Sängerinnen an d'Sänger vum Sang Mat Waldbëlleg/Haler an der Chorale Ste Cécile vu Beefort haten den 4 September 2016 hieren Dagesausflug an d' Éisleck gelegt. Mir ware gefrôt ginn fir d' Mass um 10 Auer am Festzelt um Gromperefest zu Bénzelt ze sangen. De Start war moies fréi mat Voyages Schmit, mir haten wuel ee verreentenen Dag erwëscht, mä dat huet eiser Stëmmung keen Ofbroch gedoen. Wéi mir zu Bénzelt ukomm sinn, waren trotz Reeschaueren vill Lett um Dill. Vill äerdeeg Hänn hu schons um Acker, ronderëm an am Zelt gewudert. Mir Sänger hunn eis am Zelt installéiert fir d' Mass ze sangen. Déi gesongen Mass ass bei de Leit do uewen gutt ukomm.

No der Mass hu mir de Site énnert d'Lupp geholl. Déi meecht vun eis hate wuel gutt Schongwierk un, mä waren awer bei wäitem net gutt genug gestiwwelt fir an d' Gromperen ze goen.

D' Gromperefest huet well eng lang Tradition, déi d'lescht Joer op 15 Joer zréckblécke konnt. Ganz speziell fir d' Gromperefest ginn am Fréijoer verschidden Zorten Gromperen an engem grousse Feld ugeplant wou se dann och getest ginn.

D' Gromperen ginn op verschidde Manéieren aus dem Buedem gehuewen, sief et mat uralen Maschinnen, déi von Schaffpärd gezu ginn, bis ganz nei Maschinnen déi

d'Rekolt vun de Gromperen vereinfachen. Et kritt een op der Plaz gewissen wéi eng Entwecklung d'Gromperenrekolt duerchgemach huet. Deen Dag gëtt och émmer een Trefen vun Oldtimer Trakteren organiséiert.

Mir Sänger hunn d'Etapp vun der Gromperenrekolt iwwersprungen, mir hunn eis et am Zelt gemittlech gemach an eis déi verschidde Gromperespezialitéiten gutt schmaache gelooss. Am fréien Nomötten hu mir eis mam Bus op Clierf gemach. Do stoung am Clierfer Schlass de Besuch vun der Ausstellung „The Family of Man“, um Programm.

„The Family of Man“ ass déi gréisst Fotoausstellung vun allen Zäiten, si gouf vum Edward Steichen (amerikanesch Fotograf a Kurator, mat letzebuergesche Wuerzelen) an d'Liewen geruff an 1955 am Musée of Modern Art zu New York (Moma) opgemaach. Dës grouss Ausstellung sollt duerch den Asaz vun der universeller Sprooch vun der Fotografie d' Versteedsmech téschend de Mënschen verbesseren. Vu 4 Milliounen Fotoen déi ageschéckt goufen, huet den Edward Steichen 503 Fotoen vun 273 Kënschtler an Amateurfotografen eraus gewiel. 2003 ass d'Ausstellung an „d'Memory oft the World Register“ vun der UNESCO opgeholl ginn.

D'Ausstellung gliddert sech a 37 Motiver, iwwert d'Léift, de Glawen un d'Mënschheet, d'Gebuert, d'Aarbecht, d'Famill, de Krich an de Fridden. D'Ausstellung huet een sensationellen Erfolleg verbucht an huet d'Welt an den 50er a 60er Joeren bereest. Zénter dem 3 ten Juni 1994 ass d'Ausstellung permanent am Clierfer Schlass ze gesinn.

Eis flott an interessant Dagesrees hu mir beim Mato zu Beefort mat engem Nuechtiessen ausklenge gelooss. Mir géiwen eis freeën an eise Reihen nei Memberen kennen ze begréissen. Sidd Dir interesséiert dann zéckt net a gitt Member.

Mir prouwen émmer Donneschdes, um 20.00 am Proufsall zu Beefort. An de Schoulvakanz ass normalerweis keng Prouf



Kontaktpersounen:
Danielle LOBITZ GSM: 691 632 249
Lony MICHELS- THOLL GSM: 621 281 625
Louis BOONEN GSM: 691 408 061



FOTO | PIERRE HAAS

CHRËSTNECHER FRAEN | 2016 - 2017

BRUNCH CHRËSTNECHER FRAEN

Text: Chantal Albert

Dëst Joer haten d' Chrëstnecher Fraen hiren Brunch um leschten Dag vun der Michel Rodange Woch. Et war wei èmmer en Erfolleg an iwwer 100 Leit hun sech et schmaache gelooss. Ee gutt gedeckten Dësch huet d' Leit bei ons gelackelt an si hun e puer gemittlech Stonnen bei ons an och an der Ausstellung verbruecht.

Deemno as Pappendag 2017 kee Brunch a mir plangen rem fir 2018.



JONK AN AAL - WALDBËLLEG | 2016 - 2017

CHRËSCHTFEIER BEI « JONK AN AL GEMENG WALDBËLLEG »

Text & Foto: Denis Dimmer

Och zum Schluss vun 2016 haten d'Gemengeverwaltung an de Senioreveräin « Jonk an Al - Gemeng Waldbëlleg » zum Jaresofschloss zu enger flotter Chrëschtfeier an d'Cafeteria agelueden. Vill Membre waren an dee schéi gerëschte Sall komm, an de President Pierre Majerus war richtege houfreg dorop. De Mëllerdaller Männerchouer huet e flotte Concert mat Lëtzebuerger Lidder, an duerno mat Chrëschtlidder, virgedroen. Den Dirigent Jemp Origer huet d'Leit all animéiert fir matzesangen, wat him och gegléckt ass. Déi ganz Equipe huet de Bewäis erbruecht, datt si gäere matmaachen, wa Lidder um Programm stinn, déi si virun enger Rei vu Jare scho mat mit vill Freed an an enger gudder Ambiance gesongen hunn. Mat groussem Kënnen huet d'Jacqueline Penning d'Sängerinnen an d'Sänger vum Gesangveräin a vu « Jonk an Al » um Piano begleit. Houfreg war de President Claude Hansen vum Männerchouer op d'Leeschitung vu senge Membren, déi erëm eng Kéier bewisen hunn, datte een duerch de Gesank vill Schéines erreeche kann. Och de Buergermeeschter, Jean-Luc Schleich, war zefriden iwwer déi flott Feier, an hien huet alle Membre vu « Jonk an Al » en décke Merci gesot fir alles, wat si am Laf vum Jar fir déi eeler Leit aus der Gemeng maachen.



JONK AN AAL - WALDBËLLEG | 2016 - 2017

DIE JUBILARE KAMEN ZU EHREN „JONK AN AL“ UND GEMEINDE WALDBILLIG FEIERN „JOURNÉE DU GRAND ÂGE“

Text & Foto: Charles Reiser



Hien huet hervirgehuewen, datt duerch déi gutt Ambiance tëschent dem Veräin an der Gemeng, de Schäfferot drop verzichte kann, eng Kommissioun fir den 3. Alter an d'Liewen ze ruffen, well « Jonk an Al » erfëllen déi Mission op eng formidabel Aart a Weis. Fir eng kleng Iwwerschung huet de Buergermeeschter gesuergt : Hien huet seng Wénsch fir d'Feierdeeg nämlech musicalesch virgedroen ; hien huet an e puer Sproochen d'Lidd « We wish you a merry Christmas and a Happy New Year » gesungen. Zum Schluss vun der Feier ass eng grouss Tombola ausgespillt ginn, a vill vrou Membre si mat engem wäertvoller Gewënn heem gaangen.



Waldbillig: Die diesjährige „Journée du Grand Âge“ organisiert von den „Jonk an Al“, in Zusammenarbeit mit der Gemeindeverwaltung Waldbillig begann mit einem feierlichen Gottesdienst im renovierten Gotteshaus in Waldbillig, zelebriert von Pfarrer Robert Kutzwela und wurde gesanglich verschönert von den Chören aus der Gemeinde unter der Leitung von Claude Schmit mit Organist Emile Eyschen. Im Anschluss an seine Willkommensgrüße bedankte sich Vereinspräsident Pierre Majerus bei allen Beteiligten die zur Verschönerung dieser besinnlichen Feier beigetragen hatten. Ferner gab der Vorsitzende bekannt, dass er aus Gesundheitsgründen am 30. September dieses Jahres, nach 30 Jahren Amtszeit davon 19 Jahre bei der lokalen Amperas- Sektion und seit elf Jahren bei „Jonk an Al“, den Posten an eine andere Kraft weitergeben werde. Bürgermeister Jean-Luc Schleich ging dann näher auf Bedeutung ein den Alter zu feiern, mit all seinen Facetten das, das Leben eben mit sich brachte und gesegnet ist mit Erfahrung von etlichen Jahrzehnten, die sich als Weisheit im Handeln sowie in Gedanken von einem Menschen auch breitmacht. Unsere Jubilare von heute, die zeigen uns, wo man auch in einem respektablen Alter noch mitten im Leben steht. Dafür sollen wir alle dankbar sein und nicht vergessen, was sie in ihrem Leben für die heutige Generation geleistet haben. Umso mehr stellt die Vereinigung „Jonk an Al Waldbëlleg“ eine ganz wichtige Rolle mit all ihren



Aktivitäten innerhalb der Gemeinde dar, um den Senioren das Leben auch zu verschönern. Nach seinen Glückwünschen stellte das Gemeindeoberhaupt den unermüdlichen Einsatz mit Respekt von Präsident Pierre Majerus während all den Jahren seiner Amtszeit in den Vordergrund. Höhepunkt dieser Feier war die Ehrung von folgenden Jubilaren. Orchideen für 75 Jahre gab es für Marie-Louise Coner, Karl Friedrich und Lily Kolmesch-Manternach. Für 80 Jahre: Hedwig Feltgen-Schomers, Paula Mattes und Willy Schneider. Für 85 Jahre: Madeleine Delleré-Schares, Fernande Gross-Thoss, Margot Zeches-Ruppert, Félicie Hoss-Schabert, Aloyse Rippinger, Irène Hary-Feltgen, Juliette Majerus-Mamer, Pierre Majerus, Maisy Scheier-Noël und Carlo Scheier. Für 90 Jahre: Jeanne Huss-Medernach und Jeanne Alf-Nilles. Für 95 Jahre kam Sisy Mathes-Ries zu Ehren. Zum Abschluss wurde auf weitere schöne Jahre im Seniorenenverein angestoßen, ehe alle Teilnehmer sich das gemeinsame Mittagessen im Restaurant „Beau Séjour“ in Befort auch gut munden ließen.

JONK AN AAL - WALDBËLLEG | 2016 - 2017

POSITIVE BILANZ BEI « JONK AN AL GEMENG WALDBËLLEG » DER VEREIN UNTERSTÜTZE UNEIGENNÜTZ- IGE INSTITUTIONEN

Text & Foto: Denis Dimmer

Waldbillig.- Präsident Pierre Majerus zeigte sich erfreut, wiederum zahlreiche Mitglieder zur Generalversammlung von « Jonk an Al Gemeng Waldbëlleg » begrüßen zu können. Er dankte allen, die im Laufe des vergangenen Jahres zum Erfolg der mannigfachen Aktivitäten beigetragen hatten. Er bat die Mitglieder um eine Gedenkminute für die vier Mitglieder, die im letzten Jahr verstorben sind.

Laut Sekretärin Irène Schmit-Dahm trafen sich die Mitglieder in zehn « Portes ouvertes », es wurde ein « Choucroute-Abend » organisiert, die « Journée du Grand Âge », eine fünftägige Reise ins Tannheimer Tal, die « Niklosfeier » sowie die traditionelle Weihnachtsfeier. Außerdem überreichte der Verein Schecks von je 1.500 Euro an die Stiftung « SOS Kannerdurf » sowie an die Stiftung « Hëllef doheem Fiels ».

Die Kassenrevisoren bescheinigten der Kassiererin Marie-Anne Diederich-Meyers eine einwandfreie Buchführung, nachdem diese einen äußerst positiven Finanzbericht vorgelegt hatte.

Für das laufende Jahr sind wiederum « Portes ouvertes », diverse Feiern, Tagessausflüge sowie eine fünftägige Reise nach Bregenz vorgesehen.

Bürgermeister Jean-Luc Schleich dankte den Vorstandsmitgliedern und allen freiwilligen Helfern für

ihren Einsatz im Dienste der älteren Generation. Er unterstrich die ausgezeichneten Beziehungen zwischen der Gemeinde und dem Verein, den der Schöffenrat auf Gemeindeebene als alleinigen und wichtigen Ansprechpartner in puncto Politik des Dritten Alters betrachte. Der Bürgermeister bedauerte jedoch, dass der Präsident Pierre Majerus im Herbst sein Amt aus Gesundheitsgründen niedergelegt, eine Mission, die er seit der Gründung der Organisation, also seit 30 Jahren, mit viel Engagement und Fleiß erfüllte.



Der Vorstand



MËLLERDALLER MÄNNERCHOUER | 2016 - 2017

ALLES RENERT, ...

Text: Claude Hansen



... ewéi all Joer war och nees dëst Joer de Mëllerdaller Männerchouer aktiv an huet sech un den Aktivitéité vu Gemeng a Regioun bedeelegt.

E besonneschen Highlight waren am Juli d'Feierlechkeeten zum 190. Gebuertsdag vum Michel Rodange (1827-1876) zu Waldbëlleg. Bei dëser Geleeënheet duerfte mir op d'Melodie vun <Zu Arel op der Knippchen>, dem Michel Rodange séin éischt Gedicht a lëtzebuergescher Sprooch vun 1857 <D'Lidd vum Jéngsterdag> virdroen. Et handelt sech heibäi ém 6 Strofen, déi vum schwéiere Liewen am 18. Joerhonnert handelen.

De Programm vum vergaangene Joer war nees usprochsvoll a villsäiteg. Ewéi all Joer waren et etlech Prouwen déi ab Hierscht ob eis traditionell Wanter- a Fréijoersaktivitéité virbereet hunn.



Énnert der Direktioun vum Jemp Origer, der Begleedung vun eiser Pianistin Jacqueline Penning an eise Pianisten Thierry Konsbrück a Roger Recht, gouf de Chouer gedëllieg ém esou mucht haart erkämpftem Toun geleet.

Lass goun et de 4. Dezember 2016 zesumme mat der Waldbëlleger Musek mat eisem mëttlerweil traditionelle Chrëschtconcert, dës kéier awer am feierlechen Ambiente vu der restauréierter Waldbëlleger Kierch. Een éischten Deel mat flotte Lidder aus Italien ewéi <Dormi, dormi, bel bambin>, <Venite, adoriamo> oder e Gospel arrangéiert vum Johan van Slageren hunn d'Stëmmung bruecht fir de Matsangdeel wou bekannt traditionell Stecker ewéi <Alle Jahre wieder>, <Aus dem Himmelssall> oder de flotte Kanon <Sangt all mat> d'Kierch zum viébreiere bruecht huet. Neneswäert bleibt och dee wonnerschéinen instrumentale Part vun der Waldbëlleger Musek énnert der Leedung vum Christoph Weiland.

Op der Chrëschtfeier vu Jonk an Al vu Waldbëlleg hunn mir dunn an der Cafeteria zu Waldbëlleg de 17.12.2016 mat vill Ënnerhalungsmusek e flotten Nomëtte matgestalt.

Ervirhewe wëll ech eisen Neijoersconcert zum Ofschloss vun der besännelecher Zäit de Sonndeg, 8. Januar 2017 an der Parkierch zu Hiefenech zesumme mat dem Musekensembel DIVERTIMENTO (<http://www.divertimento.lu/>), wou mir Lidder ewéi <Gaudete, Christus natus est>, an <Es ist ein Reis entsprungen> vum Michael Praetorius, dem G.F. Händel sain <Freuet euch all> oder och dat bekannt <Adeste, Fideles> an engem klangvollen Ambiente virgedroen hunn.

Alljärlech am Juni hu mir un der Fête de la Musique deel geholl an duerften den 18. Juni 2017 eise Matbierger vum drëtten Alter am Hospice Civil zu lechternach e flotten Nomëtteconcert mat engem gemëschte Programm vun ale mëttelalterleche Lidder ewéi <Lenz kommt herbei> vum Gregor Lange (1540-1587); <Frühlingsgruß> vum Robert Schumann (1810-1856) oder och dem Franz Schubert (1797-1828) sain <Im Abendrot> zesumme mat bekannte lëtzebuergesche Lidder presentéieren.

Et bleift mir just nach, alle Sänger fir hiren Asatz dat ganz Joer iwwert, der Gemeng mat un der Spëtz dem Buergermeeschter Jean-Luc Schleich a senger Equipe, an all eisen treie Supporteren, e grousse Merci ze soen, datt sie eis all déi Zäit un der Säit stoungen a mat engem opopenen Ouer all eis Téin an Dur oder Mol, gelauschtert hunn.

Frou si mir doriwwert, dat eise Veräin seng Memberszuel hale konnt, an den Ausbleck op een neie Member eis extra freet. Et bleift mir hei, ewéi all Joer onermiddlech op d'Neits, nach eemol en Opruff ze maache fir bei eis matzesangen. Mellt lech! Mir sangen net némmen zesum-



men, mais mir sinn och e gesellege Groupe deen an der Regioun vum Naturpark Mëllerdall sain Kënnen, virum eiser Altesse Royale le Grand-Duc Henry 2016 am Amphitheater "Breechkaul" zu Bäertréff oder dëst Joer bei de Rodangefeierlechkeeten virum Premier Xavier Bettel, ennert Beweis stelle konnt.

Dofir mellt lech bei mir, dem President Claude Hansen (claude.hansen@education.lu; GSM 661 72 13 13) oder engem vun eise Gesangsambassadeuren aus dem Mëllerdall.

Eis Memberen 2016-2017

18 Memberen déi freides owes zu Chrëschtnech am Veräinshaus zwou Stonnen zesumme sangen soen Merci fir en flott Joer voll mat Musik:

Bernard Charel, Chrëstnech (Caissier)
Colbach René, Hiefnech (Éierepresident)
Hansen Claude, lechternach (President)
Hansen Emile, Wellerbaach
Kerschen Erny, Petteng (Comité)
Kieffer Marcel, Hiefnech (Comité)
Konsbrück Thierry, Uewerdonwen (Pianist)
Majerus Pierre, Chrëstnech
Mehlen Pol, Chrëstnech
Müller Ludwig, Chrëstnech
Origer Jemp, Konsdref (Dirigent)
Pizzaferri Erny, Noumer
Schumacher Dietmar, Chrëstnech Waldbëlleg
Schiltz Louis, Haler (Sekretär)
Schintgen Fons, Waldbëlleg (Comité)
Schneider Will, Beefort
Tobes Nic, Chrëstnech (Comité)
Wickens Henry, Waldbëlleg



D'Lidd vum Jéngsterdag

Traditionell (Zu Arel op der Krippchen)
Michel Rodange

The musical score consists of three staves. The top staff is in common time (indicated by a 'C') and has lyrics in Luxembourgish and French. The lyrics include: 1. Kommt, 2. Et, 3. Kuckt, 4. Ge, 5. Wo, 6. Komm, etc. The middle staff shows the melody with eighth-note patterns. The bottom staff shows the piano accompaniment with bass notes and chords.



CLUB DES JEUNES CHRËSCHTNECH | 2016 - 2017

CLUB DES JEUNES

Am Comité 2017/2018 sinn Joëlle Duschang, Liz Henx, Luc Kirsch, Lynn Majerus, Ken Schmitz an Pol Wilgé.

Den Club des Jeunes hat am Joer 2016/2017 och erëm eng ganz Partie vun flotten Aktivitéiten, änner anerem:

• Medernach et comme déjà communiqué le 27.07.2016, dans l'ensemble des localités des communes de Reisdorf, Nommern et Larochette.

Mesures restrictives maintenues

Par contre, les mesures restrictives concernant la consommation de l'eau potable doivent être maintenues pour les localités de

- Savelborn
- et Freckeisen

Ces mesures restrictives s'étendent jusqu'à nouvel ordre.

Distribution d'eau potable

Dans le courant de l'après-midi, l'Administration des services secours distribuera des bouteilles d'eau aux habitants de Savelborn et de Freckeisen. »



Freckeisen läit op engem Plateau mat Felder a Wissen téscht Suelbuer a Chrëschtnech, uewen op de sten gegen Héichten. Et gesäit een erof op d'Hougericht an iwwert d'ganz Gemeng wéi och iwwert d'Héichte vum Kohn bis op Bäerderef. Um Freckeisen ass mat knapps 400 Meter den héichste Punkt vun der Gemeng Waldbëlleg an hannert Freckeisen fánkt och mat der Gemeng Ärenzdall direkt den Norden un. Markant ass den elektreschen Transformator op der Kräizung vun den zwou Freckeisener Stroessen, mee déi gehéiert net méi richteg dozou, déi läit schonns an der Gemeng Ärenzdall.



Déi Strooss, déi vum Freckeisen iwwert d'Héicht op den Theinshaff féiert, trennt net némmen d'Gemeng Waldbëlleg vun der Ärenzdallgemeng, mee och d'Regioun Osten vun der Regioun Norden, an domat och d'Walbezicker a Kantonen a fréier och d'Distrikter. Déi Plaz, wou fréier déi dräi Distrikter unenee gestouss sinn, läit eng 500 Meter südlech vum Freckeisen, no beim Kitzebuer, deen haut zur Ärenzdallgemeng gehéiert a wou de Päerdklos gewunnt huet.

Um Freckeisen stinn néng Haiser, sechs op der Haaptstrooss vu Chrëschtnech op Suelbuer, an dräi op der Säitestrooss Richtung Theinshaff.

Freckeisen ass vum Kadaster als Uertschaft an der Gemeng Waldbëlleg repertoriéiert. Heiansdo gëtt et vun de Leit, déi sech wéinst deem onmanéierlechen Numm géieren, als zu Chrëschtnech um Bierg bezeechent, mee dat entsprécht net der Realitéit.

De Päerdklos huet Nikolas Gouverner geheesch. Hie gouf gebuer den 11. Januar 1778 zu Dahnen an der haut däitscher Äifel, déi deemoools nach bis zum Wiener Kongress 1815 zu Lëtzebuerg gehéiert huet, dat als Département des Forêts vu Frankräich besat war.

Hien huet als Kniecht geschafft an huet sech am Kléppelkrich engagéiert, deen d'Bauerne am Lëtzebuerger Éislek an an der Äifel géint déi franséisch Besatzung gefouert hunn. Si haten absolut keng Chance a goufe vun der franséischer Arméi massakréiert.

An der Äifel war dat de Fall an der Schluecht vun Arzfeld den 30. Oktober 1798. Alleng aus Dahnen waren do zéng jonk Männer gefall an fénnef anerer goufen higericht. Den Nikolas Gouverner wier ouni Zweiwel och zum Doud veruerteelt ginn, wann hien et net mat Hëllef vun engem Paschtouer färdeg bruecht hätt, e falsche Gebuertsschäin ze presentéieren, mat deem hien eréischt 17 Joer hat amplaz déi richteg 20.

Hien ass zu zwee Méint Prisong veruerteelt ginn an huet sech dono als Houfsmadd an der Fiels niddergelooss. De 5. Dezember 1808 gouf hien do mat der Anne-Marie Charlé bestuet. Spéider huet en um Kitzebuer gewunnt an der deemoleger Gemeng Miedernach, op der Héicht net wäit ewech vum Freckeisen. Do ass en den 3. Februar 1841 gestuerwen.

En huet markant ausgesinn mat enger grousser Narb op der Stir vun der Wonn, déi e bei der Schluecht zu Arzfeld kritt hat. Hien ass séier als Paérsklos bekannt ginn, als een, dee sech mat Kraider auskannt huet an wosst, kranke Päerd a soss Béischten ze hëllefén. En huet seng Rezepter och de Leit ginn, déi bei e koumen, an e gouf dofir e puermol um Geriicht zu Dikrech veruerteelt, well e Leit behandelt huet ouni en Dokteschdiplom an eng Zoulouossung als Mediziner ze hunn.

WALDBËLLEG HUET DEN 190. GEBUERTSDAG VUM MICHEL RODANGE GEFEIERT.





Frantz Seimetz (1858-1934) Portrait de Michel Rodange, 1899, huile sur toile
Collection du Musée national d'histoire et d'art (MNHA) - Foto : MNHA | Tom Lucas

INTRODUKTION

Text: L.S.

Vum 7. bis den 23. Juli stoung eis Gemeng ganz am Zeeche vun den 190-Joer Feieren vum Michel Rodange. Op den nächste Säiten wölle mir a Wuert a Bild festhalen, wéi eisen Nannetts Méchel gefeiert gouf. Am Réckbléck ass all Mënsch, dee mat der Organisatioun ze dinn hat, glécklech an zefritten wéi dat schéint Fest verlaf ass.

Vläicht deet et awer hei och interesséieren, wéi et iwverhaapt zum Rodange-Fest koum? Woufir hu mir eigentlech den 190. Gebuertsdag gefeiert, a woufir hu mir net bis 2027 gewaart, fir den 200. Jubiläum ze feieren ?

Et muss Enn 2015 gewiescht sinn, wéi ech mam Jacqueline Penning a mam Ernest Wagner am Hentgesbau zesummesouz, fir mat hinnen iwwert hier Iddi fir d'Organisatioun vun Ausstellungen an der Gemeng ze schwätzen. Si bëid hate vill Fotosmaterial vu fréier zesummegesicht, an zugläich huet den Ern dernieft aalt Handwierksgeschir an aner Saache vu fréier gesammelt. Wat net an der Rei war, gouf renovéiert. Et wier esouvill Geschir do, datt een d'Sportshal nees komplett gefëllt kréit. Si hätten do den Iddi, fir nach dräi Ausstellungen ze maachen, nodeems d'Ausstellung vun 2014 iwwert d'Ardennenoffensiv ville Léit ganz gutt gefall hat.

Déi éischt Ausstellung housch «De Mëllerdall, fréier an hett », a war am Abrëll 2016 am Kärespäicher vun der Heringer Millen (cf. DE FUUSS 2016, Säiten 241-242). Déi zweet Ausstellung « Nostalgie an der Waldbëlleger Kierch » war vum 22. bis 30. Oktober 2016 an der Waldbëlleger Kierch. Een Artikel iwwert déi Ausstellung fannt Dir op de Säiten 249-250. Déi drëtt Ausstellung « Et war ... eemol zu Waldbëlleger » sollt an der Sportshal gehale ginn. Et wollt een déi Ausstellung méi laang oploossen, nodeems bedauert gouf, datt déi grouss Ausstellung vum 70. Joresdag vun der Ardennenoffensiv némmen en eenzege Weekend op war. Mir waren eis séier eens, datt déi nei grouss Ausstellung méi laang op misst hunn.

Am Gespréich op der Gemeng, hu mir eis och drun erënnert, wéi schéin d'Zesummenaarbecht dach 2014 war, fir un de 70. Joresdag vun der Ardennenoffensiv z'erënneren. Wéi vill Freed hat et eis all gemaach an deem deem klengen Organisatiounscomité vun deemoools !

An du frote mir dräi eis, wat een dann feiere kéint, fir dee Grupp nach eng Kéier beienee ze kréien. A wéi mer do souzen, koum d'Iddi op, fir de Michel Rodange ze feieren, eisen Nannetts Méchel. Ëmmerhin hat am August 2016 säi Stierfdag sech fir déi 140. Kéier widderholl. A nee, do ware mir eis eens: der Dout wölle mir net feieren. Awer am Joer 2017 kréich hien 190 Joer, an ee Gebuertsdag ass gutt fir ze feieren. Elo ass 190 Joer net grad ee ronne Jubiläum, wéi een 100. oder een 175. Gebuertsdag. Séier houle mir awer fest, datt den 200. Gebuertsdag vum Rodange sécherlech iwwerall am Land grouss gefeiert géif ginn. Well mir awer Loscht haten, elo nach eng Kéier eppes ze maachen an deem Organisatiounscomité vun 2014, war et fir eis kloer, datt mir den 190. Gebuertsdag 2017 wéilte feieren, an net nach 10 Joer waarden. Dat wier dann och eng gutt Geleeënheet, fir d'Ausstellung « Et war eemol ... zu Waldbëlleger » an d'Rodange-Feier zesummenzeleeën. An esou war d'Iddi gebuer !


Am Mäerz 2016 stoung fest, datt den Organisatiounsgrupp vun 2014 nees aktiv géif ginn. D'Ann Penning, d'Jacqueline Penning, de Marc Barthelemy, de Marcel Ewers, den Théo Moulin, den Tom Sutor, den Ernest Wagner an ech, sot de Geck, waren nees derbäi. De Grupp koum e puermol beienee, fir ganz graff ee Programm ze définéieren.

De 16. November 2016 haten de Marc Barthelemy, de Marcel Ewers an ech eng Reunioun beim Här Staatssekretär fir d'Kultur Guy Arendt. Do gouf da kloer, datt näischt bekannt war, wat soss am Land op eng Rodange-Feier am Joer 2017 géif hindeiten. De Staatssekretär huet eis Iddi ganz sympathesch fonnt an eis d'Zesummenaarbecht zugesot. Duerch ee Bréif vum 13. Februar 2017 goufe mir driwwer informéiert, datt de Kulturminister eis Feieren offiziell patronéiere géif. Domadder stoungen eis eng Rëtsch Méglechkeeten op !

Eng selleche Reuniounen am «Rodange-Grupp», wéi mir eis genannt hunn, sollten du kommen. Mir haten eis, fir effektiv a séier schaffen ze kennen, nees an zwee kleng Gruppen opgedeelt. Engersäits huet de «*Grupp Ausstellung*» (*Ann Penning, Jacqueline Penning, Théo Moulin, Ern Wagner an Tom Sutor*) sech em d'Organisatioun an d'Detailer vun der Ausstellung «*Et war eemol ... zu Waldbëlleg*» bekëmmert. Kloer gouf awer och, datt een an där Ausstellung och wéilt ee spezifeschen Deel iwwert de Michel Rodange hunn. Ëm de Rodange sollt sech de «*Grupp Buch*» bekëmmeren (*Marc Barthelemy, Marcel Ewers an ech, sot de Geck*). Mir haten d'Iddi, fir déi schéi Broschür vun der Quinzaine culturelle Michel Rodange vun 2002 z'iwwerschaffen an nei erauszebréngen. Anerersäits huet de Marc Barthelemy gutt Kontakter an der Kulturszene, an huet verantwortlech gezeichnet fir den Deel iwwert de Rodange an der Ausstellung z'organiséieren an realiséieren.



vu riets no lénks : Tom Sutor, Marcel Ewers, Marc Barthelemy, Ann Penning, Théo Moulin, Jacqueline Penning, Ern Wagner, Jean-Luc Schleich



*Sous le haut patronage de Monsieur le Premier Ministre
Ministre de la Culture*

An der Traditioun vun de Rodange-Feiere vun 1926, 1951, 1977 an 2002 invitéieren de Schäffen- an de Gemengerot vu Waldbëlleg Iech ganz häerzlech op déi **OFFIZIELL FEIER FIR DEN 190. GEBUERTSDAG VUM MICHEL RODANGE e Samschdeg, den 8. Juli 2017 um 17.00 Auer** zu Waldbëlleg beim Gebuertshaus an Nannetts an der Michel-Rodange-Strooss.

Le conseil échevinal et le conseil communal vous invitent cordialement à participer à la CÉLÉBRATION OFFICIELLE DU 190^e ANNIVERSAIRE DU POÈTE NATIONAL MICHEL RODANGE le samedi, 8 juillet 2017 à partir de 17.00 heures devant la maison natale an Nannetts à Waldbbillig, rue Michel Rodange.



Waldbëlleg, den 29. August 1926

PROGRAMM VUN DER OFFIZIELLER ZEREMONIE VUM SAM SCHDEG, 8. JULI 2017

Ab 17.00 Auer: Accueil vun den Invitéén – Parking an Navette beim Schoul- a Sportscenter Michel Rodange

Géint 17.30 Auer: Begréissung vum Buergermeeschter Ried vum Här Premier- a Kulturminister Xavier Bettel

Cortège mat Aweiung bei der Gemeng vum Rodange-Panneau a vun der Bichersail

Géint 19.30 Auer: Gebuertsdagsplatt

Um 24.00 Auer: Schluss vun der Feier

D'Feierlechkeete gi musikalesch encadréiert vun der Waldbéllegere Musek, vum Mëllerdaller Männerchouer a vun der Chorale vu Chrëstnech.

Fir lessen a Gedréngs ass gesuergt.

PROGRAMM VUN DE FEIERLECHKEETE VUM 8. BIS DEN 23. JULI 2017

Vum 8. bis 23. Juli 2017: Grouss Ausstellung an der Sportshal zu Waldbëlleg „Et war eemol ... zu Waldbëlleg“
Hei gëtt d'Liewe presentéiert, wéi et fréier hei zu Waldbëlleg war. An der Ausstellung ginn a maansgroussen Dioramen iwver 1.100 Fotoen an iwver 700 Objeten gewisen a kommentéiert. Déi goufe gesammelt an an d'Rei gesat vun der Madame Jacqueline Penning an dem Här Ernest Wagner. De Michel Rodange kënnt och zu Éieren.

Op der Ausstellung ginn d'Filmer *Souvenirs de M. Rodange* an *Um Renert sengem Wee* vum Här Nicolas Stoffel gewisen, an e Film vum Här Edmond Schintgen iwver d'Liewen an der Gemeng Waldbëlleg.

D'Schoul vu Waldbëlleg an d'Schoulen aus der Region ginn invitéiert, sech dës Ausstellung ukucken ze kommen.

EFFNUNGZÄITEN:

Samschdeg	8. Juli	14.00 bis 17.00 Auer an 20.00 bis 23.00 Auer
Sonndeg	9. Juli	11.00 bis 18.00 Auer
Méindeg	10. Juli	14.00 bis 18.00 Auer
Dënschdeg	11. Juli	14.00 bis 18.00 Auer
Mëttwoch	12. Juli	14.00 bis 19.00 Auer
Donneschdeg	13. Juli	14.00 bis 18.00 Auer
Freideg	14. Juli	14.00 bis 18.00 Auer
Samschdeg	15. Juli	11.00 bis 18.00 Auer
Sonndeg	16. Juli	11.00 bis 18.00 Auer
Méindeg	17. Juli	14.00 bis 18.00 Auer
Dënschdeg	18. Juli	14.00 bis 18.00 Auer
Mëttwoch	19. Juli	14.00 bis 18.00 Auer
Donneschdeg	20. Juli	14.00 bis 18.00 Auer
Freideg	21. Juli	14.00 bis 20.00 Auer
Samschdeg	22. Juli	11.00 bis 18.00 Auer
Sonndeg	23. Juli	09.00 bis 17.00 Auer

**SONNDES, DEN 9. JULI VUN 11.00 BIS 15.00 AUER
AN DER CAFETÉRIA VUN DER SPORTSHAL ZU WALDBËLLEG**

Lunch, organiséiert vum Badminton Waldbëlleg an dem Mëllerdaller Männerchouer
Umeldung fir de Lunch Quiche Lorraine / Salade / Tarte / Café
beim Här Théo Moulin: theo.moulin@waldbillig.lu, Telefon 691 79 92 93
bis spéitestens den 3. Juli 2017.

MËTTWOCHS DEN 12. JULI UM 20.00 AUER

ass eng **Konferenz** an der Kierch zu Waldbëlleg vun der **Madame Germaine Goetzinger**, fréier Direktesch vum Lëtzebuerger Literaturcenter, iwwert den Thema: „*A wou mam Krop geschafft gëtt, do ass de Fuuss um Still. Dem Michel Rodange seng Gesellschaftskritik am Renert*“. D'Madame Goetzinger gëtt begleet vum **Här Steve Karier**, Lëtzebuerger Schauspiller a President vu Fundamental asbl, deen aus dem Renert virliest. Den Entrée ass fräi.



Foto: Ville de Luxembourg



SAMSCHDES, DE 15. JULI VUN 20.00 BIS 01.00 AUER

ass e **grousst Dëppfest virun der Gemeng**, wou den Nannets Méchel bis an d'Nuecht era gefeiert gëtt, mat dem **Museksensemble Säitesprong**. Den Entrée ass fräi. Fir lessen a Gedréngs ass gesuergt. Hei ginn um **21.00 Auer** bemoalte **Fiiss fir ee gudden Zweck versteet**. An der Schoul zu Waldbëlleg huet all Klass eng maansgrouss Figur vum Renert aus Holz kritt, déi d'Kanner no hire Virstellunge bemoolt hunn.

**SONNDES, DE 16. JULI VU 14.00 BIS 17.00 AUER
AN DER CAFETÉRIA VUN DER SPORTSHAL**

Kaffi a Kuch, organiséiert vum Turnveräin Ëmmer Fit. ([louni Umeldung](#))

**SONNDES, DEN 23. JULI 2017 VUN 09.00 BIS 17.00 AUER
AN DER CAFETÉRIA VUN DER SPORTSHAL**

Brunch mat fairen a regionale Produkter, organiséiert vun de Chrëstnecher Fraën.
Umeldung bei der Madame Andréa Henx-Greischer op henxa@pt.lu oder um Telefon 691 37 59 01 oder bei der Madame Hedwig Feltgen um Telefon 83 74 36, bis spéitestens den 20. Juli.

Freides, den 8. Juli 2017 um 19.30 Auer an der Sportshal zu Waldbëlleg

**VERNISSAGE VUN DER AUSSTELLUNG
„ET WAR EEMOL ... ZU WALDBËLLEG“**

Text: L.S. | Fotoen: Pierre Haas, Jemp Origer & Damaris Pletschette



Bis déi lescht Minutt gouf opgestallt, geneelt, gestrach, tapezéiert, gelidden a geschweesst! Freides Mëttes, de 7. Juli, konnt ee sech d'A reiwen. D'Sportshal war net méi erëmzéerkennen. Do, wou soss an der Reegel geschweesst gëtt wéinst dem Sport, stoung elo eng fantaschesch Ausstellung. A maansgroussen Diorame waren do iwwer 700 Objeten an iwwer 1.100 Fotoen opgeriicht ginn, an et duecht een, et wier een an engem Musée. Déi eenzel Raim, sief et eng Stuff, eng Kichen, e Buttek, e Klassesall, e Schlofzëmmer, eng Brennerei oder deen ale Buer vis-à-vis vum Hentgesbau an zwee Schäpp, waren esou gekonnt opgeriicht ginn, wéi wann een d'Hal do ronderëm gebaut hätt.

All Mensch deen erakomm ass, huet sech verwonnert an direkt ass engem kloer ginn, datt hei Leit um Wierk waren, déi hiert Handwierk verstinn. Wéi schonn hei virdru geschriwwen, waren d'Jacqueline Penning an den Ern Wagner méi wéi 3 Joer am gaangen mat recherchéieren, sammelen a restauréieren. Datt dat eng besonnesch Rees war mat vill Freed, an och alt mol Leed, dat kann een an hirer Ried herno liesen, déi si um Vernissage gehalen hunn. An där Usprooch erklären si an dichterescher Form, wat d'Konzept vun hirer Ausstellung ass, a wéi si déi Rees erlieft hunn, déi schlussendlech zu deem fantaschesche Resultat gefouert huet, vun deem sech ém déi 1.250 Visiteuren an de 16 Deeg Ausstellung iwwerzege konnten.

Freides am Nomëttag koum dann och schonn ee Journalist vum Wort laanscht fir iwwer d'Ausstellung ze berichten. E wollt eppes bréngen, sot en, an dat méiglechst huetech. D'Resultat dovunner gesäit een um Enn vun dësem Artikel. Och een zweete journalisteschen Artikel bericht do hannendrun iwwert de Vernissage.

Géint 19.30 Auer hate sech eng 90 Leit afontt, fir d'Ausstellung „Et war eemol ... zu Waldbëlleg“ offiziell opzemaachen. Den Här Minister Nicolas Schmit hat eis d'Éier ginn fir derbäi ze sinn. Dréckend waarm a schmeier war et, dat huet d'Leit awer net dervun ofgehahan, fir op dee schéinen Event ze kommen. De Gesangveräin Sang mat Waldbëlleg-Haller/Beefort, énnert der Leedung vum Dirigent Claude Schmit a begleet vum Pianist Henry Wickens, hunn den Owend agelaut mam schéine Lidd vum Michel Lentz „Wéi meng Mamm nach huet gesponnen“. De Buergermeeschter huet duerno d'Leit begréisst an d'Mercie vun der Gemeng ausgeschwat. Duerno huet hien d'Wuert un d'Jacqueline an den Ern viruginn, déi eng Ried gehalen hunn, wéi se net dacks hei zu Waldbëlleg zum beschte gi gëtt! Ma maacht lech wann ech gelift selwer ee Bild!

Ried vum Jacqueline Penning an Ernest Wagner

„Gudden Owend dir léif Lett,
mir wëllen lech begréissen
an hoffen datt dir den Owend
mat eis wäert genéissen.

Well mir elo och de Michel Rodange éieren,
wëlle mir wéi hien, mat reime probéieren.

Eis véiert Ausstellung wëlle mir lech presentéieren,
den Ern huet duerfir vill misste restauréieren.

Gesammelt hu mir vill al Saachen,
den Tom an den Théo ware begeeschtert
fir domat schéin Szenen ze maachen.

Komm, mir ginn an al Haiser hu mir eis gesot,
do fanne mir nach vill Saachen
woumat d'Leit sech fréier hu geplot.

Mir hunn iwwerall gefrot an net lang iwverluecht,
an aus ale Scheiere verraschte Maschinne matbruecht.

Hat ech (Ern) gemengt ech hätt propper déi al Wuer,
koum hatt (Jacqueline) schonn erém
mat enger neier Ladung gefuer.

Kuckt lech déi al Saache mol un,
mir hunn der iwver siwenhonnert dervun.

Verrascht, verknascht, futti an oft Stécker gefeelt,
den Ern huet gebotzt, geschlaff, geläimt a geneelt.

Fotoen, dir sidd vläicht verwonnert,
mir hunn der iwver eelefhnnett.

Bal alles wat hei banne steet, kénnt aus eisem Duerf,
duerfir kréien déi Leit e grousse Merci a ganz vill Luef.

Fir alles ze fannen, ware mir émmer op der Juegd,
méintelaang am Dag,
an och oft bis an d'Nuecht.

Mir hu laang gesammelt an eis vill geplot,
an alles opgeschriwwen wat d'Leit eis hu gesot.

All fréier Beruffer aus eisem Dierfchen sënn hei vertrueden,
dir kritt vun hinnen all eppes gebueden.

Als Kanner hu mir oft eis Schong bei de Schousterjos gedron,
si goufen nei geneelt, a scho konnt ee se erém siche gon.

Feltes Camille a Bäcker Jeng hu gebak an der Nuecht,
Zwee, dräi a fënnef Pénner Brout, an déi och nach an d'Haiser bruecht.

De Coiffeur am Duerf war Aerches Will,
fir seng Cliente war hien émmer um Dill.

De Männer d'Haar geschnidden an de Baart eroft,
war hie midd, huet hien och mol dozwëschent geschloft.

De Schluechtnicki hat d'Bëlleger Kiermes vill ze dinn,
an all Haus gouf e Schwäi geschluecht, hien ass bal net färdeg ginn.

An der ganzer Géigend war hie bekannt bei ville Lett,
och vum Nicki huet den Ern sou munch Geschier gerett.

De Wonnerjemp an de Mreien Ern waren allebéid Zammermann,
si hate vill Aarbecht a ware bal émmer hannendran.

D'Schrainerei a Steens ass schonn an der véierter Generatioun elo,
den Théid an de Jos an haut sinn de Roby an de Cédric do.

De Baldi a Reech Berni hunn als Schmadd all Päerd am Duerf beschlon.
D'Baueren hunn do geried, bis d'Kirchenauer dacks de Mëttet huet geschlon.

De Peltzer Jules huet als Leeëndecker héich um Dag,
sech nett däerfen erlaben e feelen Trëtt,
an Owes suzt hien a Schmitte gäere bei der ugemaachten Drëpp.

De Schneddernéckel huet schéi Kostümer gebutt,
waren se färdeg, huet nach just gefeelt en neien Hutt.

Déppesch Tun war Cantonnier an der Gemeng,
fir all déi Aarbechten hat hien eng Hëllef an dat war Blettes Jeng.

Am Wanter hu si Schnéi geschéppt a sech vill geplot,
an Owes hat de Wand erém alles zugejot.

Eis Handwiersleit hu geschafft vun muerges fréi bis zur spéider Stonn,
a mat zwou, dräi Kéi am Stall koume Sie all gutt an zefritten iwwert d'Ronn.

Sonndes hunn d'Leit gerout an et gouf nëtt geschafft, dat war esou,
haut ass alles anescht a souguer d'Geschäfter sinn net mol méi zou.

Huet en Handwierksmann no ville Jaren opgehalen,
da war de Binzen Ern net méi ze halen,
dann huet hie matgeholl wat hie krut, an net laang iwerluecht,
vill Saachen an op d'mannst en Hummer matbruecht.

Souvill Handwierker an eisem klengen Duerf dat gleeft jo keen,
iwwerech bliwwen ass leider némme méi een.

Den Ern huet gesammelt vill al Saachen, vum Wäschbried bis Kaffisréischter
ma hal némmen op (Jacqueline), d'Leit mengen jo ech (Ern) wir e Lompekréimer.



*Et wier Schued fir déi vill schéi Saachen aus der gudder aler Zäit,
majo schlëmm, wann dat alles géif op den Tipp gehäit.*

*Mat deenen ale Saachen a Geschir goung alles nach vun Hand,
an hett geet alles automatesch, elektronesch an um lafende Band.*

*Zwee Mann waren och mol op der Sich no alem Krom,
an der Däischtert hu si alles mat der Handysluucht beienee gedron.*

*Wéi si färerdegen waren a sollten endlech heem,
stung dobaussen de Sherif mat gespreitzte Been.*

*Deen hat am Grapp kee Kolt, ma némmen eng Täscheluucht,
hien huet déi zwee gutt kannt a si hunn net brauchen d'Hänn an d'Luucht.*

*Déi zwee hu sech zur spéider Stonn bal futti gelaacht,
esou Episoden hunn eis bei eiser viller Aarbecht och mol Spaass gemaach.*

*Op Nannetts Méchel sengem Gebuertsdag drénke mir eng Kippchen,
fir lech hu mir och Rodange Dréppen, Cocktailen, an eng Knippchen.*

*Bei eiser Gemeng, beim Ann, Filipe, Théo an Tom sinn eis Gedanken,
well mir eis wëllen extra fir hir Hëllef bei hinne bedanken.*

*Fir alles opzeriichten hu mir nach méi Hëllef misste froen,
e grousse Merci den Equipe vum Feeschter an dem Fern musse mir soen.*

*All eis Panneauen huet d'Firma Scholtes vu Befort eis geleint,
a koum eis domat fir eis Fotoe schéin entgéint.*

*Verschidde Saachen déi mir net haten, krute mir vu Kons an aus der Thillevogtei,
duerfir e grousse Merci soe mir dem Marcus an dem Här Jean Ney.*

*De Schintgen Edmond huet e Film vu Bëlleg aus fréierer Zäit,
fir deen zesummen ze stelle war hien och schéi gehäit.*

*All eis Ausstellungen hunn eis gemaach vill Freed,
an trotz der viller Aarbecht deet et eis net leed.*

*No dräi Jor sammelen, restauréieren, an ausstellen, musse mir eis froen,
Entzugserscheinunge wäerten eis hoffentlech net ploen.*

*Mëtt Abrëll war d' Jacqueline op eemol ausser Gefecht,
Mat der Aarbecht goung et émmer méi lues an émmer méi schlecht.*

*Hatt goung bei den Dokter an huet näischt schleefe gelooss,
oh Schreck wat fir eng Diagnos.*

*Eng Operatioun fir eng nei Häerzklapp stoung virun der Diir,
ech (Ern)sot him, mäi léift Kand duerfir hunn ech awer net dat richtegt Geschir.*

*No der Operatioun, wat war hat en aarme Wiermchen,
mee de Kommando, dat huet nach émmer geklappt, wéi um Schniirchen.*



*Lo sinn et e puer Méint hir an hatt huet alles gutt iwwerwonnen,
wat e Gléck, well deen heite Krich hätt ech net eleng gewonnen.*

*Scho méi laang, an apart a leschter Zäit,
war den Ern a sengem neien Atelier mat de Mardere gehäit.*

*Hien huet bei jidderengem säi Leed geklot,
si stinn énner Naturschutz, kruet hien émmer gesot.*

*Wéi esou oft un den Autoen, hate si och, oh wéi krass,
an elektriesche Kabelen an der Isolatioun gebass.*

*Duerch e Kurzschluss sinn d'Marderen am Plafong hin a hir gerannt,
den Ern kuckt an d'Luucht a gesäit, datt d'Friese schonn hu gebrannt.*

*Gutt, datt all eis al Saache scho ware restauréiert,
well sain Atelier ass nach émmer uerg ramponnéiert.*

*Merci soen ech hei vun déser Plaz,
de Pompjeeën an alle Leit fir hiren Asaz.*

*De Marc huet vill gesammelt an ass gerannt duerch Stat a Land,
an huet elo déi gréisste Rodange Sammlung a sengem Stand.*

*Eis Panneaue sinn numeréiert an zwar ganz genee,
wann dir de Nummeroen nogitt, bleiwt dir um richtege Wee.*

*Mat eisem Reime komme mir ni am Michel Rodange säi Schied,
an duerfir hale mir elo op mat eiser Ried.*

*Merci fir d' Nolauschte soe mir zwee lech elo,
a fir all Froe si mir gläich fir lech do."*

Déi op eng ganz originell Aart a Weis geschriwwen a ganz gelonge virgedroe Ried ass bei alle Lett ganz gutt ukomm!

Well d'Ausstellung am Kader vum 190. Gebuertsdag vum Michel Rodange opgeriicht gouf, koum den Nannetts Méchel natierlech och zu Éieren. De Marc Barthelemy huet dobäi vill schéin an interessant Saachen zesummegestallt: al Bicher vum an iwwert de Michel Rodange, dorënner och zwou éischt Editioune vum Renert aus dem Joer 1872, Dokumenter aus dem Rodange sengem Liewen, Devotionalien iwwert den Nannetts Méchel an de Renert, zwou Maquetten aus dem Marcel Ditsch senge Renertfiguren aus Plastilinn, Informatiouen a Fotoen iwwert de Rodange a seng Famill, bref alles wat ee faarwegt a komplett Bild iwwert de Michel Rodange ofgëtt, hat de Marc mat Suergfalt an Äifer opgeriicht.

Hei dem **Marc Barthelemy** séng Ried, déi hien um Vernissage zum beschte ginn huet. Déi Ried féiert eis gutt an d'Liewe vum Michel Rodange an. Säi Meeschterwierk, de Renert, hëlt do eng zentral Roll an.

"Här Minister, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären,

wann Dir hei an de viischten Deel vun der Ausstellung erakunkt, da gesitt Dir hien, an hie kuckt lech, de Michel Rodange, eise Nannettsméchel vu Waldbëlle, deem seng 190 Joer mer feieren, och mat déser Ausstellung. Hie kuckt lech vun deem schéine Bild do hennen, gemoolt vum Franz Seimetz. Datt mer dat kennen hei hunn, dofir en décke Merci dem Musée um Fëschmaart, grad wéi e Merci geet un d'Gemeng Gréiwemaacher fir eng Zeechnung vum Michel Rodange.

Wou mer ugefaang hunn, iwwert déi Ausstellung nozedenken, hate mer gefaart, et géife „just“ Bicher an Dokumenter ze weise ginn. Dat ass net esou a mir kennen lech eng Partie ganz bermierkenswäert Objekter weisen, wéi z. B. zwou original Zerwéiten aus der Dott, déi dem Michel Rodange seng Fra Madeleine Leysen mat an de Stot bruecht huet. Merci dofir un den nationale Literaturzenter an och e Merci un déi Leit vu Waldbëlle, déi eis eng Partie Saache geléint hunn, déi se aus dem Nannettshaus hunn.

De Renert ass fir all vun eis beim éische Kontakt eng léif Déiregeschicht gewiescht. Esou wéi de Marcel Ditsch dat gewisen hat, wéi hien de Renert mat selwer gebastelte Figuren nogestallt huet. Dir gesitt déi wonnerschéi Maquette do hanne riets vum Calicot mat dem Här Ditsch senge Figuren. An am Café am Nieweraum kënnnt Dir de Renert kucken mat dem Nicolas Stoffel sengem Film mat richtege Dérieren, fir deen hien duerch ganz Europa gezunn ass, fir d'Dérieren an Zooe virun d'Kamera ze kréien. E Merci un d'Kanner vum Här Ditsch, un de Jong an d'Fra vum Här Stoffel an och un den Centre national de l'Audiovisuel, datt si eis dat alles geléint hunn.

De Roger Leiner huet gesot, datt de Superjhemp souwuel eng Geschicht fir Kanner ass, wéi och eng Kritik un der Gesellschaft an datt en eng Philosophie vermittelt. Dat ass och esou beim Renert; Kanner gesi just déi Fabel, déi Erwuessener och dem Fuuss seng verschidden an net émmer gutt Säiten. De Renert gëtt vum Rodange als Mäerde geschildert, als Vergewalteger, bref, als e Schwéierverbriecher. An dach bleift en émmer erëm sympathesch, als deen, deen d'Saach vun de klenge Leit géint d'Abusen vun deene verdeedegt, déi d'Soen hunn. Dat waren déi liberal Schmelzhären, déi nëmmen an hir Täsch geschafft hunn; an dat war de Klerus, wou schonns deemools pädophil Paschtéier vun der Kierch a Schutz geholl si ginn. Si alleguer hat de Rodange sech gelunden, an domat all déi, déi hätte kenne säi Buch kafen, well vun deene aneren konnten der net vill liesen. Wéi de Renert erauskomm, an enger Oplag vun 1000 Stéck, do goufen der just 100 verkauft.

De Renert ass e schwéieren a komplexen Text. Et kéint een d'Wierder huelen, mat deenen de lan de Toffoli d'lescht Woch d'Laudatio op d'Nora Wagener fir de Servais-Präis zu Miersch am Literaturzenter ofgeschloss huet: Esou e Buch ass keent fir ofzeschalten wéi vill Bestseller, et ass eent fir d'Gehir anzeschalten an domat an de Genoss vu grousser Konscht ze kommen. Fir de Renert ze liesen an ze verstoen, do ass et wichteg, datt een Informatiouen



iwwert den Hannergrond vun der deemoleger Zäit huet. Nächste Mëttwoch kritt Dir d'Geleeënheet, vun esou enger Expertise ze profitéieren, bei der Konferenz vun der Madame Germaine Goetzinger, eminent Rodange-Spezialistin. Si gëtt begleet vum Steve Karier, deen aus dem Renert virliest, sou wéi en dat viru 15 Joer hei an der Gemeng fir den 175. Gebuertsdag vum Michel Rodange gemaach hat.

De Rodange war fir d'éischt Schoulmeeschter, zu Steesel an an der Fiels. Mir können lech do Original-Dokumenter weisen, iwwert hien an och vun him. E Merci un d'Gemeng Fiels, un d'Archives nationales an och un d'Gemeng hei, wou mir können déi eenzeg Foto vum Michel Rodange an eng éischt Kéier och de Regéster weisen mat dem Acte de naissance vum Michel Rodange.

Et ass och e Compte Rendu derbäi vun enger Séance vum Bëlleger Gemengerot: Wéi 1845 déi nei Normalschoul an der Stad opgaang ass, huet d'Regierung d'Gemengen opgefuerdert, de Studenten aus hirer Gemeng mat enger Bourse ze hëlfen. Mee déi hu ganz indignéiert geäntwert, dat géif awer guer net goen, si hätte scho kee Sou vir a keen hennen. Net némmen déi Bëlleger, bal all d'Gemengen hunn esou reagéiert. Studenten haten et net liicht deemoools, a Schoulmeeschtere scho guer net.

Spéider ass de Rodange an d'Bauverwaltung gaang an huet zu lechternach, zu Käerch, zu Wolz an an der Stad gewunnt. Hien huet dat ganzt Land gutt kannt an et sech genee ugekuckt. Well de Renert ass eng grandios Leeschung, net némme well e ganz op Lëtzebuergesch geschriwwen ass. De Rodange huet och déi verschidden Dialekter gewosst néierzeschreiven. Dat wéi nach keen emol Lëtzebuergesch als Sprooch ugesinn huet a laang, ier Rieds goung vun Mondaarten am Land. Verschidde Beispiller fannt Dir Um Panneau, riets vun lech gekuckt. Do ass eng ganz Wand mat enger Landkaart an den Uertschaften, wou een haut nach de Rodange oder de Renert fénnt. Vill Uertschaften hunn eng Michel-Rodange- oder eng Renert-Strooss, an et gi ganz vill Monumenter, am meeschten natierlech hei zu Waldbëlleg. An et stinn Auszich do aus dem Renert, an den Dialekter, wéi déi verschidden Déieren am Renert se schwätzen.

Seng Kritik un den Zoustänn vun der deemoleger Zäit léisst sech manner gutt an enger Ausstellung duerstellen. Dofir verweisen ech op dat schéint Buch, datt Dir hei och kënnt kafen. Do kritt der déi Passagen aus dem Renert an aus anere Schréfte vum Rodange, wou hien iwwert Waldbëlleg an de Mëllerdall schreift, ausfierlech kommentéiert.

De Rodange war awer keen Ëmstierzler; seng Veréierung fir de gudde Prënz Hari a seng Fra d'Prinzessin Amalia weisen dat. Am Buch stinn all seng Texter, déi hie fir si geschriwwen huet, dorënner och seng lescht an eenzeg bezuelte literaresch Aarbecht, e Gedicht fir d'Prinzessin Amélie, déi gestuerwe war. Déi Kantat gouf bei der Aweiung vum Monument an der Stad virgedroen, vertount vum Jean-Antoine Zinnen. Mee do war de Michel Rodange schonns dout. Fotoen vun deem Monument gesitt Dir op der rietser Säit vun der Ausstellung.

Eréischt no sengem Doud koum de Succès; de Rodange ass elo e ganz groussen, eisen Nationaldichter. A sengem Liewen hat en net vill Chance, just eng kuerz Zäit, wou et him gutt gaang ass. Seng Fra krut zéng Kanner, sechs si kee Joer al ginn. Hien ass dacks geplènnert, krut keng wierklech stabil Situatioun. Gesondheetlech hat e vill Problemer, an en ass dunn och mat 49 Joer gestuerwen.

Dat ass dramatesch fir hie gewiescht – mee ganz egoistesch wëll ech och soen: et ass dramatesch fir eis. Wat hätten mer nach alles kenne kréien, wann hie méi laang gelieft hätt? Wat hätt de Rodange nach drop gehat, wann hien e rouegen Alter an der Pensioun hätt kënnen erliewen?

Wat bleift: Bicher, virun allem. Dir kënnt an der Expositioun e puer schéin al Editioune gesinn. Merci un d'Nationalbibliothéik an nach eng Kéier un de Literaturzenter. An un den Denis Dimmer, wou hei vir an der Vitrine beim Fuuss - deen iwgrens normalerweis an der Schoul niewendru steet - eng éischt Editioune steet vum Denis Dimmer sengem Grousspapp. An do hanne riets an der Ausstellung ass och nach en interessante Bréifwiessel aus der Zäit vun der Joerhonnertfeier 1927, iwwert en einfache Mann hei aus der Géigend, deen de ganze Renert auswenneg wosst.

Bei der Joerhonnertfeier koum eng Jubiläumseditioune eraus vum Professer Joseph Tockert. Och beim Fuuss an der Vitrine gesitt Dir zwéin Exemplaire dovun, mat enger Widmung un déi zwou Duechtere vum Michel Rodange, d'Elise an d'Marguerite, „an Erënnerung un hiren onvergiessleche Papp“. Déi net esou al Bicher stinn an der Mëtt

op deem Dësch; do kënnt Dir roueg dra bliederen an lech se ukucken.

Et bleiwe vill Monumenter, wéi Dir op de Fotoen um rietse Panneau kënnt gesinn. Zu Waldbëlleg d'Büste virun der Gemeng, d'Plack um Nannettshaus an der Rue Michel Rodange, d'Skulptur beim Fuussepäad an déi virun der Schoul, an uewen op der Maison relais net e Wieder-Hinnchen mee e Fiisschen, deen neie Panneau, dee muer age weit gëtt ... An der Ausstellung hei gesitt Dir eng hélze Skulptur, déi soss an der Gemeng steet, an d'Maquette vum Monument an der Stad, no där de Fiisschen um Knuedler 1932 opgeriicht ginn ass. Zanterhier steet déi Maquette hei an der Gemeng.

Och soss am Land ginn et vill Michel-Rodange-Stroossen, Plazen a Monumenter, déi weisen, datt de Fuuss net dout ass: e spezielle Merci un d'Directioun vum Lycée Michel Rodange: Dohanne lénks vum Calicot steet de Fuuss aus dem Hall vun deem Lycée an et sinn nach eng Partie aner Stécker aus deem Lycée an de Vitrinen.

De Michel Rodange ass begruewen um Nikloskierfecht um Lampertsbierg, mat senger Fra, sengen zwee Meedercher a sengem Jong Albert. Do goufen et keng direkt Nokommen. Eng Tatta vum Michel Rodange war mat engem Här Pletschette vu Steeën bestuet; do ginn et Nokommen an déi hunn eis och verschidde Saachen haapsächlech vum Albert Rodange géint. E Merci dofir un den Här Michel Pletschette.

Den Albert Rodange, Fils vum Michel Rodange, hat exzellent geléiert a gouf Ingénieur, vir d'éischt bei de franséischen Eisebunnen. Dono gouf e Chef-Ingénieur zu Lëtzebuerg bei der Bauverwaltung. Hien huet d'Pläng fir déi Nei Bréck gezeichnet, ier en dunn de franséischen Ingénieur Paul Séjourné virun d'Nues gesat kruet. An der Ausstellung gesitt Dir perséinlech Objeten vum Albert Rodange, z. B. e Meter aus Elfebeen, an och seng Pläng vun der Neier Bréck, déi den Ingénieur Bernard Neis an der Zeitung vun der Ingenieurs-Vereenegenug, reproduziert hat. De Bernard Neis schreift do: „Le Luxembourg a raté l'occasion de s'offrir un des premiers ponts neufs de la technique du béton en n'écoutant pas son ingénieur Albert Rodange.“ E Merci der Associatioun vun den Ingénieurs, an e Merci och un den Här Pierre Wies aus der Fiels fir d'Hélfel bei deem Kapitel.

Voilà, den Detail dovu fannt Dir an eisem schéine Buch, geschriwwen vu Marcel Ewers, Jean-Luc Schleich a mir. Do kritt Dir de ganzen Tour vum Michel Rodange a senger Heemechtsgemeng. Dobäi konnte mir ènnert anerem op Publikatiounen vu Romain Hilgert, Roger Muller a Cornel Meder zréckgräifen – en décke Merci u si an hir Éditeuren, an un dem kierzlech verstuerwene Roger Muller senge Kanner.


Ech kommen zum Enn mat enger Perspektiv: 2026 ass de Michel Rodange 150 Joer dout, 2027 hätt en 200 Joer kritt. Do kënne mer hei zu Waldbëlleg an hoffentlech och soss am Land eng gehéireg opzéien.

E ganz décke Merci un d'Gemeng, de Schäffen- a Gemengerot, fir all déi Ènnerstëtzung, an dofir, datt si iwwerhaapt déi ganz Feierlechkeeten ugaang sinn. Dat ass bei all der normaler Aarbecht nach eng zolitt Belaaschtung derbäi, grad och finanziell. E Merci un d'Kollegen aus dem Organisationscomité, an un d'Aarbechter a Gemengebeamten ouni déi dat heite net méiglech wier.

E speziell décke Merci un déi, déi ech vergiess hunn. An un lech, datt Dir den Owend komm sidd.“

Nodeems déi zwou Strofe vun der Heemecht gesonge waren, huet den Här Minister Nicoals Schmit d'Bändchen duerhgeschnidden an d'Ausstellung offiziell opgemaach, déi vum 8. bis den 23. Juli fir de Public op war.







32 OSTEN

n° 157 - 7c 169

Luxemburger Wort
Samstag und Sonntag, den 8./9. Juli 2017

Das Dorfleben zu Urgroßmutter's Zeiten

Waldbillig ehrt mit einer Ausstellung seinen berühmten Sohn Michel Rodange

VON VOLKER BINGENHEIMER

Waldbillig feiert an diesem Wochenende das 190. Geburtstag von Michel Rodange. In der Sporthalle erzählen Hunderte historische Gegenstände aus der Dorfgeschichte.

Mit vielen bekannten Gästen und einem Festzug hält die Gemeinde Waldbillig heute ab 17 Uhr das Andenken an ihren großen Sohn aufrecht.

Über den zunächst verkannten, dann nach seinem Tod zu Ruhm gelangten Schriftsteller (1827-1876) informiert eine Ausstellung in der Sporthalle. Durch Hunderte liebevoll zusammengesuchte Ausstellungsstücke können sich die Besucher bei einem Rundgang zudem in das Leben zu Urgroßmutter's Zeiten in Waldbillig einfühlen.

Über allem thront der Fuchs

Den Ausstellungsteil über den Autor des „Renert“ hat Marc Barthélémy konzipiert. Das Zentrum bilden Bücher über Michel Rodange aus Barthélémys privater Sammlung. Sie sind umgeben von originellen Fundstücken wie einem Modell des bekannten Brunnens neben dem hauptstädtischen Rathaus, auf dem der Fuchs „a Maansgréist“ thront. Eine Dokumentation über den Wandel von Rodanges Geburtshaus „An Nanette“, das während der Rundstedt-Offensive im Zweiten Weltkrieg stark beschädigt wurde, ergänzt die Schau.

Barthélémy, der zum 190. Geburtstag des Nationaldichters ei-



In diesem historischen Klassensaal hält der Fuchs persönlich Unterricht.
(Foto: Guy Jallay)

nen Festband mit verfasst hat, unterstreicht die Bedeutung von Rodanges Werken für die Luxemburger Sprache. Er hatte viel Pech im Leben und ist schon mit 49 Jahren gestorben. Wenn er mehr Zeit für die Literatur gehabt hätte, hätte er noch Großes hervorgebracht.“

Wie die Menschen zu Lebzeiten des Autors und in den nachfolgenden Generationen in Waldbillig gewohnt haben, zeigten Dioramen, die fast die gesamte Fläche der Sporthalle einnehmen.

Ernest Wagner hat dafür Hunderte Einzelstücke gesammelt und mit Jacqueline Penning arrangiert. Die Ausstellung erinnert an bekannte Menschen aus dem Dorf, wie den längst verstorbenen Straßenwärter, den Zimmermann, den Metzger und den Brennerei-Besitzer.

sitzer haben ihn mit einfachen Mitteln repariert. Er funktioniert heute noch.“

Harte Schulbänke

Die Ausstellung wäre ohne die Sammeleifer von Ernest Wagner nicht zustande gekommen. „Wenn bekannt ist, dass man altes Zeug sucht, kommt es von selbst“, sagt er und deutet auf ein Bett aus dem 19. Jahrhundert, das ihm ein Bekannter aus dem Nachbardorf geschenkt hat. Um die tausend Säcken unterzubringen, hat er von

der Gemeinde ein Lager im Keller der neuen Primärschule bekommen. A propos Schule: Die Besucher dürfen auf uralten Schulbänken Platz nehmen, die aus der „Jongeschoul“ und der „Meedercherschoul“ stammen, und selbst fühlen, wie hart und unbequem es die Kinder damals hatten.

Sehr informativ sind auch die rund 1100 historischen Fotografien, die das Dorfleben nachzeichnen. Die Ausstellung ist heute und an Werktagen ab 14 Uhr, morgen ab 11 Uhr geöffnet.

ee Samschdech, den 8. Juli 2017

ARTIKEL VUM DENIS DIMMER OP MYWORT.LU

Text: Denis Dimmer


« Wéi meng Mamm nach huet gesponnen an ech bei dem Riedche souz ... » Mat deem bekannte Lidd aus dem 19. Jarhonnert vum Michel a vum Edmond Lentz huet d'Chorale Waldbëlleg/Haler/Befort énnert der Leedung vum Claude Schmit – op dem Piano begleet vum Henry Wickens – op déi flott Feier allegueren déi, déi beim Vernissage vun der Ausstellung « Et war eemol ... zu Waldbëlleg » derbäi waren, op eng passend, nostalgesch Aart a Weis agestëmmt. Begeeschtert waren d'Leit allegueren, déi um Vernissage deelgeholl hunn : Wat si an der Bëlleger Sportshal gesinn hunn, dat ass eemoleg. Wat déi Responsabel mat all deenen, déi hinne gehollef hunn, hei zesummegeschleeft hunn, dat ass bal net ze gleewen. Si hunn all Späicheran, Scheieren an Ateliere vu Bëlleg geraumt a wat se fonnt hunn an d'Sports-hal bruecht. Dat ass net duergaangen, well de Camion vun der Gemeng war déi lescht Zäit am ganze Land énnerwee. Méintaang ass gebotzt a geschauert ginn, wochelaang ass opgericht ginn, deeglaang ass ugestrach an tapezéiert ginn. D'Resultat ass eemoleg ! Wann een d'Gradinen erofkënn a säi Bléck op d'Ausstellung werft, da bleift engem de Mond opstoën. Et fillt ee sech Jarzéngten zréck versat an der Geschicht, a méi wéi ee vun deenen Eeleren hat Tréinen an den Aen, wéi en dat gesinn huet oder sech op enger aller Foto erëmkant huet. Kichen, Schlofkummer, Stuff, Stall, Scheier, Buttek, Schoul, all Zorte vun Atelieren fénnt een do erëm, an déi Jong kënne sech e Bild maachen, wéi fréier gelieft ginn ass. Méi eng flott Stonn vun « Anschauungsunterécht » kann ee sech net virstellen. Bei den Usprooche vun deene verschiddene Riedner, dem Buergermeeschter Jean-Luc Schleich, dem Ernest Wagner, dem Jacqueline Penning an dem Marc Barthelemy – Haaptresponsabel vun der Ausstellung – huet ee gespuert, mat wat fir enger Begeeschterung si hei zu Wierk gaange sinn, wéivill Kënnen a Léift zur Saach hei matgespiltt hunn.

De Jean-Luc Schleich huet a senger Ried drun erënnert : « Jong, d'Liewen deemoools war schon e staarkt Stéck Gesol-pertes ! Ah jo, wäreg – 't war net alles einfach ! Awer dacks och schéin ! » Den Ernest Wagner an d'Jacqueline Penning hunn op eng flott, lëschteg Aart a Weis de Michel Rodange nogemaach an a Versform d'Geschicht vun der Ausstellung virgedroen. Wien do gutt nogelauschtet huet, dee weess, wéivill Ustengunge verlaagt waren a wéivill Schweess do gefloss ass. Mee déi Méi, dat Kappzerbréches hu sech bezuelt gemaach ! De Marc Barthelemy ass op d'Wierk an d'Liewe vum Michel Rodange agaangen an en huet op eng gekonnten Aart a Weis e Charakterbild vun eisem Nationaldichter gezeichnet.

Samschdeg, den 8. Juli 2017 um 17.30 Auer virum Gebuertshaus *an Nannets*

OFFIZIELL FEIER ZU ÉIEREN VUM MICHEL RODANGE

Text: L.S. | Fotoen: Pierre Has, Damaris Pletschette



Invitatioun fir d'Michel Rodange Feier

Bei dréckend waarmem Wieder hate sech vill Éieregäsch a Rodange-Interesséierter virum Gebuertshaus vum Michel Rodange afonnt.

Datt d'Gemeng eng offiziell Feier direkt bei engem Privathaus mécht, ass net alldéeglech. Duerfir wëlle mir op déser Plaz der Famill Azzeri, dem Carmen, dem Luc, dem Jana an dem Ben, déi an Nannets wunnen, ee groussen an häerzleche Merci soen, datt mir all dem Michel Rodange sain 190. Gebuertsdag viru sengem Gebuertshaus, deemno bei Azzeris doheim, feiere konnten.

Ganz besonesch vrou waren d'Organisateuren, datt den Här Premier Minister a Minister fir d'Kultur Xavier Bettel op Waldbëlleg komm ass fir dése Feierlechkeete bázizewunnen. Och d'Madame Minister fir d'Ëmwelt Carole Dieschbourg an d'Députéierte Françoise Hetto, Octavie Modert, Gilles Baum a Léon Gloden hate sech d'Éier ginn.

Eng stattlech Zuel Éieregäsch waren op Waldbëlleg komm zu Éiere vum Nationaldichter : d'Madame Direkter Josée Kirps vun den Nationalarchiven, d'Madame Direkter Monique Kieffer aus der Nationalbibliothéik, den Här Direkter Claude Conter vum nationale Literaturzenter, déi fréier Madame Direkter vum Literaturzentner Germaine Goetzinger, de fréieren Här Direkter vun den Nationalarchiven Cornel Meder, den Här Lex Roth, déi Hären Direktere Gaston Ternes vum Lycée Aline Mayrisch a Claude Hemmer vum Lycée Michel Rodange an den Här Éieresekretär vun der Ge-

meng Waldbëlleg Nico Schlammes. Si all goufen häerzlech Wëllkomm geheesch!

Och d'Kolleginnen a Kollegen aus de Schäfferéit vu Waldbëlleg an aus de Gemengen aus der Noperschaft an der Regioun Mëllerdall, de Buergermeeschter Änder Kirschten a Schäffen Bob Bintz aus der Gemeng Ärenzdall, de Buergermeeschter Camille Kohn aus der Gemeng Bech, de Buergermeeschter Camille Hoffmann vu Beefort, de Buergermeeschter Pierre Wies aus der Fiels, de Buergermeeschter Henri Kauffmann an de Schäffen Jacques Krecké aus der Gemeng Hiefenech, de Schäffen Marco Bermes aus der Gemeng Konsdref, de Schäffen Michel Koopp aus der Gemeng Mompech an de Schäffen Henri Zeimetz aus der Gemeng Rouspert goufen häerzlech begréisst.

Bal all d'Kolleginnen a Kollegen aus den administrativen an technesche Servicer vun der Gemeng Waldbëlleg waren an Nannetts derbäi, eng grouss Zuel vun de Kolleginnen a Kollegen aus dem Enseignement an der Maison relais, vill Vertriederinnen a Vertrieder vu lokalen, regionalen an nationalen Associationen an natierlech d'Kolleginnen a Kollegen aus dem Organisatiounscomité vun 190 Joer Michel Rodange.

Bref, et waren em déi 250 Leit op Waldbëlleg komm!

Natierlech sief hei betount, datt d'Verainer aus der Gemeng derzou bägedroen hunn, datt d'Feier verschéinert ginn ass duerch hier Präsenz an d'Fändelen, déi se fir dee speziellen Dag matbruecht haten. D'Pompjeeën aus der Gemeng hunn d'Leit empfangen, an hu se op de Parking bei a ronderëm d'Schoul guidéiert. Zwou Navette vun der Gemeng hunn d'Leit

du bei d'Gebuertshaus vum Dichter bruecht, wou d'Strooss natierlech gespaart gi war fir d'Feier. De Mëllerdaller Männerchouer an d'Chorale vu Chrëschtnach hu mat der Waldbélleg Musek zesumme fir de würdege musikaleschen Encadrement gesurgt.

Iwwerhaapt waren d'Organisateure ganz frou, fir deen Owend d'A.s.b.l. Lederwon vu Betzder begréissen ze kennen. Si ware mat hire Päerd a schéinen ale Kutschen op Waldbëlleg komm. Dat huet der Feier dee leschte Schléff ginn, an d'Leit alleguer hunn den Ubléck vun deene schéine Kutschen a Päerd genoss.

Virum Nannettshaus gouf eng hélzen Tribüne opgerichtet, wou d'Éieregäsch Plaz geholl hunn. Een neelecht Zelt sollt do virun der Sonn schützen, déi èm d'Wett gestraalt huet. Awer némmer een Deel vun de Gäscht hat d'Chance Schied ze fannen, déi aner hu misse stoesch aushalen. De Chef vum Service technique hat awer Nosiicht mat de Riedner vun deem Dag, an hat hinnen ee Sonneprabbeli nieft d'Riednerpult gestallt. Ma kee wéll kloen, wann d'Sonn laacht. Besser dat, wéi wann et deen Dag riicht era gereent hätt!

Nodeems d'Waldbélleg Musek d'Feierlechkeet mat engem stramme Létzebuerg Marsch agelaut hat, huet de Buergermeeschter d'Éieregäsch an all d'Leit déi bei den Nannetts Méchel heem komm si mat folgende Wieder begréisst.

Ried vum Buergermeeschter Jean-Luc Schleich op der Zeremonie fir den 190. Gebuertsdag vum Michel Rodange, ee Samschdeg, den 8. Juli 2017 um 17.30 Auer an Nannetts zu Waldbëlleg.

« Léif Éieregäsch! Léif Gäscht alleguer, Dir Dammen an Dir Hären,

Een häerzleche Wëllkomm hei zu Waldbëlleg, wou mir op dësem schéine Summerowend den 190. Gebuertsdag vum Michel Rodange feiere wëllen!

Mir hunn eis hei beim Haus an Nannetts versammelt, wou an enger kaler Wanternuecht, géint 3 Auer Moies, Mëttwochs, den 3. Januar 1827, eisen Nationaldichter gebuer gouf.

Dat steet dann och säit 1926 an, nom Krich, nees säit 1951, veréiwegt am Relief op där wäisser Marberplack iwwert der Entréesdier : Heemechtshaus vum Michel Rodange, Dichter vum „Renert“ 1827-1876.

Léif Gäscht, loosst mech w.e.g. fir d'éisch op dëser Plaz betounen, datt mir hei net bei engem éffentleche Gebai sinn - ma nee - dat hei ass ee Privathaus !

Hei wunnt déi jonk Famill Azzeri, d'Carmen, de Luc, d'Leia, d'Jana an de Ben. Léif Famill Azzeri, ech wéll lech ee groussen an häerzleche Merci soen, datt mir haut - quasi bei lech virun der Dier - den Nannetts Méchel feieren dierfen, wéi dat och schon 1926, 1951 an 1977 gemaach gouf.

Léif Gäscht, vill vun lech kennen dem Michel Rodange seng Biografie bestëmmt aus dem Effeff.

Erlaabt mir trotzdem, hei op dëser geschichtsträchtiger Plaz säi Liewenslaf kuerz ze skizzieren, fir, datt mir ee Bild am Kapp hu vun deem Mensch, dee mir haut éiere wëllen.

Ech bieden dobäi d'Rodange-Spezialisten hei an der Ronn èm ee bëssi Nosiicht. Dëst ass mäi perséinleche Bléck, de Bléck vun engem einfache Waldbélleg, op dee groussen Nationaldichter.

Eisem Dichter seng Eltere waren de Michel Rodange Senior an d'Anna Theisen, genannt Jeannette, dohier de spéideren Hausnumm: an Nannetts.

De Papp Rodange war Plouert a Schouster. 1817 ass déi jonk Koppel op Waldbëlleg hei an dëst Haus gezunn. Si krute 5 Bouwen, vun deenen awer just den eelste Fils, de Jean, an de jéngsten, eise Méchel, iwwerliewe sollten.

Tëschkt béide Bridder louchen 12 Joer Altersénnerscheed. De Méchel hat grad emol 5 Joer wéi säi Papp 1832 mat némme 46 Joer un Nerveféiwer gestuerwen ass. Sou gouf de Méchel vu senger streng kathoulescher Mamm a sengem Brudder opgezunn.

Béid Bridder ware ganz enk matenee verbonnen - de Jang huet dem Méchel praktesch de Papp missen ersetzen.

Et huet eise Méchel spéider ganz déifgetraff, wéi säi Brudder am Januar 1865 um Wee fir op Waasserbëlleg onglécklech an d'Sauer gefall an erdronk ass.

1833, mat 6 Joer goung de Méchel hei zu Waldbëlleg an d'Wanterschoul. Hei kruten d'Kanner aus dem Duerf neelech Liesen a Schreiwe bäibruecht, an am Summer hu se missen doheem um Haff hëlfen. D'Wanterschoul gouf mol vum Paschtouer, jo hei zu Waldbëlleg, och alt mol vum Gemengereceveur oder vum Wiert gehalen. Richt d'Schoulgesetz vun 1843 huet hei zu Létzebuerg d'éi allgemeng Schouflicht agefouert.

Duerfir hu missen Schoulmeeschteren ausgebild ginn - also dee Beruff, deen den Nannetts Méchel, t'éischt zu Steesel an duerno an der Fiels ausübe sollte.

Doheem zu Waldbëlleg, do hat d'Famillje Rodange et glat a guer net einfach. An den 1830'er Joren haten d'Leit knapps genuch fir z'iessen. Et ware ganz haart Zäiten, a bei Rodanges hu se sech duerchgeschloe mat deem Wéinegen, wat hir puer Felder a Wisen hierginn hunn.

Mat engem Kreemchesbuttek huet d'Mamm versicht eppes derbäizever-

déngen.

Fir d'Feldaarbecht war de Méchel net gemaach. Hie war ee rengen, mëttelgrousse Jong mat fonkelnde groen A. Seng zierlech Natur war éischter fir dat „Feint, dat Rengt an dat Geeschtegt“ gemaach, amplaz fir schwéier Feldaarbecht. Hie war vun Ufank un ee ganz waakregen a fläissege Bouf. En huet gäre gelies, Kierf geflocht, Rousekränz gebastelt a kleng hélze Figure geschnëtzzt, déi e senge Frënn geschenkt huet.

Ee ganz grousse Wéssensduuscht hat dee klenge Méchel scho ganz fréi erfaasst. Sou huet säi Brudder a seng Schwéiesch dee klenge Méchel eng Kéier owes am Gaart gesi stoen - op de Sput gestäipt an a Gedanke versonk.

Si froten hien. „A Méchel, wat denks De?“ „Majo“, sot hien: „kéint ech dach esou laang an d'Schoul goen, bis ech dat alles - an dobäi huet déi kleng Hand ee Krees op den Horizont gewisen - verstoe liéiere géif, d'Feld, de Bësch an d'Stären.“ „Verstoe liéiere géif“ - Dat erënnt mech un déi Onrou, déi dem Goethe säi Faust scho befal hat: „Dass ich erkenne, was die Welt in ihrem Innersten zusammenhält“.

Schon als Bouf war Waldbëlleg ze kleng fir de Genius Michel Rodange. Säi striefsame Geesch huet misse geformt ginn. Seng Mamm a säi Brudder haten dat erkannt!

1843, mat 16 Joer, koum hie bái säi Monni Nic Theisen op den Haff, op Fléiber, an der Buerschenter Gemeng.

Vun do aus konnt hien zu Dikrech an d'Schoul goen, éier en 1845 den Opnamexame gepackt hat fir an déi nei grënnten Normalschoul an der Festungsstad Létzebuerg. 18 Joer al war en do. Wat ee Wandel: aus deem klenge beschauleche Waldbëlleg, iwwer Dikrech an d'Festungsstad. Et sollte bái wäitem awer net sang leschte Statiounen bleiwen.

De Méchel gouf zum Schoulmeeschter ausgebild, an huet 1847 seng éischt

Plaz zu Steesel ugetrueden, wou hien och seng spéider seng Fra, d'Madeleine Leysen, gebietesch vu Stroosse, kennegeléiert huet.

Et muss direkt déi ganz grouss Léift gewiescht sinn, well èm d'Päischten 1854 hat hien d'Madeleine um Héischdrefrer Schlass op engem Fest kennegeléiert, a schon am Oktober dat selwecht Joer hate se sech zu Stroosse bestuet.

Am September dat selwecht Joer gouf de Rodange Schoulmeeschter an der Fiels a sollt dat do bis un d'ENN vum Schouljoer 1859 bleiwen.

Duerno, no 12 Joer als Schoulmeeschter ass hien, fir d'éisch op Fëschbech bei den Héichuewe schaffe gaangen, éier en duerno bei de Staat - bei d'Stroossebauverwaltung - koum.

Ee bessert Akommes wéi als Schoulmeeschter an eng Aussicht op Pensiooun goufen him a senger Fra mat de Kanner ee bëssi méi Sécherheet. Si hu misse struwelen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen!

Als Schoulmeeschter war et déi Zäit nach schwéier, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Och wann hien d'Kanner onheemlech gären hat a si hien, esou huet ee Mo-leiden ét him èmmer méi schwéier gemaach, fir an där enker Welt vum Klassessall ze bleiwen. Och d'Spiichte vun de Kanner, an dernieft am Alldag, op de Buergermeeschter an op de Paschtouer ugewisen ze sinn, huet hien èmmer manner verdroen.

D'Schoul gouf him ze enk. An als Pikär bei der Stroossebauverwaltung koum hien uechter d'ganzt Land.

Esou konnt hien d'Land an d'Leit kenneléieren. Allerdéngs ass dat Geplénners, vu Steesel an d'Fiels, vun der Fiels op lechternach, dunn op Käerch, op Wolz, dunn nees zréck op lechternach a schlussendlech op Clausen an der Stad natierlech op seng zaart Gesondheet

¹ An der gehalener Ried, huet de Buergermeeschter d'Éieregäsch all ernimmt. An der Drockversioun gëtt dorop verzicht.

geschloen.

D'Madeleine huet him Krafft ginn, fir d'Staang riicht ze halen am Liewen.

Si huet deem onrouege - an hei an do och melancolesche Mënsch Rodange - gutt gedoen, well si hien ermontert, an en an all senge Projeten èmmer nees ènnerstëtzzt huet.

10 Kanner sollt si op d'Welt bréngen, wouvun der awer némme 4 d'Elteren iwwerliefht hunn - d'Elise, den Albert, de Vitalis an d'Marguerite. De Vitalis sollt sech 1889 zu Paräis suicidéieren an déi 3 aner Rodange Kanner hunn hirem Papp sain Udenke bis 1946 héich gehalen, wou dat leschte Rodange-Kand, d'Marguerite gestuerwen ass. Keent vun de Rodange Kanner sollt selwer Kanner hunn, an esou ass déi direkt Linn vun eisem Dichter erlosch.

D'Madeleine war fir de Méchel déi ideal Fra an am 12. Gesank vum Renert léisst hien duerchblécken : „Esou eng Frau, Här Kinnek, ass fir e Mann ee Gléck“.

Awer no 10 Gebuerte war si net méi däär stäerkster eng, an et konnt ee sech froen, wie vun deenen zwee méi gedoktert huet, si oder hire Mann de Méchel. Och den Dout vu 6 Kanner hat bei béide séilesch Spueren hannerlooss.

Kee Wonner, datt him dat alles op de Mo geschloen ass. Am vill ze jonken Alter vun 49 Joer ass hie Sonndes, de 27. August 1876 géint 5 Nomëttes zu Claußen an der Stad gestuerwen. Bei Reewieder ass hien ouni groussen Tamtam um Nikloskierfecht um Lampertsbierg begruewe ginn. Keng Zeitung huet Notiz dovu geholl, datt ee ganz grousse Lëtzebuerger vun eis gaange war.

Mir ginn nie gewuer, zu wat dee Genie nach alles fäeg gewiescht wier, a wat fir literaresch Konschtwicker hien nach gezechent hätt, wär hien 93 Joer al ginn, wéi seng Mamm d'Jeannette ? - Et sie!

Als einfache Mënsch koum de Méchel zu Waldbëllegr op d'Welt, huet sech sel-

wer fläisseg héichgeschafft, an huet eis literaresch Meeschterwicker, t éischt am Däitschen an herno am Lëtzebuergeschen hannerlooss.

Iwwert säi Meeschterwirk - de Renert - deen 1872 a senger Wëltzer Zäit erausbruecht gouf - wéll ech net ze laang raisonnéieren.

Net, datt dat net derwäert wier - ganz am Géigendeel! Nee déi Éier soll der Madame Germaine Goetzinger gehiéren, déi eis den nächste Mëttwoch um 20.00 Auer an der Waldbëlleger Kierch eng Konferenz iwwert de Renert hält, zum Thema : „A wou mam Krop geschafft gëtt, do ass de Fuuss um Still. Dem Michel Rodange seng Gesellschaftskritik am Renert“.

Et geet deemno an däär Konferenz èm d'Essenz am Renert. De Rodange huet d'Lett kannt an hien hat déi onroueg politesch a wirtschaftlech Zäiten, an denen e gelieft huet, verstaan. Hie konnt - wéi ee Chirurg - d'Gesellschaft mam Skalpell - senger Fieder - sezéiere bis op de Kär. Hien huet dat ouni Narkose gemaach! An dat deet bekanntlech wéi!

Hie war awer kee Meckerhari oder Kregéiler. Hie war och net kloer enger politescher Zuucht zouzeuerdnen, hie war weder Monarchist nach Republikaner. Hie war weder total antiklerikal, nach fromm Kierchemaus. Nee, hie war ee grondéierleche Mënsch, eng sensibel Séil, ee Genie, deen erkannt hat „was die Welt in ihrem Innersten zusammenhält“ - an dësem Fall déi Lëtzebuerger Gesellschaft an den turbulenten Joren 1848 bis 1876.

An däär Gesellschaft huet en am Renert einfach de Spigel virun A gehalen - net méi an net manner!

Ech denken, datt säi Wierk Renert vun Ufank un derzou verdaamt war, fir wéineg Succès zu senge Liefzäiten ze hunn. Ech denken, datt d'Gefill eppes „Schéines“, eppes „Fantastesches“ geschrif-

wwen ze hunn an d'Iwwerzeegung, datt seng Déieregeschicht mindestens genee esou vill Succès misst kréie wéi dem Dicks säi Vulleparlement, him letztendlech de Bléck op d'Realitéit verniwwelt huet.

An deene Joren deemoos konnte vill Lett weder liesen nach schreiwen.

Déi, déi et konnten - also déi, déi ee Renert hätte solle kafen - jo déi - déi Klerikal Obregkeet, déi schwéier Industriell, déi Wichteg an déi Räich am Land - déi hu sech „pickéiert“ gefilt duerch dee Renert. Säi Wierk ass einfach ignoréiert ginn - eng Héchststroff fir een Dichter!

Datt en dobäi d'Lëtzebuerger Sprooch an all hiren dialektesche Faarwe mole konnt, wéi keen aneren virun him - dat hat bal kee Mënsch deemoos matkritt!

Datt dat dee striefsame Geesch, dee sensibele Mënsch, dee Mënsch Rodange, deen esou déif verwuerzelt war mam Land a senge Leit, schwéier getraff muss hunn - dat kann een sech gutt virstellen!

Léif Gäscht, d'Konferenz vum nächste Mëttwoch gëtt verschéinert duerch Rezitatiounen aus dem Renert vum bekannte Lëtzebuerger Schauspiller Steve Karier.

Et soll jo némme kee mir soen, en hätt keng Zäit fir de Renert ze entdecken. De Steve Karier huet déi 14 Gesäng d'ailleur integral op CD geschwat.

Dat ass eng gelleg Freed, an um Wee vun hei bis do, kann ee sech ganz séier an einfach e puer Gesäng aus dem Renert zu Gemitt huelen.

Léif Gäscht, de Michel Rodange ass hei zu Waldbëllegr gebuer a voller Houfert soe mir, datt hien ee vun eis ass, ee Waldbëlleger duerch an duerch!

Hien huet ee ganzt Liewen u senger Heemecht gehaangen!

D'Natur war an eisem Streech déi Zäit och nach eng ganz aner wéi haut.

Déi ongebändegt Wëllheet a Schéinheet vum Mëller dall mat senger mystescher Atmosphäre. Déi lëschteg Zuucht vu Lett hei zu Waldbëllegr, déi gutt a gäre gefeiert hunn - an dat och haut nach gäre maachen - dat war him a Leif a Séil iwwergaangen.

De Méchel hat seng melancolesch Momenter, seng traureg Momenter, jo - mee hie war awer insgesamt ee ganz lëschtege Mënsch!

Seng satiresch Oder koum net némmen an der Zeitung Wäschfra zum Ausdruck, mee och wann hie bei de Lett war.

Seng stralend Aen, säi lëschtegt Gemitt, bref - et war een, dee bei de Lett gutt ukomm ass ! En huet kee Patt stoe gelooss, e konnt nawell gutt sangen a passabel danzen.

An d'Waldbëlleger Kiermes, déi ee puer Deeg laang an der Zäit gefeiert gouf, huet en sech bal nie laanscht d'Nues goe gelooss.

A sengem Gedicht „Daheim“ schreift hien: „Daheim, da ist mein Herz und Sinn, Daheim sind meine Lieder“. Natiérlech mécht et eis Waldbëlleger och Freed, datt eis Dierfer a Lokalitéiten am Renert ernimmt sinn. Gitt awer nach ee Schrott wieder, Dir léif Lett, wann der de Rodange kennelíere wéllt.

Kuckt sain - a mengen A - zweet grousst Meeschterwirk, dem Léweckereche säi Lidd, respektiv d'Léierchen. Dat Léierge-dicht ass esou eng schéi Beschreiwing vum Bauer- a Landliewen, datt mir d'Häerz geglückst huet, wéi ech et fir t'éischt gelies hunn.

Léif Gäscht, ech wéll fair bleiwen. Natiérlech platzt eis Waldbëlleger de Col vun Houfert, datt de Michel Rodange gebiertege vu Waldbëllegr ass. Mee hien ass net némmen ee Waldbëlleger!

Grad esou ass hien ee Steeseler, ee Fielsser, ee Fëschbecher, een lechter-

nacher, ee Käercher, ee Wëltzer an ee Stater. Loosse mer eis eens ginn, datt hien - wéi keen aneren - am ganze Land doheem war. Hien hat d'Land a Leit studéiert, an dat a stonnelaange Foussmärsch uechter d'Land.

Fuert duerch eist schéint Ländchen! Vum Eisléck bis an de Minett, vum Réidener Kanton bis an den lechternacher Kanton, iwwerall fannt Dir Hiweiser op de Méchel Rodange, eng Strooss mat sengem Numm, een Denkmal, ee Fiischen, eng Plack un enger Mauer, bref, de Méchel Rodange ass ee Kand vum ganze Land!

An duerfir wëlle mir sain 190. Gebuertdag feieren, an hien a säi Gesamtwerk éieren.

Awer net eleng mat Fester oder Stroossen oder Placketten oder vill Schnick-Schnack géife mir him Freed maachen - dovunner sinn ech iwwerzeegt.

Vill méi erweise mir deem grousse Literat a Mënsch d'Éier - richt dann - wa mir hie liessen. Ech kann lech versécheren, datt et ganz spannend ass de Rodange ze entdecken!

Liest de Michel Rodange, léif Lett - gedréckt oder digital - egal - mee liest!

Liest fir ze verstoen, liest fir ze staunen a liest fir hien ze éieren.

Ech ginn zou, datt dat guer keng einfach Lecture ass. De Schlëssel zum Rodange sengem Wierk muss ee sech erschaffen. Wann een awer dann a senger Welt dran ass, dann ass ee gepak dervun an et entseet ee Féiwer, dat een dreift, fir èmmer erém an èmmer erém de Rodange ze liessen.

Säit 90 Joer gëtt hei am Land - a méi oder manner groussen Ofstänn - un de Michel Rodange geduecht.

Dat ass schéin ze gesinn! Elo, aktuell, an enger Zäit, wou mir eis Sprooch nees opwäerten an oppoléiere wëllen, bref se z'acceptéieren als ee wichtige Be-

standdeel vun der Lëtzebuerger Kultur an Eegenaart, muss de Rodange eng Platz op däär Éiretribüne kréien.

Vill richteg gutt Saachen si säit dem Ufank vum 20. Joerhonnert iwwert de Rodange gesot a geschriwwen ginn. Vill dichteg Geléierter aus eisem Ländchen hu säi Wierk analyséiert a viruginn un déi nächst Generatiounen. Hinnen all sief ee grousse Merci gesot!

Mee, ech hoffen, datt déi lescht Renert Oplo net vun 1995 bliwwen ass, an ech hoffen, datt 2002 net déi lescht schéin a grouss national Ausstellung iwwert de Rodange war.

Neen ! Ech hoffen, datt den Dachs, de Grimpert, Recht behält, wann en am Renert am Grasméckelidd prophezezt : „ech sinn e Fréind vum Renert, a vrou, datt d'Gléck em blitt, ma wësst Der wuel, ech fiirchten, d'ass d'Enn nach net vum Lidd“.

Ma Här Grimpert, loosse mer hoffen, datt d'Enn vum Rodange Lidd nach laang net do ass ! 2022 ginn et 150 Joer, datt de Renert erauskomm. 2027 ass den 200. Gebuertdag! Rodange-Spezialisten a Rodange-Frënn am ganze Land. Kommt, mir doen eis zesummen a mir fänke muer mat der Aarbecht un. Et ass Zäit!

Kommt mir liessen eis Bicher nach eng Kéier, kommt mir fuersche virun, kommt mir ginn eis net zefritten! Et bleibt nach esou Munches ze entdecken, dovunner sinn ech iwwerzeegt! Kommt mir kucken net no Verkaufszuelen, kommt mir loassen eis net ofschrecke vum Gedanken, datt de Rodange kee Mënsch méi interesséieren déit.

Neen ! Kommt, mir fänke Muer mat der Aarbecht u fir déi Echeancen, déi ech genannt hinn anhalen ze können. De Renert ass zäitlos, a wann ech kucken, wat esou lass ass an däär Welt, an däär mir lieuen, dann ass de Renert méi aktuell, wéi jeemoools virdrun!

Léif Gäscht, hei zu Waldbëlleg soll haut de Mëttag just de Startschoss sinn, vun deem, wat nach ze kommen huet! Mir sinn dat dem Nannetts Méchel schèlleg!

Léif Gäscht, gëscht hunn ech gelies, datt den Isegrim, de Wollef, anscheinend nees am Land wier - zu Leideleng. Dee weess scho gutt firwat en ee grousse Bou ronderëm Waldbëlleg mécht. Op ee Kazesprong vun hei - dohanne bei der aler Schull - hat en der - loosse mer ét soen, wéi et ass - décker laanscht d'Panz kritt vun de Waldbëlleger Lett ! Dem Ärchesbauer säi fette Bock wollt en huelen, gefréisseg wéi e war - dee Wollefs-Fatzbeidel. An de Fiischen huet sech een an d'Fauscht gelaacht, well en deen Topert gutt erageluecht krut.

Haut an déi nächst 2 Woche feiere mir hei zu Waldbëlleg!

„A gitt Der mat mer, Monnomk, mer ginn op Bëlleg zou / All Haus an och all Haischen huet do eng lësteg Zuucht“. A genee esou ass et!

Den Organisatiounscomité huet ee schéine Programm op d'Bee gestallt, a fir Jiddereen ass eppes derbäi! Virun allem déi grouss Ausstellung „Et war eemol ... zu Waldbëlleg“ sief lech all un d'Häerz geluecht!

Léif Gäscht, ech kommen zu Enn, an ech wëll soen, datt mir - no deem schéine Marsch vu virdru vun der Waldbëlleger Musek - elo vum Mëllerdaller Männerchouer an der Chorale vu Chrëschtnech „d'Lidd vum Jéngsterdag“ héieren. Dat ass ee lëschtegt Drénklidd, a weist, datt den Nannetts Méchel kee Kand vun Trauregkeet war, mee ee ganz gesellege Mënsch!

D'Melodie wäert lech all bekannt sinn - et ass déi vun der „Areler Knippchen“. Déi Melodie ass ganz interessant! Am Professer Tockert senger Jubiläums-schrëft vun 1927 fir den 100. Gebuertsdag vum Dichter steet dran, datt een unhuele kann, datt d'Melodie vun der Areler Knippchen dem Michel Rodange

am Kapp ronderëm gaangen ass, wéi en op senge laangen Déngschtfouss-märsch duerch d'Land un de Verse vum Renert sënnéiert huet.

Datt „Liddhaft“, dat „Melodescht“ vun der Areler Knippchen fénn een a ville Strofe vum Renert erëm ! Probéiert dat emol doheem, andeems der Versen aus dem Renert ob déi Melodie, déi mir elo héiere sangt ! Dir wäert verwonnert sinn!

Léif Gäscht genuch geschwat ! Kommt mir loossem haut kee Patt stoen a mir feieren zesummen ee Gebuertsdagsfest, wéi et sech gehéiert ! Beim Patt, beim Maufel an a gudder Gesellschaft, bis an d'Nuecht eran ! Grad esou, wéi de Méchel et gewollt hätt. A wie weess : „Fir d'Saach och opzeschreiwen mat munchem louse Sprooch, koum du mat sengem Bläistéft den Nannettsméchel och“.

Letztendlech, léif Lett, erlaabt, mir Merci ze soen ! Här Premier Minister, et ass eis Waldbëlleger eng Freed an eng Éier, datt Dir bei eis komm sidd. Mir hunn net dacks esou héije Besuch an eisem bescheidenen Eck elei. Ee ganz häerzleche Merci, datt Dir eis Feierlechkeete patronéiert !

Léif Éieregäsch, léif Lett, lech all ee ganz groussen an häerzleche Merci, datt Dir an dëser Afenhëtz dem Michel Rodange d'Éier erweise komm sidd.

Wann ech misst virufueren, an all eenzelem Mënsch Merci soen, deen direkt oder indirekt, bewosst oder onbewosst gehollef huet fir d'Feierlechkeete vun den nächsten Deeg z'organiséieren an ze realiséieren, da géif ech haut net méi fäerdeg. All eenzelem léiwe Mënsch, deen hei gehollef huet, sief vun Häerze Merci gesot !

Jacqueline, Ann, Ern, Marc, Mars, Théo an Tom - Dir sidd verréckt - am positivste Senn vum Wuert ! Dir wësst, wat ech domadder mengen ! Et war alt nees eng Éier, fir mat iech dës Rees maachen ze kënnen.

Ech soen lech Merci ! »

Dorops hin huet den Här Premier- a Kulturminister Xavier Bettel d'Wuert ergraff a betount, wéi wichtig et ass, datt mir zu Lëtzebuerg eist kulturell lerwen an Éieren halen. Dee grousse Stellewäert vum Michel Rodange sengem Wierk an der Lëtzebuerger Literatur ass ouni Zweisel unerkannt, an de Renert, deen zäitlos ass, gëtt als eng national Referenzfigur am Land gefeiert. De Michel Rodange ass, nieft dem Dicks an dem Lentz, sécherlech ee vun de gréissten Auteuren an der Lëtzebuerger Sprooch, an duerfir ass et wichtig, datt d'Erënnerung un hien héich gehale gëtt, esou, wéi dat an der Gemeng Waldbëlleg nach émmer de Fall war, an ass. Et huet dem Premier- a Kulturminister dann och Freed gemaach fir op Waldbëlleg ze kommen, fir derbäi ze sinn, wann den Nationaldichter gefeiert gëtt. Gefreet huet hien sech, datt och Kanner do waren. Et kéint een net fréi genuch domadder ufänken, fir d'Kanner a Kontakt ze bréngé mam Rodange sengem Wierk, och wann de Renert bälaiwen keng léif Díeregeschicht ass. De Fiische gesäit een op Schrott an Tratt zu Waldbëlleg, an de Premier sot den Organisateuren an de Veräiner Merci fir d'Feier. Der Gemeng huet hie Merci gesot, datt se sech dem Erhale vum kulturellen lergutt verschriwwen huet, a besonnesch dem Michel Rodange, deen dobäi eng Éiereplaz huet.

No den offizielle Riede gouf ee grousse Cortège opgestallt. Fir d'éischt sinn d'Kutsche vum Lederwon virun de Leit defiléiert. Si hunn d'Spëtzt vum Cortège gemaach, an direkt hannendrun d'Fändelen, d'Pompjeeën, d'Musek an d'Gesangveräiner, d'Éieregäsch an d'Visiteuren. Een impressionnant Zuch aus Leit huet sech forméiert - eppes, wat een net all Dag esou zu Waldbëlleg gesäit !

Bei der Gemeng gouf een Tëschestopp gemaach, an do hunn de

Premier- a Kulturminister an de Bu- ergermeeschter, a Präsenz vun den Éieregäsch, ee Panneau mat Infor- matiounen iwwer dem Michel Rodange säi Liewen (a véier Sproochen) an eng Bichersail virun der Gemeng ageweit. Hei können Interesséier- ter zu all Nuets- an Dageszäit Bicher ausléinen oder Bicher ofginn. Déi schéi Büst vum Michel Rodange vum italienesche Kënschtler Mario Pessot aus dem Joer 2001, de Panneau an d'Bichersail maachen zesummen elo ee « Ganzt », zu Éieren vum Nannetts Méchel.

No deem kuerzen Intermezzo ass de Cortège bis bei d'Sportshal gaangen, wou de Premierminister an d'Éieregäsch eng Féierung duerch d'Aus- stellung « Et war eemol ... zu Waldbëlleg » gemaach kruten. Nodeems de Premier - a Kulturminister mat groussem Interessi alles ugekuckt hat, krut hie mat engem Kuerf vol- ler lokaler a regionaler Spezialitéiten Äddi gesot. Dee selwechten Owend huet hien nach op sengem Face- book Account eis all Merci gesot, fir dee schéinen Nomëttag an d'Leit am Land invitierert, déi impressionnant Ausstellung kucken ze goen.

Bis an den Owend eran, hunn d'Leit herno virun der Hal den Nannetts Méchel gefeiert. Fir lessen a Gedrénks war gesuergt. A wie wollt, dee konnt deen Owend esouguer eng extra Spezialitéit probéieren. Mat engem « Barmann » aus der Hotelsschoul vun Dikrech, dem Här Elie Clément, goufen dräi Cocktaillen entwéckelt speziell fir dem Michel Rodange säi Gebuertsdag : « ee la- angen Nannetts » (Longdrink), ee « kuerzen Nannetts » (Short Drink) an een alkoholfräie Cocktail. Dat war speziell a gouf vum Veräin Sang mat Waldbëlleger-Haler/Beefort an der Cafeteria gemixt. Fir déi Leit, déi Loscht hätten, dat doheem nozemaachen, déi fannen d'Rezepter vun de Cocktailler op de Säiten 333 bis 334.

Iwwerhaapt sief op dëser Plaz de Veräiner aus der Gemeng ee ganz groussen an häerzleche Merci gesot, well si bal all gehollef hunn, fir d'Rodange-Feieren ze réalisieren! Ouni hier Hëllef, wär dat Fest net méiglech gewiescht. De Fussball vu Chrëschtnech huet deen Owend ge- grillt, de Club des Jeunes huet d'Kees gemaach an d'Veräiner Aéromodé- liste vu Chrëschtnech, d'Uergelfrënn

vu Waldbëlleg an de Badminton vu Waldbëlleg hu sech em d'Gedrénks- stänn bekëmmert.

Um 23 Auer goung ee schéinen Nomëttag op een Enn, dee bei ville Leit wuel laang a gudder Erënnerung bleiwe wäert. Alle Visiteuren och ee grousse Merci !

Renert, IX. Gesang

A gitt Der mat mer, Monnomk, Mer ginn op Bëlleg zou,

Do ass all Kand a Këndchen Beim Fuesechsliddche frou.


All Haus an och all Haischen Huet do eng lësteg Zuucht, (...)











KULTUR 2LV, M:128, YG:72, S:9

SAMSCHDEG, DEN 8. JULI 2017

Vum 8. bis 23. Juli zu Waldbéleg

190. Gebuertsdag vum Michel Rodange

De Nationaldichter Michel Rodange gouf den 3. Januar 1827 zu Waldbéleg am Haus «an Nannets» gebuer. Säi Papp huet och Michel Rodange (1786-1832) geheescht a seng Mamm war d'Jeannette (Nannette) Theisen (1783-1873) vu Fëschbech.

De Michel Rodange huet déi deemoos nei Normalschoul absolviert a war vun 1847 bis 1854 Schoulmeeschter zu Steesel. De 5. Oktober 1854 huet hien zu Stroossen d'Madeleine Leysen (1830-1889) bestuet. Si kruten zéng Kanner, vun deenen der just véier dat éischt Joer iwwerlief hunn, dorënner den Albert Rodange, spéidere Chefingénieur an der Stad, deen déi éischt Pläng fir d'Nei Bréck sollt zeechnen.

Déi Koppel ass an d'Fiels wunne gaang, wou de Rodange fénnef Joer laang Schoulmeeschter war. Aus gesondheetlechen a finanzielle Grénn huet de Michel Rodange dunn de Schoulmeeschter un den Nol gehaang. Hie war kuerz Zäit als Drëtte Commis zu Fëschbech an der Schmelz beschäftegt. En huet de staatliche Concours fir Piqueur cantonal bestanen an zwee Joer laang e kranke Piqueur zu lechternach ersat; en huet och do gewunn mat senger Famill. 1862 kruet hien eng fest Plaz am Kanton Capellen a si sinn op Käerch geplénnert.

1866 ass de Michel Rodange géint sää Wällen op Wolz versat ginn an d'Familljen huet alt nees de Wunnsätz geänner. An der Zäit zu Wolz



huet de Rodange 1872 de «Renert» publiziert, beim Librairie H. Schamburger an der Stad.

1873 kruet de Rodange Congé vu senger Fonction als Piqueur an huet d'Aarbechten dirigéiert, fir d'Strooss vum Grondhaff op d'Bollendorfer Bréck an d'Bréck um Grondhaff iwwert d'Schwarz Äernz ze bauen. D'Famill ass erëm op lechternach geplénnert, an dono 1874 a Clausen, wéi de Rodange an d'Stad versat gouf, fir beim Schläife vun der Festung ze hëlfen.

A Clausen ass de Michel Rodange de 27. August 1876 un enger Mokranks gestuer-

kommentéierten Ausgab 1987 vum Romain Hilgert.

Do dernieft huet de Rodange vill Gedichter op Lëtzebuergesch an op Däitsch geschriwwen. No sengem Doud hunn sech nach aner Wierker fonnt: En zweeten Epos, «D'Léierchen», gouf e puer mol an a verschiddene Versiounen publiziert, z. B. vum Alain Alten 1990 an der Serie Lëtzebuerger Bibliothéik.

Eréischt 1927 ass op engem Späicher e Komeidisteck fonnt ginn, «Dem Grof Sigfrid seng Goldkummer» a fénnef Akten. Den Nic. Welter huet dést 1929 erausbrecht; en huet geschriwwen, dat wier fir dem Michel Rodange sain 102. Gebuertsdag.

D'Gemeng Waldbéleg feiert vum 8. Juli (17.30 Auer) bis 23. Juli sain 190. Gebuertsdag. Fir dat zerguttstert ze feieren huet d'Gemeng (an do hëlfen bal all d'Veräiner aus der Gemeng enh Hand mat upaken) ee Programm op d'Been gestallt. Erfirzesträichen ass och eis grouss Ausstellung op 1.100 m² an der Sportshal vum Schoul- a Sportscenter Michel Rodange zu Waldbéleg, wou iwwer 1.100 Fotoen an iwwer 700 al renovéiert Objeten a «maansgroussen» Diorame gewise ginn. Déi Ausstellung weist wéi d'Liewe fréiher zu Waldbéleg war («Et wor ee-mol ... zu Waldbéleg»). Mat vill Léift an Häerzblutt gouf déi Ausstellung konzipiert vum Jacqueline Penning an Ernest Wagner.

De Michel Rodange ass dee bedeitendsten Dichter vu Lëtzebuerg. Säi Meeschterwirk ass de «Renert», deen awer eréischt am 20. Jorhonnert de verdéngten Erfolleg kruet. Bedeitend Editioune vum «Renert» waren déi von 1921 vum Joseph Tockert mat Illustratiounen vum Auguste Trémont a Frantz Seimetz, dem Joseph Tockert seng kommentéiert Editioune 1927 fir d'Joerhonnertfeier vum Gebuertsdag vum Rodange, d'Geamtwerk 1974 vum Cornel Meder an déi ausféierlech

UECHTER D'LAND

Méindeg, 10. Juli 2017 | Journal | 13



Römer-Pow-Wow
Seite 14



Nacht der Wunder
Seite 15



Blick ins Soldatenleben
Seite 16

Volksfest für den berühmten Sohn

Gemeinde Waldbéleg ehrt Luxemburger Dichter Michel Rodange



Vor dem Geburtshaus von Michel Rodange in Waldbéleg wurde mit vielen Ehrengästen gefeiert

WALDBÉLEG

Premier Xavier Bettel brachte es mit ein paar Zeichen auf Twitter auf den Punkt: „Flott Feier hau zu #Waldbéleg, wou ee vun ese gréissende Dichter, de Michel Rodange, virun 190 Joer op d'Welt komm ass“.

Am Samstag erhielt die Gemeinde ihren berühmten Sohn, der im Haus „an Nannets“ am 3. Januar 1827 geboren wurde. So hatte

die Gemeinde um Bürgermeister Jean-Luc Schleich ein buntes Programm auf die Beine gestellt, dessen Startschuss am Wochenende war und noch bis zum 23. Juli geht.

Buntere Rodange-Programm

Unter anderem wurde eine große Ausstellung in der Sporthalle vorgestellt, die sich auf rund 1.100 Quadratmetern mit 1.100 Fotos und 700 renovierten Objekten dem Leben in Waldbéleg zu früherer Zeit widmet. „Mit viel Liebe und Herzblut wurde

die Ausstellung von Jacqueline Penning und Ernest Wagner konzipiert“, wie Bürgermeister Schleich betonte.

Michel Rodange gilt als die bedeutendste Dichter Luxemburgs, sein Meisterwerk „Renert“ als Nationalepos. Außerdem schrieb er unzählige Gedichte in luxemburgischer und deutscher Sprache. Nach seinem Tode fand man in seinem Nachlass ein zweites Epos, das bürgerliche Lehrgedicht „Léierchen“. Erst ein Jahr nach den Jahrhundertfeiern von Rodanges Geburtstag 1927 wurde das Lustspiel

in fünf Akten „Dem Grof Sigfrid seng Goldkummer“ auf einem Speicher entdeckt. Es wurde 1929 veröffentlicht.

Unter anderem findet am 12. Juli um 20.00 in der Kirche eine Konferenz mit Germaine Goetzinger statt. Am 15. Juli steht vor der Gemeinde ein „großes Dëppfest“ auf dem Programm.

Die Ausstellung in der Sporthalle ist in der Woche von 14.00 bis 18.00 und am Wochenende von 11.00 bis 18.00 geöffnet



In der Gemeinde herrschte regelrechte Volksfeststimmung - und man fühlte sich sogar in der Zeit zurückversetzt



Foto: Didier Sylvestre/Edipress

Tageblatt *JG. 105 [Le 10]*
Montag, 10. Juli 2017 • Nr. 158

LËTZEBUERG OSTEN 37

Ein „Denkmal“ wird gefeiert

NATIONALDICHTER 190. Geburtstag von Michel Rodange

Tom Müller

Im Beisein zahlreicher Interessanter und Schaulustiger sowie vieler Ehrengäste, darunter Regierungsvertreter und Abgeordnete, wurde am Samstagabend eine ganz besondere „Geburtstagsparty“ begangen.

WALDBILLIG Bei strahlendem Sonnenschein sprach Bürgermeister Jean-Luc Schleich die Grußworte vor dem Haus „An Nannets“, in dem Michel Rodange am 3. Januar 1827 das Licht der Welt erblickte. In seinen Texten, so Schleich in seinem kurzen Abriss von Rodanges Lebensgeschichte, habe es der Dichter verstanden, die damalige Gesellschaft wie mit einem Skalpell zu sezieren, und da er dies ohne Narkose tat, hätte es oft wehgetan. Obwohl „Nannets Mechel“ ein gebürtiger Waldbiller gewesen sei, der seinem Heimatort zeitlebens eng verbunden blieb, sei er doch ein Kind des ganzen Landes. Er habe u.a. als Lehrer, Straßenbauaufseher oder Eisenbahner überall im Großherzogtum seine Spuren hinterlassen. Der Bürgermeister schloss mit dem Appell: „Liest de Michel Rodange.“ Besonders beim „Renert“ handele es sich um ein zeitloses Buch.

Den Aufruf seines Vorruders aufgreifend, betonte auch Premier- und Kulturmünister Xavier Bettel die überraschende Aktualität von Rodanges Hauptwerk und unterstrich die Wichtigkeit des Dichters für Luxemburg. Mit den Worten Battu Webers, der Michel Rodange 1927 als nationales Denkmal bezeichnet hat, erinnerte Bettel daran, dass der am 27. August 1876 in Clausen verstorbene Schriftsteller wie kein Zweiter das Volk kannte und wusste, dass die Sprache den Charakter forme. Mit einem Lob und Glückwünschen an die Ge-



Die Geburtstagsfeierlichkeiten fanden am Geburtshaus des Nationaldichters statt

meinde Waldbillig und die Organisatoren der Feierlichkeiten beendete der Premierminister seine Rede.

Für die musikalische Umrahmung der Feierstunde sorgten der örtliche Musikverein und ein regionaler Chor, welche ein vertontes Gedicht von Michel Rodange, den „Feierwon“ sowie die Nationalhymne vortrugen. Im Anschluss zogen die Versantelkutschen mit Insassen in historischen Kostümen angeführten Prozession vom Geburtshaus des Dichters hinunter zum Rathaus.

Dort enthüllten Bürgermeister Schleich und Minister Bettel eine neue Informationstafel, die das Leben und das Werk des „dichtesten Waldbilliger“ vorstellt.

Zudem wurde eine neu installierte „Büchersäule“ in Betrieb genommen.

Letzte Station des Abends war

tags eröffnete Ausstellung das Schaffen von Michel Rodange sowie das Dorfleben in früheren Tagen beleuchtet.



Von einer Kutsche begleitet ging es zum Rathaus

A WOU MAM KROP GESCHAFFT GËTT,
DO ASS DE FUUSS UM STILL.

KONFERENZ VUM GERMAINE GOETZINGER MAT LIESUNGE VUM STEVE KARIER



De Méttwoch, den 12. Juli huet d'Germaine Goetzinger an der Kierch vu Waldbëlleg eng Konferenz gehalen iwwert de Renert vum Michel Rodange, am Kader vun de Feierlechkeete bei Geleeënheet vum 190. Gebuertsdag vum Nannets Méchel.

D'Germaine Goetzinger ass Literaturwëssenschaftlerin, Historikerin an Auteur. Hiert Spezialgebitt ass déi däitsch Literatur vu Fraen an déi lëtzebuergesch Literatur am Allgemengen. Si war Professer an gouf vun 1995 bis 2012 Direktesch vum Lëtzebuerger Literaturzentrum; si huet deen Zenter opgebaut. Nieft vallen anere Publikatiounen huet si zesumme mat hire Kollegen de Lëtzebuerger Autorelexikon erausbruecht. D'Germaine Goetzinger ass Member vun der *Section des arts et lettres* vum *Institut grand-ducal* a gouf 2010 als membre correspondant an d'Académie nationale de Metz opgeholl. 2011 krut si de Lëtzebuerger Bicherpräis vum Verlag *ultimomondo*.

2002 huet d'Germaine Goetzinger zesummen mat dem Gast Mannes an deem kierzlech verstuerwene Roger Muller eng phantastesch Michel-Rodange-Ausstellung am Literaturzenter konzipéiert.

D'Konferenz vun der Madame Goetzinger ass encadréiert ginn duerch Liesungen aus dem Renert vum Steve Karier.

De Steve Karier ass Schauspiller. Hie war am Ausland énnert anerem zu Basel, Köln, Bochum, Mainz, Zürich a Paräis engagéiert an huet och émmer erém u Produktiounen zu Lëtzebuerg matgemaach. Zanter 2010 féiert hie Regie bei Produktiounen am Kapuzinertheater. Hie grënnt 2010 de *Fundamental Monodrama* Festival zu Lëtzebuerg an ass Direkter vun deem Festival, deen op Soloperformancen spezialiséiert ass.

2002 huet de Steve Karier aus dem Renert zu Waldbëlleg virgelies, am Kader vun de Festivitéite beim 175. Gebuertsdag vum Michel Rodange. 2003 huet hien den integralen Text vum Renert opgehol als Lauschterbuch op 3 Cden. 2012 spiltt de Steve Karier de Renert am Kapuzinertheater, woubäi hien eleng op der Bühnall d'Rollen interpretéiert.

Et waren eng honnert Nolauschterer deen Owend present, déi deene zwee Conférenciere mat engem laangen an zolitten Applaus Merci gesot hunn.

Den Text vun der Konferenz vum Germaine Goetzinger steet hei hannendrun. En ass an engem Stéck reproduziert,ouni duerch d'Auszich éinnerbrach ze ginn; do mat liest e sech besser. Déi Plazen, wou de Steve Karier bei der Konferenz en Extrait aus dem Renert virgelies huet, si markéiert; déi Extraiten stinn hannert dem Text vun der Madame Goetzinger.

Marc Barthélémy



Fir de Roger Muller

„A wou mam Krop geschafft gëtt, do ass de Fuuss um Still.“ Dem Michel Rodange seng Gesellschaftskritik am Renert.

Och 145 Joer, nodeems de *Renert* vum Michel Rodange erauskomm ass, huet hien näisch un Attraktivitéit agebéisst, besonnesch dann, wann et heesch, sech op de Michel Rodange a säi Renert ze beruffen. Sou gëtt et hei am Land 21 Uertschafe mat enger Michel-Rodange-Strooss; d'Gemeng Waldbëlleg huet e Renert mat engem elegant geschwongene roude Schwanz am Logo an op de Schélter mat den Hausnummern; zu Woltz hu mer e Michel-Rodange-Kulturwee an zu Schlénnnermanesch e Michel-Rodange-Pad; de Rugsbyveräi vu Walfer an de Naturistecamp vun Heischent féieren de Renert an hirem Numm, an esouquer eng Hämoglobin-Moleküll gouf no him benannt. Och de Marketing mam Renert floréiert. Bei der Firma Muséal kritt een d'Skulptur vum Fiischen um Knuedeler an alle Gréisssten an a verschidene Materialien ze kafen, an net méi spéit wéi kuerz vrun Nationalfeierdag sinn dräi nei Figuren, e rouden, e wäissen an e bloe Fiischen derbäi komm.

Mee wéi gesät et aus mam Text vum *Renert*, mam Buch? Ass de Renert an enger liesbarer Editioun um Maart a fénnt e seng Keefer, net ewéi d'Originalausgab vun 1872, déi trotz 16 Annoncen an der *Indépendance luxembourgeoise* an der Éffentlechkeet doutgeschwige gouf, sou dass 1904 nach 687 Exemplaire vun 1.000 rescht waren, déi fir 15 Sous bradéiert goufen? Do si mer haut besser drun. Zénter 1987 gëtt et d'*Renert*-Ausgab vun den Éditions Binsfeld mat ausféierleche Commentaire zum politeschen, sozialhistoreschen a literarhistoresche Kontext vum Romain Hilgert, déi reegelméisseg nei opgeluecht gëtt.

An awer musse mer feststellen, dass vill Leit an der Gestalt vum Renert zwar e gewéssent Identifikatiounspotential gesinn, mee den Text am seelenste Fall kennen, dass de *Renert* keng fest Platz an de Curricula vun eise Schoulen huet, dass déi meeschte Leit héchstens den Ufank kennen, oder luewen, dass am *Renert* déi verschidden Dialekter vum Land zur Geltung kommen. Vill ze oft gëtt och de Renert mat enger léiwer Déciregeschicht fir Kanner gläichgesat, wat en op kee Fall ass.

Dofir schloen ech vir, an dräi Schrëtt virzegoen. Fir d'éischt well ech Grondsätzleches zum Michel Rodange senger Perséinlechkeet diskutéieren, duerno nom Kontext vun der Zäit froen, an deeér de *Renert* entstanen ass, fir dann an engem drëtte Schrëtt mat Hëlfel an Énnerstëtzung vum Steve Karier den Text vum Renert méi genau op de Leescht ze huelen.

De Michel Rodange

De Michel Rodange ass de Jong vun einfache Leit. Hie war vum Land, kee Stater, wéi z.B. den Dicks oder de Lentz, déi oft an engem Otemzuch mat him genannt ginn. Hien huet also och kee Lëtzebuergesch geschwat wéi „rondëm de Knuedlergaart“¹, wou Dicks a Lentz doheem waren. Säi Papp war Schouster hei zu Waldbëlleg, deen sech d'Liese selwer bääbruecht hat. Seng Mamm war d'Nannette Theisen. De Michel Rodange, deen den 3. Januar 1827 gebuer gouf, war der Koppel hiert fenneft Kand an - mir luewen an enger Zäit vu grousser Kannerstierfleckkeet - den drëtte Bouf, deen de Virnumm Michel krut. De Papp ass jonk ewechgefall, an d'Mamm hat Schwierigkeiten, fir iwver d'Ronnen ze kommen. Awer si huet versicht, hirem Bouf eng zolidd Bildung mat op de Wee ze ginn. Si huet hien op Méchelbouch bei de Kaploun Nicolas Zahlen ginn an duerno bei de Monni Nicolas Theisen op Fléiber, fir dass hien seng Defiziter, besonnesch am Rechnen, ophuele kéint, fir herno an d'Normalschoul ze goen.

¹ Méchel Rodange: *Renert. De Fuuss am Frack an a Maansgréisst. Komplett Editioun mat historeschen a politeschen Explicatione vum Romain Hilgert. Lëtzebuerg: Editioun Guy Binsfeld 1987, S. 31.*

Mam Ofschloss vun der Normalschoul ännert sech dem Michel Rodange säi soziale Status, an hie steigt op an eng nei gesellschaftliche Téscheschicht. Vun der bourgeoiser Uewerschicht énnerscheet si sech doduerch, dass hir Repräsentante weder Geld nach d'Wahlrecht hunn. Vun der Énnerschicht setzen si sech of, dass si Liesen a Schreiwe beherrschen, literaresch gebilt sinn, fir Verwaltungsaarbechten erugezu ginn an och selwer zur Fieder gräife können, wann et heescht sech ze wieren. Hire Kanner stinn nei Bildungsméglechkeeten op. Sou huet dem Michel Rodange säi Jong Albert studéiert, gouf Ingenieur a Chef vun der Bauverwaltung.

Dem Michel Rodange seng berufflech Carrière war alles anescht wéi gradlinneg. Als Schoulmeeschter huet hien ugefaangen, als Piqueur cantonal huet hien opgehalen. Dertéschent war hien 1859 e puer Méint Drëtte Commis op der Fëschbecher Schmelz. 1873 huet hien de Staatsdéngscht quittéiert a gouf Conducteur bei de *Chemins de fer des bassins houilliers du Hainaut*. E Joer méi spéit ass hie bei de Staat zréckkomm a krut eng Platz als Piqueur an der Stad. Säin Zil, den Examen als Conducteur ze packen, huet hien net méi erreecht, well hien zu deem Zäitpunkt scho schwéier krank war.

Zwou Froe stellen sech an dësem Kontext. Firwat ass hien net Schoulmeeschter bliwwen? A wat ass d'Aarbecht vun engem Piqueur cantonal? Dass hien als Schoulmeeschter opgehalen huet, hänkt zu engem Deel domat zesummen, dass hien Disziplinsproblemer hat, zum aneren, dass hien net eens ginn ass mam Paschtouer vun der Fiels. Als Schoulmeeschter mam Paschtouer am Clinch ze leien, war deemoools e grousse Problem, well d'Kierch am 19. Joerhonnert eng immens Influence op d'Schoul hat an d'Léierpersonal bis an hiert Privatliewen era kontrolléiert huet. Sou huet all Schoulmeeschter an all Léierin, déi d'Plaz gewiesselt hunn, e *Certificat de moralité* vum Paschtouer misse virleeën.

De Piqueur cantonal ass e Beruff, deen et haut net méi gëtt. An der Hierarchie steet hien téeschent dem Conducteur an dem Cantonnier. Am Règlement pour le service des gardes-champêtres cantonniers vum 17. Februar 1847 steet, dass de Piqueur all Mount eng Fiche mat den Aarbechte fir d'Cantonniers opstellt an op reegelméissege Kontrollgäng kuickt, ob déi Aarbechten ausgeféiert sinn. Wéinst der méi grousser Onofhängegeet vun der Kierch, der besserer Pai an dem méi héije Sozialstatus war de Beruff vum Piqueur cantonal attraktiv, an de Michel Rodange war och net deen eenzege Schoulmeeschter, deen sech als Piqueur beworben huet. Och wann sech seng Situatioun mam Wiessel vu Schoulmeeschter op Piqueur cantonal verbessert huet, huet hien awer nach émmer zu deene gehéiert, déi énnert dem Zensuswalrecht net wielen duerften, well se net genuch Steiere bezuelte hunn.

De Michel Rodange ass immens oft geplénnert. Vu Steesel an d'Fiels, aus der Fiels op lechternach; vun lechternach op Käerch, vu Käerch op Woltz, vu Woltz fir d'zweet op lechternach, vun lechternach an d'Stad, wuelgemierkt a Clausen, a net an d'Uewerstad. Dobäi kénnt, dass hien a Clausen op zwou verschiddene Plaze gewunnt huet. Net all Wunnigswiessel war fräiwéllleg. Obschonn hie gär zu lechternach bliwwen wär, gouf hien op d'Cap versat. Dohi wollt hien op kee Fall, an huet gefrot, fir zu Käerch wunnen ze dierfen. Och Woltz huet him net geschmaacht. Ee Virdeel vun dem ville Plénneren awer war, dass hien duerch d'ganzt Land komm ass an d'Liewe vun deene klengen Industriestied mat hirer lokaler Bourgeoisie an hirem Veräinsliewe kenne geléiert huet.

De Michel Rodange war keen onzefridde Kregéiler, mee e liewensfrouen a gesellege Mënsch. Hien huet gäre gesongen, Piccoloflùtt gespillet, a gouf Member vun de lokale Muséks- a Gesangveräiner. Sou war hie Member vun der Société philharmonique vun der Fiels, vun der Liedertafel lechternach a vun der Société philharmonique vu Woltz, fir déi hie beim Huesefest 1871 e puer Auszich aus dem *Renert* zum Beschte ginn huet. Hie war och begeeschert vun deenen am 19. Joerhonnert beléifte Sängertreffen, déi bei de Museker e staarkt Zesummegehéieregkeetsgefill hannerlooss henn. Sou goung hien zesumme mat sengem Jong Albert vu Woltz op d'Museksfest an d'Fiels, wou hien d'Eugénie Linden, eng Jugendléift, erémgesinn huet, wat d'Ausgankssituatioun fir e Sonett gouf.

De Michel Rodange war e staarke Charakter, deen sech de Mond net verbidde gelooss huet, seng Meenung gesot huet an dofir agestanen ass.² Esou protestéiert hien 1859 mat engem Lieserbréif am *Courrier du Grand-Duché*

de Luxembourg, dass bei der Ernennung vun de Piqueuren net no de Resultater vum Concours agestallt an de Michel Brandenbourg him virgezu gouf.³ De Wiessel vun der Cap op Woltz erließt hien als Strofversetzung an och do mellt hien sech zu Wuert a freeft fir wéinstens d'Käschte vun dësem "changement peu avantageux, mais accepté sans murmures"⁴ bezuelte ze kréien. Wéi ee vu senge fréiere Schüler aus der Fiels, de Schoulmeeschter Jean-Pierre Ginter, Problemer zu Woltz kritt, well hien d'Haaptroll am Theaterstéck Josef und seine Brüder ugeholl hat an am Zuch vun Ettelbréck op Kautebaach de Geck mam Weeltzer Paschtouer Stromenger gemaach soll hunn, ass de Michel Rodange sech net ze schued, fir sech mam Ginter ze solidariséieren an him e Certificat auszestellen, dee bescheinegt, dass him náischt zu Ouere komm wier „was die Moralität und das religiöse wie bürgerliche Betragen des genannten hätte in Schatten setzen können.“⁵

D'Joren 1848 - 1872

Fir dem Michel Rodange sengem *Renert* gerecht ze ginn, muss een och e Bléck op d'Geschicht vu Létzebuerg an de Joeren 1848 bis 1872 geheien. Et sinn arme Joeren, a vill Létzebuerger wanderen an Amerika aus. Sou och dem Michel Rodange säin Neveu, de Jean Rodange, deen an Amerika John genannt gouf.

Et ass eng Zäit, wou sech deen 1839 vun de Groussmuechte confirméierte Staat euge Strukture gëtt. Sou gouf 1845 d'Normalschoul gegrënnt, déi mat besser ausgebilte Schoulmeeschteren de Bildungsniveau vun der Bevölkerung hiewe sollt. Fir intelligent Kanner vu klenge Leit war et eng Méiglechkeet, sozial opzesteigen an un der Gestaltung vum Land matzehélfen. An deemselwechte Joer gouf och e Létzebuerger Priisterseminaire gegrënnt, an dräi Joer méi spéit kritt Létzebuerg en eegene Bëschof. 1868 schlisslech ass d'Gebuertsstonn vun der Létzebuerger Arméi. De Contingent fir déi hollännesch Arméi gëtt duerch e Létzebuerger Jeeerbatailloun vun 260 Zaldoten ersat.

Politesch gesinn ass et d'Regentschaft vum Prënz Hary, dem Brudder vum hollännesche Kinnek-Groussherzog Wëllem III. Hie war 1850 op Létzebuerg koum, well säi Brudder keen Intérêt um Grand-Duché hat. Ween sech awer elo erwaart hätt, dass de Prënz Hary den demokrateschen Opbroch, dee mat der 1848 Revolutioun ageleert gouf a Létzebuerg eng fortschrëttlech Verfassung bruecht hat, fèrdere géif, dee gouf enttäuscht. 1857 war de Prënz Hary déi drewend Krafft, fir déi liberal Verfassung vun 1848 zréckzehuelen an en restaurative Kurs anzeschloen. An awer war hie beléift bei der Bevölkerung, an och de Michel Rodange huet hien a seng Fra, d'Prinzessin Amalia, héich geschat, wat een an enger Rei Gedichter nolie kann.⁶

Et waren awer och Jore vum technologesche Fortschrëtt a vun der Moderniséierung. Nei Eisbunnslinne verbanne Létzebuerg mam Ausland, an de Michel Lentz kann a sengem *Feierwon* d'Noperen aus Frankräich, Belgien, Preisen alueden, op Létzebuerg ze kommen an hinnen ze weisen, wéi mir anscheinend esou zefridde sinn. De 15. Dezember 1866 kritt och d'Éislek en Zuch, an d'Nordstreck gëtt bis op Kautebaach agewéit. De véierten Tunnel, deen énnert dem Féischterhaff erduerch geet, wäert am Renert eng Roll spiller. Dräi Joer méi spéit gëtt d'*Société anonyme des bains de Mondorf* gegrënnt, déi d'Bad, dat 1847 ganz bescheiden ugefaangen huet, zu engem mondäne Kurort ausbaue soll. D'Minette gëtt entdeckt, an éischt Minnekonzessioun gi verklaart. 1870 awer gëtt e Gesetz gestëmmt, dat festleet, dass némmen deen eng Minettskonzessioun kritt, deen d'Minett och hei am Land verschaffe géif, wat de Grondstee leet fir d'Success-Story vun der Létzebuerger Eisenindustrie, an de Wiessel vun engem aarmen agrareschen Auswanderungsland zu engem räichen Industrieland markéiert.

Am schwierigesten awer fir Létzebuerg waren dem Napoleon III seng Pläng, Létzebuerg ze kafen, fir domat seng aussepoltiesch Bilanz opzebesserent.⁷ De Kinnek-Groussherzog war net ofgeneigt, mee de Prënz Hary, dee mat Létzebuerg och seng Daseinsberechtigung verluer hätt, huet senger Fra, der Prinzessin Amalia, hir russesch Familjebezéiunge spille gelooss, fir dass eng Versammlung vun de Groussmuechten op London aberuff géif. D'Resultat kenne mer. D'Onofhängegeet vu Létzebuerg gouf vu Preussen, Éisträich, Frankräich, Italien, Russland an England confirméiert,

² Fir de Cornel Meder ass de Michel Rodange e Rebell. Vgl. Cornel Meder: De Méichel Rodange – en Autodidakt an e Rebell am Frack an a Maansgréisst. In: Galerie 11 (1993) Nr.2, S. 221-236.

³ Courrier du Grand-Duché de Luxembourg 15.04.1859.

⁴ Bréif vum Michel Rodange un de Victor de Tornaco vum 28.10.1866. Archives nationales H 948.

⁵ Archives nationales AEL Rég H 592.³ Courrier du Grand-Duché de Luxembourg 15.04.1859.

⁶ Michel Rodange: Gedichte auf unser geliebtes Fürstenpaar Prinz und Prinzessin Heinrich der Niederlande. Luxemburg: J. Joris 1873.

⁷ Vgl. Christian Calmes: 1867 : L'affaire du Luxembourg. Luxembourg : Éd. de l'Imprimerie Saint-Paul, 1967.

d'Land gouf op éiweg neutral erklärt an d'Festung gouf geschläift. D'Stad Lëtzebuerg ass reegelrecht explodéiert a Schrack fir Schrack mam Quartier vun der Gare an Hollerech zu engem Ganze verschmollt. D'Ausstellung 1867 am *Musée Dräi Eechelen* weist ganz anschaulich, wat dee wichtegen Datum fir Lëtzebuerg bedeut huet.

A schlisslech waren et Joren, wou sech eng Literatur a Lëtzebuerger Sprooch erausgebilt huet. De Michel Lentz huet geglänzt mat sengem *Feierwon* an der *Heemecht*. Dobäi hat hien zum Verdross vum Rodange eng Rei Motiver beim *Bundeslied*, dat deen no deem grousse Sängerfest den 2. September 1862 an der Stad, geschriwwen hat, geknäipt.⁸ Den Dicks huet am ganze Land grouss Erfolleges gefeiert mam *Scholdschäin*, de *Kiermesgäsch* a der *Mumm Séiss*, sou och zu Wolz, wou de Michel Rodange se gesinn huet. Et ass eng Literatur, déi net an d'Vergaangenheet kuckt, mee sech un der Lëtzebuerger Zoustänn vun deemoos ofschafft. An net selte ginn och kritesch Téin ugeschloen, z. B. am *Vulleeparlament am Gréngewald*, wou den Dicks déi politesch Géigner vu sengem Papp, dem Gouverneur de la Fontaine, ugräift.

Am grousse Ganze weist et sech, dass d'Satir zu enger beléifter Form vun der literarescher Ausenanersetzung gëtt. 1868 grënnt de Karl Becker *D'Wäschfra*, *Humoristisch satyrisches Wochenblatt*, e Virleefer vum *Feierkrop*. Mat enger Wäschfra an hirem Blëll um Titelbild trëtt d'Zäitschrëft mat folgendem Programm un:

Wir werden der Satyre Geißel schwingen,
Und peitschen allerorts der Dummheit Trutz!
Der Nepotismus trifft uns in den Schranken,
Die Maske lüften wir der Heuchelei;
Wir werden nimmer rasten, nimmer wanken,
Bis daß der Wahrheit Reich gekommen sei!!⁹

Vun der Nr. 6 un gehéiert de Michel Rodange zu de Mataarbechter vun der *Wäschfra*, mol anonym, mol énner dem Pseudonym Rabilliaco.¹⁰ Sou wéi hien am Gedicht *Die lustige Pariser Fahrt der 3 Ritter von der traurigen Gestalt* dräi bekannte Lëtzebuerger Politiker nom Ofschloss vun der Londoner Konferenz op Paräis bei de Napoleon III schéckt, fir awer nach den Uschloss vu Lëtzebuerg u Frankräich ze erzwéngen a se domat lächerlech mécht, wäert hien och am *Renert* mat de Politiker an anere Gestalte vum öffentleche Liewe verfueren. Ab der Nr. 6 klappt nämlech d'Wäschfra net méi d'Wäsch, mee si notzt hire Blëll, fir kräfteg téshent d'Ménschen ze fueren an dropzeklappen. *D'Wäschfra* bitt deemno eng Méiglechkeet, sech politesch ze äusseren, och wann een net wielen däerf a vun der politescher Meenungsbildung ausgeschloss ass.

Renert

Dass de Renert op dës Manéier un d'Wierklechkeet erugoe géif, mécht eigentlech schon den Ênnertitel kloer. *De Fuuss am Frack an a Maansgréisst op e Neis fotograféiert* vun engem Lëtzebreger. *Am Frack an a Maansgréisst* ass einfach ze verstoen, weist et dach drop hin, dass et hei net ém eng Déieregeschicht geet, mee dass d'Ménsche viséiert sinn. Mee firwat op e *Neis fotograféiert*? De Rodange hätt jo soe kënnen: *op e Neis erzielt*. Dat wier dann eng Adaptatioun méi vun der Geschicht vum schlaue Fuuss gewiescht, zemol de Rodange sech jo um Goethe sengem *Reinecke Fuchs* inspiréiert hat. Awer neen. De Rodange bezitt sech explizit op dat neit Medium Fotografie. Mir kommen der Saach e bësselche méi no, wa mir eis de Mäerten, den Af, virknäppen, deen am 10. Gesank am Optrag vum Léiw, als Fotoreporter mat engem ongewéinlechen Optrag énnerwee ass.: (X, 473-488)

Om Plankebierg bei Blaaschent
begéinen se den Af
mat sénger Këscht om Bockel;
e goung als Photograph.

⁸ Vgl. Roger Muller: "Ons Heemecht" entstand nach einer Vorlage Michel Rodanges. In: Die Warte 02.10.2003.

⁹ D'Wäschfrä. Nr. 1, 16.05.1868, S. 1.

¹⁰ Vgl. Roger Muller: Am Pseudonym Rabilliaco erkennt man M. Rodanges Mitarbeit an der Zeitschrift "D'Wäschfra" In: Galerie 28 (2010) 3, p. 429-455.

De Léiw hätt gär e Portrait
vun engem Liberalen,
die grad op d'Volleksfräiheit
als wi op séng géif halen.

Och wünscht en sech en Album
vun alle Gottgeschenken,
déi un de Klackeseler
als Wahlpatréiner hänken.

Dat Éischt ass dënn ze richen,
vläicht sicht een ,t émmesoss,
déi aner si ganz hefeg,
besonnesch déi vu Goss. (X, 473-488)¹¹

Fir sengem Optrag gerecht ze ginn, gräift den Af op dat neie Medium Fotografie zréck. Fotoen an Daguerrotypie sinn tatsächlech eppes Exemptionelles an de 60er Jore vum 19. Joerhonnert, well et gëtt se eréischt zanter de 1840er Joren. Si sinn allen aneren Technike vun der Reproduktioun iwverleeën, well se d'Wierklechkeet *en tant que telle* ofbilden. Dat muss de Michel Rodange faszinéiert hunn, well 1864 huet hien sech a seng Fra beim Dominique Kuhn an der Kapuzinergaass an der Stad fotograféiere gelooss. Andeems hien den Af, dee genau wéi seng Fra e Sympathisant vum Fuuss ass, mat engem Fotoapparat optriede léisst an der Fotografie eng Plaz am Titel vu sengem Wierk reservéiert, verweist hie mat enger poetologescher Metapher dorop, dass och am Literaresch-Narrativen nei Methoden an den Asaz kommen. Wéi duerch d'Lëns vum Fotoapparat sollen déi bestoend gesellschaftlich Zoustänn beschriwwen ginn, ouni Rücksicht op Susceptibilitéiten. Moraliséierend Texter oder Sittenlehren si passé, vun elo un heescht et kucken an nach emol kucken, duerchkucken an hannerkucken.

Mee lafe mer net vrun de Won, a kucken an den Text. D'Geschicht fänkt un mat enger Versammlung, déi de Léiw, de Kinnek aberuff huet, fir d'Kloe géint de Renert entgéint ze huelen. Deen eenzegen, deen net präsent ass, ass de Renert.

1. Gesank

Mir hunn et héieren. De Renert hat sech se all gelueden. Mee wat huet en da gestiicht? Den Isegrem, de Wollef, beschéllegt de Renert, him d'Fra ausgespaant a seng Jonge schro nonee gemaach ze hunn. Den Hond, de Finnett, e Wiert vu Bieles, klot Renert un, seng Rechnung net bezuelt an dobäi och nach seng Wurschte gefriess ze hunn. De Réibock, als Affekot vum Hues, beschreift, wéi Renert den Hues ém Kuch an Ham bruecht huet an en dout geschloen hätt, wann hien net interveniéiert wier. An als Combel léisst den Hunn dem Kinnek d'Läich vu senger Fra vrun d'Féiss leeën.

Séier awer weist sech, dass déi, déi kloen, sou onschélleg guer net sinn. Mat Schwarz-Wäiss-Molerei ass d'Oppositioun téshent deene Gudden an dem béise Renert net ze faassen. D'Wurschten, wéinst deenen de Finnett op d'Barrikade geet, soll hien dem Kueder geklaut hunn. An de Wollef soll sech net bekloen, seet den Dachs, hien hätt schlisslech weider de Kéis nach d'Schwäin, déi Renert mat Ach a Krach erbäigeschaft hätt, brudderlech mat him gedeelt. Si all wiere bereet, e falschen Eed fir de Wollef ze schwieren. Säi Monni awer, de Fuuss, hätt sech no enger Missioun als eenzege bekéiert a gebessert, a wier elo Eremit op der Girster Klaus. Hie misst onbedéngt geruff ginn a wéi an engem Rechtsstaat d'Méiglechkeet kréien, sech ze verteidegen.

Séier gëtt dem Lieser kloer, dass et sech hei net em eng reng Déierefabel handelt, mee dass et ém d'politesch a sozial Zoustänn zu Lëtzebuerg geet. Dass hei lëtzebuergesch Uertschafte wéi Bieles a Beiler, Ell an lechternach, Wolwen oder Esch ernimmt ginn, kéint nach als Lokalkolorit duerchgoen. Mee wann et konkret ém Leit, Lëtzebuerger Perséinlechkeeten, geet, da fänkt een un, opmierksam ze ginn. Aus den Déiere ginn dann einfach Bierger. De Wollef z. B. bedauert, net esou gutt schwätzen ze kënne wéi dee riedegewaltegen, liberale Schmelzhär Charel Metz, deen als Affekot,

¹¹ Renert, S. 177.

Deputéierten a Chamberspresident oft d'Haaptwuer gefouert huet. A wann de Rodange de Réibock lechternacher schwätzte léisst, hien op Froumbuerg wunne léisst, do wou bis 1977 d'Lëschenhaus stoung, an als besonnescht Kennzeche säi beachtleche Vollbaart ernimmt, erkennt een an him den lechternacher Deputéierten a President vun der Cour supérieure de justice Jean-Pierre Föhr. Hie gëtt dem Kinnek ze verstoen, dass et engem, deen eng gutt Plaz ustrieft, net op e Kranz Kuch an eng Ham dierf ukommen, en däitlechen Hiwäis op déi gängeg Praxis vu Korruptioun am 19. Joerhonnert.

Dem Dachs säi Raisonnement liicht dem Kinnek an, an hie léisst ofstëmmen, wien als Buet bei de Renert geschéckt soll ginn.

2. Gesank

Hei weist sech, wéi lous de Renert ass. Hie notzt dem Braun seng Gloscht op Séisses, fir en eranzeleeën. Och deem zweete Buet, dem Kueder ergeet et net besser. Hie kritt gutt Streech a verléiert en A, während de Renert et um Wollef seng Fra ofgesinn huet an se zu Schibreg an eng Spléck lackelt, wou se stieche bleift. Hie profitéiert vun der Geleeënheet, fir hir vun hinnen *Schmot unzedoen*, haut géife mer soen, se sexuell ze mëssbrauchen.

Dem drëtte Buet, dem Grimpert, geschitt näisch. Hien hält dem Renert d'Beicht of, a réit him, sech ze besseren, sech nom Wand ze riichten, némmen d'Wort ze liesen, d'Danzsäll an de Fortschrëtt ze vermeiden, enthaltsam ze sinn am lesse wéi am Denken. Als Bouss muss en en Hallem Stréi këssen. De Fuuss versprecht alles a mech weider wéi virdrun.

Och hei leescht sech de Michel Rodange much Kritik u Leit an Institutiounen. Besonnesch d'Kierch gëtt net mat Händschen ugepaakt. Wéi de Bier z. B. säi Skalp huet misse stieche loossen, vergläicht de Renert säi bluddege Kapp mat der rouder Calotte vun engem Bëschof. Dat ass keen onschëllege Vergläch, well 1870 erhieft de Poopst Pius IX d'Apostolescht Vikariat Lëtzebuerg zum Bistum an ernennt den Nicolas Adames zum Bëschof vu Lëtzebuerg. Dat war net nom Goût vun der Regierung, déi net gefrot gi war, a léiwer fir d'éischt iwwer e Konkordat verhandelt hätt, an sech dowéinst dräi Joer Zäit léisst, fir de Bëschof unzéerkennen. Fir de Michel Rodange awer war déi Beförderung vum Adames d'Be'lounung dofir, dass hien sech um Konzil staark gemaach huet fir den Dogma vun der Onfeelbarkeet vum Poopst.

Hie léisst de Renert och dann an d'Roll vum Paschtouer Pierre Frieden vu Maarnech schlëppen, deen sech un de Jongen a Meedercher vu senger Por vergraaff huet. Eréischt vru kuerzem huet d'Kierch Stellung zum Problem Pädophilie geholl a sech entschlëggt fir dat Onvirstellbaart, wat am Numm vun der Relioun passéiert ass. Deemoos awer gouf vum *Lëtzebuerger Wort* a sengem Chefredakter, dem Abbé Nicolas Breisdorff, alles drugesat, fir de Fall énner den Teppech ze kieren, d'Glafwierdegkeet vun den Zeien unzezweiwelen, - si wieren Hiergelafener, verkomm a liddereg -, a fir aus dem Täter e Märtyrer ze maachen an him eng Por an Amerika ze verschafen, ier d'Gericht zu engem Urtel komme konnt. „In einem constitutionellen Staat gibt es keinen Unterschied zwischen Missethättern, dieselben mögen im Frack, in der Soutane oder in einem Kittel stecken!“ schreift de *Volksfreund* a verlaangt, dass fir de Paschtouer Frieden d'Gesetz misst ugewannt ginn, wéi fir all déi aner.¹² De Paschtouer gouf zu liewenslänglecher Zwangsaarbecht veruerteelt, in contumaciam, d. h. wéi hie längst iwwert de grousse Pull an Amerika war.

Schlussendlech trëtt de Renert vrun de Kinnek, d'Déiere können hir Kloe virbréngen a Renert gëtt veruerteelt. Eng leschte Kéier wëllt hie beichten an zielt, wéi säi Papp hie bei d'Eilen, d'Representante vun der Däischtert a vum Obskuratorismus, d'Géigner vum Liicht an der Opklärung, geschéckt huet, wou hien erfollegräich all Versuch vu Sozialisatioun vu sech ofpralle léisst. D'Satir viséiert hei dee neigegrënnte Priisterseminaire a säin Direkter, de Michael Föhr, déi dem liberale Staat mat zu Lëtzebuerg ausgebilte Geeschtlechen a mat enger Neibelieuung vum Muttergotteskult e Géigewicht géinteniwwer stelle wollten.

De Renert léisst awer sou niewebäi och afléissen, dass hien nach Goldreserven hätt, an dat kënnt gutt beim Kinnek un. De sechste Gesank mécht däitlech, dass de Kinnek, dee jo eigentlech iwwer deem Ganze stoen a fir e gesetzkonforme Prozess suerge misst, esou eedel a korrekt guer net ass. D'Aussicht op e Goldschatz mécht hie blann a bestiechlech, zemol wou och seng Fra, ugelackett vu Gold an Edelsteng, him réit, de Fuuss ze begnodegen. Hien hält dem Fuuss déi

onwahrscheinlech Geschicht of, dass deen e Komplott vu Wollef, Bier an Dachs géint de Kinnek verhennert hätt. Dofir hätt hie sengem eegene Papp, dee vu Republik, Fräiheit an Opstand gefaselt hätt, d'Gold geklaut, dat hie fir den Opstand gesammelt an zu Beeler um Kale Räis vergruewen hätt. Leider awer kéint hien net mat an d'Éislek goe wéinst engem Gelübde, dat hie fir säin Eelste gemaach hätt, deen an d'Kränkt fält. Dowéinst misst hie wéi all Joer op lechternach op d'Sprangprëssessioun.

Amplaz op lechternach awer lackelt de Renert den Hues an de Widder op Malpaartes, wou de Lampert gefriess an de Bläckert mat engem Bréif bei de Kinnek geschéckt gëtt, eng ongeheier Provokatioun, well am Bréif ass de Kapp vum doudegen Hues. Domm wéi en ass, seet de Widder, hien hätt dem Renert geroden, de Bréif esou ze schreiwen, wourop de Kinnek deenen aneren Déiere de Bläckert zum Fraass hiwérft.

Fir de Rodange ass dës Episod awer och d'Geleeënheet, mat der gängeger Praxis vum Stëmmefank an dem Beduxe vum Wieler ofzerechnen. 1868 haten am ganze Land némmen 3.851 Männer d'Wahlrecht. Parteie gouf et keng, an d'Fraen duerften net wiele goen. D'politesch Trennlinn louch téschent deene Liberalen, vun allem aus der Stad, an den Agrarier oder Klerikalen, déi meescht vum Land. Si hu mat alle Mëttelen ém d'Stëmm vum Wieler gekämpft, d. h. de Wieler bestach. Et goung nämlech net duer, nom Wuelbefanne vu Fra, Mamm an Duechter ze froen, et huet och eppes müssen op den Dësch kommen: Bordeaux a Schampes, Zigaren, Ham a Wurscht. Dodernieft gouf dat Blot vum Himmel versprach: nei Gesetzer, Steiererliichterungen, d'Ofschafe vun der Ochse-Steier, méi héich Präisser fir den Export a méi niddreger fir den Import, e performant Stroossennetz, nei Eisbunnen, Garen, Brécken a Subsiden. Haut hu mer zwar keng Banquête méi fir 150 Inviteen, wéi et z. B. de Felix von Blochhausen 1866 zu Dikrech am Hotel Ardennerhof organiséiert huet, mee d'Versprièche vun de Kandidate vun haut stinn deene vun deemoos net vill no.

Den zweeten Deel vum *Renert* verleeft nom Modell vum éischten. Eng zweete Kéier kommen d'Déieren zesummen, dës Kéier an der Fiels, wou e grousst Museksfest stattfénnt. Dräi Deeg laang gëtt gefeiert, da kommen d'Kanéngchen an de Kueb mat hire Kloen. Deem engen hat de Renert en Ouer erofgebass, deem aneren hat en d'Fra gefriess. A senger Roserei versprécht de Kinnek, de Renert aus dem Wee ze raumen. „E gëtt geholt, erschoss, gehaangen a verbrannt dann.“¹³ An op e Neits ass et d'Kinnigin, déi e gutt Wuert fir de Renert aleet, a mengt, de Fuuss misst gehéiert ginn.

Deen awer sëtzt zu Malpaartes a léisst sech vum Dachs déi lescht Nouvelles aus der Welt vun de Ménschen aus der Zeitung virliesen. Do ass Rieds vum Napoleon III, deem seng Aussepolitik e Fiasko ass, vun der spuenescher Kinnigin Isabella II, déi um Troun vun engem Hohenzollern-Prënz ersat soll ginn, vum Kierchestaat, deem dem Victor-Emmanuel en Dar am A war, vum éisträicheche Keeser Franz-Joseph I, deen d'Schluecht vu Sadowa 1866 géint Preussen verluer huet, a vum däitsche Keeser Wilhelm I, deen op e Krich mat Frankräich zoustieert. Innopolitesch gesäit et net besser aus. Déi Ultramontan wëllen den Afloss vun der Kierch vergréisseren, déi Liberal tendéiere Richtung Preussen an nach anerer wëllen den Uschloss u Frankräich. Fir de Renert ass d'Politik net déi richteg Antwort op d'Problemer vun der Zäit. Fir hien zielt eenzeg an eleng d'Geld, wéi een zu Geld kommen an déi aner eraleeë kann. Säi Virbild ass den André Langrand-Dumonceau, e belsche Banquier, deen et mat Hëllef vum Vatikan op d'Gelder vun de Katholiken ofgesinn hat, duerno Faillite gemaach a sech selwer aus der Bascht gemaach huet. De Langrand ass fir de Renert e Brudder, e schlaue Fuuss, wéi en am Billerbuch steet, deem seng Philosophie een sech zu eege maache soll.

Esou gesitt Dir, Nëwéi,
sou dreiwe mir eist Spill;
a wou mam Krop geschafft gët,
do ass de Fuss um Still. (VIII, 253-256)¹⁴

Hie beicht eng zweete Kéier a kritt vum Dachs d'Absolutioun. Um Wee fir bei de Kinnek versicht hien sech ze rechtfäerdegen. Hie géif eigentlech némmen dat maachen, wat déi Grouss wéi Bier a Wollef him virmaachen. Awer: „Grouss Schelme gi veréiert, di butzeg gi verdaamt.“ (X, 43-44)¹⁵ An deeér Zwéckmillchen, wou een némmen d'Wiel téschent Wollef oder Schof huet, téschent Uewen an Énnen, ass e gudde Fuuss, als echte Philosoph, béides a passt sech un. Hei

¹² Renert, S. 124.

¹³ Renert, S. 137.

¹⁴ Renert, S. 163.

wat hien sech mat engem Säitenhieb op d'kathoulesch Kierch an engem Clin d'oeil op dem Goethe säi Faust als seng ege Scholastik definéiert:

10. Gesank (Vers 97-248)

De Grimpert versicht deem entgéint ze halen, dass een och d'Wuel vum Ganzen am A behale muss. Dass dat näischt anesch ass wéi eidelt Geschwätz, gëtt kloer, wann hien dem Renert de gudde Rot gëtt, beim Kinnek alles op eng Kaart ze setzen, ze léien an no de Grondsätz ze handelen, déi hien no sengem Besuch bei den Eile behäerzegt hätt.

De Renert geet offensiv an d'Schluecht. Hie litt ganz ongeniéiert, verdréint d'Wourecht a fuerdert Beweiser fir seng Schandtaten, déi kee bréngé kann. De Kinnek a senger Nout léisst sech vum Babel, dem Af senger Fra, fir déi hien e Faibel huet, dovun iwwerzeegen, dass hie besser do stéing, wann hien de Renert a seng Regierung abanne géif. Am Géigesaz zu Wollef a Bier, déi némmen an hir eegen Täsch géife schaffen, wier de Fuuss e gudden Diplomat. D'Kinnigin ass derselwechter Meening a verweist op dem Fuuss seng grouss Famill, déi vu Notze kéint sinn, wann et heescht eng Majoritéit ze fanne fir nei Steieren anzeféieren, schlisslech muss jo dee neie Jägerbatailloun gutt ausstafféieren. D'Kinngin erénnert weider un d'Noutwendegkeet vum Schoul- a Stroossebau, mee vrun allem versicht si hirem Mann kloer ze maachen, dass de Renert als eng Zort Leithammel anzesetzen ass, deem déi aner follegen. Sollt hien awer de Renert eliminéieren, da géifen déi, déi haut nach zou him stinn, sech géint hie wenden. Dem Lieser ass méi wéi kloer, dass mir hei wáit ewech vun den Déiere sinn, mee dass et ém Politik a Staatsgeschäfte geet.

De Prozess géint de Renert gëtt e grousse Spektakel. All bekannte Stater Veräiner sinn do: d'Gym, d'Pompjeeën, d'Société des Treize, awer och Affekoten, Professeren, Deputéiert, Industrieller an nach vill anerer. Op e Neits geléngt et dem Renert, de Kinnek ze zéssen mat der Aussicht op dräi wäertvoll Geschenker, Familjestecker aus Ägypten, déi hien dem Hues fir de Kinnek matginn hat an déi de Bläckert geschuppt hätt. Dat éischt ass e Rank, dee Wonner wierkt bei Verletzung a Krankheet a Gléck bei de Frae bréngt. Mat désem Rank bréicht de Kinnek weder déi liberal Zeitungschreiver, nach d'Sozialisten ze fäerten. Dat zweet ass e Spigel mat enger Rumm aus Bernstein a Biller vun der Entrée joyeuse vum Prënz Harry an d'Stad. Mat senger Fähegeket, zéng Joer an d'Zukunft ze kucken, hätt hien dem Kinnek a senger Fra gutt Déngschter kenne leeschte bei der Sich no enger braver Schnauer. Speziell fir d'Kinngin ass den drëtte Cadeau, e gëllene Kamp vun der Melusina, mat Saphiren an Diamante besat, deen immun géint d'Versuchung a Verstéiss géint dat sechst Gebot mécht. Doriwwer eraus erénnert de Renert de Kinnek drun, dass deen him eppes schëllegh wier, schlisslech hätt säi Papp him d'Liewe gerett mat engem Wollefshäerz, deem eenzege Mëttel, dat nach géint dem Kinnek säi Féiwer gewierkt hätt.

De Kinnek war schonn um Punkt, de Renert lafen ze loassen, du leeën de Wollef a seng Fra nach eng Schépp no. De Renert géif léien a wier e Kommunist. Hie wier schold drun, dass dem Wollef seng Fra hire Schwanz beim Fëschen an engem zougfruerene Weier huet misse stieche loassen. Him wier et ze verdanken, dass si amplaz gebroden Dauwe Streech am Minett kruten an dass de Wollef bei de Mierkazen an de Kasematten zerfuppt gouf. Hien hätt esouquer Steng op d'Eisebunnsschinne geluecht fir den Zuch entgleisen ze dinn, a wier am Bambësch mat enger Affiche énnerwee gewiescht, fir an der Stad Reklamm fir d'Annexioun u Frankräich ze maachen. De Renert huet op alles eng Äntwert, mee de Sträit eskaléiert, bis de Wollef seng Händsch op de Buedem klaakt an de Fuuss zum Duell erausfuerdert. De Renert hëlt d'Erausfuerderung un, an de Kinnek decidéiert, dass den Duell deen Dag drop am Gréngewald beim Schetzelbuer stattfanne soll.

14. Gesank

Sou séier kann sech d'Situatioun änneren. Vill Déieren hunn d'Sait gewiesselt, an de Renert versprécht hinnen all gutt Plazen. Véier Deeg laang gëtt op Malpaartes gefeiert. Dräizéng Strophe vum 14. Gesank awer maachen eis hellhöreg, Et ass d'Lidd vun der Grasmësch. D'Grasmësch ass e Villchen, op Däitsch e Grünfink oder Zeisig. D'Lidd énnerscheet sech vun allen anere Strophen doduerch, dass d'Versmooss änner. Während de ganze Renert an dräiféisseg Jambe geschriwwen ass, onbetount-betount mat dräi betounte Silbe pro Vers, wiesselt de Rodange hei op véierféisseg Trochäen, betount-onbetount, mat véier betounte Silben, an de Präteritum vum Erziele gëtt duerch den Indikativ Präsens vun der absoluter Wourecht ersat. Gesonge gëtt e Lueflidd op Lëtzebuerg, wéi een sech et net méi schéi virstelle kann. D'Déiere si brav, d'Vertrauen ass grouss. D'Leit maache keng Scholden a si kathoulesch duerch an duerch. Déi Aarm

si glécklech an déi Räich hellefen iwwerall do, wou Nout ass. Mee den opmierksame Lieser versteet, dass am Grasmëschelidd eng gehéiereg Portioun vun Ironie läit. Hie weess, dass d'Wierklechkeet eng aner ass an dass déi nei patrotesch Lidder wéi de Feierwon bénid Aen zoumaache vrun de reelle Problemer vum Land.

Als Schrifsteller wéllt de Rodange méi wáit goe wéi Dicks a Lentz. Zwar notzt hie wéi si d'„Hemechtssprooch“ a wéllt „eppes Aartleches dra schreiwen“ wéi hien am Virwuert seet.¹⁶ Säi Wonsch ass et, dass de Lieser „alt eemol musst laachen an d'anertmol denken.“¹⁷ Denken awer ass eng Dimensioun, déi manner mat Patriotismus a Nationalepos ze dunn huet wéi mat Demokratiséierung. Et ass nämlech keen Zoufall, dass grad de Rodange als Intellektuellen a Représentant vun deeér neier sozialer Tëscheschicht dem Lentz säi patrotesche Gesank lächerlech mécht an zum Denken oprifft. Och wann engem wéi him d'politesch Partizipatioun verwirrt ass, kann d'Literatur zu engem wichtegen Element gi fir déi eege Positioun ze behaapten an d'Gesellschaft, déi vun den Notabele-Familien dominéiert ass, ze hannerfroen. A wann dat wéi beim Renert an sou enger ausgefeilter Sprooch geschitt, da sinn dobäi och nach de literaresche Pleséier an den ästhetesche Genoss garantéiert.

Germaine Goetzinger

Renert.

Dien hat e béist Gewëssen,
dat scheit den hellen Dag,
ze go bei all di Hären,
dat war net senger Saach.

Éischte Gesank.

Et war esou ém d'Päischten,
't stung alles an der Bléi,
an d'Villercher di songen
hir Lidder spéit a fréi.

Du rifft de Léiw, de Kinnek,

all Déier op e Fest
am Gréngewald zesummen,
an 't koumen all seng Best.

Di Räich als wéi d'Arem,

een Hirsch an d'Päerd an d'Rei,

se waren all geruff ginn,
a Mitock, Mësch a Kréi.

Se koumen all mat Träppen,

't gesouch ee bal keen Enn,

zu Fouss an op de Fliichten,

mat Schniewelen a mat Zänn.

A wann och kee géif feelen,

dat wier dem Kinnek líef:

Wien hätt geduecht datt Renert,

de Fuuss, ewech do bléif?



De Kinnek hat verbueden
den Déier, grouss a kleng,
all Stielen a Bedréien,
an d'Doutschléi eeschtlech streng.

De Renert kennt d'Gesetzer,
an d'Schlëff dra, wi seng Buerg:
Mä kénnt en net gutt driwwer,
da kricht en drënnner duerch.

En duecht: „Du bass beim Kinnek
dach wierklech schuns verklot,
an 't weess een: Wäit vum Feier
kann al ginn den Zaldot.“

Nun hat um Fest och Fiissche
keng Grimmel sech verroch:
Vill Déier si beim Kinnek,
dem Fuuss seng Feinden och.


Den Isegrem, de Wollef,
fung gläich ze kloen un:
Deen hat de louse Fiisschen
am uergsten opgezunn.

E koum mat senge Frënnen;
a munchen, deen do stet,
ass féng e raue Brudder,
trotz sengem renge Kleed.

Se hiewen d'Schwänz an d'Ouren,
se drécken sech erbäi:
De Wollef trëtt zum Kinnek
a fier net ém de Bräi.

¹⁶ Renert, S. 32.

¹⁷ Renert, S. 32.



Roger Leiner, 2002

Hie sot: „Mäin Här a Kinnek,
héiert dajch mäng Klo!
Allmächtig a verstänneg
dat woort Dir émmer jo.

Dir muisst iech dajch erbaarmen!
Wat äch jelidden hann
mäi Liäwe lank vam Renert
jett Schoad a Schimp a Schann!

En hatt mer d'Fra bejaajchelt,
mat Schwätze bland jemaajcht,
a wi en hirer mickt wor,
äis allebickt auslaajcht.

Dann hatt e mer mäng Jongen
bei Kliärf a mänger Hiäll
jetältert a jeschmassen,
ee schlamp, den anner schiäll.

Äch luss e schonn zitiren,
e koum ojch op d'Jeriicht.
Den Näistert hatt jeschwuren,
en hätt dat néck jestiicht.

Kuckt, wann äch ojch kennt schwätzen,
als wi de Metz van Eech:
Sechs Wojche jif äch riädden
vam Renert sänge Streech.

A kënnten d'Wölzer Giärwer
all läselshäckt ojch han
an ditten näist ojch brägden
als Parjement dervan:

Da kënnt een néck drop schreiwen
di Streech, di dee scho moujch,
an déi en najch wärt maajchen,
Nujee, äch schwatt jenoujch!"

Drop koum den Hond, de Finnett,
erbäi zum Kinneksstoul;
franséisesch kann dee schwätzen
als wi eng Gabberjoul.

Hie sot: „Där wëscht, Här Kinnek,
esch sinn zu Bieles Wiert;
d'lescht owes koum de Renert,
en huet den Dronk gespiert.

E sat sesch rouesch nidder
om Hiwwel ènnrem Kuescht
a sot: Eng Schappe Greeschen,
vum beschten deen sch de huescht.

Mär fungen un ze sproochen,
dee Mann ass vill gereescht;
e ka féng gutt erzielen
am Spaz an och am Eesch.

En dronk en etzlech Schappen,
e gouf rescht frou derbei;
op eemol koum et klappen;
wien ass do? „D'Polizei!"

Wat sollte mär do maachen?
Här Kinnek, wi Där wëscht,
esch hunn, bedeckt mat Blieder,
do ston eng heemlesch Késcht.

Déi op, an dran de Renert;
du koum dann d'Polizei.
esch sot: Gesitt, dir Hären,
gesitt, `t ass nämmesch hei.

Bei mär ass Uerder, sot esch,
am Zap als wi am Stot:
Där wäert mesch net erdappen,
Dir Hären, hunn 'sch gesot.

Berdouf! mësch du de Renert
e Saz an aus der Késcht,
an ouni ze bezuelen
ass mär de Fuuss entwëscht.

Du duescht esch u meng Wurschten
déi Késcht wor hallef voll:
Mäin lessen hat de Renert,
an esch säi Protokoll!"

„Här Finn," jaut du de Kueder
A sprung vu sengem Seess,
„`t ass reecht, datt lech de Fiisschen
Déi Wuosten hoat gefreess.

Wat wëllt Dir hea verkloen?
Här Finn, Är Klo ass huel:
Dir hat dem uarme Kuader
déi Wuoste jo gestuel!

Ech denken dru mäi Liäwen,
et ass scho Jor ent Dag,
du gung ech mëttes fëschén
ëm Veinen béri der Baach.

Ma d'Wiäder war net gënsteig,
kee Fëschche koum erous;
du doacht ech: Gi an d'Millen,
a fink der do en Mous.

Ech schlöff eran an d'Kéchen:
keen Maische béri noach no;
ma d'Giädel op der Sidel,
déi suz ze néipen do.

Eh suz mech béri en Brandrouyt,
ech schilzen ees an d'Hoost:
Do hungen awer Wuosten,
et war mein Sill e Quoost.

Ech doacht, ,t wir net gesëndegt,
well d'Millre sen och Déif;
an hei and do en Wiistchen,
su epes ass eem léif.

A kuerz, ech wor do uewen,
erof och mat em Saz;
op eemol jéizt du d'Millesch:
Hei, Finnett, holl mer d'Kaz!


Ech doacht net, datt deen do wir,
ma hee mat Bill a Ball
mir no, an an der Hoosegt
ass d'Wiistche mir enfall.

An d'Plaz du mat der Wiistchen
op d'Millen zréck ze gon,
hot Finnett se no Bieles
an a sein Kést gedron.

Su kënnt en Hond uan d'Wuosten,
Här Kinnek, net mat Recht!
De Renert ass kee gouden,
de Finnett, deen ass schlecht."

De Réibock souz ze réffle
mat Ongedold om Wues,
en hat och vill ze kloen
als Affekot vum Hues.

En ass e räiche Kärel,
en dréit e grousse Baart
a wunnt net wäit vu Frummbrig,
bei Lëschen an der Haart.



Dee sot: „Mer geet vum Renert
hei net zum Finn eroft,
ewell als Déif a Mäerde
verdéint de Fuuss sein Strof.


Vu Bieles bas no Beier,
vun Ell bas Eechternoach,
wou gëtt, äich fron, Dir Héiren,
esu en Näistert noach?

Ging Räich a Kinnek énner,
dem Renert liich näist droan,
gif heen derbäi gewannen
e Muefel voan em Hoan.

Wat déinen is d'Gesezer?
Hee micht sich näist derous,
hee leeft, als wann heen Héir wir,
a laacht de Kinnek ous.

Wi hoat en et mam Lampert
gemaacht mam oarmen Hoas?
De Mann, dee kee beledigt,
do läit e grank om Woas.

Den Heesche wor op d'Kiermes
bei seiner Fra hir Mamm.
Déi guf em Kouch fir d'Kanner,
an och e bisschen Ham.



Hee gung op Häm voll Fräden,
mat seinem Granz am Douch:
Om Krondhof fond e beeden
de Fuuss an eenem Bouch.

En hoat gestréckt ém d'Leenen
e kruuse Rusegranz,
verstoppt war énnrem Mantel
sei laange Fuusseschwanz.

"Geklopt-sech-Gréschtnech, Prouder!
Ma gitt e bissche loas,
äich gif géir mat Eech schweezen,"
sot Renert du zum Hoas.

„Äich säi jo nau Péstuer
om Kroeknop, der wësst,
mat `t feelt mer aan em Koster;
Dir säid e goude Grést:

Wat dénk Eech? Gif Dir wällen
als Koster bei mir ston?
Äich gif Eech d'Nutte liren
a liren d'Oergel schlon."

Den Heesche wor zefridden,
a kläch gung d'Lier oan:
De Renert sollt hee weisen,
fir d'Massgebet ze soan.

Et geet dem Hoas schunns zimlech,
en héppet dohier am Moos,
du kréift de Fuuss nom Béntel
a micht sech d'Douch ees los.

E schnauft nach ém d'Schlabaitchen,
de Koster hemmst alt ees,
ma ir een sech émsinn hat,
war d'Ham mam Kouch gefreess.

Här Kinnek an Dir Héiren,
äich prouch Eech net ze son:
Et hoat dem oarmen Heesche
gewass net gout gedon.

E suz do dreisch ze dénenken:
'O wiers du ous dem Kuer'
An du an d'Blaz ze scheelen,
du graatz en hannrem Uer.

„Däich hëlt en Tonnerweeder,
lo këmmt däi Jéngsterdag,
Dou Boz!" jout do de Renert,
An holt den Hoas mam Grag.

Äich koam dohär geagaang du,
soss wir den Hoas net mi.
Wi hoat de Man gelidden,
all Klidder déin hem wi!

Wat soll äich noach vill reeden?
Hei hëlleft kee Geschweez:
Den Duddschlag ass verboaden
an d'Schlon och duerch d'Gesetz.

„t ass Zäit de Fuuss ze strofen,
Héir Kinnek, strooft en hett,
soss gritt der ,t héich veriwelt
vun alle prave Lett."

„Zum Gaalge!" rifft de Wollef,
„En hatt dee lank verdéint;
wee weess najch, bleift e lofen,
zu watt en säch erkéint?"

De Kinnek sot: „Dir Hären,
Dir kommt vu wäit e breet,
a fannt lech hei zesuemen,
dat mécht mer grousseg Freed.

Mam Renert ass et anescht:
Ier Kloe sinn net nei;
a wär hie ganz onschéllig,
da wär en och wuel hei.

‘t këmmt selten eppes Guddes
vum Renert dach eraus;
ech wor schons laang gedélleg,
nu geet d'Gedold mir aus.

Et schingt, en uecht mech wéineg
a mai Gesetz fir naischt,
e mécht, wat onerlaabt ass,
da laacht en sech an d'Faischt.

Ass ee vlaicht vun lech Hären,
dien d'Saach méi klor gesait?
Ech wëll nun alles wëssen,
an och wou d'Wourecht lait."

Du stoung dann op Dachs Grimpert,
dem Fuuss als Affekot:
„Här Kinnek," sot en héiflech,
„dann héiert ué mai Rot."

An nu fir uenzefänken:
sou hält ee kee Geriicht,
weil Renert guer net hei ass,
do ass d'Verkloe liicht.

Här Wollef, loosst dat Kloen!
Ech son, et ass iert Gléck,
datt net mai Monnonk hei ass,
soss léicht dir schonns om Réck.

Well wie mat lech musst iessen,
dee gouf nach selte fett,
a sidd Dir engem schéllig,
da wëllt een, datt een `t hätt.

Här Kinnek an dir Hären,
de Wollef ass net weech;
dat wëllt ech iech beweisen
aus méi als engem Streech.

Mai Monnonk an de Wollef,
déi haten d'Wuert sech ginn,
ze deelen all Schlabaitchen
als wi zwee Bridder dinn.

Se worn d'lescht am Wanter
bei Fléiber op der Juegd,
se haten naischt gefaangen,
an `t gung schons haart un d'Nuecht.

De Wollef war vun Honger
a Middheet hallwer béis,
du koum en Hiewerlännner
mat enger Kar voll Kéis.

Se konnten dees kee kafen,
well keen e Groschen hat:
Du huet de louse Wollef
dem Fiissche gutt geschwat,

e sollt him dach erdenken
e Mëttel fir de Mo!
An huerteg wor de Renert
mat sengem Mëttel do.

Hee leeft a leet sech niddar
(et wor meng Sexter frech)
op d'Strooss als wann hien dout wär,
streckt Aarm a Been ewech.

De Kéismann kënnt a fénnt en,
deen huet em eng gekraacht;
dem Monnonk huet de Rimmchen
net greilech gutt geschmaacht:

An iewel bleift e leien,
sai Spillche mécht e ganz;
du hëlt de Kéismann endlech
mai Monnonk mat dem Schwanz.



„Dat gëtt e faint Puer Moulen,
esou e Fond ass rar!"
Sou sot en, an du werft hien
de Fiissche wupp op d'Kar.

Wat brauch ech nach z'erzielen?
Mai Monnonk maust am Doch
a werft dees Kéis dem Wollef
eraf a bis genoch.

Du endlech hien eraf och,
a lass op d'Deel vum Kéis:
Do hat de brave Wollef
de Rescht schons am Gefréiss!

Net besser goung et hauer
mat engem Schwain emol,
dat hung bei engem Bauer
geschluecht un engem Nol.

Mai Monnonk licht dem Wollef
duerch d'Fénster d'Schwain eraus:
Op eemol goung d'Gedibber
an d'Jaizen un am Haus.

Se koume mat de Greefen
a mat der Wisenha,
an deemol koum mai Monnonk
op d'Hoér ém en A.

Zum Gléck, en ass e Schmocken,
du mécht en dann e Saz
a wutscht lech duerch e Schléffchen,
`t kéim kaum derduerch eng Kaz.

„Ma Nëwéi," sot de Wollef,
‘et schingt, dat gouwe Rëss!
Kommt iesse wat nach hei ass,
dat schmaacht elo gewëss.'

Hee werft em duer de Sprengel,
eng Schank och vun der Héiss!
Ech froen lech, Dir Hären,
wie géif dann do net béis?

Här Kinnek, kuckt de Wollef
a kuckt seng Zeien un,
déi fir e faulen Apel
e Wollefseed lech dunn!

Do steet seng ganz Familjen
a jéiden huet e Krack:
De Schrappjann vun der Knapshéicht,
de Stupp mam laange Schrack.

De Grapphans vun der Fläissdäch,
de Krop vum Lëmmelshaff,
de Fléifuerz och, an d'Goldlaus,
de Bass vum haarde Graff.

Dat si verflucht Gesellen,
déi huel si bis op d'Féiss,
`t gesait een datt e jéiden
drai Pierd zu Botz op fréiss.

Setzt een no Esch op d'Uelzech
an een no lechternach,
en drëtte setzt no Wolwen
an een no Beesslek nach:

A sot se solle friessen,
a kuckt net waider no,
drai Deeg laang, an ech wetten,
dann hunn se d'Land am Mo.

Gemächlech ass d'Verkloen
der Onschold op de Réck:
A rufft der hier de Rouden,
da steet de Groen zréck.

Ewell wat do de Wollef
vu senger Fräche sot,
wat ass dann do ze kloen,
sou laang als si net klot?

Wien hei sech wëllt bekloen,
bréng Saache mat Bewais!
Dir géift ons vlaicht nach féieren,
Här Wollef, gier op d'Ais.

Ja, wann een deer Artiklen
sollt huelen op d'Gericht,
verdierwen dausend Greffjer
mam Schreiwen sech d'Gesicht.

A winnt de Fuuss ler Jongen,
dann huet e vill Verstand:
Well ,t sinn déi onerzuënst,
déi schlechst vum ganze Land.

Mä géif dach Gott sai Seegen,
en hätt se dout geschlon:
Da misst ee jo mai wärreg
en op den Hännern dron!

Fir déi ech bieden, Wollef,
maacht guer net vill Gejaiz!
well, wien se géif erwiergen,
verdingt en Éirekraiz.

A wat sot dir, Här Réibock,
vum Hues, dem domme Mann?
Gelt, `t gëtt een engem d'Léier
och nach mat Liefkoch an!

Wien zou èr Platz wëllt kommen,
dat wäert Dir dach verston,
deem muss et op e Kränzchen
an op eng Ham net gon.

Wat soll ech so vum Finnett?
A weess de Mann dann net,
datt Schelmemiel dach émmer
och Schelmepankeh gët?

Mer hunn et jo gehéiert,
de Mann dee litt a stielt,
a wär ech Här, da géif e
gehéiereg ersielt.

Ech rëss em d'Strauss vum Tiischelt
an aus dem Faass de Krunn,
do, wou esou Leit zapen,
gëtt Welsch an Daitch bedrunn.

De Kinnek ka sech freën,
datt alt nach Männer sinn,
dái dann and wann den Déiwen
e gedde Weewais ginn.

Weil `t ass e Sproch, dee seet ons,
datt d'Onrecht net gedeit:
De Renert sicht z'erfëllen,
wat dat ons profezeit.

Mä Ondank, seet en anert,
deen ass de Loun der Welt. --
Schwätzt all och géint de Renert,
ech son: Heen ass en Held!

Ech son lech méi, Här Kinnek,
an denkt net, `t wär eng Flaus:
Mai Monnonk ass nu Brudder
bei Hénkel op der Klaus.

Dat këmmt vun enger Priedegt.
Et wor Missioun enzwou;
mai Monnonk héiert lauden,
du hat e gur keng Rou!


E musst eraan an d'Priedegt
mä d'Kierch wor aagestéckt;
mai Monnonk huet net nogin,
en huet sech aagedréckt.

E koum bis op den Duxall,
weil énne wor eng Wull:
Do souz de Bier, de Wollef
an d'Kaz am viischte Stull.

Den Huer souz do mat Moulen
an d'Kaz mat enger Moff,
de Finnett hat och extra
deen Dag sech net besoff.

Den Hiesche mécht de Koschter,
hie knéit sech datt et knuppt,
an d'Schwainhuet sech beim Beichtstull
deemiddeg duergehuppt.

De Bock ass ganz andächteg,
e mécht e frummt Gesicht;
en huet sech ganz raséiert,
als wi fir d'Jéngst Geriicht.



An no der Priedegt
gunge wi Englen s' all eraus;
mä schonns beim Weiwaaschkessel
fánkt Kueder sech eng Maus.

De Wollef frësst e Lämmchen,
den Tiger zraisst eng Kou,
den Huer, dee pléckt eng Pëllchen
an nach eng Dauf derzou.

De Finnett leeft an d'Wiertshaus
a saift als wéi e Lach,
den Hunn huet och sai Virsaz
op enger Mësch gebrach.

Vun allen, déi do worn,
di Grouss als wéi di Kleng,
wien hat sech nu gebessert?
Mai Monnonk Fuuss eleng.

E lieft zu Giischt om Klaischen
wéi d'Reesender mer son;
e mécht bal naischt als bidden
an Aanre Gutts ze don.

En èsst e Wëllkuerstierzel,
derbai eng dréche Kuuscht,
an hei and do en Apel,
eng Bierche fir den Duutsch.

Och etlechmol eng Hämmchen,
dái him eng Giedel bréngt,
fir déi en hir dann d'Vesper
zur Éire Gottes séngt.

En dréit e Schkapeléier,
e Girel ém de Laif,
an Aarbecht a Kasteion
dat ass sain Zaitverdraif.

Schéi Kraizer kann e schnetzlen,
e kettent Rousekränz,
mécht Kierwercher fir d'Kanner
vu gringe Kazeschwänz.

Här Kinnek, loosst e ruffen,
bedenkst sain heelegt Kleed!
Sou kénnt Der `n net veruerteln!
Gëtt uecht, et géif lech leed."

De Grimpert wor kaum fierdeg,
du koum den Hunn dohier;
seng Schweer drougen doudeg
seng Fra op enger Bier.



A wéi! Elei gesitt Der,
do läit der Fra hir Läich,
dái mir méi léif gewiest
as wi lech Äert Kinnekräich.

Mat wiem soll ech nun hausen,
wiem soll mäi Leed ech klon?
Nu ass kee Mann am Land méi
sou haart, wi ech, geschlon."

Du gouwen d'Aen allen
de groussen Hären naass,
an och dem Kinnek selwer
entfoul eng Tréin an d'Gras.

Hie sot dann och zum Grimpert:
„Kommt hier a kuckt déi Laich!
Et schéngt, Dir sidd am Léien,
Här Dachs, dem Renert glaich!"

Zum Hinnche sot de Kinnek:
„Här Hänning, sid getréist,
Ier Fra gét schéi begruuen,
de Fuuss gëtt streng gebéisst."

D'Begriefnes gouf gehalen,
vill Käerzen hu gebrannt;
op Maarwel stéet geschriven,
wou d'Hingche läit am Sand:

„Hei lait begruuewe Krafouss,
se luecht vill Äer an d'Nascht.
Se huet getraut dem Renert,
dat huet se d'Liewe kascht."

Renert.

Zweete Gesank.

Drop louss de Kinnek ruffen
dái Kligst aus sengem Rot,
zéng Riichter léisst e kommen
an och en Affekot.

Ewell d'Affär vum Renert
dái ass an haarde Knuet.
Se gouwen endlech eeneg
ze schécken him e Buet.

De Buet dee sollt dem Renert
ganz däitlech son dat hei:
E sollt zum Kinnek kommen,
soss géing et net an d'Rei.

A fir de Buet ze wielen,
dat huet sech streng gemaacht:
De Kueder krut dräi Stëmmen,
de Bier dee krut der aacht.

Du zitt de Bier de Jabot
e bléist sech greilech op
a seet: „Ech wäert e bréngen,
Här Kinnek, zielt duerop."

Drop goung en un, a reeseg,
op Schlënnermanesch lass.
E wosst all Wee a Steen,
e wosst dem Fuuss säi Schlass.

Seng Fra déi goung e Stéckwees
nach mat em iwwer d'Heed
a sot: „O Braun, mai Léiwen,
dee Gank méich mir keng Freed.

De Renert ass e Judas,
an dir sidd vill ze brav;
nach eppes, wat net gutt ass:
Ier Gloscht méicht blann an daf."

De Bier dee sot: "Wat sot der?
Märr ass de Fuuss ze domm;
fir märr och eng ze zéien,
dat ass him vill ze romm."

Hee goung, a queesch duerch d'Béscher,
an iwwer Dall a Bierg,
an hei an do erwësch en
e Lämmche bei der Pierch.

E Mann, deen op der Rees ass,
lieft net vun Hänn a Féiss;
an d'Eisselécker Lamer
dái si besonnesch séiss.

De Bier koum ém den Owend
beim Schlass Malpaartes un:
Do worn zou all Diren,
d'Fallbréck war opgezunn.



Malpaartes ass eng Festonk,
déi schéinst, déi Renert huet,
an dat vu senge Schlässer,
dat him am beschte guet.

En huet de Plang sech selwer
gemaacht an auserduecht,
an du de ganze Grondréss
och selwer ugeluecht,

Mat Gruewen a vill Dieren,
mat Schléff an heemlech Gäng:
De Vobang ass e Meeschter,
de Fiisschen ass méi reng!

De Bier nu stung um Glacis,
do kuckt e ronderém,
en zitt e festen Otem
a rifft mat haarder Stëmm:

„Hee! Koséng, hee! Wou sidd Dir?
Ech si vum Kinnek hei;
Dir musst mat zou em kommen,
soss geet et nit an d'Rei.

A géift Dir haut nit kommen,
da spiltt Dir fir de Kapp:
Da géif ech fir lert Liewen
och nit e Boxeknapp!

Well `t koume Kloe géint lech,
streng Riichter sätzen do:
Duerfir nit lang bedenklt lech
a kommt mer huerteg no!"

De Fiissche lauschtet heemlech
a sengem Schlass a laacht
an denkt: „Wat gëllt, dem Flappes,
deem gëtt eng Farce gemaacht!"

E kënnt a rifft: „Ei Koséng,
sidd Dir dat, deen do riet?
Verzeit, ech louss lech waarden:
ech war jëst um Gebiet.

Mä wëllkëmm da mäi Léiwen!
Et huet ee gär e Frénd,
a wann en och zoufälleg
mat schlechter Buetscheft kënnt.

Datt Dir lech musst beméien,
dat deet mer nu wuel leed,
mä `t ass zu mengem Notzen.
Dir stitt beim Kinnek breet.



„Zwar fält de Gank mer schwéier,
mä Koséng, lech zuléif,
wat géift Dir vu mir denken,
wann ech net mat lech líef?"

Sou sot de Fuuss. Se gungen
eenzock op Féischent lass.
Dat läit eng hallef Stënnchen
vum Renert sengem Schlass.

De Roude gong de Viischten,
de Brongan daast em no.
de Fiische war e Schellem,
dat héiert der elo.

O hëlleft mer beim Kinnek,
e gleeft lech, wat Dir sot;
op Trei kann ech och schwieren,
ech si ganz falsch verklot.

A muerge ginn ech mat lech.
Et ass e weide Gank,
ech hu musst eppes iessen,
dat mécht fir hott mech krank."

„Wat war et?" frot de Bier du,
„Dir ousst vläicht iwver d'Mooss?"
„Beileiwen nee," sot Renert,
„`t war Hunneg mat der Ros.

E Fuuss ass jo kee Barong;
an ass näischt anescht do,
da muss een Hunneg iessen:
Dee läit mer queesch am Mo."

„Wat? Hunneg," sot de Brongan,
„wann ech sat Hunneg wär,
dann tësch ech nit mam Kinnek!
An iesst Dir deen nit gär?"

„Wann dat ass," sot de Rouden,
- „ech menge, Braun, `t wier Spaass -
op Féischent weess ech Hunneg,
nach wuel e Fudderfaass."

„O Hunneg! gëtt mer Hunneg!"
huet du de Bier gesot,
„Här Fuuss, ech denken un lech
beim Kinnek an am Rot."

„Gelt, Koséng, do ass Hunneg!
Gefält lech säi Geschmaach?
Mä iesst en hett net all op,
well muer ass nach en Dag."

Drop jaut en: „Hee, um Hunneg!
De Bier hei frësst iech d'Plach!"
Di Féischter lousse leien
de Läffel an der Brach.

Se jäizen an se kommen,
do krut de Bier da Kläpp;
an `t koum e ganze Katzhaf,
dem Bier entfuere Sträpp.

Den Haans, de Jann, den Hänes,
den Néckel, Nick a Klos, -
se koumen all mat Staangen,
ersierklech war d'Geros.

De Staarke koum mam Wissbam,
mamm Hummer koum de Pitt,
an d'Giedel koum mam Racken:
si gouwen és net midd.

De Braun dee sollt vergeeschtern,
su mécht en nach e Rass:
A blouf d'Paréck och stiechen,
e krut de Kapp dach lass.

E krut eraus och d'Fanger,
mä d'Hänsche blouwen do:
E wänzelt bis op d'Fielsen,
déi Féischter lafen no.

Zerbengelt an zerhummert,
d'Gesiicht an d'Hänn voll Blutt,
sou bunzelt en de Bierg of:
Zum Gléck, e foul nach gutt!

Well énnen ass en Tunnel
an `t koum gerad en Zuch:
De Bier fält op e Waggon -
déi Féischter dunn e Fluch.

E Mann, deen an der Bretz war,
deen ass eraus wuel gär.
E Bier op engem Waggon
ass iewel nach keen Här.

Am Waggon ouni Billjee,
am Keelespill en Hond -
denkt Braun, a léiss sech
fale vum Waggon op de Grond.

E Jong, deen op der Kiirmes
geschlo gouf holl a blo,
dee geet op heem nach besser,
als wéi de Bier elo.

E geet als wéi op Kuelen,
barbaresch ass seng Péng.
E fäert de raue Buedem,
a méi nach fäert en d'Steng.

Um Bierdner Hals waart Renert
bis Dag a laacht sech frou.
„Wéi ass et, Hunnegskinnekk?"
rifft hien dem Bier du zou.

„Mä kuckt, do gouft Der Bëschof!
D'rout Käppche steet lech gutt;
Ier Händschen hu mäi wärrech
eng Faarf och als wi Blutt.

Dir wäert wuel schunns um Wee sinn
no Roum an zum Konzill;
bei sou en Experimenten
ass lerer keen zevill.

Well wat Der net am Kapp huet,
dat huet Der an der Stëmm;
a fir e klengen Hellgen
stousst Dir e groussen ém.

Gesäi, wat dach den Hunneg,
mat Brigel iwverzuën,
aus engem Bier ka maachen!
Do hat Der net geluén!

Wien tësch nach do mam Kinnek?
Kuck, kuck de Bier, wi lous!
Gutt Rees! A wann Der hikommt,
da maacht dem Poopst mäi Grouss!"



Sou sot de Fuuss, de Schallek,
du mouch en sech derduerch
voll Freedeen no Malpaartes,
an d'Schlénner op seng Buerg.

Mat Wéimern a mat Hipplen
koum Braun dach endlich drun
ze triede vir de Kinnek.
de Kinnek rifft en un:

„Ass dat de Braun, de braavste
vu menge Leiden all!
Dat huet gedunn de Renert:
Sai Wierfel ass gefall.

Net heesche wëll ech Kinnek,
net Kroun nach Seewel dron,
bis datt dem Fuuss, dem Mierder,
de Kapp ass ofgeschlon.

Här Braun, Dir gitt sechs Wochen
no Munref an de Bad,
dann huet ler Haut, ech hoffen,
sech ganz erëm ersat.

Ech schécken lech meng Doktren:
de Flépp vum Kuebebur,
de Miller och vu Mierzeg
an d'Mamer Zockerkur.

A gitt mer an en Hotel,
wou Häre sinn wi Dir,
wi dat zum Groussen Helden,
mä d'Käschte loosst Der mir!"

Sou sot zum Bier de Kinnek;
nun ass et sécher dach,
de Bier goung net no Munref,
en ass keen Dag gewach.

E war zevill am Äifer,
da léisst en sech net zëssen,
wéi all seng Frénn an Noper
am Préizerdall wuel wëssen.

Hie selwer wollt nach d'Leeder
dem Fuuss beim Gaalge riichten
an huerteg aus dem Liewen
zum Doud dem Schellem liichten.

Renert.**Zéngte Gesank.**

(V. 97-248 – de Renert schwätzt)

„Ech hu meng Deeg gelies vill
an allerhand stodéiert
an endlech och dat Giedlechst
als Grondsaz ausgeschnéiert.

Ech mouch mer eng Scholastik,
voll Lächer wéi meng Buerg --
eng Seibar vu Gomm'lastik,
do bréngt een alles duerch.

Se liicht als wi eng Trauliicht
a keemol op de Grond;
fir d'Wourecht ze verstoppen,
näisch Bessres gouf erfond.

Se ass eng fei Magnéitnol
vun Holz, amplaz vun Eisen,
drop kann een dann den Nordpol
do, wou ee wéllt, lech weisen.

Se gläicht dem Klautjesriedchen:
dra setzt de Mann eng Kaz,
déri mengt, se géif entlafen,
a kénnt net vun der Plaz.

Verstand kénnt mat de Jaren,
mir koum en alt mam Baart:
Da kuckt ee groussen Hären
dack heemlech jo an d'Kaart.

Wann déi Geléiert rieden,
da mengt een nach, wat wonnesch:
Se hale wuel op d'Bravheet,
dach op de Su besonnesch.

Se kennen och Scholastik,
an d'Karte gi geluecht:
Do ka kee Streech verluer gon,
besonnesch an der Nuecht.

Hir Wieder sinn wi d'Waasser,
daat passt jo an all Dëppen;
wann d'Iddié gefruer sinn,
dann dron se s'an de Gréppen.

Stachdäischter man hir Rieden,
hir Konscht ass bal allmächtig;
se schmiert lech zou mat Mastik
ler Aen, a ganz prächteg.

Se kennen lech beweisen
- an do ass näisch ze gecksen -
Heekreep wiren Hellgen,
all aner némmen Hexen.

A fänken s'un ze schwätzen
vun deem, wat d'Mellech notzt,
dann hunn se vun all Brachen
schunns laang de Schmant gebotzt.

Ech hunn aus deene Konschten
dat Giedlechst mer gesuen
an och bis heihin émmer
mech gutt erausgezuen.

Kuckt, d'Dommheet ass e Gäärtchen,
dra wiisst di beste Speis:
Den Eefalt muss ee mästen,
da gëtt e keemol weis.

De Schäin, deen ass nun Herrgott,
dat anert ass all näisch,
a fir e Mann ze weien,
da leet op d'Wo seng Fäisch.

Et ginn duerch d'Welt zwéi Weeën:
Sief Wollef oder Schof!
e gedde Fuuss ass bides
als echte Philosoph.

Ech dunn di ronnsten Eeter,
meng Dote si Gefautels,
ech wéll am Dréiwe féschen
an halen op d'Gepautels.

Ech schwätze géint d'schlecht Sitten,
ech stelle mech skrépléis
a wieren dach fir d'Schelmen
um Enn mat Hänn a Féiss.

Wat läit mir un de Sitten,
hu meng Papeire Kurs!
De schéinste Credo sangen
meng Dal'ren an der Burs.

Haalt meng Partei, dir Schurken,
a maacht da, wat der wéllt:
De Braavste sief och géint mech,
da gëtt en dout gebréllt.

D'Erfaronk seet mer däitlech:
Fir émmer ze gewannen,
da soll een sech dat Geestlecht
An d'Weltlecht gutt verbannen.

Dat Geestlecht ass mir d'Déppen,
dat Weltlecht ass de Brot;
dat Geestlecht deet ee kachen,
de Maufel ass d'Genod.

Da kann ee frumm jo stielen,
als wéi de Miller Schranz:
Dee stréckt un d'Molterschossel
en décke Rousekranz.

Mä kritt hien een ze paken,
deen dréckt en holl a blo.
A wann en d'Schof gefriess huet,
da schenkt hie Gott de Mo.

A schléit en engem heemlech
de Kléppel knatsch op d'Nues,
da rifft en haart: „Strof Gottes!
An 't goung nach "vill ze lues."

A kritt bei enger Quisel
de Geescht emol de Schnapp,
da werft se hirem Hellgen
seng Schossel an de Kapp,

da wäert den Helle ruffen:
„Mäi Gott, déi ass besees“,
a mécht all Exorzismen
a Konsten, déi e weess. -

Sou ma scholastesch Ploostre
mamm blanne Maulef Spott,
an ier di recht em bruecht gëtt,
ass d'Déier laang kapott.

Den lesel kann ee lueden,
sou laang als hien nach tréppelt,
a soll de Bou och briechen:
Alt émmer dru geschnéppelt!

Esou gëtt d'Welt gefouert,
ech féiren s'och net anesch,
an 't sinn deer Fiiss am Land hei
net 'leng zu Schlénnnermanesch.

Beim Scheefchen an de Wisen,
do friesse mir mat Gras,
bis datt et roueg idderzt,
da ma mir eise Spaass.

Mir ginn och mat op d'Bittgäng
fir Roum an nach féng wäit:
Mä wann d'Paschtéier wéissten,
wat äis um Poopst och läit!

Se mengen äis ze féiren,
mir féiren si um Seel,
well fir e fetten Hinnchen
ass Roum a Poopst äis feel.



Blouss dat, wat bréngt en Notzen,
dat hale mir fir weis:
Fransous och beim Champagner,
beim Rhainwain si mer Preiss.

Wat läit mer un dem Kinnek
a wat um beschte Prénz,
sou laang als ech ka schmélzen
mer selwer alt meng Ménz!

Wat ass dann och d'Getreiheit?
`t ass Aarmeletts-Gekniwwels;
ech man als wi d'grouss Hären
an denken: `t ass näisch Iwwels. -



Bei d'Kinngin zum éischten
goung hien sech näipen déif,
a bal bis op de Buedem och
näipt en sech beim Léiw.

E war vu Fett an Ueleg
sou glat als wi en Éil:
De Kinnek laacht a sot em:
„Do ass e Fuuss, meng Séil!

Ech wéll net weider schwätzen,
en aner muss sech ducken.
Dat sinn déi blannst vun allen,
déi guer net wélle kucken."

Sou sot de Fuuss a réckt sech
op d'Ouer frou den Hutt:
Ma 't war dem Dachs onheemlech
beim Renert do zu Mutt.

Renert.**Véierzéngte Gesank.**

Am Gréngewald om Hiwwel
stinn Tannen ém de Sand,
do ass di feinste Fiechtplaz,
keng schéiner ass am Land.

Fréimuerges war de Kinnek
mat allen Déier do.
De Renert koum och lëfteg
an all seng Frénn em no.

E wor geschuer potzplakeg
vum Hals bis bei de Schwanz;
nach ém de Käppche stung em
vu roudem Baart e Kranz.

Dat hat gemaacht d'Fra Babel
nom lessen an der Nuecht.
De Fiisschen hat déi Fiffen
schonns laang sech auserduecht.

E koum dohier sou lëschteg
als géing et fir eng Boun,
an trëtt mat Reverenzen
virun de Kinnekstroun.

Bei d'Kinngin zum éischten
goung hien sech näipen déif,
a bal bis op de Buedem och
näipt en sech beim Léiw.

E war vu Fett an Ueleg
sou glat als wi en Éil:
De Kinnek laacht a sot em:
„Do ass e Fuuss, meng Séil!

Wéi bass de sou geschmeideg
a flénk a liicht zu Fouss!
Wien huet dech dat geléiert?
O Fuuss, du bas ze lous!"

De Wollef kuckt onäerdeg,
seng Frénn, se knoutren haart;
den Hinz bekuckt seng Kloen,
de Bier, dee knat um Baart.

Du bruecht de Luuss e Kléiblat
mat véier op em Trapp
a leet dem Fuuss a Wollef
den Heeltem op de Kapp.

Drop schwiert de Wollef hardi:
„De Renert ass en Hond,
en Déif; e bréngt sái Liewen
keng Wourecht aus dem Mond."

De Fiissche schwiert och helleg,
e wär onschélleg ganz
a schléich hei fir seng Éier
gär Läif a Séil an d'Schanz.

Drop mécht de Luuss de Kreez op
a rift mat haarder Stémm:
„Dir Streider op de Suewel,
an d'Vollek ronderém!"

D'Fra Babel bruecht dem Fuuss nach
eng Salef an ér Lued
a sot, e soll dru richen,
da méich kee Feind him Schued.

Se sot dobäi dach heemlech,
datt Fuuss et net konnt mierken:
„Et kann op kee Fall schueden,
déri Gleeweg muss ee stierken."

An du mat zwéin, dräi Sprénken
war Wollef op der Plaz,
de Renert stoung virun em
berdank! mat engem Saz.

De Wollef streckt seng Pratzen,
de Schwanz alt bis un d'Enn;
e setzt seng Buuschten d'Lucht aus,
a greilech schielt en d'Zänn.

Se stinn nu do ze schnaren
wéi Bloswänn géint ennen,
ze kucken, wi zwéi Bauren,
déri queesch en Drumm duerchseen.

De Wollef hëlt en Unzock,
e krompt sech wi eng Kaz,
a wuppteg! lass op Renert;
de Fuuss ass aus der Plaz.

Deen zitt nun zwëschen d'Bee sech
de Schwanz als wi de Wand,
e seecht drop iwrem Lafen
a schleeft e gutt am Sand.

De Wollef schnaapt nom Fiisschen,
se lafen an em Kranz,
a pankteg! heet de Renert
an d'Aen hie mam Schwanz.

An d'Piss vun engem Rouden,
et weess een, datt déi péffert;
de Sand geet rau un d'Aen:
den aarme Wollef mëffert.

E steet nun do ze reiwen;
de Fiissche laacht an d'Fäisch
e seet: „Här Wollef, braucht Der
vläicht eppes Aen-Näisch?”

Dir gitt, als féingt Der Schleken
an doudeg Flantermais.”
An émmer salzt de Lousen
em d'Aen op en Neis.

Wann ee vun dausend Beien
um Kapp hätt honnert Quälz,
deem wir et wi dem Wollef;
e fiert bal aus dem Pelz.

„Gelt, Monnonk,” sot de Fiisschen,
„nu feelt lech nach eng Gei;
Dir stéingt mam blannen Teis nu
jo prächteg an der Rei.

Dir géingt op d'Dierfer spiller,
da wär lert Brout gebak;
a bei em Mo wi lerem,
Der bräicht emol kee Sak.

Der bräicht wuel nach e Schnëppel
an dann e Bounepaartshutt,
derbei nach géing lech wierklech
eng bluttrout Box och gutt.

Da méich een aus dem Portrait
vun lech en Heedegeld,
Well `t géif een drénner schreiwen:
vun Esdang, kuckt deen Held!”

Sou sot de Spöttler huerteg,
da spréngt en op e lass
a bässt dem blanne Wollef
op eemol sech un d'Strass.

E gräift och mat de Kloen
barbaresch a gediicht
a rässt dem aarme Kärel
en A aus dem Gesicht.

Do gouf de Wollef bänzeg,
e musst de Renert hunn!
E kritt e mam Gewëssen,
du war de Fiisschen drun!

„Ah, Spëtzbuof, schlechten Däiwel,
du hass däin Här nu fonnt,”
sot Wollef, „du muss stierwen
a mängen Hänner, Hond!

Nu piss a schier a schmier däch,
a wull am Sand däch mickt
lo hurteg sinn äch feerdeg,
an d'Opsto gëtt der spickt.”

Du duecht de Fuuss un d'Stierwen,
der Doud dee goung en an;
en hat wuel Rei eng Grimmel,
dach blouf de béise Sann.

En denkt: „Wann ech mech wieren,
da bässt dat Véi mech dout;
erginn ech mech dem Wollef,
dann hunn ech Schan an Nout.”

Du sot en dann zum Wollef:
„Dir mäi léiwen Éim,
wi géif ech mech bedanken,
soubal ech lass hei kéim!

Dann hätt Dir om Äerdbuedem
keen treier Frénd wi mech;
ech léiss lech da mäi Liewen
gewëss net méi am Stéch.

Da wär ech an de Walen
mol éischtens lere Mann;
ech sinn nach zimlech fiffeg,
ech maache, wat ech kann.

Ech géing och an der Schamber
mat lech durch déck an dënn;
steeräich och misst Dir, Monnonk,
mer ginn, a ganz geschwënn.

Zou allen Anterprisen
verspréich ech lech meng Hëllef,
zemol fir nei Gesetzer
zu Gonschte vun de Wëllef.

Dir sidd e Staarke, Monnonk,
ech hunn e louse Geesch;
wa mir zesummenhalen,
Der wésst wuel, wat dat heesch.

Ech wär net un lech gaangen,
ma Dir, Dir wollt et hunn!
Meng Kräften houl ech u mech,
fir lech net wéi ze dun.

An datt dir ém dat A koumt,
dat deet mer leed genuch,
`t geschouch mer onverhuttens.
Ma kuckt, ech hunn e Buch,

an doa steet e Mëttel,
dat heelt dat A lech hannescht;
et ass en heelzemp Krättchen,
an `t wusst bei Schlännermannesch.



A kuckt, ech widderruffen,
soubal der mech gëtt lass,
an allen Zeitongsblieder,
sou wahr en Himmel ass.

Ech son, ech hätt geluen,
Dir wäert dee braavste Mann;
a wat Dir wëllt, dat man ech,
a wat ech némme kann.

Ech ma bei alle Banken
vun lerer Schold lech quäit;
ech schafen och all Geeschtlech
a Weltlech op ler Säit.

Ech man lech d'Zeidongsschreiber
gläich allguerte mëll:
de Breisdorf an de Joris,
an d'Wäschfra wi de Schroell.



O jee! wi hault de Wollef!
Den Ableck späizt e Blutt;
nu ass en ém den Otem,
de Renert gëtt kee Sputt.

De Wollef kritt den Tommel;
du fält en op de Grond.
De Renert fur alt virun
ze bäße wat e konnt.

Do ruffen d'Frënn vum Wollef -
a munchen deet e Fluch:
„De Renert ass e Mierder,
Här Kinnek, `t ass genuch!”

De Kinnek war zefritten,
e schéckt dohin de Luuss:
„`t ass gutt,” sot deen zum Renert,
„an Dir sidd Meeschter, Fuuss.”

De Fuuss kuckt gravetéitesch
rondëm, als wëllt e fron.
Seng Frënn all jäizen: „Hurra!
De Fuuss huet Säint gedon.”

Se koume frou du bei en,
munch ale Feind koum och;
wie soss en net konnt leiden,
deen hält em nun e Sproch.

Drop goung de Fuuss zum Kinnek
demiddeg, dach aläert;
e knitt sech vir em nidder
an näipt sech bis op d'Äerd.

„Stitt op,” sot du de Kinnek,
„Dir hat e gudden Dag;
Dir huet lech gutt gewisen,
gewonnen ass ler Saach.

Vergiess sinn all ler Feeler,
verzien ass ler Strof;
Dir waart bis haut blouss Barong,
vun haut u sidd der Grof.

Dir sidd vun haut den éischte
vum Land a mengem Rot,
a wat Dir sot, Här Renert,
dat ass a bleift gesot.

Méi spéit dann iwerlee mer
déi Saach vum Wollef och;
ech losse gier der Schamber
do an den Uerteelssproch.”

Zum Kinnek sot de Renert:
„Ech danke fir all Éier,
ech sinn lech alles schélleg,
mäi Schicksal huet eng Kéier.”

Ech brauch mech net ze dréien,
dat wësst Dir selwer klar;
ech sinn lech nun dräiduebel
dat, wat ech eenzeg war.”

„Ech weess wuel,” sot de Kinnek
a reecht dem Renert d'Hand;
„`t feelt némmen um Gefill lech,
mä keemol um Verstand.”

A sicht Dir déi zwou Saachen
gehéireg ze verbannen,
da wiert et sech schonns maachen;
de Rescht, dee wiert sech fannen.”

Sou huet bei all deen Hären
de Léiw sech ausgesprach.
Drop freet en as gattswouer
den Dachs nom Wollef nach.

De Grimpert sot: „Här Kinnek,
e lait an nonzeg Schmierzen
an ass en och e Wollef,
mir goung et dach zu Hierzen.”

`t si wéineg Frënn em bliwwen:
seng Fra, de Bier an d'Kaz;
déi aner hu méi mëenschlech
Gedanke kritt an d'Plaz.

E lait am Blutt om Suewel,
voll Wonnen ass sai Laif,
e mécht nach wuel e Struewel,
da lait en nammol staif.

Déi puer, déi sti rondëm en
am Dauer an am Leed.
De Kueder frot de Feldscher
verdrésslech, wéi et steet.

De Feldscher holt e Kraitchen,
dat wissst dohier om Flouer;
e stécht dem kranke Wollef
e wéineg dees an d'Ouer.

Du fung en uen ze néitschen
op zweeरlee Manéier;
drop sot de Feldscher: „Kanner,
nun ass en op der Kéier.”

E muss sech nun eng Zaitlaang
nach wuel vum lessen hidden,
da kann en `t gutt regéieren,
sai Mo huet naischt gelidden."

Du foungeun s'un ze reiwen
um Wollef alle véier;
ech konnt net länger bleiwen,
ewell ech sinn ze kéier."

Drop holt de Renert Ofscheed
a seet zum Kinnek nach:
„O géing et, wi dem Wollef,
all lere Feinden dach!"

Zur Kinnegin och seet en:
„Lieft laang zum Gléck vum Land!
An huet der menger néideg,
da rufft, ech si bei Hand."

E seet der Léiwin Äddi
a kësst dem Kinnek d'Patt.
Du goung en dann, an honnert
nei Frënn an aler mat.

All Déier wëllt dem Fiisschen
zu líef nach eppes dinn,
e jéide wëllt de Viischten
nu bei dem Renert sinn.

Se schmeechlen hien, se stréilen,
man him e Lorberkranz;
Di niddeträchtegst Séilen
entbléisen nu sech ganz.

De Mitock jeet em d'Mécken,
d'Reí leckt de Schweess em of.
„Ech dron lech“, sot eng Maischen,
„wuel lere Schwanz, Här Grof.“

Den een, dee lueft seng Patten,
den aner lueft seng Zänn.
En drëtte seet: „Seng Bravheet,
déi huet eemol keen Enn!“

D'Kanéngche sot: „En hat mech,
en hätt mech kennen tucken.“
An d'Gäns sot: „Dee ka Sprénk dun;
`t ass Freed em nozekucken.“

Seng Fënte gi bewonnert;
wie soss en net konnt richen,
dee seet: „Gitt énner Honnert
e Fiische mer nach sichen!“

Säi Muerden nennt een daper;
seng Schlëmmten nennt ee klug;
seng Lige sinn eng Priedegt,
säi Schwätzze géif e Buch.

Nu foungeun dann un ze rieden
den Dittche Batterséiss;
Kaweechelchen och heesch en,
e schreift mat Hänn a Féiss.

E setzt sech op den Hiwwel,
de Vulle rifft en zou:
„Dir Häre, jäizt all Hurra
a maacht de Renert frou.

En ass jo nu allmächtig,
gëtt uecht, e lett kee Stouss;
lert Fléien, dat verdréisst en,
ech rode, gitt zu Fouss!



Well hien als Grof muss lafen
alt nach op alle Véier,
an Dir sollt bei em fléien!
O wéi! Dir arem Déier!

Et ass fir lech naischt besser
als him sech nozerichten:
A wann der mir wëllt folgen,
da schnett Der of ier Flichten.

Zewidder ass em d'Päifen
zemol dat op de Beem;
beileiwe loosst ler Lidder
an d'Schniewlen och doheem!

Gëtt uecht op all seng Launen,
an haalt iech och deemno;
a géif e gär ee friessen,
da sot: Hei sti mer jo!"

Sou wosste vill deer Déiren
ze rieden, wéi gedréckt;
an alles goung beim Fiischen
bis bal op d'Äerd gebéckt.

De Renert sot: „Dir Hären,
Dir sidd mer séier léif;
um Himmel blénkt mäi Stär nu,
nach géschter war en dréif.

Mir hate vill Spétakel
eng Zäitlaang schunns mam Wollef;
dee mécht méi kee Merakel,
äis allen ass gehollef.

Ech wäert och un lech denken,
an Dir kritt all eng Platz;
a besser sollt Der liewen
wéi an der Spénnchen d'Kaz."

Du ginn dann d'Déier fréilech
op heem an halen déck
vum Fuuss bei Fra a Kanner
a luewe säi Geschéck.

Mam Maarder, Dachs an Atter
mouch Renert sech derduerch,
e koum mat deenen dräien
voll Freedon op seng Buerg.

Do koum en eeschtlech wëllkëmm.
D'Fra Ebel koum gesprongen;
op Réck a Schéller kloumen
zu frieks em all seng Jongen.

„Gebonnen huet et, Kanner,”
sot Renert, „mä `t gong gutt;
nu liewe mer fir émmer
mat fonkelneiem Mutt.

De Wollef ass gezechent,
den Adel ass mäi Loun;
ech sinn am Land den Zweeten,
den Éischte bei dem Troun.“

En zielt der Fra du alles
vum Ufank bis zum Enn;
an heemlech soten d'Jongen:
„Mäi Papp, deen ass behenn!”

Voll Freed ass Malepaartes,
d'ganz Festonk gëtt geschauert;
d'Fra Ebel mécht eng Kiermes,
déi véier Deeg laang dauert.

Gedanzt gouf a gesprongen,
a munchen Hunn gepléckt;
an `t gouf gemësch, gecouleurt,
zum Schloss och nach gezwéckt.

Fir d'Freed nu voll ze maachen,
kënnt d'Grasmësch och erbei
a séngt de Kiermesspässen
Zum Schloss dat Liddchen hei:

„All mir Déier si ganz dichteg,
an eis Fiissercher si brav;
all eis Räre schreiwe richteg,
keen ass och fir d'Wourecht daf.

Kanner, dat misst sinn e Glotten,
deem net schméich hir Schreiweri,
a wat sinn se Paterjotten,
a kee Schallek ass derbei!

Hei geschitt kee blanne Lärem,
`t kann een traue grad op d'Wuert,
wéi e Kand om Papp seng Årem,
déi et droen duerch de Fuert.

Well vum Kapp bis zou de Suelen
si reeëll mir, als wi Gold;
a mir wëlle net bezuelen
mat Schéischwäzen all eis Schold.

Blumme wuessen, wuer mer trieden,
pélgre mir no Lëtzebuerg;
jo, mir sinn, als wéi mer bieder,
krëschtkatoulesch duerch an duerch.

Hei ass d'Bravheet guer kee Wonner,
d'Land ass allenenne voll;
eist Gewëssen hält schéi sonner,
wat een dunn a losse soll.

D'Honn an d'Kaze si verdréiglech,
d'Schof an d'Wöllef hunn sech gier;
an de Stiede geet et déiglech
wéi an enger Kierch dohier.

Alles ass zum Gudde wëllleg,
All mir Männer dunn eis Flicht;
an eis Fraen, wéi onschélleg,
an eis Kanner ma keng Spicht.

Dann eis Kueben, o wat Englen!
An eis Stéiren, wéi gedam!
Bei Mauliesle si keng Benglen
néideg hei an och keen Zam.

All eis Arem sinn och glécklech
duerch hir Éier, an der Nout;
an eis Räich sinn do ablécklech,
wou et bénnt, mat engem Brout.

Nëmmesch geet bei d'Gléck hei gäipen
fir eng Knippche senges Gold,
net sech niddeträchteg näipen
duer, wou Dal're gi geschmolt.

Vill ze grouss sinn all eis lelen,
a kee Sieschter ass ze kleng.
Wien sech wëllt en Hellge wielen,
komm heihin, mer hunn eng Meng!

Wien sech wëllt Patréiner praffen,
alles steet voll Gammern hei!
A keng eenzeg vun de graffen
fénnt ee fir d'ganz Welt derbei."

Wi d'Kiermes du verbäi war,
du goungen heem dann d'Gäscht;
se kruten z'iesse mat sech,
d'Fra Ebel gouf e Läscht.

De Fuuss, seng Fra a Kanner
déi sétzen nu am Gléck:
de Renert denkt mat Freedon
un all seng Spichten zréck.



Et fénnt all Schloff a Schléffchen,
och ouni vill ze sichen;
an `t héiert, wou mir lauschtren,
`t gesait, wou mir blouss richen.

`t entgeet net liicht en Déier em,
`t gëtt seelen een em al,
kee Schelle ass sou líef em
wi deen a senger Fal.

Et schläift duerch Heck a Bëscher,
`t geet luusseg duerch de Flouer,
`t ka blosen aus ons d'Liewen
vu färe mat em Rouer.

`t ass staark als wi der Jomer
an huerteg wi der Donner:
Sollt Renert him entwëschen,
`t wir eppes wi e Wonner!"

- D'éi heiten Auszich aus dem Renert huet de Steve Karier gelies.

- D'Zeechnungen heidra si vum Här Prosper Colling, alias Cling. © De Fuuss am Krich vum Émile Colling, Luxemburger Marienkä-lender, 1978.

- D'éi dräi faarweg Biller goufen vum Roger Leiner 2002 fir d'Quinzaine Michel Rodange (26. Abrëll bis den 12. Mee) gezeechent, am Oprag vun der Gemeng Waldbëlgel.

Samschdeg, de 15. Juli 2017 ab 20.00 Auer

OF SCHLOSS VUN DEN 190-JOER FEIERLECHKEETE DËPPEFEST VIRUN DER GEMENG

Text: L.S. | Fotoen: Pierre Haas & Damaris Pletschette



Wéi een am Programm vun de Rodange-Feiere liese konnt, sollt Freides, de 14. Juli um 20.00 Auer ee Concert vun de Cojellico's Jangen an der Sportshal sinn, matten an der Ausstellung. Aus Krankheetsgrënn vun engem vun hire Sänger, huet dee Concert awer leider kuerzfristeg missen ofgesot ginn. Wat net ass, ka jo nach ginn an duerfir hoffe mir, datt mir lech dee Concert eng aner Kéier ubidde kënnen. Dem kranke Member vun de Cojellico's Jangen sief eng gutt Beserung gewünscht.

Am Verglach zur Afenhëtz déi Woch virdrun, huet een op désem 15. Juli scho missen eng kleng Wëllche matbrénge géint 20.00 Auer. Den Himmel hat sech gro agedeckt, mee keng Drëps sollt gefall kommen. D'Widersituatioun hat net dervun ofgehahan, datt etlech Leit de Wee op d'Dëppfest virun der Gemeng fonnt haten. Et sollt dëst op gewëss Weis d'Gebuertsdagsparty vum Nannetts Méchel sinn.

Scho vun Ufank Juli un, ass engem virun der Gemeng opgefall, datt néng Fuussefiguren, schéi faarweg gemoolt am Gemenegaart opgestallt gi waren. Déi Fiiss hunn direkt d'Opmiersamkeet op sech gezunn. Vill Leit si sech déi Gesellen ukucke komm. Autoen hunn esouguer stall gehahan, fir se genee ze kucken.

Déi néng Fiiss si jeeweils aus massivem Eechenholz geschnëtzzt gi vum Här Nuno Mafra vun der Natur- a Forstverwaltung, an dat mat enger klenger Motorsee. Dem Här Mafra a senger Verwaltung ee ganz groussen an häerzleche Merci fir déi néng Konschtwicker ! D'Eech staamt aus engem Gemengebësch an effektiv war et eng ganz al Eech vun em déi

180-190 Joer, passend zum Jubiläum. Et sief betount, datt dee Bam am Senn vun der Natur- a Forstverwaltung behandelt ginn ass !

Aacht Fiiss goufe vun de Schoulklassen aus de verschiddene Zyklen aus eiser Gemeng gemoolt. D'Kanner haten duerfir an all Klass ee Concours gemaach, wéi se de Fuuss kéinten undoen, nom Motto : *De Fuuss am Frack an a Maansgrësst*. Nodeems d'Kanner all ee Bild gemoolt haben, huet den Enseignant mat hinnen zesummen déi beschte Biller vun der Klass erausgesicht. Déi schéinste Biller vun all Zyklen goufen da vum Organisationscomité vun der Rodange Feier erausgesicht. Dobäi koum eraus, datt déi 8 Fiiss sollten als Batman, Prinzessin, Polizist, Sportsfuuss, Prisonéier, Bauer, de Fuuss am Frack an als Rockstar gemoolt ginn. All Fuuss ass mat enger Plaque versi ginn, mam Numm vum Wierk, der Kënschtlerklass an dem Joer 2017, dem 190. Gebuertsdag vum Michel Rodange.

Nieft der kënschtlerescher Aufgab, sinn d'Kanner awer och vun hiren Enseignanten informéiert ginn iwwert dem Michel Rodange säi Liewen an de Renert. Esou konnten d'Kanner op eng spilleresch Art a Weis mat eisem dichtege Poet a sengem Wierk *Renert* a Kontakt kommen. De Schoulkanner an eisen Enseignante sief op déser Platz ee ganz groussen an häerzleche Merci gesot fir deen Engagement a fir déi super schéi Fiiss! Ee Fuuss gouf net bemoolt. Dee bleibt am Gemenegaart stoen als Erënnerung un d'Feiere vun 2017.

Um Dëppfest, géint 21.00 Auer, sollten déi aacht Fiiss versteet gi fir ee gudden Zweck. An Ofsprooch mat den Enseignanten an de Kanner, hat den Organisationscomité decidéiert fir den integralen Erléis vun der Stee un d'Lederwon A.s.b.l. vu Betzder ze ginn. Dat ass déi Associatioun, déi d'offiziell Zeremonie vun der Rodange Feier mat hire Kutschen, Päerd a Memberen an ale Kleeder verschéinert haben. De Lederwon ass haapsächlech am therapeutesche Beräich mat behënnerte Leit aktiv. Si hunn duerfir eng speziell Kutsch, d'Huifbed, wou de Patient op enger Matt téscht d'Recker vun zwee Päerd geluecht gétt. Duerch d'Beweegung vun de Päerd, entsteet eng Aart dräidimensional Massage, déi e ganz berouegenden an entspanenden Effekt op schwéierbehënnert Leit huet. Mir waren eis deemno all eens, datt dëst ee würdegen Zweck wier!

Gegrills, Nannettscocktailen, zwee Gedrénkstänn, eng Danzpist a Live-Musek vum Ensemble *Säitesprong* hunn derfir gesuergt, datt vill Leit erbäikomm sinn, a sech gutt ameséiert kruten. D'Kanner haten hir Freed beim Spill, anerer hu ganz andächtig dem Säitesprong nogelauscht, déi um Ufank aus hiren eegene Lëtzebuergesche Kompositiounen virgedroen hunn, an duerno, méi spéit, an de Blues- a Rockberäich iwwergewiesselt sinn. An nees aner Leit waren an d'Gespréich verdéift oder hunn drop gewaart, datt d'Stee endlech sollt lassgoen.

Um 21.15 Auer huet de Robi Baden d'Bühn genutzt fir d'Reegele vun der Stee z'erklären. Déi ware séier verzielt. Deen, deen am héchste bitt, géif de Fuuss kréien. Dee Moment louch natierlech Spannung an der Luucht, an all Mensch huet sech gefrot, ob déi Fiiss iwwerhaapt - a wa jo - fir wéi vill Sue géife gesteet ginn? Et sief direkt gesot, datt all, awer och déi këngsten, Erwaardungen iwwertraff goufen. 17.250 € hunn déi aacht Fiiss erabruécht fir den Don! Dat ass een immenst Resultat, an alle Leit, déi letztendlech e Fuuss gesteet hunn, sief op déser Platz ee ganz groussen an häerzleche Merci gesot fir hier Generosité! Fir den Detail, hei d'Resultater vun den eenzelen Fiiss: Batman: 1.300 € ; Prinzessin: 950 €, Bauer: 1.850 €, Polizist: 1.350 € ; Sportsfuuss: 1.650 € ; Rockstar: 2.950 € ; De Fuuss am Frack: 3.500 € ; Prisonéier: 3.700 €. Dem Robi sief hei een häerzleche Merci gesot fir sain neit Talent an déi super Presentatioun!

Gedanzt, gejuckst, gepotert, gelaacht, giess a gedronk gouf no där spannender Stee bis no Hallefnuecht. Eis Veräiner hunn derfir gesuergt, datt alles gelaf ass. D'Pompjeeën um Grill a bei de Fritten, de Sang Mat Waldbëlleg-Haler/Beefort bei de Cocktailen, de Fussball an der Keess an d'Musek, d'Uergelfrënn Waldbëlleg an de Badminton Waldbëlleg op de Gedrénkstänn hunn eis all dee schéinen Owend realiséiert.

Um 01.00 Auer war alles gehahan. Dat war och gutt esou, well et war keng Drëps Béier méi do!

Alle Gäscht an alle Leit, déi deen Owend geplangt a realiséiert hunn, sief ee ganz groussen an häerzleche Merci gesot!

Entretemps sinn d'Fiiss all bezuelt ginn, an hunn eis am Tëschenzäit an hiert neit Doheem verlooss. Et sief gesot, datt ee vun de Waldbälleger Fiiss elo an Zukunft héchstwahrscheinlech an der Stad am Émweltministère seng nei Platz fanne wäert. A well de Fiisschen an d'Stad geet, mécht en dat och am Frack an a Maansgrësst !





Am Moment stinn d'Fiiss an der Wiss virum Hentgesbau.

Am Michel-Rodange-Féiwer

De Kanner hir Konschtwierker gi muer versteet

Waldbëlleg. Viru ronn 190 Jar ass de Michel Rodange zu Waldbëlleg op d'Welt komm.

Dat war fir déi Bëlleger Gemeng an fir d'Leit aus deene verschiddenen Uertschaften e Grond, fir dee Gebuertsdag anständeg ze feieren. Och d'Grondschool ass vun deem Féiwer ugestach ginn a si hum e wäertvollen Deel zu deene Feiere bägegroen.

Aus alrem Eechen-Holz huet de Feeschter mat senge Leit eng Serie Fiiss a Maansgréisst erausgeschnidden. D'Kanner aus der

Grondschool ware begeeschtert fir déi Fiiss faarweg ze machen.

Déi schéi Konschtwierker stinn am Moment an der Wiss virum Hentgesbau (Gemeng) a kënnen do bewonner ginn. Mee wat och flott ass: Muer 15. Juli, am Kader vum Dëppefest, ginn dës Fiiss owes ém 21 Auer versteet.

De Steepräis gëtt mat 750 Euro pro Fiiss ugesat, an all Konschtfriënd soll do matmaachen a versichen, Besëtzer vun esou engem Fiiss ze ginn.

Denis Dimmer via mywort.lu

D'BUCH IWVERT DE MICHEL RODANGE A SENG HEEMECHTSGEMENG

Text: Marc Barthelemy | Fotoen: GR-ink



Fir den 190. Gebuertsdag vum Nannetsméchel huet d'Gemeng Waldbëlleg e Buch erausbruecht:
De Michel Rodange a seng Heemechtsgemeng Waldbëlleg.

Doranner geet et iwwert de Michel Rodange a seng Wierker, iwwert d'Gemeng Waldbëlleg an och iwwert dem Michel Rodange säi Fils Albert Rodange, deen d'Pläng vum Pont Adolphe an der Stad gezeichnet hat.

D'Buch vun 310 Säiten ass publizéiert an enger *Série limitée*, mat engem haarden Deckel a Jacquette. D'Texter sinn op Lëtzebuergesch an op Däitsch.

> D'Buch kritt ee just op der Gemeng zu Waldbëlleg. Et kascht 40 Euro.

Et kann een d'Buch zu den Ëffnungszäite vun der Administratioun an d'Gemeng siche kommen oder via Telefon 83 72 87-21 oder Mail (gemeng@waldbillig.lu) bestellen.

D'Buch kann och ausserhalb vun der Gemeng verschéckt ginn. Do kommen da bei déi 40 Euro nach 7,20 Euro Frais d'envoi derbäi.

Wat steet am Buch dran?

D'Buch gëtt ageleet mat engem Virwuert vum Här Premier- a Kulturminister a vum Här Staatssekretär fir Kultur. Dono kënnt e Bréif un eisen dichtegste Waldbëlleger vum Här Buergermeeschter.

De Michel Rodange gëtt da virgestallt mat sengem Liewen a Wierk. Dat gëtt an de Kontext gesat vun der politescher Situatioun vu Lëtzebuerg am 19. Jorhonnert, déi ganz beweegt war an de Michel Rodange wéi wuel all Lëtzebuerger staark interesséiert a beonrouegt huet, virun Allem, wéi den hollännesche Kinnek-Groussherzog Lëtzebuerg ém en Hoer un de franséische Keeser Napoleon den Drëtten verschachert hat an eist Land et just dem Bismarck ze verdanken hat, datt et net definitiv franséisch gouf.

Am Buch si Reportagen dran iwwert d'Feieren zu Waldbëlleger, 1926 mat enger bemierkenswärter Ried vum Batty Weber, 1951 direkt nom Krich virum nei opgebaute Gebuertshaus, 1977 mat dem famouse gëllene Buch an 2002 mat enger Quinzaine fir den 175. Gebuertsdag vum Nannettsméchel.



Waldbëlleger gëtt ausféierlech presentéiert, mat all den Uertschaften aus der Gemeng.

Da ginn déi Texter ofgedréckt an ausféierlech kommentéiert, an deenen de Michel Rodange iwwer Waldbëlleger an de Mëllerdall geschriwwen huet. De Michel Rodange huet säi ganzt Liewe laang un sengem Heemechtsduerf an der Ëmégéigend gehaangen an huet dacks driwwer geschriwwen. Och am Renert kommen d'Dierfer aus der Gemeng an eng Partie Plaze vir, d'Hiergerbuerg, den Haarthaff, de Jomerdall ... An da sinn och dem Michel Rodange seng Texter iwwert de gedde Prénz Hari a seng Fra, d'Prinzessin Amelia, hei alleguer zesummen ofgedréckt.

Den Albert Rodange gëtt virgestallt, de Fils vum Michel Rodange, dee Joerzéngte laang Chefingenieur vun den éffentleche Bauten zu Lëtzebuerg war an d'Pläng fir déi Nei Bréck an der Stad gezeichnet hat, ier hien de franséischen Ingénieur Paul Séjourné virun d'Nues gesat krut. Déi Bréck gouf eng zweet Verbindung téscht der Uewerstad an dem Quartier vun der Gare, an enger Zäit, wou d'Stad no dem Zweete Londoner Vertrag vun 1967 an der Schläifung vun der Festung sech rapid ekonomesch an infrastrukturell entwéckelt an ausgebreitet huet. Déi ofgedréckte Pläng an Artikele weisen datt „... entre 1899 et 1903, le Luxembourg s'est fait construire par Séjourné un des derniers 'vieux ponts' et a raté l'occasion de s'offrir un des premiers 'ponts neufs' de la technique du béton en n'écoutant pas son ingénieur A. Rodange.“

D'Buch ass konzipiert a geschriwwen vu Marc Barthelemy, Marcel Ewers a Jean-Luc Schleich, mat Bäitrag énnert anere vu Romain Hilgert, Cornel Meder, Roger Muller Bernard Neis a Pierre Wies.

Et sinn nach Exemplairen op der Gemeng ze kréien.



190 JOER MICHEL RODANGE D'COCKTAILER VUM FEST, DE BRANNTEWÄIN AN D'KNIPPERCHER.

Text: L.S. | Fotoen: Denis Dimmer, Pierre Haas & jls

An de Sëtzunge vum Organisatiounscomité vum Mäerz 2016 bis an de Juli dést Joer sinn eng Hellewull vun Iddie presentéiert, diskutéiert, nees verworf a schlussendlech realiséiert ginn. D'Jacqueline Penning, als fréier Professech aus dem Dikrecher Lycée technique hôtelier Alexis Heck, huet natierlech nach émmer déi kulinaresch Oder bai behalen, an esou koum d'Iddi op fir Knippercher mat Nougatfällung an Cocktailler fir d'Fest maachen ze loosen. Ech ginn zou, datt mir nawell zu e puer méi skeptesch waren, wat d'Realisation dovunner ugaangen ass, mee mir sollte Lige gestrooft ginn.

30 Kilogramm Knippercher si verkaf ginn, souwuel déi mat Neelchesbirendrépp an der Nougatfällung dran, wéi déi ouni Drépp dran. D'Jacqueline kennt de Beséutzer vun Au Chocolat vu Klierf, an do hu se eis déi lackeleg Déngelcher gemaach. Um Ufank duechte mer: a wéi solle mer dann 30 Kilogramm Knippercher verkaf kréien? Ma, se ware schon all fort, du war d'Fest nach net gehalen! Bis op dee leschte Maufel ausverkaf! Déi, déi se genoss hunn, wäerten déi Exklusivitéit nawell net esou séier vergiessen.



Véier Zorte Branntewäin hat den Organisatiounscomité maache gelooss: ee Kirsch, eng Neelchesbiren, ee Kraiderlikör an ee Pätterchen (Kraiderdrépp). Eise Grafikstudio huet eng schéin Étiquette gemaach an d'Distillerie Edourad Lies vu Waldbëlleger huet de Schnorres geliwwert. Eenzel oder an der kompletter Serie goufen déi Halleflëschfläschchen ugebueden. Et ass eng Série limitéee, déi just fir d'Fest gemaach gouf. Och do ass Näischt méi do!



Dem Jacqueline seng Iddi fir Cocktailler maachen ze loosen op Basis vun Neelchesbirendrépp huet natierlech dem Faass vun Iddien de Buedem ausgeschloen am positive Senn. A well mir jo skeptesch sinn, wéi scho virdru gesot, wollte mir eis natierlech Näischt op de Programm setzen am Organisatiounscomité, wat net anstänneg virdru geschmaacht gouf. Gesot, gemaach! Zu enger klenger Delegatioun ware mir zu eiser puer eng Kéier Samsch-des Moies an d'Hotelsschoul, wou mir vun engem ganz gentile Barmann, dem Här Elie Clément, därier Mixturen ze schmaache kruten. Him sief op dëser Plaz een häerzleche Merci gesot! No intensivem Mëschen um Bar vun der Hotelsschoul, koume letztendlech déi dräi Cocktailen eraus, wou Dir d'Rezepter hei hannendrun fannt. *De laangen Nannetts* (Longdrink), *de kuurzen Nannetts* (Short Drink) an een *Nannetts ouni Alkohol*. Wéi déi Déngelcher schmaachen, dat beschreiwen ech lech hei net. Et kann lech némme rodien, et einfach mol ze probéieren! Passt awer op wann ech gelift: si sinn immens gutt, behalen awer hier Wierkung! Eis Delegatioun war frou, wéi se sech deemoos no der Hotelsschoul mat engem Maufel stärke konnt, éier et heem gaangen ass. Mir haten och extra den Ingenieur vun der Gemeng, de Filipe Soares,



matgeholl, fir eis de Wee fir heem ze berechnen. Souguer ee Reporter vum Wort, den Dimmesch Denis, war extra komm, fir dee memorabele Moien am Bild festzehalen a virunzeginn. Dat hätt eis jo soss kee geglueft, wat mir do Samschdes Moies maache gaange sinn.

Rezepter :

Kuerzen Nannetts:

3cl Neelchesbirendräpp ; 2,5cl Grand Marnier ;
1 cl sirop de Noisette ; 3 dash chocolate Aztee
Feebrothers.



Langen Nannetts:

3 cl Neelchesbirendräpp ; 1 cl sirop de caramel ;
2,5cl liqueur Abricot brandy ; 8cl jus de poire.

Nannetts ouni Alkool:

1,5 cl jus de citron (Pulco) ; 1cl grenadine ; 5cl jus d'orange ;
5cl jus d'ananas ; 4 cl Schweppes agrumes.

Prost !

OF SCHLÉISSEND FIR D'FEIERLECHKEETEN VUN 190 JOER MICHEL RODANGE ...

Text: L.S.

... well ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir verschidde Leit, Organisatiounen, Veräiner a.s.w. ee ganz groussen an häerzleche Merci ze soen, fir déi vill an exzellent Aarbecht, déi si geleescht hunn, fir, datt de Programm, wei den Organisatiounskomitee e geplangt hat, konnt esou super realiséiert ginn. Ouni sie all wier dat guer net méiglech gewiescht!


Ech wëll ee ganz groussen an häerzleche Merci soen

- un alleréischter Platz dem Jacqueline Penning an dem Ernest Wagner fir déi véier fantastesch Ausstellungen, déi si an der Gemeng an de leschte Joren geplangt a realiséiert hunn! Dat verdéngt ganz grousse Respekt! Si hunn sech zénter méi wéi dräi Joer mat vill Häerzblutt an d'Geschicht vun eiser Gemeng erageknéit, an do eng enorm wichteg Aarbecht geleescht! D'Sammele vu Fotoen a Material vu fréier huet si enorm vill Zäit an Energie kascht. Duerch hiren Asaz kann awer elo ee Stéck vun der Geschicht vun der Gemeng, schéi katalogiséiert a sortéiert, un déi nächst Generatiounen viru gereecht ginn!



- ganz perséinlech dem Théo Moulin fir seng Ënnerstëtzung zu all Moment vun där Rees, seng Leidenschaft a säi grouss Talent!

- dem Marc Barthelemy an dem Marcel Ewers fir déi schéin Experienz mat hinne fir ee Buch ze gestalten. Si sinn richteg Spezialisten an deem wat si maachen, an et ass eng grouss Freed fir mech gewiescht!



- alle Kolleginnen a Kollege vum Organisatiounskomitee dem Marc Barthelemy, dem Marcel Ewers, dem Théo Moulin, dem Ann Penning, dem Jacqueline Penning, dem Tom Sutor an dem Ern Wagner! Vu Mäerz 2016 bis Enn Juli 2017 hate mir eis zesummen op eng Rees gemaach, déi no 14 Deeg Feierlechkeeten op een Enn gaangen ass. Et ass wierklech eng Freed gewiescht, wei schéin, harmonesch an onkompliziéiert mir matenee schaffe konnten. Jiddere vun lech huet geschafft ewéi ee Päerd, keen Dag, keng Auer war ze spéit an ongezielt sinn all déi Stonnen, déi Dir fir des Feierlechkeeten investéiert hutt vun Ärer Fräizait. Vun Häerze MERCI! Dir sidd einfach TOP, TOP, TOP!!!

- dem Här Premier- a Kulturminister Xavier Bettel an dem Här Staatssekretär Guy Arendt fir hire Patronage an Ënnerstëtzung vun de Rodange-Feierlechkeeten!

- dem Ginette Diederich, dem Claudine Van Cleemput-Salmom, dem Marc Van Cleemput, dem Josée Moulin, dem Marianne Moulin, dem Jacqueline Wagner-Agnes an dem Marie-Anne Weydert fir hir vill a super Aarbecht an Ënnerstëtzung virun, während an no der Ausstellung „Et war eemol ... zu Waldbelleg“! Ouni iech all wier Villes net méiglech gewiescht!

- Dem Germaine Goetzinger fir hir super Konferenz iwwert de Rodange (cf. Säiten 301-325 an déser Publikatioun) an dem Steve Karier fir seng onvergiesslech Liesung aus de Gesäng vum Renert!

- dem Edmond Schintgen fir déi schéi Filmer, déi eis Deeler vun der Geschicht vun eiser Gemeng nees lieweg gemaach hunn.

- dem Damaris Pletschette, dem Jemp Origer, dem Dennis Dimmer a speziell och dem Pierre Haas fir déi super Fotoen vun de Feierlechkeeten. Dat si ganz schéin Erënnerungen!
- De Kollege vum Triage forestier vu Konsdref fir hir exzellent Aarbecht an Ënnerstëtzung!
- dem Nuno Mafra vun der Natur- a Forstverwaltung fir d'Schnëtze vun deene wonnerschéinen 9 hélze Fiiss!
- dem Pit Scholtes vun der Entreprise Scholtes vu Beefort fir seng super Hëllef a léif Ënnerstëtzung!
- der Administratioun an den technesche Servicer vun eiser Gemeng, déi immens gutt a vill fir d'Geléng vun de Feierlechkeeten geschafft hunn. Ouni hiren Asaz, och vill ausserhalb vun hirer Déngschtzäit, wier dat Fest net esou schéi ginn!
- de Veräiner aus eiser Gemeng, déi mat selleche Membere gehollef hunn, fir, datt déi Feierlechkeeten iwwerhaapt émgesat gi konnten. Hir Hëllef, hiren Asaz, an hir Bereetschaft fir nach schéin aner Aktivitéiten am Kader vun de Rodange-Feieren ze maachen, huet dat ganzt Fest schéin ofgeronnt! Ech sinn houfreg drop, esou Veräiner an der Gemeng ze hunn!
- eisen Enseignanten, déi mat hire Schüler déi hélze Fiiss esou super gemoolt hunn, an déi d'Schüler och esou gutt iwwert de Michel Rodange an d'Bild gesat hunn!
- der Nationalbibliothéik, den Nationalarchiven, dem nationale Literaturcenter, grad wéi alle Privatleit an Associationen, déi eis Dokumenter a Saache fir d'Ausstellung geléint an zur Verfügung gestallt hunn!
- der Association Lederwon vu Betzder, déi d'Rodange-Feier mat hire schéine Kutschen a Päerd verschéinert huet. Hire Responsabelen a Memberen drécken ech meng grouss Sympathie aus a mäi Respekt fir hir wichteg Aarbecht mam Huijbred!
- dem Elie Clément aus der Hotelsschoul vun Dikrech fir déi gutt Cocktailler, déi en eis gemixt huet!
- der Presse fir hir gentil Publikatiounen iwwert eis Fest, a besonnesch dem Denis Dimmer, deen émmer vill a gutt iwwert d'Manifestatiounen an eiser Gemeng informéiert!
- dem Robi Baden fir déi super Stee vun de Fiiss, an alle Leit, déi ee Fuuss fir de gudden Zweck gesteet hunn! Den integralen Erléis vu 17.250 € geet un d'Association Lederwon vu Betzder!

• alle Virgängerinnen a Virgänger, sief et aus der Gemeng oder den Organisationskomiteen, déi op eng super Aart a Weis hiert derzou báigedroen hunn, datt schon 1926, 1951, 1977 an 2002 d'Erënnerung un eisen Nanette Méchel héichgehale gouf!


• alle Leit, déi bei eis op d'Feierlechkeete komm sinn, an déi eis gesot hunn, datt si ee puer schéi Momenter zu Waldbéllieg erliewe konnten! Och alle Leit ee ganz häerzelche Merci gesot, déi dës Feierlechkeeten direkt oder indirekt énnerstëtzzt hunn!

• dem Lynn Weydert vu GR-ink vun Hiefenech fir seng exzellent Aarbecht!

• alle Jugendlechen a Kanner déi sech fir d'Geschicht vun eiser Gemeng an dem Land interesséieren an un de Feierlechkeete vum Michel Rodange deelgeholl hunn!

• a last but not least ganz besonnesch där Persoun, déi ech hei an der Opzielung onglécklecherweis, awer ganz bestëmmpt onbewosst vergiess sollt hunn!

PLAZEN, WOU EEN HAUT DE MICHEL RODANGE AN DE RENERT FËNNNT



	rue Michel Rodange
	place Michel Rodange
	rue Renert
	Camping
	Schoul, Lycée, Maison relais
	Café

UERTSCHAFTEN, DÉI AM RENERT ERNIMMT SITT





FOTO | PIERRE HAAS

ENG BICHERSAIL VIRUN DER GEMENG

Text: Marc Barthelemy | Fotoen: jls

Op Initiativ vun der Kulturkommissiou huet d'Gemeng Waldbëlleg eng **Bichersail** virun der Gemeng opgestallt. Si huet d'Form vun enger Telefonskabinn an ass vum Roby Baden konzipiert ginn.

Si gouf den 8. Juli vum Premier- a Kulturminister Xavier Bettel ageweiit, zesumme mam Buergermeeschter Jean-Luc Schleich, a Präsenz énnert anerem vun der Ministesch Carole Dieschbourg, vun der Direktesch vun der Nationalbibliothéik Monique Kieffer an dem Direkter vum nationale Literaturarchiv Claude Conter. Dat geschouch am Kader vun der offizieller Feier fir den 190. Gebuertsdag vum Michel Rodange. Et ass méi wéi adequat, datt um Dag vum Nationaldichter net némmen e Panneau als Erënnerung un hien, mee och eng Platz zugonschte vun de Bicher a vum Liese geschafe ginn ass.

Déi Bichersail ass d'Waldbëlleger Variant vun engem Mouvement, deen sech zanter zwee Joerzéngte weltwáit ausbreet. Et geet drëm, datt de Lieser gebrauchte Bicher net ewechpucht, mee se mat Hëlfel vun engem effentleche Bicherschaf virugétt.

Esou en **effentleche Bicherschaf** ass eng Zort Schaf oder Box am effentleche Raum, an deem Bicher versuergt ginn, fir datt jiddereen se anonym, gratis an ouni Formalitéite léinen oder tausche kann.

D'Iddi vun den éischten effentleche Bicherschaf geet op d'Enn vun den 1990er Joren zréck. Si gouf vu verschidde Kënschtler am Kader vun Installatiounen entwéckelt, wou de gratis Bicher e politesch geduechten



Akt waren, fir d'Bildung an Demokratiséirung vun der Sociétéit.

Enn der 1990er Joeren goufen et zu Darmstadt an zu Hannover éischt kostenlose Freiluft-Bibliotheken.

2002 krut d'Designerin Trixy Royeck an engem renomméierte Concours zu Bonn e Präis fir esou en effentleche Bicherschaf. Doropshin huet de Konzept sech verbreet, an Däitschland, an Éisterräich an an der Schwäiz.

An Däitschland ass de Phenomen natierlech och genee studiéiert ginn, vun der Universitéit Bonn¹ an och Erfarungsberichter sinn disponibel². De System huet sech dobäi als bemierkenswäert erfolgräich Alternativ zu de Librairien, de klassesche Bibliothéiken an esouguer den Internetbutteker erwisen.

Den Escher Bicherschaf als éischt Bicherschaf zu Lëtzebuerg steet zanter 2013 zu Esch-Uelzecht virum Stadhaus. Mëttlerweil ginn et därf Schief oder Bicherboxen, dacks och als Telefonssail konzipiert, a villen Uertschaften, z. B. an der Stad op der Theaterplaz, zu Dikrech an zu Ettelbréck.

An anere Länner vun Europa kann ee Public bookcases um site www.openbookcase.org fannen, dee fir eist Land der allerdéngs just an der Stad an zu Esch ugétt. An den USA fénnt een Little Free libraries, vun deenen déi éischt 2009 zu Hudson am Wisconsin opgericht gouf. Informationen ginn et um Site www.littlefreelibrary.org

wou een och esou e Bicherschaf kafe kann, wann een net selwer ee wéllt bastelen. Et gi véier Modeller vun 275 bis 995 Dollar.

Wéi fonctionnéiert eis Bichersail?

Et ass ganz einfach : Jiddwereen dierf sech zu jidder Zäit e Buch oder Bicher eraushuelen a mat heem huelen, ouni iergendeng Verpflichtung.

- Et gëtt keng Virschrëft.
- Et kann een d'Bicher halen oder zréckbréngen.
- Et ass recommandéiert, Kanner net alleng do gewäerdeen ze loessen, well d'Bicher net drop gepréift sinn, datt se fir Kanner géeegent sinn.

Jiddwereen dierf och Bicher dra stellen, esou laang Plaz ass:

- Wann ech glift just Bicher a gudden Zoustand.

- Keng pornografesch oder extremistesch Bicher.

Jiddweree soll selwer fir Uerdnung an der Bichersail suergen, d'Regaler geraumt halen, futtis Bicher ewechpuchen,

D'Membere vun der Kulturkommissiou kucken eemol d'Woch no der Bichersail. Si hunn den éischte Stock u Bicher gestallt, fir d'Sail ze fällen. Och d'Nationalbibliothéik huet eng ganz Partie Bicher gestéft fir do dranzestellen - wann dee Stempel an engem Buch dran ass, dann ass dat OK an et huet net einfach een e geléintent Buch net erëmginn.

Wann net méi genuch Bicher dra stinn, suergt d'Kulturkommissiou fir nei Exemplairen. Bicher déi eng Zäit laang net fortkommen, ginn erausgeholl.

Vill Spaass beim Sichen a Liesen!



¹ Kerstin Hilt, Sandra Bichler, Olga Reger, Michael-Burkhard Piorkowsky: Der „Poppelsdorfer“ Bücherschrank – Ein merkwürdiges Versorgungssystem – Kurzfassung der Ergebnisse des Projekts „Das Nutzungsverhalten am Poppelsdorfer Bücherschrank“ 18. Januar 2011.

² Ulrike Klopp: Bonner „Gemeinschaftsmöbel“ – Studienobjekt: Offener Bücherschrank als soziales System. In: *forsch/Bonner Universitäts-Nachrichten* 2/2009, S. 27

² Bürgerstiftung Bonn: *Ihre Geschichten für den Bücherschrank – Zum 10. Geburtstag der Bürgerstiftung Bonn*. auf der Website der Bürgerstiftung Bonn

ADMINISTRATION COMMUNALE DE WALBILLIG

1, rue André Hentges
L-7680 Waldbillig
TEL.: 83 72 87
FAX: 83 77 89
www.waldbillig.lu

Heures d'ouverture

du lundi au vendredi de 7.30 h à 12.00 h
le mardi de 7.30 h à 12.00 h et de 13.30 h à 17.00 h
le jeudi de 7.30 h à 12.00 h et de 13.30 h à 19.00 h

Collège échevinal

*tel. 83 72 87
fax. 83 77 89*
Jean-Luc Schleich
jean-luc.schleich@waldbillig.lu
Andrée Henx-Greischer
andree.henx-greischer@waldbillig.lu
Serge Boonen
serge.boonen@waldbillig.lu

Secretariat

Martine Dimmer
secretariat@waldbillig.lu
tel. 83 72 87-22
fax. 83 77 89

Population

Kim Ruppert
gemeng@waldbillig.lu
tel. 83 72 87-21
fax. 83 77 89

Recette

Pit Beckené
recette@waldbillig.lu
tel. 83 72 87-23
fax. 83 77 89

Service technique

Fernand Huss
tel. 87 81 90
gsm. 691 469 414
service.technique@waldbillig.lu

Service bâtisses

Filipe Soares
batisse@waldbillig.lu
tel. 83 72 87-27
fax. 83 77 89

Service forestier

Théo Moulin
theo.moulin@anf.etat.lu
tel. 26 78 47 10

Arrondissement Centre Est
tel. 80 33 72

Services de secours

Police Echternach
tel. 24 472 - 200
Police Grevenmacher
tel. 49 977 - 500

POLICE: 113

FIRST RESPONDER, AMBULANCE & POMPIERS: 112

Bâtiments communaux

Hall Sportif à Waldbillig
tel. 87 88 46 51
Heringer Millen Mëllerdall
tel. 87 89 88
Veräinsbau à Christnach
tel. 87 83 39

Maison Relais

Réception
tel. 87 88 46 41

Joëlle Leuchter
tel. 87 88 46 54

Ulli Saathoff
tel. 87 88 46 40

Divers

Bummelbus
tel. 26 80 35 80

Office social régional à Larochette
tel. 26 87 00 23

Maison médicale
tel. 247-85 634

Recycling Center Junglinster
tel. 26 78 32-1



EE GROUSSE MERCI!

Matgeholléf un déser Nummer vum „DE FUUSS“ hunn:

d'Lynn Weydert, d'Martine Dimmer, d'Andrée Henx-Greischer, d'Joëlle Leuchter, d'Sandra Thinnens, d'Isabelle Koster-Oberlé, d'Annette Klein, de Nico Schlammes, de Ronny Thill, de Filipe Soares, de Fernand Huss, d'Kim Ruppert, den Denis Dimmer, de Pierre Haas, de Camille Goedert, den Théo Moulin, de Jean-Léo Dugast, d'Anette Preiter, de Marc Barthelemy, de Marc Thiel, d'Joyce Petry, de Robi Baden, d'Soraya Speidel, d'Aline Larosch, d'Chiara, de Karim, de Pol, d'Liz, d'Sandy, d'Jessica, d'Linda, de Finn, de Marc, d'Mia, d'Angie, d'Lou, de Rodrigo, de Gil, de Noah, de Sam, d'Charlotte, de Leo, d'Loriane, d'Leia, de Yannick, de Fabio P. an de Fabio G. aus dem Cycle 3, d'Lynn Marchal, d'Leyla Barthelemy, de Kevin Richard, d'Zoé Schitz, d'Jana Azzeri, d'Lucie Massen, d'Maëlle Da Silva Freitas, de Bryan Weis, den Ermal Hodza, d'Anne-Sophie Luis, d'Maureane Moulin, d'Amélie Huynh, d'Simone Mehlen-Wohl, de Nico Mehlen, de Max Müller, de Gabe Stevens, de Michi Mehlen, den André Dos Santos, de Laurent Schaack, de Luc Schmit, de Clement Steffen, den Henry Wickens, d'Chantal Albert, d'Mireille Majeres, d'Danielle Mehlen, d'Chantal Meyers, de Marco Kimmes, den Etienne Molitor, den Tom Meyers, d'Danielle Baden, de Charles Reiser, de Claude Hansen, d'Liz Henx, de Jonathan Thill, de Roland Wagner, d'Annick Reinert, d'Jaqueline Penning, de Marcel Ewers, d'Irène Ney-Lorang, de Marc Barthelemy, de Jemp Origer, d'Damaris Pletschette, d'Mireille Haas, de Serge Boonen an de Jean-Luc Schleich.

Ee grousse Merci de Veräiner fir hir Publikatiounen den dësem «DE FUUSS»:

Badminton Waldbëlleg
Elterevertrieder Waldbëlleg
Club des Jeunes Christnach
Chrëstnecher Fraën
Haler Leit déi een Don gemaach hunn fir ee gudden Zweck
Schülerparlament vu Waldbëlleg
Kulturkommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg
DT Fiels/Haler
AMC Chrëstnech
Elterevereenégung aus der Gemeng Waldbëlleg
FC Olympia Chrëstnech / Waldbëlleg
Jonk an Al Gemeng Waldbëlleg
Mëllerdaller Männerchouer
Chorale St. Cecile Chrëstnech
S.I.S. Waldbëlleg an d'Jugendpompjeeën aus der Gemeng Waldbëlleg
Sang Mat Waldbëlleg-Haler
Turnverän "Ëmmer Fitt" Chrëstnech
Uergelfränn Waldbëlleg
Waldbëlleger Musék


Ee grousse Merci geet och un d'Spillschoul, d'Grondschoul an d'Maison Relais fir hir Publikatiounen.

Info: den Inhalt, an d'Orthographie vun den Artikelen gouf nüt emgeännert. D'Auteuren, respektiv d'Veräiner zeechnen verantwortläch fir hir Publikatiounen.

Editeur : Gemeng Waldbëlleg

Gestaltung : GR-ink

Drock: Imprimerie Centrale .





WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG